SPROOCHIDEOLOGIEN AN DÉI DISKURSIV KONSTRUKTIOUN VU SPROOCHBEDROHUNG ZU LËTZEBUERG

Selbstännegkeetserklärung

Heimat versécheren ech, Myriam Hartmann, datt ech dës Aarbecht selbstänneg verfaasst an och keng aner wéi déi gekennzeechent Quelle benotzt hunn. All déi Wierker, déi benotzt, zitéiert oder mat agebaut goufen, si kenntlech gemaach ginn.

Lëtzebuerg, den 12. November 2018 Myriam Hartmann

Myriam HARTMANN
candidate-formatrice d'adultes am Institut National des Langues

Sproochideologien an déi diskursiv Konstruktioun vu Sproochbedrohung zu Lëtzebuerg

Lëtzebuerg 2018

Abstract

D'Lëtzebuerger Sprooch ass Géigestand vun enger lieweger Diskussioun ëm hir Positioun an hir Roll an deem multilingualen Ëmfeld zu Lëtzebuerg. Dës aktuell Sproochendebatt gëtt souwuel vun Akteuren aus dem politeschen a wëssenschaftleche Beräich, wéi och vu Privatpersoune gefouert. Et geet hei ënnert anerem ëm d'Vitalitéit vum Lëtzebuergeschen, ëm säi Status, ëm Norméierungsfroen, souwéi ëm d'Funktioun vun der Lëtzebuerger Sprooch als Integratiounsfacteur an d'Lëtzebuerger Gesellschaft. Dës Perceptioune vun der Sprooch an hirer Funktioun an der sozialer Welt bezeechent d'Fuerschung als *Sproochideologien*. All Mënsch huet gewësse Wäertvirstellungen, wat de Sproochgebrauch an enger Gesellschaft betrëfft, an äussert dës op ënnerschiddlech Manéieren. Dësen Travail de candidature beschäftegt sech mat der Fro, wat fir Meenunge lëtzebuergesch an auslännesch Bierger a Privatpersounen zu dëser Sproochendebatt hunn, an ob d'Lëtzebuerger an d'Auslänner eventuell konträr Usiichte vertrieden.
Am Fall vum Lëtzebuerger Sproochendiskurs ass d'Angscht ëm d'Iwwerliewe vum Lëtzebuergeschen ee Beispill vun enger prominenter Sproochideologie. Déi steigend Nofro fir Lëtzebuergeschcoursen an déi héich Zuel un Aschreiwunge beweisen allerdéngs de Géigendeel. Dësen Travail de candidature ënnersicht dowéinst weider, wat virum Hannergrond vum Diskurs ëm d'Bedrohung vun der Lëtzebuerger Sprooch d'Motivatioun vun den net-luxembourgophone Bierger ass, fir Lëtzebuergesch ze léieren.

Fir dës Fuerschungsfro beäntweren ze kënnen, goufe siwen Interviewe mat Lëtzebuerger an Auslänner gemaach. D'Method, déi fir d'Auswäertung vum Interviewmaterial benotzt gouf, ass déi vun der diskursanalytescher Toposanalys. Hei geet et drëm, rekurrent Themen an déi ënnerschiddlech Argumentatiounsmusteren aus den Aussoe vun deene befrote Persounen erauszefilteren, z'analyséieren an ze kategoriséieren.
Dës Aarbecht besteet deemno aus zwou grousse Partien. D'Kapitelen 2 bis 4 bilden deen theoreteschen Deel, während d'Kapitel 5 dee prakteschen Deel duerstellt.

An der Fuerschung huet sech d'Diskursanalys als adäquat Method etabléiert, fir Sproochideologien an engem iwwergeuerdente Sproochendiskurs z'ënnersichen. Fir déi ugewannte Method verstoen ze kënnen, definéiert dat zweet Kapitel d'Konzepter *Diskurs* a *Sproochideologien*.

De Lëtzebuerger Sproochendiskurs ass historesch gewuess an ass nëmmen aus enger soziopolitescher Perspektiv eraus nozevollzéien. Dat drëtt Kapitel beschreift dofir déi Lëtzebuerger Sproochesituatioun

souwuel diachron (eng historesch Siicht), wéi och synchron (e Schnëtt duerch déi akutell Situatioun). Ofschléissend gëtt den aktuelle Sproochendiskurs ënnersicht.

Am véierte Kapitel ginn d'Datenerhiewung, d'Informanten an d'Analysemethod virgestallt. Déi siwen Interviewen hunn tëschent 45 Minutten an enger Stonn gedauert a goufen integral transkribéiert (cf. Annexe II).

Dee praktesche fënneften Deel presentéiert d'Resultater vun der Analys. Aus den Aussoe vun den Informante konnte vill rekurrent Ideologien an Argumentatiounsmusteren erausgeschafft an als sougenannten *Topoi* paraphraséiert a kategoriséiert ginn. D'Kapitel 5 ënnerdeelt sech an dräi gréisser Bléck. Den éischten Deel behandelt d'Fro no der Motivatioun vun deenen auslännesche Participanten. D'Argument vun der Openthaltsdauer zu Lëtzebuerg, Froe vun der Identitéit an der Integratioun, souwéi d'Dimensioune vu Respekt an engem gewësse Flichtgefill vis-à-vis vun de Lëtzebuerger sinn d'Haaptideologien, déi erausgeschafft goufen. Am zweeten Deel geet et drëm, wéi de Gebrauch vum Lëtzebuergeschen am Alldag vun de Interviewpartner ausgesäit. Besonnesch interessant sinn hei d'Aussoen zum Sproochwiessel an enger Kommunikatiounssituatioun tëschent engem Lëtzebuerger an engem Auslänner, dee vu béiden Informantegruppen ënnerschiddlech erlieft a beschriwwe gëtt. Deen drëtten a leschten Deel geet op d'Zukunftsvisiounen am Hibléck op d'Vitalitéit an d'Roll vun der Lëtzebuerger Sprooch an. Konkret Fuerderunge fir d'Opwäerte vum Lëtzebuergesche goufen a Bezuch op d'Educatioun an déi allgemeng Visibilitéit an der Gesellschaft formuléiert.

Inhaltsverzeechnes

KAPITEL 1: ALEEDUNG 9

KAPITEL 2: THEORETESCHE KADER 13

2.1. De Begrëff *Diskurs* an d'Diskurslinguistik 13

2.2. Sproochideologien 16
2.2.1. Fënnef Dimensiounen 17
2.2.2. Beispiller vu Sproochideologien 18

KAPITEL 3: FUERSCHUNGSKONTEXT LËTZEBUERG 23

3.1. Soziolinguistesch Beschreiwung vu Lëtzebuerg 23
3.1.1. D'Konstruktioun vun enger Nationalsprooch 23
3.1.2. Medial Diglossie 26
3.1.3. Lëtzebuergesch, eng Ausbausprooch 29
3.1.4. Déi legitim multilingual sproochlech Kompetenz 31
3.1.5. Rezent Entwécklungen 33

3.2. Diskurser iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch 34
3.2.1. Sproochbedrohung: Global vs. lokal Orientéierung 35
3.2.2. Akteuren, Prozesser, Perspektiven 36
3.2.3. Beispill: d'Campagne *Sproocheronn.lu* 41

KAPITEL 4: KORPUS A METHOD 45

4.1. Datenerhiewung 45

4.2. Informanteprofil 48

4.3. Linguistesch Diskursanalys 49
4.3.1. Diskursanalytesch Method 49
4.3.2. Toposanalys 50
4.3.3. Intratextuell Analys 52

KAPITEL 5: AUSWÄERTUNG VUN DEN DONNÉEËN 53

5.1. Motivatioun 53
5.1.1. Raum an Zäit: Territoire- an Openthaltsdauertopos 53
5.1.2. Identitéit an Integratioun 59
5.1.3. Respekt a Flicht 63

5.2. Gebrauch a Präsenz vum Lëtzebuergeschen am Alldag 65
5.2.1. Schrëftlechkeet 65
5.2.2. Mëndlechkeet 68
5.2.2.a. Kontakt 68
5.2.2.b. Sproochcommunautéiten 70

5.2.2.c. Sproochwiessel 71
5.2.2.d. Effort, Respekt a Sympathie 77

5.3. Zukunft **80**
5.3.1. Konkurrenz zu anere Sproochen a Kulturen 80
5.3.1.a. D'Méisproochegkeet als Nodeel 80
5.3.1.b. Angscht virun "Überfremdung" 84
5.3.2. Schoul 88
5.3.2.a. Schoulsystem 89
5.3.2.b. Erwuessenebildung 91
5.3.3. Fazit: Fir méi Visibilitéit 92

KAPITEL 6: CONCLUSIOUN 95

KAPITEL 7: BIBLIOGRAPHIE 101

ANNEXE I: INTERVIEWLEETFUEDEM 107

Sproochbiographie, Kompetenz a Gebrauch **107**

Schoul zu Lëtzebuerg **107**

Gesellschaft an Integratioun **107**

ANNEXE II: TRANSKRIPTIOUNE VUN DEN INTERVIEWEN 109

V51w **109**

T49m **113**

M43w **120**

E61w **126**

M44w **134**

G61m **141**

P58m **148**

Kapitel 1: Aleedung

Lëtzebuerg huet eng Gesamtbevëlkerung vu 602.005 Awunner, wouvun 48% Persounen ouni Lëtzebuerger Pass sinn (STATEC 2018). Dës Koexistenz vu Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger féiert zu enger grousser linguistescher Heterogenitéit. D'Soziolinguistik beschreift d'Lëtzebuerger Sproochesituatioun als medial Diglossie, an där déi dräi offiziell Landessprooche Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch net nëmmen an enger Relatioun vu funktionaler Distributioun zuenee stinn, mee bei där d'Medium Schréftlechkeet oder Mëndlechkeet eng decisiv Bedeitung huet (cf. Fehlen 2009). Obwuel Lëtzebuergesch vill op der Aarbechtsplaz, an der Schoul an/oder doheem gebraucht gëtt, spillt Franséisch déi wichtegst Roll als Kommunikatiounsmëttel tëscht Lëtzebuerger an Awunner vun aneren Nationalitéiten, wéi och mat Frontalieren. An engem Kontext vun engem héije Migratiounstaux gëtt de Phänomen vun der gesellschaftlecher Méisproochegkeet dacks als Bedrohung fir d'Lëtzebuerger Sprooch duergestallt, a populär Diskurser, déi d'Lëtzebuerger national Identitéit éischter mat Monolingualismus (nëmme Lëtzebuergesch) wéi mat Multilingualismus a Verbindung bréngen, stiechen ervir (Horner/Weber 2008). Fuerschungsaarbechten iwwer Texter aus de Medien (Horner 2005, 2007b, 2009a, 2009b) a Lieserbréiwer (Horner 2007a; Horner a Weber 2010) weisen, datt et Tendenze ginn, fir d'Lëtzebuergescht als eng bedreete Sprooch ze konstruéieren (cf. den ‚discourse of endangerment') (Duchêne/Heller 2007; Horner/Weber 2010).

Am Kader vu menger Aarbecht als Enseignante am Institut National des Langues (INL) sinn ech mat der Tatsaach konfrontéiert, datt d'Demande no Lëtzebuergeschcoursen enorm grouss ass a ganz vill Persoune sech a Lëtzebuergeschcoursen aschreiwen.[1] D'Fuerschungsfroen, déi dee virleienden Travail de candidature stellt, sinn déi no der Motivatioun vun dëse Leit, Lëtzebuergesch ze léieren, no hirem ausserschoulesche Gebrauch vun dëser Sprooch, a virun allem no hiren Astellunge vis-à-vis vum Lëtzebuergeschen. Ech hu mech fir dëse Grupp vun Akteuren an der Sproochendebatt decidéiert (an net beispillsweis fir de politeschen Diskurs), well besonnesch d'Net-Lëtzebuerger seelen zu Wuert kommen an am Sproochendiskurs net direkt matabezu ginn.

D'Fuerschungszil läit deemno doran, d'Fro ze beäntweren, ob konkurréierend Sproochideologien an der Lëtzebuerger Gesellschaft koexistéieren an e Sproochkonfliktpontential a sech droen. D'Aarbecht fokusséiert dobäi déi diskursiv Konstruktioun vum Lëtzebuergeschen als bedreete Sprooch (Horner a

[1] Den Institut National des Langues huet am Schouljoer 2016/17 am Ganze 710 Coursen an aacht verschiddene Sproochen (Franséisch, Lëtzebuergesch, Däitsch, Englesch, Spuenesch, Italienesch, Portugisesch a Chinesesch) ugebueden. Vun insgesamt 13.255 Inscriptioune waren et 3.814 Aschreiwungen am Lëtzebuergeschen. Mat 28.8% steet Lëtzebuergesch domat hannert dem Franséischen (5.020 Aschreiwungen resp. 37.9%) un zweeter Stell an ass dat zweet gréisst Departement am INL.

Weber 2010) a setzt se a Relatioun zu der Motivatioun vun deene Leit, déi „trotz allem“ Lëtzebuergesch léieren.

Bis elo gouf just ganz wéineg face-to-face-Fuerschung iwwer metalinguistesch Diskurser ënnert Lëtzebuerger bedriwwen. Virum Hannergrond vun där heterogener Bevëlkerung vu Lëtzebuerg kann ee sech allerdéngs net just op déi autochthon Populatioun limitéieren. Dësen Travail de candidature konzentréiert sech dofir souwuel op Lëtzebuerger, wéi och op Awunner mat aneren Nationalitéiten, a wëll domat net nëmmen eng nei Perspektiv op d'Sproochendebatt ginn, mee och eng Fuerschungslück fëllen. Et ass eng diskursanalytesch Etude, déi op der Basis vun Interviewen ënnersicht, wat fir eng Opfaassung Laien (d.h. Net-Linguisten) vu Sprooch an der Gesellschaft an am alldeegleche Liewen hunn. D’Erfuerschung vun de Participanten hire Sproochideologien erlaabt et, déi aktuell Konstruktiounsprozesser vum Status vum Lëtzebuergeschen a sengem multilinguale Kontext ze beschreiwen.

D’Fuerschungsfroe si folgend:

- Wat fir Sproochideologië ginn et an de Participanten hire metalinguisteschen Diskurser?
- Wéi beschreiwen d’Participanten de Status vum Lëtzebuergeschen? Enthalen dës Aussoen, ënnert anerem, Aspekter vum *discourse of endangerment*?
- Wat fir Motivatiounen an Interessie leien hannert dësen Ideologien?
- Ginn et konträr Sproochideologien tëscht Participantë mat verschiddenen Originnen?

Dësen Travail de candidature ass folgendermoossen opgebaut:

Am zweete Kapitel ginn d'Konzepter *Diskurs* a *Sproochideologien* definéiert, an et gëtt erkläert, a wat fir enger Hisiicht d'Diskurslinguistik sech mat hirer Method eegent, fir Sproochideologien aus sproochlechen Äusserungen erauszefilteren an z'analyséieren.

Am Kapitel 3 steet de Fuerschungskontext Lëtzebuerg mat senger spezifescher Sproochesituatioun am Mëttelpunkt. Vu datt de Lëtzebuerger Sproochendiskurs historesch gewuess ass, kann en nëmmen a sengem historeschen, soziopolitesche Kontext verstane ginn. Dat drëtt Kapitel mécht dofir fir d'éischt en historeschen Exkurs an ënnersicht, wéi Lëtzebuergesch vun engem Dialekt zum Status vun enger Nationalsprooch mat engem héijen identitäre Symbolwäert gewuess ass. Zweetens gëtt déi soziolinguistesch Situatioun vu Lëtzebuerg beschriwwen a rezent sproochpolitesch Entwécklunge ginn ëmrass. Drëttens beliicht dëst Kapitel déi ënnerschiddlech Diskursstréng an Ideologien, déi zesummen den Diskurs iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch bilden. Hei knäppt dee prakteschen Deel vun dëser Aarbecht un, an deem gekuckt gëtt, op wat fir eng Manéier sech Deeler vum allgemenge Sproochendiskurs an de spezifeschen Aussoe vun den Interviewten erëmfannen a wéi genee si hir Ideologië verbaliséieren.

Dat véiert Kapitel presentéiert d'Datenerhiewung duerch Interviewen, den Informanteprofil an d'Auswäertungsmethod vum Interviewmaterial. Dësen Travail de candidature ass eng empiresch a qualitativ Aarbecht, déi Sproochideologien unhand vun der Diskursanalys erfuerscht (Blommaert 2005; Gee 2011). An engem éischte Schrëtt goufen dofir Participantë gesicht, déi zum Zäitpunkt vum Interview an engem Cours am INL ageschriwwe waren: Dräi Participantë mat der Lëtzebuerger Nationalitéit aus dem Cours *Zertifikat Lëtzebuerger Sprooch a Kultur*, a véier Participantë mat enger anerer wéi der Lëtzebuerger Nationalitéit aus engem reguläre lëtzebuergesche Sproochecours.
D'Date goufen unhand vu siwe problemzentréierten Interviewe gewonnen. Den Interviewleetfuedem, deen et mir als Interviewerin erlaabt huet, dat relativ ongezwongend a fräit Gespréich zumindest deelweis ze steieren, gouf am Virfeld ausgeschafft a getest. De Leetfuedem huet sech op d'Themegebitter Sproochkompetenz a –gebrauch, souwéi Schrëftlechkeet a Mëndlechkeet konzentréiert. En huet ee vun de Schwéierpunkten op sproochbiographesch Aspekter an Entwécklunge geluecht, huet sech mat der Fro no Chancen a Grenze vun der gesellschaftlecher Méisproochegkeet am konkrete Fall vu Lëtzebuerg beschäftegt an huet d'Thema Lëtzebuergesch als Integratiounsfacteur ugeschwat.
An engem drëtte Schrëtt goufen d'Donnéeën unhand vun der linguistescher Diskursanalys an am Spezielle vun der Toposanalys ausgewäert. Dës Methoden eegene sech gutt, fir Argumentatiounsmusteren, Themefelder, Metapheren, de Gebrauch vu Pronomen (z.B. am Kontext vun der Fro: Benotzen d'Participanten de ‚mir vs. si-Diskurs'?), etc., z'analyséieren.

Dat fënneft Kapitel bilt dee prakteschen Deel vun der Aarbecht, an deem d'Resultater vun der Datenauswäertung virgestallt ginn. Dräi Ënnerkapitele strukturéieren d'Presentatioun: De Punkt 5.1. beschäftegt sech mat der Fro no der Motivatioun vun den auslännesche Befroten, fir Lëtzebuergesch ze léieren, ënner 5.2. ginn de Gebrauch an d'Präsenz vum Lëtzebuergeschen am Alldag vun de Participanten ënnersicht, an de Punkt 5.3. behandelt d'Zukunftsperspektiven, sou wéi konkret Fuerderunge fir sproochpolitesch Moossnamen am Hibléck op d'Opwäertung an d'Förderung vun der Lëtzebuerger Sprooch.

Dat sechst Kapitel liwwert d'Conclusioun vun der Recherche a faasst d'Erkenntnesser zesummen.

Kapitel 2: Theoretesche Kader

2.1. De Begrëff *Diskurs* an d'Diskurslinguistik

Souwuel am alldeegleche wéi och am wëssenschaftleche Sproochgebrauch schéngt den inflationäre Gebrauch vum Begrëff *Diskurs* enger Moud nozegoen (cf. Warnke 2007: 3; Spitzmüller/Warnke 2011: 1). Et handelt sech heibäi ëm en Terminus, deen am fréie 16. Joerhonnert aus dem Mëttelfranséischen *discours* an déi däitsch Sprooch entlehnt gouf (cf. Warnke 2007: 3). A senger Bedeitung vu „Verkéier, Ëmgang, Gespréich“ huet de Begrëff sech am Ufank op e wëssenschaftlecht Gespréich bezunn, éier en ab dem 17. Joerhonnert als Synonym vu „Conversatioun“ gebraucht gouf. Eng massiv Bedeitungsverännerung a Bezuch op dëse Gebrauch vollzitt sech an der zweeter Hallschent vum 20. Joerhonnert, wou d'Substantiv eng Bedeitungsverschibung matmécht a sech vun engem Wuert aus der alldeeglecher Bildungssprooch zu engem theoretesch opgeluedenen Terminus vun de Geeschtes-wëssenschaften entwéckelt (cf. ebd.). Kloerheet vermëttelt de Begrëff allerdéngs och aktuell net, well e mat verschiddene Richtungen aus de Literatur-, Sprooch- a Kommunikatiounswëssenschaften an Zesummenhang bruecht gëtt. Déi ënnerschiddlech Bedeitunge vum Begrëff *Diskurs* an de Geeschtes- a Kulturwëssenschaften sollen op dëser Plaz awer net weider ausgefouert ginn.

Iwwer den amerikanesche Strukturalismus fënnt den Terminus an den 1950er Joeren Agang an d'Sproochwëssenschaft, wou en als transphrastesch Eenheet, also als eng sprooochlech Äusserungsform, déi iwwer de Saz erausgeet, verstane gëtt. Dës nei linguistesch Notioun vun Text verbënnt den Diskursbegrëff mat engem eenzeltextbezunnene Verständnis, dat sech am Laf vun der zweeter Hallschent vum 20. Joerhonnert op mëndlech Kommunikatiounsforme beschränkt (cf. Warnke 2007: 4). Op dëser Plaz gëllt et z'ënnersträichen, datt déi virleiend Aarbecht sech net op den englesche Begrëff *discourse* „in the sense of spontaneous face-to-face social interaction through language“ (Garrett et al. 2003: 5) berifft, datt den Term also net als Bezeechnung fir d'Analys vun der geschwatener Sprooch gebraucht gëtt, mee datt se sech um Diskursbegrëff nom Foucault, wéi e vun der germanistescher Linguistik rezipéiert an entwéckelt gouf, orientéiert.

Nieft anere Persounen, wéi dem Michel Pêcheux, ass de Michel Foucault net deen eenzegen Theoretiker, op dee sech déi verschidde Vertrieder vun enger linguistescher Diskursanalys beruffen, mee en ass awer bei wäitem deen aflossräichsten an deen, deen am heefegsten zitéiert gëtt (cf. Spitzmüller/Warnke 2011: 75). A sengem Wierk *Archäologie des Wissens* (1969) ëmräisst hie säi Konzept folgendermoossen:

> Diskurs wird man eine Menge von Aussagen nennen, insoweit sie zur selben diskursiven Formation gehören. (Foucault [1969]1981: 170)

Ënnert engem *Formationssystem* versteet de Foucault „ein komplexes Bündel von Beziehungen [...], die als Regel funktionieren“ (Foucault 1981: 108). Dës Reegelen ëmfaassen Objeten, Praktiken a Begrëfflechkeeten, déi d'Fro beäntwerten, duerch wéi eng Praktiken Äusserungen an engem Diskurs duerch wie formuléiert kënne ginn (cf. Arendt 2010: 22). Den Diskurs faasst deemno all déi Aussoen zesummen, déi sech explizit oder implizit mat engem globalen Thema beschäftegen. De Foucault interesséiert dobäi d'Relatiounen, déi tëscht dësen Aussoe bestinn, wéi och d'Viraussetzungen, ënnert deenen se entstinn (cf. Sarasin [5]2012: 64).

D'Linguistik huet sech, besonnesch am Verglach mat aneren Disziplinnen wéi beispillsweis der Philosophie, eréischt relativ spéit mam Diskursbegrëff auserneegesat an dem Foucault säin Diskurskonzept fir hir eege Fuerschungszwecker fruchtbar gemaach. Dem Foucault seng Theoremer kënnen net onverännert an d'Sproochwëssenschaft iwwerdroe ginn, soudatt säin Diskurskonzept als methodologeschen Ausgangspunkt fir eng eegestänneg, linguistesch orientéiert Diskursanalys fungéiert (cf. Spitzmüller 2005: 33).
Dem Foucault seng Aarbecht un engem Diskurskonzept ass an den 1960er Joeren ze veruerten, an enger Zäit, an där de Strukturalismus d'Richtung vun der Linguistik virginn huet. Nodeems sech d'Sproochwëssenschaft ugangs nëmme mat de Konzepter Phonem, Morphem, Lexem a Syntax beschäftegt huet, gouf d'Fach eréischt Enn vun den 1960er Joeren ëm d'Eenheet *Text* erweidert (vgl. Spitzmüller 2005: 34). Déi sougenannten Textlinguistik beschäftegt sech engersäits mat der Fro, wéi d'Eenheet 'Text' bestëmmt, klassifizéiert a vun aneren Textzorten ofgegrenzt ka ginn (cf. Linke et al. [5]2004: 242). Anerersäits ënnersicht d'Textlinguistik de Bau an d'Struktur vun Texter, se analyséiert déi sproochlech Bauelementer, déi en Text konstituéieren, se freet dono, wéi déi eenzel Elementer systematesch zesummenhänken a wéi se zu Texter verbonne ginn (cf. ebd.). D'Textlinguistik huet hir Froestellung dobäi bestänneg weiderentwéckelt. Vun engem grammatesch-strukturalisteschen Textverständnis huet sech d'Fuerschung hiren Textbegrëff iwwert e semanteschen hin zu engem situativen a kommunikativ-funktionalen Textverständnis ausgebaut (cf. Linke et al. [5]2004: 287). Déi rezentste Fuerschungstendenze setzen sech mam Verhältnis tëscht Text an den (Neien) Medien auserneeen, se berücksichtege kulturell Komponenten an den Texter, se bezéien d'Kognitiounsfuerschung mat an, a se stellen Text an Diskurs a Relatioun zueneen. Déi linguistesch Diskursanalys baséiert deemno op der Opfaassung, datt den Text net déi gréissten Eenheet duerstellt, mee datt en an eng méi grouss, iwwergeuerdent Eenheet agebett ass. Den Text gëtt domat zum Bestanddeel vun engem oder vu méi Diskursen. Déi grondleeënd Erkenntnis, déi d'Linguistik am Kader vun dësen Entwécklungsprozesser vum Foucault iwwerholl huet, ass déi textiwwergräifend Dimensioun vum Diskurs (cf. Warnke 2007: 6).

Déi linguistesch Modifizéierung vum Foucault'schen Diskursbegréff geet op Busse an Teubert (1994) zréck an op hir Fro, ob Diskurs iwwerhaapt e sproochwëssenschaftlechen Objet ass (cf. Faulstich 2007: 250; cf. Stukenbrock 2007: 213). Hei gëtt de Begréff Diskurs als Bëndel vun Texter ëmrass, an deene Participantë vun enger historesch-sozial konkreter Gesellschaft iwwer en Thema debattéieren (cf. Busse/Teubert 1994: 14; cf. Faulstich 2007: 250). D'linguistesch Diskursanalys geet, an Ulehnung un de Foucault, dervun aus, datt Texter am ëffentleche Raum thematesch a funktional matenee vernetzt sinn. Hir Analys weist, wéi duerch d'Sprooch dat ëffentlecht Bewosstsinn, an op déi Manéier déi gesellschaftlech Wierklechkeet geschafe gëtt (cf. Gardt 2007: 28). Den Andreas Gardt iwwerdréit domat dem Foucault säin transtextuellen Diskursbegréff op d'Linguistik an definéiert e folgendermoossen:

> Ein Diskurs ist die Auseinandersetzung mit einem Thema,
> – die sich in Äußerungen und Texten der unterschiedlichsten Art niederschlägt,
> – von mehr oder weniger großen gesellschaftlichen Gruppen getragen wird,
> – das Wissen und die Einstellungen dieser Gruppen zu dem betreffenden Thema sowohl spiegelt
> – als auch aktiv prägt und dadurch handlungsleitend für die zukünftige Gestaltung der gesellschaftlichen Wirklichkeit in Bezug auf dieses Thema wirkt. (Gardt 2007: 30)

Den Term *Diskurs* benennt an deem Sënn d'Netz vun allen an enger Gesellschaft méiglechen Aussoen zu engem bestëmmten Thema (Linke et al. [5]2004: 290). Zentral fir den Diskurs ass déi gesellschaftlech Dimensioun, déi verschidden Akteuren ervirbréngt an duerch déi den Diskurs gedroe gëtt. En Diskurs enthält net nëmmen d'Wëssen iwwer ee bestëmmtent Thema, mee e refletéiert och gesellschaftlech Perspektiven, Normen, Interessen a Muechtverhältnisser (cf. ebd.). Wat fir déi „zukünftige Gestaltung gesellschaftlicher Wirklichkeit“ (Gardt 2007: 30) gëllt, ka gläichermoossen an der Zäit no hanne projezéiert ginn, soudatt den Diskurs a sengen historeschen, wéi och sozial bedingten, inhaltlechen a formale Strukture gräifbar gëtt. De Lexikon der Sprachwissenschaft faasst de Begréff Diskurs als

> eine Menge von inhaltlich zusammengehörigen Texten oder Äußerungen, die nicht [...] in einer realen Gesprächssituation verknüpft sind, sondern ein intertextuelles „Gespräch“ in einer Kommunikationsgemeinschaft bilden. (Bußmann [4]2008: 141)

De Schwéierpunkt läit an dësem Zitat um Konzept vun der Intertextualitéit, dat heescht op den thematesche a begréffleche Bezéiungen, déi tëscht deenen eenzelnen Äusserunge bestinn. Op engem iwwergeuerdenten Niveau refletéiert den Diskurs deemno bestëmmte Mustere vun der kommunikativer Praxis vun enger Gesellschaft.

Déi linguistesch Diskursanalys gräift bei der Theoriebildung éischtens op Modeller zréck, déi schonn an anere linguisteschen Deeldisziplinnen, wéi der analytescher Sproochphilosophie oder der Sprechakttheorie, etabléiert sinn. Zweetens benotzt d'Diskursanalys bei hirer Ënnersichung e genuin linguistescht Methodeninstrumentarium, andeems se beispillsweis d'Argumentatiounsanalys oder d'Metapherefuerschung matabezitt. Drëttens gëtt ervirgehuewen, datt d'Diskursanalys duerch d'Beschäftegung mat linguisteschen Objeten zum Problemkomplex vum Sproochwandel, souwéi zu

den Themeberäicher Sproochastellungen, Sproochideologien, Sproochbewosstsinn, Sprooch-mentalitéiten oder zur Sproochwëssenschaftsgeschicht bäidroe kann.
No dëser allegemenger theoretescher Definitioun vum Begrëff Diskurs kommen ech am Kapitel 4 op déi konkret Ëmsetzung vun der diskursanalytescher Method bei der Auswäertung vu mengen Donnéeën zréck.

2.2. Sproochideologien

An deene leschte Joerzéngten hu sech Sproochideologien zu engem prominente Fuerschungsgebitt vun der Soziolinguistik an der linguistescher Anthropologie entwéckelt. Ideologie ass e Konzept, dat schwéier ze bestëmmen ass, an et existéiert effektiv eng grouss Bandbreet un Definitiounen, déi vill verschidden Opfaassungen a Fuerschungsapprochen ëmfaassen, respektiv déi sech heiansdo souguer widderspriechen. Am Allgemenge gëtt *Ideologie* als Ensembel vun Iwwerzeegungen, Wäerter an Astellungen definéiert, déi e Persounegrupp deelt an déi dëse Leit hëllefen, de Sënn vun der Welt ze verstoen (cf. Kremer 2017: 68). Bei de Sproochideologië geet et deemno ëm de Leit hir Perceptiounen an Astellungen zur Sprooch an hirer Bezéiung zur resp. hirer Funktioun an der sozialer Welt (cf. Schieffelin/Woolard 1998; Kroskrity 2000; Irvine/Gal 2000; Franziskus 2013). D'Kathryn Woolard definéiert *Sproochideologien* als "representations, whether explicit or implicit, that construe the intersection of language and human beings in a social world" (Woolard 1998: 3). De Jean-Jacques Weber schreift:

> language ideologies are the cultural systems of ideas and feelings, norms and values, which inform the way people think about languages in a stereotypical manner. (Weber 2009: 115)

Sproochideologië sinn deemno ee soziaalt Phenomen, bei deem et ni just ëm d'Sprooch geet. All Sproochgebrauch gëtt zwangsleefeg duerch Sproochideologië geformt. Eng an Europa wäit verbreeten Ideologie ass beispillsweis d'*standard language ideology* (cf. Milroy/Milroy 1999; Horner 2007b; Franziskus 2013; Horner/Weber 2018). Dës Ideologie huet hiren Ursprong an der Entwécklungszäit vun den europäeschen Nationalstaaten (wéi och d'*one nation - one language ideology*, cf. Kapitel 2.2.2.) a berout op der Opfaassung, datt et just eng "richteg" Form vun der Sprooch gëtt, nämlech déi kodifizéiert Standardvarietéit vun der Nationalsprooch. De Prozess vun der Standardiséierung muss aus enger historescher Perspektiv eraus verstane ginn: Wat fir eng Varietéit Standard gëtt, hänkt vu soziopoliteschen Entwécklungen of an huet näischt dermat ze dinn, datt eng Sprooch vun hirer Struktur oder Wiesensaart enger anerer iwwerleeë wier, wéi vu Puristen dacks ugeholl gëtt. Et existéiert deemno en direkte Lien tëscht der Entwécklung vu standardiséierte Sproochen an der Politik vun Natiounebildung.

2.2.1. Fënnef Dimensiounen

De Kroskrity (2004: 501ff.) versteet Sproochideologien als e Cluster vu fënnef Dimensiounen, déi matenee verbonne sinn a sech géigesäiteg ergänzen. Dës Bedeitungsdimensioune sinn (1) d'Interessie vu Gruppen oder individuelle Persounen, (2) d'Villfalt vun Ideologien, (3) d'Bewosstsinn vun de Spriecher, (4) d'Vermëttlerfunktioun vun Ideologien, an (5) d'Roll vu Sproochideologië bei der Identitéitsbildung. An deene folgenden Abschnitter ginn dës fënnef Punkte kuerz beschriwwen.

1) *language ideologies represent the perception of language and discourse that is constructed in the interest of a specific social group*

Dës éischt Dimensioun beseet, datt Sproochideologië mat ënnerschiddlechen Interessien zesummenhänken, resp. datt Sproochideologië Perceptioune vu Sprooch an Diskurs representéieren, déi am Interessi vun engem spezifesche soziale Grupp gebilt ginn. Sozial Gruppe vertriede gewësse Sproochideologien, well se hire sozialen, ekonomeschen, sproochlechen (an aneren) Interessien déngen an dës legitiméieren. Sproochideologien droen op dës Manéier aktiv derzou bäi, déi sozial Realitéit ze formen a Spaltungen tëscht de Gruppen a sozial Exklusioun ze förderen. Sproochideologien hänken deemno enk mat Muecht zesummen. Ee Beispill dofir, wéi dominéierend Sproochideologien zu sozialer Exklusioun bäidroen, ass d'Ideologie vun der Standardsprooch (*the standard language ideology*), déi dervun ausgeet, datt bestëmmte Sproochvarietéiten anere Varietéiten iwwerleeë sinn.

2) *language ideologies are profitably conceived as multiple*

An engem selwechte soziale Grupp existéiere vill ënnerschiddlech Sproochideologien. Dës Ideologië si multipel, d.h. datt se net eenheetlech oder onverännerlech sinn. Ausserdeem kann eng individuell Persoun vill verschidden an zuenee widderspréchlech Ideologien hunn, wann dëst hiren Interessien déngt. Wann een also vun der Multiplicitéit vu Sproochideologien ausgeet, kann een novollzéien, wéi et méiglech ass, datt innerhalb vun engem Grupp konkurréierend oder géigeleefeg ideologesch Positiounen nieftenee bestoe kënnen. Am Kontext vu Lëtzebuerg ass déi villfälteg Natur vu Sproochideologië besonnesch bedeitend, well am Hibléck op déi gesellschaftlech Méisproochegkeet zwou ënnerschiddlech ideologesch Orientéierunge coexistéieren: déi monolingual Identifikatioun mat der Lëtzebuerger Sprooch op där enger Säit an d'Identifizéierung mat där trilingualer Situatioun (Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch) op där anerer Säit (zwou Identifikatiounsstrategien: cf. Horner 2007a:; cf. Kapitel 2.2.2.).

3) *members may display varying degrees of awareness of local language ideologies*

Drëttens seet de Kroskrity, datt de Bewosstsinnsgrad iwwert déi eege Sproochideologien individuell ganz ënnerschiddlech ka sinn. Während déi eng hir Astellungen explizit artikuléieren, si sech déi aner

hiren Ideologië manner (oder och guer net) bewosst, wat bedeit, datt dës Sproochideologien implizit bleiwen a (vum Fuerscher) aus dem Sproochgebrauch erausgelies gi mussen.

4) *members' language ideologies mediate between social structures and forms of talk*

Mat dëser véierter Dimensioun ass gemengt, datt bestëmmte Sproochformen oder e spezifesche Sproochgebrauch als "typesch" fir bestëmmte Persounen oder sozial Gruppen ugesi ginn.

5) *language ideologies are productively used in the creation and representation of various social and cultural identities (e.g. nationality, ethnicity)*

Fënneftens beschreift de Kroskrity d'Roll vu Sproochideologië bei der Bildung vu sozialen a kulturellen Identitéiten. Sproochideologien hunn en Afloss drop, wéi Spriecher sech selwer an engem Grupp positionnéieren, wéi se vun aneren ageuerdent ginn a wéi se hir ethnesch, national an aner sozial Identitéite konstruéieren (cf. Weber 2009).

Nodeems d'Kapitel 2 bis zu dësem Zäitpunkt déi theoretesch Grondlage vun dëser Recherche allgemeng presentéiert huet, geet d'Ënnerkapitel 2.2.2. méi am Detail op d'Roll vun de Sproochideologië fir dës Analys an.

2.2.2. Beispiller vu Sproochideologien

Et ginn eng Parti Sproochideologien, déi als wäit verbreet an dominéierend a westleche Gesellschafte gëllen (cf. Weber 2009: 115ff.).[2] Am folgende ginn e puer Beispiller opgezielt, déi vu Bedeitung fir dës Aarbecht sinn.

Eng ganz dominant an aflossräich Sproochideologie ass d'Ideologie vun *eng Natioun - eng Sprooch (the one nation - one language ideology)*, déi dem Natiounebildungsprozess an der westlecher Welt zugronn läit. Dës Identifikatioun vun enger Sprooch mat engem Vollek staamt aus der däitscher Romantik vum spéiden 18. Joerhonnert a geet op dem däitsche Philosoph Johann Gottfried Herder seng Charakteriséierung vu Sprooch als "Genius" vum Vollek zréck (cf. *Abhandlung über den Ursprung der Sprache* (1772)).

D'Sue Wright analyséiert an hirem Buch *Community and Communication* (2000) déi historesch Entwécklung vun ethnolinguisteschem Nationalismus an erkläert dem Herder seng Opfaassung:

[2] De Jean-Jacques Weber (2009) ënnersicht folgend Sproochideologien: the social hierarchy of languages, the standard language ideology, the purist ideology, the one nation - one language ideology, the mother tongue ideology, the "monolingualism is natural" ideology.

> the ancestral language of a people was essential to its continued well-being, that it was a collective achievement and, thus, the means of accessing the group's authentic core. It ensured the group's cohesion and identity both in the present and into the future. (Wright 2000: 15)

Den Herder stellt d'Sprooch als Inkarnatioun vum Wiese vum Vollek duer. Et handelt sech deemno ëm eng Sproochideologie, déi eng direkt Bezéiung tëscht Sprooch an Natioun hierstellt an d'Leit zu der Iwwerzeegung bréngt, datt e monolingualen Nationalstaat d'Norm ass.

Am Fall vu Lëtzebuerg huet sech dës Sproochideologie zur Zäit vum Krich géint den Napoleon (Enn 18. - Ufank 19. Joerhonnert) verbreet, wou et eng Beweegung géint Franséisch als Sprooch vum Feind a vum Adel gouf.[3] E wichtege Moment an der Entwécklung vun dëser Ideologie ass ee Joerhonnert méi spéit dem Regierungschef Paul Eyschen seng Ried am Kader vun der Aweiung vum Dicks-Lentz-Monument op der Plëss den 11. Oktober 1903. Hie benotzt Biller vum mënschleche Kierper, fir d'Sprooch duerzestellen:

> Ons Sproch, dat ass d'Muerech an de Schanken, 't ass d'Blutt an onsen Oderen [...]
> Ons Sprooch, dat ass dem Vollek säi Geescht [...]
> Ons Sprooch, dat ass d'Lëtzebuerger Hierz [...]
> (Eyschen zitéiert an orthographesch ugepasst no Welter 1938: 161)

Dës Metapheren déngen dozou, déi liewenswichteg Funktioun vun der Sprooch fir den Zesummenhalt vun enger Sproochgemeinschaft duerzestellen. Den Eyschen vertrëtt domat eng Geschichts-opfaassung,

> déi gepräägt ass vun der Ideologie: ee Staat – eng Natioun – eng Sprooch, eng Ideologie, an där d'Sprooch d'Natioun resp. d'Vollek verkierpert. D'Nationalgemeinschaft géif op gemeinsam Virfaren zeréckgoen, eng Verbindung, déi duerch d'Blutt erhale gëtt, dat et reng ze hale gëllt, genausou wéi d'Sprooch. (Fehlen: www.kulturgeschicht.lu)

Déi historesch Dimensioun, souwéi d'Virstellung, datt d'Sprooch éiweg ass, dréckt de Riedner folgendermoossen aus:

> ons Sprooch, dat ass den alen hellegen Eechebam: Keng Mënschenhand huet e geplanzt, zënter dausend Joer gruewe sech seng Wuerzelen an onst Land. (Eyschen zitéiert an orthographesch ugepasst no Welter 1938: 160)

D'Metapher vum Bam a senger fester Verwuerzelung am Buedem vermëttelt d'Iddi, datt d'Sprooch net nëmme fest un ee Vollek, mee och un ee Staat an domat un een Territoire gebonnen ass. Interessanterweis fënnt sech dës Virstellung och an den Aussoe vun de Participantë vun dëser Etude. Si ginn am Kapitel 5.1.1. als sougenannten *Territoiretopos* analyséiert.

D'Virstellung, datt eng Persoun eng bestëmmte Sprooch beherrsche muss, fir d'Nationalitéit vun engem Land ze kréien, geet op dës Ideologie vun *eng Natioun - eng Sprooch* zréck. Och heimat verbonnen ass de Lien tëscht Sprooch an Identitéit, d.h. wien eng bestëmmten national Identitéit huet, ass och capabel, d'Nationalsprooch ze schwätzen. Horner/Weber (2008: 111) nennen dëst eng

[3] Fir eng Duerstellung vun der Sproochgeschicht: cf. dem Fernand Fehlen säi Bäitrag op kulturgeschicht.lu.

essentialistesch Siichtweis, déi de Lien tëscht Sprooch an ethnescher Identitéit als "natierlech" konstruéiert.

Am Kontext vun der Lëtzebuerger Nationalstaatlechkeet definéieren d'Kristin Horner (2007) an Horner/Weber (2008) zwee Type vun nationalen Identifikatiounsstrategien:

> (1) monolingual identification with the Luxembourgish language, and
> (2) trilingual identification with the three languages recognised by the law of 1984 - Luxembourgish, French and German. (Horner/Weber 2008: 85)

Op där enger Säit gëtt et déi monolingual Identifikatioun mat der Lëtzebuerger Sprooch an op där anerer Säit d'Identifizéierung mat där trilingualer Situatioun, déi sech aus deenen dräi Sproochen Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch konstituéiert. Während déi monolingual Sproochidentitéit dem ethnesche Modell vun der Natioun entsprécht, steet déi dräisproocheg Identifikatioun fir "the civic model of the nation, and positivist discourses." (ebd.) Déi éischt Hiweiser op dës linguistesch Identifikatiounsmierkmoler ginn et an Texter aus dem spéiden 19. a fréien 20. Joerhonnert (cf. Spizzo 1995) a se existéieren och ëmmer nach an aktuellen Diskurser (cf. Kapitel 3).

D'Virstellung vun enger sozialer Hierarchie tëscht Sproochen ass eng weider Ideologie, déi sech op d'Diskussioun *Sprooch versus Dialekt* bezitt (cf. Weber 2009: 115f.: *the social hierarchy of languages*). Am Kader vun dëser Aarbecht gräift dës Ideologie manner am Sënn vun enger "Sprooch", déi engem "Dialekt" iwwerleeën ass, mee éischter am Hibléck op de Status, deen d'Participanten deene verschiddene Sproochen zu Lëtzebuerg zouschreiwen. Interessant sinn an dësem Kontext Bezeechnunge wéi "Nationalsprooch" oder "offiziell Sprooch".

Zwou weider Sproochideologië bezéie sech op déi gesellschaftlech Méisproochegkeet. Eng verbreete Perceptioun ass déi vu *multilingualism as a problem* (Weber 2009). Dës Sproochideologie ka souguer d'Virstellung verbreeden, datt Multilingualismus eng Gefor oder en Obstakel fir den Zesummenhalt vun enger Natioun duerstellt. Eng monolingual, monoethnesch a monoreliéis Gesellschaft gëllt dodergéint als Norm an natierlechst Gesellschaftsform: "multilingualism is an obstacle for social and national integration into a coherent nation-state." (Blommaert/Verschueren 1998: 206).

D'Lëtzebuerger Sproochesituatioun gëtt effektiv dacks als "komplex" oder "komplizéiert" duergestallt.[4] Am Kontext vu Lëtzebuerg gëtt dës Sproochideologie gär op déi auslännesch Residenten an op d'Frontaliere bezunn, déi als Gefor fir d'Lëtzebuerger Sprooch duergestallt ginn. Während de gesellschaftleche Multilingualismus also am Laiendiskurs als Problem gesi gëtt, ass déi individuell Méisproochegkeet paradoxerweis positiv konnotéiert a gëllt als gutt an nëtzlech.

[4] Fir eng detailléiert Analys vun dësem ëffentlechen Diskurs aus de Lëtzebuerger Dageszeitungen: cf. Weber 2009.

Et handelt sech hei ëm eng an der Lëtzebuerger Sproochendebatt wäit verbreeten Ideologie. Dësen TC geet der Fro no, ob, a wa jo wéi, d'Participantë vun dëser Etude, a besonnesch déi auslännesch Residenten, déi gesellschaftlech Méisproochegkeet als eng Gefor fir d'Lëtzebuerger Sprooch duerstellen.

Eng Géigenideologie zum Multilingualismus als Problem ass déi vu *multilingualism as an opportunity*, wéi se vum Julia de Bres (2014) ënnersicht gouf. D'Soziolinguistin huet Sproochideologië vu Frontalieren erfuerscht an erausfonnt, datt méisproocheg Participanten éischter d'Astellung vertrieden, datt Multilingualismus an engem Grupp eng Beräicherung oder eng Chance ass. Eesproocheg Participanten tendéieren dodergéint éischter zu der Opfaassung vu Méisproochegkeet als Problem.
Dëst ass eng Ideologie, déi och am Kader vun där virleiender Aarbecht eng Roll spillt a besonnesch an de Kapitelen 5.1. iwwer d'Motivatioun vun Net-Lëtzebuerger, fir Lëtzebuergesch ze léieren, a 5.2. iwwer de Sproochgebrauch am Alldag zum Ausdrock kënnt.

Kapitel 3: Fuerschungskontext Lëtzebuerg

Language debates are most salient in times of change
and particularly in the process of nation-building.
(Blommaert 1999: 427f., zitéiert no Horner 2005: 169)

D'Aussoe vun de Participantë kënnen nëmmen an hirem historeschen, soziopolitesche Kontext verstane ginn. Dëst Kapitel beschreift dofir als Fuerschungskader d'Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg. Déi soziolinguistesch Beschreiwung (Abschnitt 3.1.) orientéiert sech u folgende Leetfroen:

1. Wat fir historesch Schlësselmomenter hunn dozou bäigedroen, datt d'Lëtzebuerger Sprooch haut de Sujet vun esou enger lieweger Sproochendebatt ass?
2. Wat fir Funktiounen erfëllen déi verschidde Sproochen zu Lëtzebuerg?
3. Wat bedeit déi offiziell Dräisproochegkeet vum Land, resp. déi funktional Distributioun vun deenen dräi Sprooche fir d'Sproochkompetenz vun de Lëtzebuerger? Wat gehéiert zum "richtege Schwätzen"?
4. Wat fir rezent Entwécklungen an der Sproochgeschicht hunn zu enger Verschäerfung vun der Sproochendebatt bäigedroen?

Den Abschnitt 3.2. erkläert uschléissend déi verschidden Ausprägunge vum aktuellen Diskurs iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch.

3.1. Soziolinguistesch Beschreiwung vu Lëtzebuerg

3.1.1. D'Konstruktioun vun enger Nationalsprooch

An der Geschicht vu Lëtzebuerg war den Territoire vum aktuelle Grand-Duché zënter dem Mëttelalter den Aflëss vu romaneschen a germanesche Sproochen, hire Kulturen a Politiken ausgesat. Am 19. Joerhonnert war de Grand-Duché zwar de facto dräisproocheg, mee e gouf awer allgemeng als zweesproocheg (Däitsch a Franséisch) ugesinn, well Lëtzebuergesch net de Status vun enger Sprooch, mee dee vun engem Dialekt hat. Metasproochlech Texter aus där Zäit bezeechnen dat, wat d'Leit ënnertenee geschwat hunn, als "luxemburgische mundarten" (Hardt 1843), "unsere mundart" (Klein 1855), "onst Däitsch" (Dicks 1855) oder als "Luxemburger deutsche Mundart" (Dicks 1855). Während dem Natiounebildungsprozess am 19. Joerhonnert a besonnesch tëschent an no deenen zwee Weltkricher war déi regional Sprooch Lëtzebuergesch dee wichtegsten Identifikatiounsfacteur a gëtt och hautdesdaags nach als Nationalsymbol ugesinn.[5] Dës Entwécklung gëtt an deene folgenden Abschnitter an hiren Haaptlinne kuerz skizzéiert.

[5] Fir eng detailléiert Beschreiwung vun dësem Prozess: cf. Gilles/Moulin 2003; Fehlen 2009; Péporté et al. 2010.

Nodeems 1839 am *Londoner Vertrag* déi haiteg Grenze vu Lëtzebuerg festgeluecht gi waren, huet d'Land u politescher Autonomie gewonnen an d'Selbstvertraue vun de Leit vu Lëtzebuerg ass gewuess. Déi Sproochvarietéit, déi all d'Leit gemeinsam haten, ass ëmmer méi zu engem Identitéitsmarker ginn, souwuel fir déi intern Kohäsioun ze stäerken, wéi och fir sech no bausse vun aneren Natiounen ofzegrenzen, besonnesch am europäesche Revolutiounsjoer 1848 (cf. Péporté et al. 2010).

Déi éischt sproochwëssenschaftlech Texter sinn an dëser Zäit entstanen. Dem Pierre Klein seng Beschreiwung vun der Sproochesituatioun am Grand-Duché (*Die Sprache der Luxemburger*, 1855) ass besonnesch erwähnenswäert, well hien sech op dem Jacob Grimm seng Opfaassung vu Sprooch a Vollek bezitt. Fir de Sproochwëssenschaftler an Ethnolog Grimm si Sprooch a Vollek fest matenee verbonnen an den Ausdrock vun enger uraler "Volleksséil". Dës Opfaassung definéiert sech doduerch, datt si net vun engem historesche Prozess ausgeet, mee behaapt, datt e Vollek a seng Sprooch schonn éiweg bestinn (cf. Fehlen 2009: 20). Genee dës Opfaassung huet de Klein vum Grimm iwwerholl, wat souwuel en Impakt op seng Duerstellung vun der Sproochesituatioun a -geschicht huet, wéi och op d'Geschichtsschreiwung[6] an op Sproochideologien, déi bis haut am Sproochendiskurs iwwerlieft hunn (cf. *one nation - one language ideology*).

Zu der Entwécklung vun engem nationale Bewosstsinn a vum Sproochpatriotismus hunn awer och déi nei gegrënnte Veräiner wéi d'*Société de gymnastique* an der Stad weesentlech bäigedroen. Am Kader vun der *Gym* huet den Edmond de la Fontaine, genannt Dicks, seng éischt Operetten an der Lëtzebuerger Mondaart opgefouert. D'Opkomme vun engem Lëtzebuerger Nationalgefill weist sech besonnesch gutt am Refrain vum Michel Lentz sengem *Feierwon* (1859), deen als Erënnerung un deen éischte Persounenzuch zu Lëtzebuerg geschriwwe gouf. Déi lescht Zeil aus dem Refrain, "Mir wëlle bleiwe wat mir sinn", huet sech zur Devise vun de Lëtzebuerger entwéckelt an huet sech kloer géint all Annexiounsbestriewunge vun den Nopeschlänner gestallt.

Datt Lëtzebuergesch am Ufank vum 20. Joerhonnert de Status vun engem Dialekt lues a lues opginn huet, gëtt besonnesch unhand vun zwee Texter däitlech. Dem Batty Weber säin Artikel *Über Mischkultur in Luxemburg* (1909) gëllt als pre-soziolinguistesch, well hien d'Funktioun vum Lëtzebuergeschen an der Gesellschaft als Argument hëlt, fir de Status vum Lëtzebuergeschen als eegestänneg Sprooch ze verteidegen. Hie schreift, datt Lëtzebuergesch eben net nëmmen d'Ëmgangssprooch vun deenen niddregste soziale Schichten ass, mee bis erop an déi héchste Gebildeten- a Staatskreesser benotzt gëtt, an datt esouguer do *Code-switching*[7] (an d'"Elitesprooch" Franséisch) ondenkbar ass. Dëst Argument gräift och den Nicolas Ries a sengem *Essai d'une*

[6] Cf. d'Lëtzebuerger Meeschtererzielung, z.b. beim Arthur Herchen, am Detail beschriwwe bei Péporté et al. (2010).

[7] Mat *Code-switching* oder *Sproochwiessel* gëtt an der Sproochwëssenschaft e Virgang bezeechent, bei deem e Spriecher innerhalb vun enger Äusserung d'Sprooch changéiert, d.h. vun enger Sprooch an eng aner wiesselt.

Psychologie du Peuple luxembourgeois (1911) op, engem Text, deen den Diskurs iwwer d'Selbstverständnis vun de Lëtzebuerger nohalteg geprägt huet.

Den Héichpunkt gouf an de Joren 1939 bis 1941 erreecht. 1939, um Virowend vum zweete Weltkrich, wéi d'Bedrohung duerch Nazidäitschland grouss war, goufen uechter d'ganzt Land Joerhonnertfeiere vun der Lëtzebuerger Onofhängegkeet organiséiert, bei deenen d'Geschicht vum Grand-Duché als mythologiséiert Nationalgeschicht presentéiert gouf. Dës Duerstellung vun enger laanger, gemeinsamer Geschicht a Sprooch hat zum Zil, d'Eegestännegkeet an d'Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg géigeniwwer Nazidäitschland ze behaapten. Nodeems Lëtzebuerg den 10. Mee 1940 trotzdem besat gouf an d'groussherzoglech Famill an d'Regierung an d'Ausland geflücht waren, huet d'Grande-Duchesse Charlotte sech aus hirem Londoner Exil iwwer d'BBC op Lëtzebuergesch un d'Lëtzebuerger Bevëlkerung geriicht. Dës Usproochen hunn d'Lëtzebuerger Sprooch enorm als nationalen Identifikatiounsmarker a symboleschт Widderstandsmëttel géint den däitsche Besatzer gestäerkt. An der "Personenstandsaufnahme" vum 10. Oktober 1941 sollten d'Lëtzebuerger uginn, wat hir "Volkszugehörigkeit, Muttersprache und Staatsangehörigkeit" (Fehlen 2009: 32) sinn. Trotz enger Foussnott, déi drop higewisen huet, datt Lëtzebuergesch keng eegestänneg Sprooch, mee en däitschen Dialekt wier, huet eng iwwerwältegend Majoritéit mat *dräimol Lëtzebuergesch* geäntwert. D'Fuerschung ass sech eens, datt dëst de Schlësselmoment war, an deem d'Lëtzebuerger sech zu enger Natioun erkläert hunn a Lëtzebuergesch zur Nationalsprooch erhuewen hunn.

An den 1970er Joeren huet de Veräin *Actioun Lëtzebuergesch* sech fir d'Promotioun an d'Fleeg vun der Lëtzebuerger Sprooch, virun allem als geschriwwe Sprooch am Alldag, agesat. Nieft der Organisatioun vun deenen éischte Lëtzebuergeschcoursë fir Auslänner läit den Haaptverdéngscht vun der AL doran, datt si d'Sproochegesetz vun 1984 duerchgesat huet.
Lëtzebuerg ass haut offiziell en dräisproochegt Land, deem seng multilingual Sproochesituatioun historesch gewuess ass. D'*Loi du 24 février 1984 sur le régime des langues* hält Lëtzebuergesch als eenzeg Nationalsprooch fest, nennt déi dräi Sprooche Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch als déi dräi administrativ Sproochen an als Geriichtssproochen, a fixéiert Franséisch als legislativ Sprooch (Mémorial A, N° 16, 1984, art. 1, 2, 3).
Wat fir Funktiounen erfëllen déi dräi offiziell Sproochen hautdesdaags an der Lëtzebuerger Gesellschaft? Deen nächsten Abschnitt definéiert de Begrëff *medial Diglossie* a beschreift déi funktional Distributioun vun Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch.

3.1.2. Medial Diglossie

Am Hibléck op d'Erfuerschung vun der Funktioun vu verschiddene Sproochen a Varietéiten a méisproochege Gesellschafte verdankt d'Soziolinguistik der Pionéieraarbecht vum Charles Ferguson (1959) hir grondleeënd Konzepter. Unhand vum Begrëff *Diglossie* beschreift de Ferguson eng stabil Form vu gesellschaftlecher Zweesproochegkeet, bei där et eng kloer funktional Differenzéierung tëscht enger sougenanntener *High-Variety*, dat heescht enger sozial héijer Standardvarietéit, an enger sozial méi niddreger Varietéit, der *Low- Variety*, gëtt (cf. Bußmann [4]2008: 136). De Ferguson geet vun de Beispiller

- Klassescht Arabesch – ëmgangssproochlecht Arabesch,
- Franséisch – Haitianesch Kreolsprooch,
- Schwyzerdütsch – däitsch Standardsprooch
- a vum Beispill vun der griichescher Diglossie

aus an ënnersicht d'Verhältnis vun deenen zwou Varietéiten zueneen a Bezuch op hir Funktioun, hire Prestige, hir Wierkung als Literatursprooch, de Sproocherwerb, d'Standardiséierung, d'Stabilitéit, d'Grammaire, d'Lexik an d'Phonologie. Op der Grondlag vun den Differenzen, déi béid Varietéiten an dësen néng Beräicher opweisen, formuléiert de Ferguson folgend Definitioun vum Begrëff *Diglossie*:

> Diglossia is a relatively stable language situation in which, in addition to the primary dialects of the language (which may include a standard or regional standards), there is a very divergent, highly codified (often grammatically more complex) superposed variety, the vehicle of a large and respected body of written literature, either of an earlier period or in another speech community, which is learned largely by formal education and is used for most written and formal spoken purposes but is not used by any sector of the community for ordinary conversation. (Ferguson [1959] 2007: 42)

D'H-Varietéit (*High-Variety*) ënnerscheet sech deemno net nëmmen duerch hir sozial Positionéierung vun der L-Varietéit (*Low-Variety*), mee och duerch hir grammatesch, lexikalesch a stilistesch Komplexitéit, souwéi duerch de Fait, datt se kodifizéiert an norméiert ass (cf. Bußmann [4]2008: 136). Des Weideren eegnen sech d'Spriecher d'L-Varietéit am Kader vun hirer Primärsozialiséierung un, während d'H-Varietéit eréischt sekundär duerch d'Institutioun Schoul vermëttelt gëtt a souwuel a formelle Gespréichssituatiounen, wéi och als Schrëftsprooch gebraucht gëtt. An der Alldagskommunikatioun benotzen d'Spriecher deemno net d'H-, mee d'L-Varietéit.

De Fishman (1967) weit d'Diglossiekonzept op Gesellschaften aus, an deenen zwou Sprooche koexistéieren an applizéiert de Begrëff och op Situatiounen, an deene Sproochen a Kontakt matenee stinn, déi keng Verwandtschaftsbezéiungen ënnerteneen hunn. Dem Fishman säi Modell ass an deem Sënn eng Erweiderung vum Ferguson sengem Konzept, well hien den Diglossie-Begrëff net méi un d'Dichotomie Standard- an Net-Standard-Varietéit bënnt, mee andeems hien e mam Terminus vum Bilingualismus a Verbindung bréngt (cf. Clyne 1994: 261). D'Interaktioun tëscht Bilingualismus an Diglossie faasst hien an engem Schema zesummen:

		Diglossia	
		+	-
Bilingualism	+	1. Both diglossia and bilingualism	2. Bilingualism without diglossia
	-	3. Diglossia without bilingualism	4. Neither diglossia nor bilingualism

(Fishman [1967]2007: 48)

Dës theoretesch Konzepter goufen och op Lëtzebuerg applizéiert. Nom Reimen (1965), deen dem Fishman säi Modell als éischten op Lëtzebuerg ugewannt huet, huet d'Lëtzebuergistik déi éischt ëmfaassend soziolinguistesch Beschreiwung vun der Lëtzebuerger Sproochesituatioun dem Fernand Hoffmann (cf. Hoffmann 1979, 1987) ze verdanken (cf. Fehlen 2009: 35). Den Hoffmann huet op d'Komplexitéit vun der Lëtzebuerger Situatioun higewisen an drop opmierksam gemaach, datt déi existéierend Modeller weiderentwéckelt musse ginn, fir dës komplex Situatioun adäquat beschreiwen ze kënnen (cf. Clyne 1994: 262).

A Bezuch op de mëndleche Sproochgebrauch tëscht Lëtzebuerger hält den Hoffmann fest, dass de Grand-Duché an deem Sënn strikt eesproocheg ass, datt d'Lëtzebuerger zwar nieft dem Lëtzebuergeschen nach aner Sprooche beherrschen, mee datt déi soziolinguistesch Situatioun eng reng lëtzebuergesch Mëndlechkeet tëscht Lëtzebuerger duerstellt (cf. Hoffmann 1979: 41). De Lëtzebuerger hir Zweesproochegkeet wierkt sech an deene Situatiounen aus, wou et zum Kontakt mat engem däitschen oder engem franséische Mammesproochler kënnt an de Lëtzebuerger op Däitsch respektiv op Franséisch äntwert. 1979, an domat fënnef Joer virum Sproochegesetz vun 1984, schreift den Hoffmann:

> Wenn wir dem Lëtzebuergeschen von seiner Funktion in der mündlichen Kommunikation zwischen Luxemburgern her den Status einer Sprache zuerkennen, kann man statt von Diglossie, bzw. Bilingualismus in Luxemburg genau so gut von Triglossie bzw. von Trilingualismus sprechen. (Hoffmann 1979: 41)

Den Auteur féiert mat *Triglossie* net nëmmen en neie Begrëff an, fir déi spezifesch Lëtzebuerger Situatioun ze beschreiwen, mee hie geet domat iwwer d'Definitioun vun High- a Low-Varietéiten eraus andeems hien de Begrëff op Sproochen uwennt, déi net matenee Famill sinn. 1988 leet de Fernand Hoffmann de Schwéierpunkt op den Ënnerscheed tëscht dem mëndlechen a schrëftleche Sproochgebrauch a beschreift d'Lëtzebuerger Sproochesituatioun net méi als Tri-, mee mat Bléck op d'Schrëftlechkeet als *Tetraglossie*.

De Michael Clyne stellt fest, datt d'Lëtzebuergescht, dat beim Hoffmann (1979, 1988) nach als L-Varietéit klassifizéiert gouf, sech no an no ausgebaut huet. Am Allgemenge besteet de Problem bei der Beschreiwung vum Lëtzebuerger Modell doranner, datt d'Funktioune vum Lëtzebuergesche sech partiell mat deene vun deenen zwou H-Varietéiten iwwerschneiden (cf. Clyne 1994: 267). De Clyne

stellt de Begréff Triglossie fir d'Beschreiwung vun der Lëtzebuerger Situatioun a Fro a proposéiert de Begréff *Diglossie mat Dräisproochegkeet*.

Mëttlerweil huet sech an der Lëtzebuergistik de Begréff vun der *medialer Diglossie* fir déi soziolinguistesch Beschreiwung vu Lëtzebuerg duerchgesat (cf. Gilles/Moulin 2003: 304; Fehlen 2009: 43ff.). Bei dësem Terminus läit de Schwéierpunkt op der Ënnerscheedung tëschent geschwatenem a geschriwwenem Medium. De Begréff vun der medialer Diglossie beschreift d'Lëtzebuerger Sproochesituatioun allerdéngs nëmmen dann adäquat, wann ee sech net drop verfestegt, datt Lëtzebuergesch eng reng geschwate Sprooch ass, während Franséisch an Däitsch d'Schréftsprooche vu Lëtzebuerg sinn. De Fernand Fehlen proposéiert folgende Modell fir de Sproochegebrauch vun de Lëtzebuerger:

	medial Diglossie	
	schwätzen	*schreiwen*
High	Lëtzebuergesch (bei Bedarf aner Sproochen)	Franséisch
Low	regional Varietéite vum Lëtzebuergeschen	Däitsch <-> Lëtzebuergesch

(Fehlen 2009: 48)

Lëtzebuergesch funktionéiert als Haaptsprooch an der mëndlecher Kommunikatioun tëscht Lëtzebuerger,[8] an dat esouwuel an offizielle Kontexter, wéi beispillsweis als Verkéierssprooch an der Chamber, wéi och am informelle Beräich vun der Alldagskommunikatioun tëscht Famill, Frënn a Bekannten. D'Lëtzebuerger Sprooch genéisst en héijen national-symbolesche Wäert, souwéi en héije soziale Prestige.

Aus dem Modell léisst sech ofliesen, datt an offiziellen an administrative Kontexter de Schréftverkéier op Franséisch geet. Een Deel vun den Artikelen an den Dages- resp. Wochenzeitungen ass op Franséisch. Ofgesi vun dëse Bäiträg a vun Zeitungen, déi sech un déi auslännesch Residentë wennen an déi ganz op Franséisch oder Englesch verfaasst sinn, ass Däitsch d'Haaptsprooch vun der Lëtzebuerger geschriwwener Press.

Lëtzebuergesch spillt allerdéngs am private Beräich als Schréftsprooch eng ëmmer méi wichteg Roll.[9] Dës Entwécklung berout um Konzept vun der *Ausbausprooch*. Eier ech meng perséinlech Appreciatioun vum Modell vun der medialer Diglossie ginn an e kritesch analyséieren, ginn ech dofir an deem nächsten Ënnerkapitel fir d'éischt op d'Konzept vum Lëtzebuergeschen als *Ausbausprooch* an.

[8] A Kommunikatiounssituatioune mat Auslänner spillt Franséisch als *Lingua franca* eng prominent Roll, d.h. datt d'Lëtzebuerger hei gewéinlech Franséisch benotzen, eventuell och Däitsch oder Englesch (cf. Gilles 2011).

[9] Fir eng detailléiert Beschreiwung vun der funktionaler Distributioun vun deenen dräi offizielle Landessproochen: cf. Clyne 1994, Weber 1994, Fehlen 2009.

3.1.3. Lëtzebuergesch, eng Ausbausprooch

Lëtzebuergesch ass, historesch betruecht, zënter dem 19. Joerhonnert an ëmmer méi Kommunikatiounssituatioune benotzt ginn an huet an där trilingualer Situatioun no an no eng gläichberechtegt Plaz nieft dem Franséischen an dem Däitschen ageholl. Den Heinz Kloss (1978) zielt Lëtzebuergesch zu de sougenannten *Ausbausproochen*[10]. Den Ausbau geschitt an dräierlee Hisiicht (cf. Gilles 2011: 44):

1. Sproochstrukturell: Déi regional Varietéite gi reduzéiert, während sech eng iwwerregional Varietéit erausschielt. De Vocabulaire an d'Orthographie gi kodifizéiert.
2. Sproochfunktionell: Lëtzebuergesch iwwerhëlt Domainen, déi bis dohinner fir Franséisch an Däitsch reservéiert waren.
3. Sproochsoziologesch: Lëtzebuergesch grenzt sech vum Standdarddäitschen of.

Fir dës Aarbecht ass déi sproochfunktionell Dimensioun relevant. Aus enger diachroner Perspektiv ass den Ausbau vum Lëtzebuergeschen allerdéngs an de schrëftsproochlechen an an de mëndlechen Domainen net gläichzäiteg ofgelaf an huet signifikant Verännerungen am Sproochegebrauch mat sech bruecht. Am 19. Joerhonnert war Lëtzebuergesch praktesch op déi privat Mëndlecheet beschränkt, während Franséisch an Däitsch souwuel a mëndlechen Domainë benotzt goufen, wéi och als eenzeg Schrëftsproochen.

Fir déi aktuell Entwécklunge vum Gebrauch vum Lëtzebuergeschen adäquat ze beschreiwen, huet de Linguist Peter Gilles de Modell vun der Mëndlechkeet an der Schrëftlechkeet (cf. Koch/Oesterreicher 1985) op déi Lëtzebuerger Sproochcommunautéit iwwerdroen (cf. Gilles 2011).
Den Ausgangspunkt vum Gilles senger Analys ass, datt et verschidde Forme vu Mëndlechkeet a Schrëftlechkeet ginn. Den Terme *Medialitéit* definéiert d'Realiséierungsform vun enger sproochlecher Äusserung: mëndlech (phonesch) oder schrëftlech (graphesch). De Begréff *Konzeptioun* bezitt sech op den Duktus vun enger sproochlecher Äusserung, d.h. dorop, ob en Text éischter e mëndlechen, méi informellen oder e méi staark schrëftlechen, méi formelle Charakter huet, an dat onofhängeg vu senger mëndlecher resp. schrëftlecher Realiséierungsform. Dës Mierkmoler kënnen a Kombinatioun mateneen optrieden:

	medial mëndlech	medial schrëftlech
konzeptionell mëndlech	z.B. en informellt Alldagsgespréich	z.B. eng Privat-E-mail
konzeptionell schrëftlech	z.B. eng Priedegt	z.B. Fachtexter, Gesetzestexter

(Gilles 2011: 48)

[10] De Begréff *Ausbausprooch* bezeechent eng Sproochvarietéit, déi am Hibléck op d'Grammatik, d'Orthographie an de Vocabulaire esou wäit entwéckelt an norméiert ass, datt se an ëmmer méi Kommunikatiounssituatioune gebraucht gëtt, bis hin zu usprochsvolle kommunikativen Zwecker (z.B. wëssenschaftlech Texter) benotzt ka ginn.

De Peter Gilles proposéiert en erweiderte Modell, dee sech aus véier Beschreiwungsdimensiounen zesummesetzt:

1. Medialitéit (Dichotomie schrëftlech versus mëndlech),
2. Konzeptioun (Kontinuum schrëftlech bis mëndlech),
3. Synchronizitéit vun der Kommunikatiounssituatioun[11] an
4. déi dräi Sprooche Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch.

D'Analys beweist, datt Lëtzebuergesch am konzeptionell mëndleche Beräich eendeiteg dominéiert, an dat souwuel bei medialer Mëndlechkeet wéi och bei medialer Schrëftlechkeet. Och wann dës Feststellung de Gebrauch vun anere Sproochen net ausschléisst, bleift d'Lëtzebuergescht an der Kommunikatioun tëscht Lëtzebuerger awer ëmmer den éischte Choix: „Es kann damit als die >Sprache der konzeptionellen Mündlichkeit< bezeichnet werden." (Gilles 2011: 55).

Am Beräich vun der konzeptioneller Schrëftlechkeet ass d'Sproocheverdeelung eng aner. D'Lëtzebuergescht steet hannert dem Franséischen an dem Däitschen, soubal e méi formellen an elaboréierte Sproochniveau erreecht soll ginn (cf. Gilles 2011: 58). Déi weesentlech Erkenntnis, déi de Gilles aus sengem adaptéierte Mëndlechkeets-/Schrëftlechkeetsmodell gewanne konnt, beleet, datt an der Lëtzebuerger Sproochgemeinschaft déi zentral Sproochfunktiounen net duerch déi medial Mëndlechkeet, mee duerch déi konzeptionell Mëndlechkeet definéiert ginn. Et ass also den Duktus vun enger Äusserung, deen de Choix vun der Sprooch bestëmmt: D'Dialogizitéit, d'Spontaneitéit an den informelle Charakter vun enger Kommunikatiounssituatioun entscheeden iwwer de prioritäre Gebrauch vum Lëtzebuergeschen, an dat onofhängeg vun der Medialitéit (d.h. ob et eng phonesch oder eng graphesch Realiséierungsform ass). D'Opkomme vun deenen Neie Medien (SMS, Chat, E-Mail) huet weesentlech zu dëser Entwécklung bäigedroen (cf. Gilles 2011: 63).
An der Logik vum Konzept vun der Ausbausprooch wier fir d'Lëtzebuerger Sprooch deen nächste Schrëtt, datt si och d'Funktioun vun enger méi formaliséierter Schrëftlechkeet, enger Bildungssprooch, iwwerhëlt. Un dësem Punkt wëll ech kritesch op de Modell vun der medialer Diglossie zréckblécken.

Bal zéng Joer no der Veröffentlechung vum Fehlen sengem Modell sinn ech der Meenung, datt een déi medial Diglossie zu Lëtzebuerg méi differenzéiert duerstelle misst, fir déi aktuell Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg méi adäquat ze beschreiwen.[12] Wéi schonn ugedeit, befënnt sech Lëtzebuergesch a

[11] Heimat ass gemengt, ob d'Kommunikatioun synchron verleeft, wéi an engem Face-à-face-Gespréich, asynchron wéi bei E-Mailen, SMSen, Bréiwer, wou op d'Äntwert gewaart muss ginn, oder quasi-synchron wéi bei der Chat-Kommunikatioun, wou et nëmmen eng liicht zäitlech Verschibung gëtt.

[12] Et sief nach eemol drop verwisen, datt dem Fehlen säi Modell sech op de Sproochegebrauch vun de Lëtzebuerger bezitt an d'Kommunikatiounssituatiounen tëscht Lëtzebuerger an Auslänner ausklamert. Op dëser Plaz wëll ech de Modell och just a Bezuch op de Sproochegebrauch vun de Lëtzebuerger kritesch analyséieren. Am Kapitel 5 ënnersichen ech ë.a. Gespréichs-situatiounen tëscht Lëtzebuerger an Auslänner, soudatt ech virum Hannergrond vun de Resultater vu menger Recherche an der Conclusioun nach eemol op de Modell vun der medialer Diglossie zréckkomme wäert.

senger Funktioun als Schrëftsprooch de Moment an engem Wandel. Dësen Ausbau bezitt sech allerdéngs net nëmmen op d'Schrëftlechkeet am private Beräich, mee och an offizielle Kontexter. Zënter der Schafung vum Institut fir lëtzebuergesch Sprooch- a Literaturwëssenschaft op der Uni Lëtzebuerg a vun engem Masterstudiegang an der Lëtzebuergistik, souwéi am Zesummenhang mat der Carrière vum Formateur d'adultes an der Erwuessenebildung a vum Professer am Enseignement secondaire am Lëtzebuergesche ginn ëmmer méi wëssenschaftlech a pädagogesch (Fuerschungs)Aarbechten op Lëtzebuergesch verfaasst. Am Beräich vun der geschriwwener Press spillt d'Lëtzebuergescht zwar scho méi laang eng Roll, mee et war gréisstendeels op Lieserbréiwer a Familljenannoncë beschränkt. Mëttlerweil fënnt een och an dësem Domaine Artikelen op Lëtzebuergesch (z.B. Kritiken iwwert e kulturellt Evenement oder Rezensiounen), souwuel an Dageszeitungen an an hire Wochebäilagen, wéi och an Zäitschréfte wéi dem *forum*, deen ee Mol de Mount erauskënnt. E weidert Beispill fir de schrëftleche Gebrauch vum Lëtzebuergeschen an engem offizielle Kontext wieren d'Publikatioune vum Educatiounsministère am Zesummenhang mat der Strategie fir d'Förderung vun der Lëtzebuerger Sprooch (cf. MEN 2018; cf. Kapitel 3.2.3.).

Dem Fehlen säi Modell vermëttelt den Androck, datt Franséisch als Schrëftsprooch déi eenzeg *High-variety* zu Lëtzebuerg wier. An offizielle Kontexter spillt allerdéngs och Däitsch eng Roll (z.B. op Formulairë vun Administratiounen), genee esou wéi Franséisch an inoffizielle Kontexter als Schrëftsprooch benotzt gëtt.[13] De Modell vun der medialer Diglossie misst, menger Meenung no, am Hibléck op d'Schrëftlechkeet erweidert ginn:

	medial Diglossie	
	schwätzen	*schreiwen*
High	Lëtzebuergesch (bei Bedarf aner Sproochen)	Franséisch Lëtzebuergesch Däitsch
Low	regional Varietéite vum Lëtzebuergeschen	Däitsch <-> Lëtzebuergesch Franséisch

3.1.4. Déi legitim multilingual sproochlech Kompetenz

Wéi gesäit d'Realitéit hannert dem Sproochegesetz vum 1984[14] aus? Wat gehéiert an der Lëtzebuerger Gesellschaft zum "richtege Schwätzen"?

De Fernand Fehlen applizéiert dem Bourdieu seng Theorie vun der legitimer Sproochkompetenz als sproochlecht Kapital op d'Lëtzebuerger Sproochcommunautéit. Zu dëser legitimer Sproochkompetenz

[13] A Kontexter, an deene sech un d'Auslänner adresséiert gëtt, spillen Englesch a portugisesch Iwwersetzungen och eng ëmmer méi wichteg Roll.

[14] D'*Loi du 24 février 1984 sur le régime des langues* hält Lëtzebuergesch als eenzeg Nationalsprooch fest, nennt déi dräi Sprooche Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch als déi dräi administrativ Sproochen an als Geriichtssproochen, a fixéiert Franséisch als legislativ Sprooch (Mémorial A, N° 16, 1984, art. 1, 2, 3).

gehéiert d'Beherrschung vun deenen dräi offizielle Sprooche vu Lëtzebuerg, nämlech Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch, plus Englesch.[15]

> Damit kann auch die legitime Sprache, jene „theoretische Norm, an der objektiv alle Sprachpraxen gemessen werden" (Bourdieu 2005: 50), beschrieben werden. Sie beinhaltet im Geltungsbereich des Luxemburger nationalen Sprachenmarktes nicht nur die Beherrschung von Luxemburgisch, Französisch und Deutsch, den „drei gebräuchlichen Landessprachen", sowie Englisch als erster wirklicher Fremdsprache, sondern auch einen sprachlichen Habitus, der weiß, in welcher Situation, welche Sprache, in welcher Varietät zu benutzen ist. (Fehlen 2009: 48)

De Fehlen (2009: 48f.) beschreift als éischt Viraussetzung vun dëser legitimer multilingualer Sproochkompetenz eng gutt Beherrschung vum Lëtzebuergesche mat ville franséischen Entlehnungen, déi net nëmme Lücken am Lëtzebuerger Wuertschaz fëlle sollen, mee déi dem Spriecher seng (gutt) Franséischkompetenze weisen an inszenéiere sollen, an hien domat sozial hiewen.

Zur legitimer Kompetenz gehéiert zweetens d'Kenntnis vun der franséischer Sprooch a Wuert a Schrëft, wéi d'Lëtzebuerger se sech am Laf vun hirem schoulesche Werdegang uneegnen. Et ass dobäi eng Tatsaach, dass déi Varietéit vum Franséischen, wéi se am Kader vun der Institutioun Schoul geléiert gëtt, net onbedéngt deckungsgläich mat där Varietéit ass, déi d'Lëtzebuerger Spriecher an hirem alldeegleche Gebrauch uwennen (mussen).

Drëttens gëtt d'Kompetenz am Däitsche virausgesat. Duerch dat germanescht Verwandtschafts-verhältnes tëscht der däitscher an der lëtzebuergescher Sprooch ginn d'Lëtzebuerger am Gebrauch ganz onbefaange mat dëser Nopeschsprooch ëm, wat sech virun allem op d'Schrëftlechkeet auswierkt: „Im Alltag dient Deutsch hauptsächlich dazu, das in luxemburgischer Sprache Gedachte oder Gesprochene schriftlich festzuhalten" (Fehlen 2009: 49). D'Verhältnes zum Däitsche beschreift de Fehlen allerdéngs als ambivalent, well en dervun ausgeet, datt eng ze korrekt Beherrschung vum Däitschen éischter negativ bewäert gëtt. De Fehlen behaapt:

> der gebildete Luxemburger wird seine Sprache gering schätzen und ihren Gebrauchswert herunterspielen. Ihren hohen Identitätswert wird er durch die Betonung seiner Mehrsprachigketi, in der er auch einen konstitutiven Bestandteil der Luxemburger Identität sieht, relativieren. (Fehlen 2009: 49)

Dës Thees, déi net weider duerch empirescht Beweismaterial ënnerluecht ass, muss allerdéngs dorop iwwerpréift ginn, ob si och fir déi méi jonk Generatioune stëmmt. Den Auteur vun dësen Zeile verweist selwer op de Fait, datt sech déi Lëtzebuerger Gesellschaft an engem déifgräifende Wandel befënnt, deem säin Ausgank nach net mat Sécherheet virauszesoen ass.[16]

[15] Interessant wier et, an enger separater Aarbecht z'analyséieren, wat fir Repercussiounen déi nei Weeër an der Educatioun (Europaschoulen, international Schoulen, d'Sträiche vu verschiddene Sproochen, etc.) op dës legitim Sproochkompetenz, wéi se virun 10 Joer nach vum Fehlen definéiert gouf, wäerten hunn.

[16] Am Abrëll 2018 ass dozou am *forum* (Nr. 383) en interessanten Dossier mam Titel *Welcher soziale Zusammenhalt?* erauskomm, an deem Auteuren aus verschiddene Fuerschungsberäicher Artikelen zu dësem Thema veröffentlecht hunn. Zur Analys vun engem vun dësen Texter: cf. d'Kapitel 3.2.1.

Véiertens gehéiert zu der legitimer multilingualer Sproochkompetenz d'Beherrschung vum Engleschen, wat des Weideren en Zeechen dofir ass, datt de Spriecher/d'Spriecherin op ass fir déi international anglophon Welt.

3.1.5. Rezent Entwécklungen

D'Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg gëtt nach méi komplex duerch den Ëmstand, datt Lëtzebuerg als Awanderungsland och grouss Bevëlkerungsdeeler mat anere Sprooche wéi Italienesch, Portugisesch an, gekoppelt un d'EU-Erweiderung no Osten, souwéi un den Ausbau vum Land als Verwaltungs- a Bankeplaz, och Englesch verzeechent. Do derbäi kommen ënnerschiddlech Sproochen aus Ex-Jugoslawien (cf. Gilles et al. 2010: 64). Eng offiziell Duerstellung vun der Regierung liest sech folgendermoossen:

> Ausserdeem ass Lëtzebuerg net nëmmen zanter dem 19. Jorhonnert en Awanderungsland, mä säit der zweeter Halschent *(sic!)* vum 20. Jorhonnert och en institutionellt, wirtschaftlecht a finanziellt Zentrum an en Unzéiungspunkt fir e multikulturellen a kosmopolitesche Public.
> (https://gouvernement.lu/lb/dossiers/2018/langue-luxembourgeoise.html)

Den aktuellen Zuele vum STATEC no si vun der Lëtzebuerger Gesamtbevëlkerung vun 602.005 Awunner 288.234 Persounen, resp. 48%, auslännesch Residenten, d.h. Persounen ouni Lëtzebuerger Pass (STATEC 2018). Et kënnt derbäi, datt all Dag 188.000 Frontalieren (STATEC 2017) aus den Nopeschlänner Belsch, Däitschland a Frankräich op Lëtzebuerg schaffe kommen. D'Fransouse stellen hei déi grouss Majoritéit duer.

Dëst Nieftenee vun de Sprooche verleeft net ëmmer konfliktfräi. Déi alldeeglech Präsenz vun engem héije Prozentsaz vu Persounen, déi net onbedéngt Lëtzebuergesch schwätzen a verstinn, féiert zu enger lieweger an zum Deel emotional opgeluedener Sproochendebatt ëm d'Roll an d'Positioun vun der Lëtzebuerger Sprooch an hirem multilingualen Ëmfeld.

E wichtege Moment an der rezenter Sproochgeschicht war de Referendum vun 2015, an deem d'Lëtzebuerger Wielerschaft ënnert anerem zum Walrecht fir Auslänner befrot gouf.

Question 2

Approuvez-vous l'idée que les résidents non luxembourgeois aient le droit de s'inscrire de manière facultative sur les listes électorales en vue de participer comme électeurs aux élections pour la Chambre des Députés, à la double condition particulière d'avoir résidé pendant au moins dix ans au Luxembourg et d'avoir préalablement participé aux élections communales ou européennes au Luxembourg?


(https://elections.public.lu/fr/referendum/2015/resultats.html)

D'Iddi, fir auslännesche Residenten den Droit de vote ze ginn, hat am Virfeld vum Referendum fir Diskussiounsstoff an der Gesellschaft gesuergt. Ee vun den zentralen Argumenter, fir mat *Nee* ofzestëmmen, war d'Lëtzebuerger Sprooch. D'Initiativ *Wee 2050-nee 2015* huet op hirer Internetsäit eng 10-Punkte-Lëscht veröffentlecht, an där d'Argument vum Lëtzebuergeschen explizit genannt gëtt:

> 1. Jiddereen *(sic!)* kann d'Lëtzebuerger Nationalitéit unhuelen a weisen, dass en sech matt *(sic!)* eiser Identitéit, der Sprooch an eiser Kultur identifizéiert an och eng emotional Bindung zum Land huet. [...]

> 3. D'Auslännerwalrecht féiert dozou, dass eis Sprooch op politeschem Plang géif lues a lues verschwannen. Spéider wuel och an der fonction publique an an de Schoulen.
>
> (https://nee2015.lu/index.php/argumenter.html)

D'Lëtzebuerger hu mat ronn 80% géint d'Auslännerwalrecht gestëmmt:



(https://elections.public.lu/fr/referendum/2015/resultats.html)

Eng Reaktioun vun der Regierung op dëst Resultat war, de sougenannte *Sproochentest*[17] duerch e Kompensatiounssystem ze vereinfachen, wat den Zougank zur Lëtzebuerger Nationalitéit vereinfache soll.

De Referendum vun 2015, d'Grënnung vun der Beweegung *Wee 2050-nee 2015* an d'Petitioun 698 iwwer d'Aféiere vum Lëtzebuergeschen als éischt Amtssprooch an als Nationalsprooch fir all d'Bierger vu Lëtzebuerg kënnen als Schlësselmomenter gesi ginn, déi d'Debatt ëm de Stellewäert an d'Vitalitéit vun der Lëtzebuerger Sprooch verschäerft hunn.[18] An engem Pressecommuniqué vun der Initiativ *Wee 2050-nee 2015* vum 12.12.2017 heescht et:

> D'Leit mierken, dass iwwert déi lescht Jore Lëtzebuergesch ëmmer méi aus dem Alldag verdrängt gëtt [...]
>
> Mir zitéieren och de Sproochenexpert Alain Atten, deen den 23.3.2016 um RTL Radio gemengt huet, datt eis Sprooch ausstierwe wäert, well prozentual gesinn ëmmer manner Leit Lëtzebuergesch als Mammesprooch hunn. (https://nee2015.lu/index.php/ufank.html?page_n38=14)

Dëst Zitat ass e Beispill fir Ängschten, datt d'Lëtzebuerger Sprooch bedroht ass (cf. d'Verbe *verdrängen* an *ausstierwen*) an datt d'Lëtzebuerger an "hirem eegene Land" eng Minoritéit wäerte ginn.

3.2. Diskurser iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch

Nodeems an de Kapitelen 2.1. an 2.2. den theoretesche Kader vun der Diskurslinguistik an de Sproochideologië gesat gouf, beschäftegt sech dëst Kapitel mat spezifeschen Ideologien an Diskurser iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch. Den ëffentlechen Debat iwwer d'Lëtzebuergescht charakteriséiert sech besonnesch duerch

1. den Diskurs iwwert den ethnolinguisteschen Nationalismus, deen eng direkt Bezéiung tëscht Ethnicitéit a Sprooch herstellt,

[17] *Sproochentest* ass d'Bezeechnung vum Sproochenexamen am Lëtzebuergeschen, deen eng vun de Viraussetzungen ass, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit kënnen unzefroen.

[18] Ganz aktuell spillt d'Sprooch och eng zentral Roll am Walkampf 2018. Eng Analys vum Diskurs vun deenen eenzelne Parteie wier sécherlech ganz interessant, mee kann am Kader vun dësem TC, dee laang virum Walkampf ugefaange gouf an deen als Haaptthema net de politeschen Diskurs, mee de Laiendiskurs huet, net duerchgefouert ginn.

2. de Sproochbedrohungsdiskurs (*language endangerment*), deen eng bestëmmte Sprooch separat an ofgetrennt vun anere Sprooche gestalt, a se dann esou duerstellt, datt se a Gefor ass an nei belieft gi muss, an
3. den Diskurs iwwer d'Integratioun duerch d'Sprooch (*linguistic integration*), deen zu enger restriktiver Definitioun vun Zougehéiregkeet féiert (cf. Horner/Weber 2015).

3.2.1. Sproochbedrohung: Global vs. lokal Orientéierung

D'*forum*-Ausgab vun Abrëll 2018 huet dem Thema *Welcher soziale Zusammenhalt?* e ganzen Dossier gewidmet. Journalisten, Philosophen, Historiker, Kulturwëssenschaftler, Soziologen a Soziolinguisten hu sech mat dëser Fro beschäftegt. Dem Sproochwëssenschaftler Purschke säi Bäitrag iwwert déi gesellschaftlech Funktioun vu Sproochpolitik ass an deem Sënn fir dës Aarbecht interessant, well en eng Erklärung fir den Ursprong vun där aktuell ganz lieweger, ëffentlecher Diskussioun ëm d'Positioun an d'Roll vun der Lëtzebuerger Sprooch an hirem multilingualen Ëmfeld liwwert, a soll dofir hei skizzéiert ginn.

> Sprache in Luxemburg ist ein Politikum. [...] Im Vordergrund steht dabei zum Einen die Rolle der hiesigen Sprachen als Integrationsmittel, etwa in der frühkindlichen und schulischen Vermittlung, daneben aber auch die Bedeutung des Luxemburgischen als nationales Identifikationssymbol in einer an identitären Ankerpunkten armen, multikulturellen Gesellschaft. (Purschke 2018: 29)

Den Ausgangspunkt vum Christoph Purschke sengen Iwwerleeungen ass de Fait, datt mir haut an enger ëmmer méi komplexer Welt liewen, déi vu ville Mënschen als oniwwersiichtlech empfonnt gëtt. Orientéierungspunkten, déi fir en Individuum bis ewell als sécher a stabil gegollt hunn, wéi beispillsweis d'Zougehéiregkeet zu enger Natioun, Sprooch- an/oder Sozialgemeinschaft, schéngen elo net méi ze gëllen (cf. ebd.). Et ass eng Mëschung aus Orientéierungsverloscht, sozialer Statusangscht an dem Gefill vu mangelnder Unerkennung, déi de Grondproblem vu moderne Gesellschafte bilt: d'Sich no individueller Orientéierung an enger oniwwersiichtlecher Welt (cf. Ders.: 31). Virun dësem Hannergrond léisst sech déi aktuell Diskussioun ëm d'Fro no der Bedeitung vun Identitéit a kultureller Zougehéiregkeet an dëser globaliséierter Welt beliichten.

Een Aspekt, deen de lëtzebuergesche Sproochendiskurs präägt, ass d'Konfrontatioun vun éischter lokal orientéierte BiergerInne mat éischter global orientéierte BiergerInnen (cf. Ders.: 29-31). Déi eng gesinn an deem rasante Wuesstem an der zouhuelender Internationaliséierung eng Gefor fir traditionell Liewensformen a kulturell Verankerung. Si sichen en Unhaltspunkt an enger nationaler Iddi vu kultureller Zougehéiregkeet a wëllen dës géint Aflëss vu bausse verteidegen. Si vertrieden domat eng naturalistesch Virstellung vu Lëtzebuergesch als Sproochgemeinschaft duerch d'Origine. Fir déi éischter global orientéiert BiergerInnen ass do dergéint déi eegen Identitéit manner un national

Symboler gebonnen, wéi vill méi u perséinlech Entfaltungsméiglechkeeten an individuell Liewensfreed. Si orientéiere sech an éischter Linn un enger globaler Transkulturalitéit a gesinn dobäi Lëtzebuergesch als een Deel vun der Méisproochegkeet an als Hëllefsmëttel fir sozial Integratioun. Dem Purschke no sinn et virun allem dës zwou Gruppen, déi déi ëffentlech Diskussioun bestëmmen.

De Soziolinguist ënnersicht, wat fir Funktioune Sproochpolitik an dësem Konflikt tëscht lokaler a globaler Orientéierung kann hunn.

> Zwischen diesen beiden Lagern vermittelt eine Sprachenpolitik von Seiten der Regierung, die versucht, den Bedürfnissen beider Gruppen zu entsprechen und dabei sowohl das Luxemburgische wie die Mehrsprachigkeit strukturell zu fördern. Das zeigt sich in der Neuorganisation der frühkindlichen Sprachenförderung ebenso wie in den Bemühungen um die politische wie gesellschaftliche Institutionalisierung des Luxemburgischen als ‚Erfolgsmodell' (Claude Meisch). [...] Es verbindet sich hier die Forderung nach einem konsequenten Ausbau der Mehrsprachigkeit als einem praktischen Erfordernis einer multikulturellen Gesellschaft mit einer zunehmenden Aufladung des Luxemburgischen als kulturellem Ankerpunkt und nationalem Symbol. (Purschke 2018: 31f.)

De Purschke schreift weider, datt d'Zuel vun deene Leit, déi Lëtzebuergesch léieren a schwätzen, zwar andauernd an d'Luucht geet, mee datt parallel dozou den Undeel vum Lëtzebuergeschen am Sproochgebrauch insgesamt awer tendenziell ofhëlt, well d'Bevëlkerung duerch Immigratioun méi séier wiisst wéi datt d'Zuel vun de Spriecher an d'Luucht geet. Ausserdeem verweist hien drop, datt vill auslännesch Residentë kaum iwwert d'Basiskenntnisser am Lëtzebuergeschen erausginn, déi fir d'Obtentioun vun der Nationalitéit néideg sinn. De Purschke stellt weider fest, datt am schoulesche Kontext, wéi och an der Erwuessebildung, éischter méi wéi manner Méisproochegkeet d'Zukunft bestëmme wäert, a freet sech, wéi laang dëse "sprachenpolitische Balanceakt" (Ders.: 32) gelénge wäert.[19]

3.2.2. Akteuren, Prozesser, Perspektiven

A sengem Artikel *Sprechen über Sprache. Eine Analyse des Diskurses über das Luxemburgische* (2018) stellt de Christoph Purschke fest, datt an där ganzer Diskussioun villes duerchernee geet, a proposéiert en éischten Usaz, fir den Diskurs ze sortéieren. Ech ginn am folgenden op déi verschidden Akteuren, Prozesser a Perspektiven an, déi de Purschke beschreift, an déi den Diskurs iwwer d'Lëtzebuergescht prägen.

Aus dem Purschke senger Analys vum Impakt vu lokaler resp. globaler Orientéierung op d'Sproochendebatt geet ervir, datt Sprooch eppes ass, wat all Mënsch betrëfft a wou jidderee matschwätze wëll. Während hien an deem Artikel am *forum* just ganz allgemeng vu Mënschen, resp. Bierger schwätzt, déi sech um Sproochendiskurs bedeelegen, definéiert hien a sengem Text *Sprechen über Sprache* déi verschidden Akteuren. E bësse vereinfacht ënnerscheet hie véier verschidden Type

[19] Op déi rezent sproochpolitesch Mesurë kommen ech am Kapitel 3.2.3. nach eng Kéier zréck.

vun Akteuren: d'Wëssenschaftler, Privatleit, gesellschaftlech Gruppen (z.B. Journaliste vun enger Zeitung, Membere vun enger Facebook-Grupp oder och eng Famill) a Politiker. Dës verschidden Akteuren huelen (deelweis och a méi Funktiounen) um Sproochendiskurs deel a bréngen hir eegen Iwwerzeegungen, Handlungsmusteren an -zwecker an d'Diskussioun an. Dëst féiert zwar engersäits zu konstruktive Bäiträg zur Debatt, mee anerersäits gëtt dacks just iwwert déi eegen Uleiessen oder aus der eegener Perspektiv geschwat an net mateneen.

An engem zweete Punkt analyséiert de Purschke déi verschidde Prozesser, déi d'Lëtzebuerger Sprooch a Lëtzebuerg als Gesellschaft betreffen. Hie betount, datt dës Prozesser zum Deel parallel lafen, mee heiansdo och géinteneen. Dësen Ëmstand bréngt mat sech, datt déi eenzel Akteure sech an der Diskussioun déi Argumenter erauspicke kënnen, déi am beschten zu hiren Zwecker passen: "Sprachliche Dynamik ist eben selten eindeutig oder monokausal, sondern die Summe vieler einzelner Handlungen zu bestimmten Zwecken und darauf bezogener Deutungen."[20] Dës Prozesser sinn:

- **Sproochlechen Ausbau:** Zu deene verschiddene Mesuren a Phenomener, déi aktuell d'Dynamik vum Lëtzebuergesche prägen, gehéieren
  - d'Etabléierung als Schrëftsprooch, déi besonnesch iwwert déi sozial an digital Medie vermëttelt gëtt,
  - d'Zuel vun de Spriecher, déi bestänneg an d'Luucht geet, well d'Offer vun de Sproochcoursen un déi steigend Nofro ugepasst gëtt,
  - déi symbolesch Opwäertung vum Lëtzebuergeschen och a formelle Kontexter (sou z.B. de Gesetzesprojet fir d'Förderung vun der Sprooch, deen och op Lëtzebuergesch publizéiert gouf), an
  - déi sproochpolitesch Moossnamen (dat neit Gesetz vum 20. Juli 2018[21], d'Orthographiecampagne *schreiwen.lu*, d'Grënnung vum *Zentrum fir d'Lëtzebuergescht* etc.).

- **Sozioekonomesch Migratioun:** D'Lëtzebuerger Economie an déi attraktiv Aarbechtsbedingungen zéien ëmmer méi Bierger a Frontaliere mat auslänneschen Originnen un. Aus ënnerschiddleche Grënn kënnen oder wëllen dës Persounen net all Lëtzebuergesch léieren, wat Auswierkungen op d'Sproochesituatioun huet. Insgesamt féiert dat dozou, datt aner Gruppen a Sproochen (wéi Lëtzebuergesch resp. LëtzebuergerInnen) an der Ëffentlechkeet ëmmer méi präsent sinn, an datt et duerch dës Migratiounsdynamik zu enger Baisse vun der relativer Unzuel u Lëtzebuergeschspriecher (gemooss un der Gesamtbevëlkerung) kënnt.

[20] https://purschke.info/sprechen-ueber-sprache-eine-analyse-des-diskurses-ueber-das-luxemburgische/
[21] http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2018/07/20/a646/jo

De Laiendiskurs, an deem besonnesch déi grouss Präsenz vum Franséische kritiséiert gëtt, charakteriséiert sech duerch Äusserungen, déi d'Lëtzebuerger Sprooch als bedroht duerstellen. Et gëtt gefaart, datt "d'Lëtzebuerger" eng Minoritéit "an hirem eegene Land" ginn. Fir datt d'Sprooch an d'Natioun "iwwerliewen" kënnen, gëtt d'Verankerung vun der Lëtzebuerger Sprooch an der Verfassung gefuerdert, Lëtzebuergesch als Aarbechtssprooch an der EU verlaangt an et gi Stëmmen, déi d'Lëtzebuergescht an der Schoul gär als Alphabetiséierungssprooch oder/an als ganzt Fach agefouert hätten. Am Beräich vun der Educatioun ass de Sproochbedrohungsdiskurs ausserdeem mat Standardiséierungs- a Sproochpurismusdiskurser verbonnen (cf. Horner/Weber 2010).

- **Linguistic Landscape:** Mat *linguistic landscape* ass déi sproochlech Landschaft gemengt, d.h. déi verschidde Forme vu schréftlechen Äusserungen am ëffentleche Raum (op Schëlder, Affichen, Stickeren, etc.). Hei beschreift de Purschke, deen aktuell (Stand: November 2018) un engem Projet vun der Uni Lëtzebuerg iwwer *linguistic landscape* matschafft (cf. https://lingscape.uni.lu/), zwou parallel lafend Tendenzen: Op där enger Säit gëtt d'Lëtzebuerger Sprooch an deene leschte Joeren am ëffentleche Raum däitlech opgewäert. Lëtzebuergesch ass hei vill méi präsent, sief et bei der Kommunikatioun vu Verwaltungen, am kommerzielle Beräich vu Geschäfter an Entreprisen, oder vu Privatleit a Kënschtler. Op där anerer Säit gëtt d'Präsenz an den Drock vum Engleschen ëmmer méi grouss, wat sech och op ëffentlech Beschréftungen néierschléit. Zwee prominent Beispiller sinn der Regierung hire Slogan an der *Nation Branding*-Campagne ("Let's make it happen"), souwéi deen neien Numm vum Stater Geschichtsmusée: *Lëtzebuerg City Museum*, dee bewosst déi zwou Tendenzen zesummeféiert.

  Wat am viregte Punkt iwwert d'Kritik um Franséische gesot gouf, gëllt och fir déi Englesch Sprooch. An der Diskussioun ëm déi steigend ëffentlech Präsenz vum Englesche gëtt dës Tendenz net nëmme begréisst, mee och a Relatioun mam Sproochbedrohungsdiskurs gesat.

- **Angscht virun "Überfremdung"[22]:** De Purschke nennt d'Debatt iwwer d'Sprooch, déi zum Deel hëtzeg an emotional gefouert gëtt, e "Stellvertreterdiskurs", also eng Diskussioun, déi amplaz vun enger anerer gefouert gëtt. Wéi ënner Punkt 3.2.1. beschriwwen, erliewe vill Mënschen hautdesdaags d'Liewen an enger komplexer Gesellschaft als oniwwersiichtlech an orientéierungslos. Während dës gesellschaftlech Onsécherheet an anere Länner (de Purschke nennt Däitschland, Frankräich, Eisterräich, Polen an d'USA) an eben dës "Angst vor kultureller

[22] Vu datt et keng lëtzebuergesch Iwwersetzung fir dëse Begréff gëtt an ech dëst Wuert awer ganz zoutreffend fannen, loossen ech et bewosst hei am däitschen Original stoen.

Überfremdung" ëmschléit a sech a politeschen an ausserparlamentaresche Manifestatiounen artikuléiert, existéieren zu Lëtzebuerg (nach) keng vergläichbar politesch radikal Beweegungen.[23] Zu Lëtzebuerg gëtt deemno de Sproochendebat, d.h. d'Diskussioun iwwert de Status vum Lëtzebuergeschen an iwwer d'Sprooch als nationaalt Symbol an Identifikatiounsmëttel, amplaz vun der Diskussioun iwwert d'Angscht virun enger Dekulturatioun ("Überfremdung") gefouert. Déiselwecht Meenung vun engem Stellvertreter-diskurs vertrëtt och de Fernand Fehlen, deen an engem Interview op RTL Radio sot, datt d'Sproochendebatt am Walkampf 2018 e verkappte sozialen Discours wier, dee sech net artikuléiere kéint. Hannert deenen identitären Theme géife sech Sozialfroen am Zesummen-hang mat Globaliséierungstendenze verstoppen, op déi déi politesch Parteie keng Äntwert hätten. Dofir géife si Themen an de Virdergrond réckelen, vun deene si menge géifen, si hätten en Afloss drop.[24]

- **Sprooch an Identitéit:** Duerch a mat Sprooch erlieft a strukturéiert de Mënsch seng Liewenswelt. Si hëlleft him, ze handelen a sech géigeniwwer aneren ze positionnéieren. Sprooch ass deemno enk un Identitéit geknäppt, d.h. un dat Bild, dat jidderee vu sech selwer mécht. An dësem Zesummenhang gëtt och verständlech, wisou am Diskurs iwwer Lëtze-buergesch esou dacks vun "*eis* Sprooch" geschwat gëtt.[25] De Possessiv *eis* versproochlecht den Aspekt vun Identitéit a Selbstbild. Zu dësem Konzept gehéiert och d'Fro, a wat fir enger Sprooch deen Eenzelne sech am séchersten an am wuelste fillt, fir sech ë.a. an existentielle Situatiounen auszedrécken. Am ëffentlechen Diskurs zielen hei d'Consultatioun beim Dokter oder am Spidol zu de Paradebeispiller, fir ze verdäitlechen, datt d'Leit sech op Lëtzebuergesch matdeele wëllen, dann allerdéngs fäerten, net verstanen ze ginn. Aus der Beschreiwung vun esou Situatioune léisst sech de Spriecher hir Angscht ofliesen, datt Lëtzebuergesch vun anere Sprooche verdrängt gëtt a si forcéiert sinn, sech an dësen anere Sproochen auszedrécken, déi si dacks manner gutt beherrschen.

  Analyséiert een den Diskurs vu Sprooch an Identitéit, stéisst een op Argumenter vu Leit, déi eng ethnesch Opfaassung vun Zougehéieregkeet zu enger Gemeinschaft vertrieden. Mat "ethnesch" ass gemengt, datt d'Grondlag vum Gemeinschaftsgefill a vun der Gruppenidentitéit (ë.a.) eng gemeinsam Sprooch ass.

[23] Cf. dozou dem Participant G61m seng Äusserung (Analys am Kapitel 5.3.).
[24] Fir de ganzen Interview mam Fernand Fehlen: cf. http://www.rtl.lu/letzebuerg/1249937.html
[25] Beispill: Am Kader vun der Aweiung vum neie Gebai vum INL den 29. Juni 2018 huet de Minister Claude Meisch seng Ried op Franséisch gehalen. Hien huet säin Discours opgehal mam Saz: "... la promotion de eis Lëtzebuerger Sprooch." Et ass net nëmmen interessant a bezeechnend, datt hie fir déi lescht Wierder an d'Lëtzebuergescht gewiesselt huet, mee och, datt hien de Possessivartikel *eis* benotzt. Domat bleift hien net neutral, mee stellt d'Bild vun enger Sproochgemeinschaft hier.

- **Sproochwandel an Normen:** Dëse Punkt betrëfft de Fait, datt Sprooch sech generell verännert, wat dozou féiert, datt verschidde Spriecher sech Suergen iwwert den Zoustand vun der Sprooch maachen. Vill Leit si skeptesch géintiwwer Veränneerungen duerch Sproochkontakt, duerch jugendsproochlech Innovatiounen, Verschwanne vun Dialekter, duerch individuell Méisproochegkeet. Si wënsche sech eng verbindlech, méiglechst stabil Grondlag fir d'Sproochpraxis, déi a Grammairen, Dictionnairen an Orthographiesregele festgeluecht ass. Am Diskurs vun dëse Leit geet vun "Norm" a "richtegem Lëtzebuergesch" rieds an et fanne sech Elementer vun der *standard language ideology* (cf. Kapitel 2.2.).

- **Status vs. Prestige:** Dësen Aspekt betrëfft ënnerschiddlech Manéieren, op déi déi verschidde Sproochen am Land an der Praxis representéiert sinn. Mat *Status* ass d'Aart a Weis gemengt, wéi d'Sprooche praktesch gebraucht, institutionell verankert ginn an e symbolesche Wäert kréien. De *Prestige* betrëfft d'Fro, wéi déi verschidden Akteuren de Status vu Sprooche wouerhuelen a bewäerten. De Purschke stellt am Fall vu Lëtzebuerg eng grouss Diskrepanz tëscht de Sprooche fest, wat de Status an de Prestige betrëfft. Sou ass de Status vum Franséischen, datt et eng wichteg Sprooch fir d'Institutiounen a fir d'Kommunikatioun am Alldag ass. De Prestige vum Franséischen entsteet aus sengem institutionellen a symbolesche Wäert als Kultur- a Verwaltungssprooch. Fir Lëtzebuergesch charakteriséiert sech de Status dodergéint duerch de praktesche Gebrauch an de Prestige duerch de symbolesche Wäert als nationaalt Identifikatiounsmëttel. Dem Purschke no ass dës Diskrepanz de Grond dofir, datt d'Sproochen a Bezuch op hire Status an hire Prestige a Konkurrenz zuenee stinn.

Déi beschriwwe Prozesser ginn all och an den Interviewe vun dësem TC ugeschwat, wat beweist, datt et sech effektiv ëm en ëffentlechen a liewegen Diskurs handelt. Am Kapitel 5 gëtt unhand vu konkretem Sproochmaterial analyséiert, a wat fir engem Mooss dës Virgäng Deel vun deene verschiddene Participanten hiren Ideologië sinn. Et gëtt gekuckt, wéi si dës Ideologië versproochlechen an an hir jeeweileg Argumentatiounsketten abauen.

An engem nächste Schrëtt ass et wichteg ze kucken, wat fir e Bléck d'Akteuren op déi verschidde Prozesser werfen. Déi jeeweileg Perspektiv ka vun Akteur zu Akteur ënnerschiddlech sinn,[26] besonnesch wann et ëm Deitungen um individuellen Niveau vun der perséinlecher Erfahrung geet. De Purschke setzt Eenzelbeispiller an e gréissere gesellschaftleche Kontext:

> Überträgt man diese Einzelbeispiele auf die gesellschaftliche Praxis als Ganzes, so lässt sich leicht nachvollziehen, warum in Luxemburg so viele verschiedene Deutungen derselben Praxis nebeneinander

[26] Cf. "Nawell ginn et natierlech ferm Diskussioune ronderëm d'Roll an d'Entwécklung vum Lëtzebuergeschen an der Gesellschaft. [...] Déi Diskussioune si berechtegt an nëtzlech; déi politesch an déi gesellschaftlech Perspektiv sinn net identesch. Besonnesch en Thema wéi d'Sprooch ka grouss Diskrepanzen tëscht politeschen a gesellschaftleche Vuen ervirbréngen." (MEN 2018: 10)

> – teilweise auch gegeneinander – bestehen und geäußert werden. Gerade das Zusammenspiel von eigenem Handeln, der öffentlichen Präsenz, von Status und Prestige der verschiedenen Sprachen mit sozialen, ökonomischen und politischen Faktoren bedingt eine Vielfalt unterschiedlicher Erfahrungen und darauf bezogener Urteile. Das ist prinzipiell nicht schlimm und in einer hochgradig individualisierten modernen Lebenswelt sogar gewissermaßen zwangsläufig; in einer offenen Gesellschaft ist das sogar wünschenswert. Nur muss eine Gesellschaft eben auch Mittel und Wege schaffen (und nutzen), die einen Ab- und Ausgleich zwischen diesen verschiedenen Deutungen der Praxis ermöglichen. (Purschke 10.01.2018)

Genee hei setzt de prakteschen Deel vun där virleiender Aarbecht un, well se d'Perspektiv vu Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger Privatleit analyséiert. An Interviewe goufen d'Participanten no hirer Erfahrung an no hirer Meenung a Bezuch op Themekomplexer wéi d'Sprooch am Alldag an an der Gesellschaft, Lëtzebuergesch an der Zukunft an d'Motivatioun fir d'Lëtzebuergeschléiere gefrot. Déi an dësem Kapitel virgestallte Prozesser erlaben et, d'Aussoe vu mengen Informanten engersäits an en theoretesche Kader ze setzen a virun dësem Hannergrond z'interpretéieren. Anerersäits ass dës schematesch Oplëschtung vun de Prozesser eng Hëllef, fir déi verschidden Diskursstréng an Ideologien an den Aussoe vun de Participanten ze uerdnen.

3.2.3. Beispill: d'Campagne *Sproocheronn.lu*

Am Mäerz 2017 huet d'Regierung e *Strategiepabeier fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch* verëffentlecht. D'Haaptuleies ass, "de Status vum Lëtzebuergesche weider opzewäerten a konsequent d'Förderung vun der Sprooch ze garantéieren." (MEN 2018: 2) Déi viséiert Beräicher sinn d'Educatioun an d'Kultur, mee och all aner Domainer vum ëffentleche Liewen. E Gesetzesprojet, eng grouss Ëmfro vun TNS Ilres, Biergerforen (déi sougenannte *Sproocheronnen*, déi souwuel vu Februar bis Mäerz 2018 op véier Plazen am Land stattfonnt hunn, wéi och eng online Diskussiounsplattform fir d'Bierger war) a schlussendlech d'Verabschidung vum Gesetz den 20. Juli 2018[27] si konkret Schrëtt, déi d'Regierung géint Schluss vun hirer Legislaturperiod ënnerholl huet. Zënter August 2018 ass an enger Brochure, déi een um Internetsite vum Educatiounsministère erofluede resp. gratis bestelle kann, den Ofschlossrapport verëffentlecht.[28] Dëst Heft ass op Lëtzebuergesch verfaasst a riicht sech deemno ausschliisslech un eng luxembourgophon Lieserschaft.[29]

Virum Hannergrond vun deem viregte Kapitel iwwer d'Lëtzebuerger Sproochendiskussioun gëtt an dësem Abschnitt den Diskurs vun der Regierung exemplaresch fir déi offiziell Perspektiv analyséiert. Dëst Ënnerkapitel ass bewosst relativ kuerz gehalen a bleift op säi Beispillcharakter reduzéiert, well eng detailléiert Analys vum politeschen Diskurs eng Aarbecht fir sech ass an de Kader vun dësem Travail de candidature sprenge géif. Zweetens ass et net d'Zil vun dëser Aarbecht, de politeschen

[27] http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2018/07/20/a646/jo
[28] Fir den Detail vun de Resultater: cf. https://www.sproocheronn.lu/
[29] Cf. "..., wéi mir Lëtzebuerger gutt wëssen" (MEN 2018: 25). Duerch *mir Lëtzebuerger* gëtt versicht, e Gemeinschaftsgefill ze schafen.

Diskurs z'ënnersichen, mee de Fokus läit um Laiendiskurs, d.h. op de Perceptiounen an Äusserunge vu Privatleit, déi am Diskurs weder als politesch nach als wëssenschaftlech Akteuren agéieren. Dëst Ënnerkapitel ass trotzdem wichteg a kritt seng Berechtegung doduerch, datt de politeschen Diskurs de Laiendiskurs influenzéiert.

D'Aleedung an den Ofschlossrapport ass eng interessant Duerstellung vum gesellschaftleche Multilingualismus zu Lëtzebuerg:

> D'Méisproochegkeet ass eng vun de grousse Méiglechkeeten, Chancen an och Erausfuerderunge vum Lëtzebuerger Land. D'Niefteneen an d'Matenee vu méi Sproochen am Alldag vun den allermeeschte Bierger sinn typesch fir eist Land; et ass e Räichtum, mee och muenchmol eng Barrière. Zentraalt Element vun dësem Sproochemix war an ass nach ëmmer Lëtzebuergesch - souwuel als Integratiounssprooch wéi och als Kommunikatiounsmëttel am Alldag. (MEN 2018: 2)

Eleng an deenen éischten zwee Sätz fënnt een Elementer vun de Sproochideologië *multilingualism as a problem* a *multilingualism as an opportunity* (cf. Kapitel 3.2.2.). Wierder wéi *Méiglechkeet*, *Chance*, *Räichtum* ënnersträichen déi positiv Säit vun der Méisproochegkeet. Déi positiv Dimensioun vum Zesummenhalt fënnt sech an dëser Duerstellung:

> Zesumme präge si [déi dräi offiziell Sprooche vum Land + aner Sproochen, déi am Alldag gebraucht ginn] d'Identitéit vum Land an droen zur gesellschaftlecher a sozialer Kohäsioun bäi. (MEN 2018: 4)

Erausfuerderung (cf. viregt Zitat) relativéiert dat positivt Bild, a mat *Barrière* gëtt souguer een negativ konnotéiert Wuert benotzt.

Lëtzebuergesch gëtt hei als "zentraalt Element" vun enger erfollegräicher Integratioun duergestallt. Horner/Weber (2018: 207) verweisen drop, datt d'Wuert *Integratioun* sech a leschter Zäit zu engem Schlësselbegréff entwéckelt huet, dee souwuel vu Politiker, wéi och vu Journalisten a Wëssenschaftler onkritesch gebraucht gëtt. Dat schéngt och an dësem Rapport de Fall ze sinn. Mir hunn et hei an deem Sënn mat engem onkritesche Gebrauch vum Begréff *Integratioun* ze dinn, well éischtens net präziséiert gëtt, wat genee Integratioun bedeit an op wat fir eng Manéier sech déi betraffe Persounen integréiere sollen. Zweetens gëtt just Lëtzebuergesch als scheinbar eenzeg Integratiounssprooch genannt; vu Franséisch an Däitsch gëtt net geschwat. Horner/Weber (2018) beschreiwen den Integratiounsdiskurs folgendermoossen:

> In line with the one nation - one language ideology, many states impose their national or official language upon these people [who speak immigrant minority languages] through language testing. (Horner/Weber 2018: 207)

An der Duerstellung vum Ministère ginn déi zwou aner offiziell Sprooche vum Land, Däitsch a Franséisch, net als méiglech Integratiounssproochen a Betruecht gezunn. D'Adjektiv *zentral* (cf. "Zentraalt Element vun dësem Sproochemix war an ass nach ëmmer Lëtzebuergesch") ënnerstëtzt d'Bild vun Zentrum a Peripherie. Während Lëtzebuergesch an der Mëtt steet an domat déi wichtegst

Positioun anhëlt, stinn Däitsch a Franséisch um Rand. Et gëtt och net präziséiert, op wat fir eng Manéier Lëtzebuergesch "nach ëmmer" dës Roll anhëlt. Mat dëser zäitlecher Dimensioun (cf. d'Verbformen *war* an *ass*) schéngen d'Auteure vun dësem Rapport sech op e Status quo ze beruffen nom Motto: *Et war an der Vergaangenheet esou an et ass aktuell esou. Vu datt dat gutt war an ass, soll et och an Zukunft esou bleiwen.*

Déi vun Horner/Weber (2010) beschriwwen duebel Identifikatiounsstrategie (cf. Kapitel 3.2.2.) spigelt sech och am Diskurs vun der Regierung.

> Am Alldag vu den allermeeschte Leit ass Lëtzebuergesch present, mee awer och de Multilinguisme. Et besteet deemno keng Entweder-oder-Situatioun. D'Förderung vum Lëtzebuergesche steet iwwerhaapt net am Widdersproch zu der Promotioun vun der Méisproochegkeet. Béides geet zu Lëtzebuerg Hand an Hand. (MEN 2018: 10)

Engersäits gëtt Lëtzebuergesch als "zentraalt Element" (MEN 2018: 2) duergestallt an als Symbol vun der sozialer Kohäsioun instrumentaliséiert: "Das Luxemburgische wird in Abwesenheit anderer greifbarer Symbole zum Inbegriff und Garant des Zusammenlebens stilisiert" (Stoldt 2018: 19). Anerersäits ginn d'Virdeeler vun der Méisproochegkeet ervirgehuewen an hir Förderung versprach. Mir hunn et hei mat deem "sprachenpolitische[n] Balanceakt" ze dinn, wéi de Purschke (2018: 32) e beschreift a bei deem e sech freet, ob a wéi laang dës Sproochepolitik gelénge kann. Interessant ass am politeschen Diskurs d'Bild vun *Hand an Hand goen*. Dëse Phraseologismus bedeit, datt eppes reiwungslos an ouni Problemer funktionéiert, datt zwou Saache perfekt openeen ofgestëmmt sinn a gläichzäiteg passéieren. Datt dësen Idiom bewosst agesat gëtt, fir en harmonescht Gesellschaftsbild ze zeechnen, gehéiert zu de gängege Strategien an offiziellen Duerstellunge vu Lëtzebuerg, wéi Franziskus (2013) beschreift:

> Official discourses in Luxembourg tend to construct an image of the Grand Duchy as an exemplary multicultural society which valorises cultural differences and where different communities coexist in a peaceful and harmonious way. (Franziskus 2013: 46)

E weideren Aspekt vum Lëtzebuerger Sproochendiskurs fënnt sech och hei an der Duerstellung vum Ministère, nämlech d'Verknäppung vun Identitéit a Sprooch. Hei ginn et allerdéngs zwou Duerstellungsweisen, beim Beispill (a) läit de Fokus op der méisproocheger Identitéit, während am Beispill (b) Lëtzebuergesch als "wichtegsten identitären Aspekt" opgezielt gëtt:

> (a)
> Parallel zum Lëtzebuergeschen ass och d'Méisproochegkeet eng Charakteristik vu Lëtzebuerg. Traditionell si Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch d'Sprooche vum Land, mee do dernieft ginn am Alldag nach aner Sprooche gebraucht. Zesumme präge si d'Identitéit vum Land an droen zur gesellschaftlecher a sozialer Kohäsioun bäi. Dofir engagéiert sech d'Regierung fir d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen a gläichzäiteg fir d'Promotioun vun der Méisproochegkeet. (MEN 2018: 4)
>
> (b)
> D'Lëtzebuerger Sprooch ass e wichtegen, wann net esouguer de wichtegsten identitären Aspekt vun dem Lëtzebuerger Land a senger Bevëlkerung. (MEN 2018: 10)

Wéi am theoreteschen Deel iwwer Sproochideologië beschriwwe gouf, ass dëst (Beispill b) en eendeiteg ethnescht Verständnis vun Natioun, bei deem Elementer wéi eben eng gemeinsam Sprooch d'Gemeinschaft definéieren. Dat gëtt an dësem Zitat un der Trias *Lëtzebuerger Sprooch - Lëtzebuerger Land - Lëtzebuerger Bevëlkerung* gräifbar.

> Als Antwort auf die aufkeimende Unruhe in der Wählerschaft versuchen mittlerweile alle politischen Parteien eine Nebelwand rund um die Bedeutung der luxemburgischen Sprache aufzuziehen und riskieren dabei die - auf der Beherrschung des Französischen basierende - Mehrsprachigkeit des Landes. Das Luxemburgische wird in Abwesenheit anderer greifbarer Symbole zum Inbegriff und Garant des Zusammenlebens stilisiert. Doch das Luxemburgische ist auch eine Code-Bezeichnung für eine gewisse nicht-definierbare "Luxemburgenität". Bildungsminister Claude Meisch forderte bei der Vorstellung seiner neuen Sprachenstrategie von den Zugezogenen ernsthaft, dass sie nicht nur Luxemburgisch sprechen sollten, sondern auch Luxemburgisch "ticken" müssten. Damit spricht er den Kern des Problems an. Wie, d.h. mit welchen Kriterien wird in Zukunft definiert, wer "dazu" gehört und wer nicht. Hinter vorgehaltener Hand wird schon der Unterschied gemacht zwischen "richtigen" Luxemburgern und den Tausenden "neuen" Luxemburgern, die auf Grundlage des liberalisierten Staatsbürgerschafts-gesetzes die luxemburgische Nationalität erworben haben. (Stoldt 2018: 19)

De Jürgen Stoldt stellt hei déi ongemittlech Fro vun der Zougehéieregkeet zur Natioun, déi zu Lëtzebuerg zu engem groussen Deel iwwer d'Sprooch entscheet gëtt. Dësen Aspekt gëtt och ganz interessant vun de Participantë vun dëser Aarbecht diskutéiert (cf. Kapitel 5). D'Bild vun der "Nebelwand" deit drop hin, datt d'Debatt ëm d'Lëtzebuerger Sprooch am politeschen Diskurs d'Funktioun vun engem "Stellvertreterdiskurs" kritt, wéi dat am Walkampf 2018 ze beobachte war.

Als lescht Beispill vum politesche Sproochdiskurs sief d'Reaktioun op e gesellschaftlecht Angschtgefill genannt.

> All d'Statistiken, d'Moossnamen an d'Prozesser weisen de sproochlechen Ausbau vum Lëtze-buergeschen. D'Entwécklung vum Lëtzebuergesche geet dynamesch virun, grad och d'Etabléierung als Schrëftsprooch. Mee déi Entwécklung an den ëmmer méi staarke Stellewäert vum Lëtzebuergesche kann och beonrouegen. (MEN 2018: 25)

Och hei fënnt een nees en zweeschneidegt Schwäert: Engersäits gëtt de Status vum Lëtzebuergesche positiv duergestallt an anerersäits gëtt vu "beonrouegen" geschwat. Et gëtt allerdéngs net weider erkläert, firwat déi Entwécklunge beonrouege kënnen. D'Politik weist Verständnis fir d'Angscht ëm d'Sprooch a stellt sech selwer als "Seelsorger" duer, deem d'Bierger am Kader vun de Sproocheronnen "hiert Uleies matdeelen" (MEN 2018: 26) an hir "Doleancen" (MEN 2018: 40) virdroe konnten. De Choix vum Vocabulaire *Uleies*, *Doleancen*, mee och *um Häerz leien* (S. 5), *bedauert* (S. 34), *eng grouss Suerg* (S. 35) droen dozou bäi, datt d'Diskussioun emotional chargéiert gëtt. Am Rapport gëtt e puer Mol widderholl, datt d'Regierung "Efforten" mécht, fir de Fuerderunge vun de Bierger gerecht ze ginn an d'Lëtzebuerger Sprooch ze förderen.

Als allgemeng Conclusioun ka festgehale ginn, datt aus dem politeschen Diskurs erausgelies ka ginn, datt d'Regierung Bestätegung fir hir (zukünfteg) sproochpolitesch Moossname fonnt huet.

Kapitel 4: Korpus a Method

4.1. Datenerhiewung

Dës Aarbecht analyséiert de metasproochlechen Diskurs vu Laien-Informanten. D'Zil fir d'Erfuersche vu Sproochideologië war, datt d'Analysematerial op engem Korpus baséiert, deen aus der onmëttelbarer Interaktioun gewonne gouf, dat heescht aus medial a konzeptionell mëndleche Situatiounen. Als Datenerhiewungsmethod hunn ech mech dofir fir qualitativ, semi-strukturéiert a problemzentréiert Interviewen entscheet.

Ënnert dem Begrëff vum *problemzentréierten Interview* gëtt an der qualitativer Sozialfuerschung all Form vun oppener, hallefstrukturéierter Befroungssituatioun verstanen (cf. Mayring [5]2002: 67f.; vgl. Albert/Koster 2002: 24-45). Obwuel den Interview vum Interviewer am Virfeld thematesch fokusséiert gouf an unhand vun engem Interviewleetfuedem bestëmmten Aspekter erschafft huet, déi am Laf vum Gespréich ugeschwat ginn, soll d'Befroungssituatioun sech vun enger klassescher frontaler Interviewsituatioun distanzéieren, fir méiglechst no un d'Form vun engem oppene Gespréich erunzekommen (cf. Mayring [5]2002: 67f.; cf. Warren 2001: 85). Dës Method soll garantéieren, datt déi befrote Persoun fräi zu Wuert kommen a sech ausféierlech äussere kann. Duerch dës Proximitéit zu engem éischter privaten an informelle Gespréich kann eng vertrauten Atmosphär entstoen, déi et och dem Interviewer erlaabt, op spezifesch Punkten eventuell méi am Detail anzegoen oder bei spezielle Passagen nach eemol nozefroen (cf. Wodak/de Cillia et al. 1998: 401).
Trotz allen intendéierte Fräiheete bleift dës Interviewsituatioun eng kontrolléiert Situatioun, an där d'Informanten awer net ganz natierlech sinn. D'Bewosstsinn ëm d'Artifizialitéit vum Gespréich léisst sech u Selbstkorrekture vun den Informanten ofliesen. Am Hibléck op d'Donnéeën am Allgemenge muss een sech folglech bewosst sinn, datt den Interview eng kontrolléiert Situatioun bleift an d'Informanten an en anere Modus vum Argumentéiere falen, wéi wa se sech op enger anerer Plaz zum Thema äussere géifen. Besonnesch Internetforen[30] gehéieren zu deene beléifte semi-ëffentleche Plazen, wou d'Leit hir Meenung anonym an ongenéiert äussere kënnen. Am Kader vun dëser Aarbecht gouf sech allerdéngs bewosst géint dëse Korpus decidéiert. Dat direkt Gespréich ass fir d'/den Interviewer(in) vu Virdeel a bitt him/hir d'Geleeënheet, den Oflaf vun der Diskussioun méi oder manner staark ze kontrolléieren, verschidden Aspekter eventuell ze verdéiwen an d'Vergläichbarkeet vun deene verschiddenen Interviewen ze garantéieren. Dobäi kann allerdéngs net ëmmer garantéiert

[30] Am Bezuch op geschriwwent Lëtzebuergesch bitt den Internetsite vun RTL mat senge Commentairë vu Lieser ganz interessant Material. Och déi rezent Campagne vun der Regierung huet esou en Internetforum als Diskussiounsplattform zur Verfügung gestallt (www.sproocheronn.lu). Dëst Material ass allerdéngs zënter e puer Méint net méi zougänglech.

ginn, datt d'/den Interviewer(in) duerch hiert/säin (empathescht) Verhalen d'Gespréich net beaflosst (cf. Wodak/de Cillia et al. 1998: 401f.). E weideren Nodeel vun dëser Datenerhiewungsmethod ass, datt duerch déi intendéiert Oppenheet vum Gespréich d'Participantë mat Momenter relativ séier an onkontrolléiert vun engem Thema zum aneren iwwergeleet hunn an d'Gespréich sech an eng aner Richtung entwéckelt huet, wéi den Interviewleetfuedem et virgesinn huet. D'Konsequenz war, datt vereenzelt Themeberäicher an deene verschiddenen Interviewen net déiselwecht Gewiichtung kruten. „The purpose of most qualitative interviewing is to derive interpretations, not facts or laws, from respondent talk." (Warren 2001: 83). Meng bewosst Entscheedung géint eng quantitativ a fir eng reng qualitativ Etude hélt a Kaf, datt d'Auswäertung vun den Donnéeën ëmmer op der Interpretatioun vum Fuerscher berout.[31] Des Weideren ass et mir bewosst, datt d'Leit an enger Interviewsituatioun wahrschienlech ëmmer méi gehemmt sinn, hir éierlech Meenung ze soen, wéi wa se dat anonym (z.B. op enger online-Plattform) maache kënnen. Dat direkt Gespréich erlaabt et dem Interviewer allerdéngs, bei Onkloerheeten nozefroen an déi befrote Persoun dozou unzereegen, sech méi ausféierlech zu engem Gespréichspunkt ze äusseren.

Am folgende gëtt déi empiresch Datenerhiewung kuerz skizzéiert.
Den Interviewleetfuedem (cf. Annexe) war am Virfeld ausgeschafft ginn an ëmfaast d'Themeberäicher Sproochbiographie, Gebrauch a Präsenz vum Lëtzebuergeschen an den Informanten hirem Alldag, déi zukünfteg Roll a Präsenz vun der Lëtzebuerger Sprooch an der Gesellschaft, souwéi fir déi auslännesch Participanten d'Fro no hirer Motivatioun, fir Lëtzebuergesch ze léieren, resp. fir d'Lëtzebuerger d'Fro, firwat si den *Zertifikat Lëtzebuerger Sprooch a Kultur* (ZLSK) maachen. Ech hunn den Interviewpartner de Choix iwwerlooss, wou si den Interview maache wéilten. Fënnef vu siwe Gespréicher hunn an engem Café oder an enger Pâtisserie stattfonnt, wat de Virdeel huet, datt et sech ëm en neutralen Terrain handelt. Zwee Gespréicher goufe bei deene jeeweilege Persounen doheem gefouert, wat sengersäits den Avantage huet, datt d'Participanten an engem gewinnten Ëmfeld waren.

D'Interviewe goufe mam Accord vun den Informanten opgeholl a leien an digitaler Form vir. D'Gespréicher hunn tëscht 45 Minutten an enger Stonn gedauert a goufen alleguer op Lëtzebuergesch gefouert.[32] Besonnesch am Hibléck op den Themeberäich Gebrauch a Kompetenz ass et wichteg drop hinzeweisen, dass ech deenen net-lëtzebuergesche Participanten d'Fräiheet gelooss hunn, sech am Interview an där Sprooch auszedrécken, an där si sech am wuelste fille géifen. Si hunn all drop gehalen, den Interview op Lëtzebuergesch ze maachen, zu engem gudden Deel aus deem Grond, well dat fir si eng Méiglechkeet war, fir Lëtzebuergesch ze schwätzen.[33]

[31] E Fuerschungsdesiderat wier eng grouss ugeluechten Etude, déi souwuel quantitativ wéi och qualitativ virgeet.
[32] Just d'V51w huet deelweis op Franséisch geäntwert.
[33] Am Kapitel 5.2. ginn ech am Detail op den Informanten hire Gebrauch vum Lëtzebuergeschen am Alldag an.

Fir d'Interviewmaterial fir dës Aarbecht verschaffen ze kënnen, hunn ech d'Gespréicher an engem éischte Schrëtt dacks an intensiv gelauschtert, fir mech mat den Donnéeën ze familiariséieren. D'Zil dovu war et awer och, de Verlaf vum Gespréich ze uerdnen, déi grouss thematesch Linnen z'identifizéieren, déi a modifizéierter Form an all den Interviewen erëmkommen, an Argumentatiouns-musteren ze klassifizéieren. Nodeems d'Themen erauskristalliséiert waren, war deen nächste Schrëtt, sech noeneen op een Thema nom aneren ze konzentréieren an een Interview nom aneren ënnert just dësem Aspekt ze lauschteren, fir déi Segmenter erauszefilteren, an deenen dat jeeweilegt Thema opgegraff gëtt (zu dëser Virgoensweis: cf. Kremer 2017: 87). Uschléissend goufen d'Interviewen integral transkribéiert (cf. Annexe II). Déi relevant Gespréichspassagë goufen erausgeholl an an engem separaten Dokument den Themen no klasséiert, fir en éischte Verglach tëscht deene konkrete Verbaliséierungsforme vun deemselwechte Gedanke kënnen ze maachen.

Vu datt dës Aarbecht un de Participanten hiren Diskurser interesséiert ass, handelt et sech ëm eng reng orthographesch Transkriptioun (an net ëm de gespréichsanalyteschen Transkripitounssystem GAT 2 (cf. Auer et al. 2009)). D'Transkribéiere vun den Interviewe mat den Net-Lëtzebuerger huet sech allerdéngs an deem Sënn als méi schwiereg erausgestallt, well hiert Lëtzebuergesch net feelerfräi ass an ech mir d'Fro hu misse stellen, ob ech dës Feeler mat transkribéieren oder ob ech eng korrigéiert Versioun maachen. En Argument fir d'Verbessere wier, datt et hei net ëm d'Sprooch u sech an de Leit hir Sproochkompetenz geet, mee ëm den Inhalt an dee metasproochlechen Discours. Gläichzäiteg kënnt et bei där fir dës Aarbecht gewieltener diskursanalytescher Method an intratextueller Analys grad just op den Ausdrock un. Bei deenen dräi Informanten M43w, V51w an T49m hunn ech mir natierlech d'Fro gestallt, ob hir Sproochkompetenz am Lëtzebuergeschen duergoe géif, fir datt si genee dat ausdrécke kënnen, wat si wierklech soe wëllen. Obwuel dëst eng wichteg Fro ass, muss se onbeäntwert bleiwen, well ech den Informanten hire Sproochechoix onbedéngt respektéiere wollt.[34] Vu datt d'Feeler[35] allerdéngs zu kengem Moment d'Kommunikatioun an d'Verständnis gehënnert hunn, hunn ech mech derzou entscheet, de Participanten hir Aussoen tel quel ze transkribéieren, fir datt d'Gespréich méiglechst original bleift an ech déi intratextuell Analys op dat originaalt Sproochmaterial baséiere konnt. Et sief hei och nach eng Kéier explizit drop higewisen, datt ech d'N-Regel beim Transkribéieren och just do respektéiert hunn, wou se vun den Interviewte beim Schwätzen effektiv realiséiert gouf (d.h. bei den auslännesche Befrote just ganz seelen).

Vu datt déi virleiend Aarbecht net den Usproch vun enger repräsentativer Studie huet, déi op der Grondlag vun hire Resultater allgemenggülteg Aussoen iwwer d'Sproochideologië vun der breeder

[34] Interessanterweis ass d'V51w am Ufank fir verschidde Wierder, besonnesch fir d'Zuelen, an zum Schluss vum Gespréich ganz op Franséisch gewiesselt.

[35] Z.B. *heinansdo* amplaz *heiansdo*, *ich* amplaz *ech*, *wann* amplaz *wéini*, déi däitsch Verbendung *-ieren* amplaz lëtzebuergesch *-éieren*, d'N-Regel etc.

Lëtzebuerger Bevëlkerung maache wëll, hunn ech mech bewosst géint eng quantitativ Ënnersichung entscheet. Unhand vun där virgestalltener Method konnten individuell Ausprägunge vu Sproochideologien a Verhalensmustere gewonne ginn, soudatt beim Erausschaffe vun Diskurssegmenter déi subjektiv Dimensioun vum ermëttelte Korpus am Mëttelpunkt steet. Dësen TC reit sech deemno mat senger begrenzter Unzuel un Informanten an d'Traditioun vun de sougenannte *case studies* an. Déi siwe befrote Persounen erfëlle bestëmmte Critèren a gehéieren engem Mikrokosmos un, deen ech unhand vu reng qualitativen Analyseverfahren ënnersichen.

4.2. Informanteprofil

D'Participantë vun dëser Etude ginn an zwou grouss Kategorien ënnerdeelt: Lëtzebuerger (Grupp LB) an Auslänner (Grupp AL), d.h. Leit, déi net d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn an déi net zu Lëtzebuerg an d'Schoul gaange sinn. Déi befrote Persounen aus dem Grupp AL hunn déi franséisch (V51w), déi däitsch (E61w an T49m) respektiv déi griichesch (M43w) Nationalitéit a sinn an deene jeeweilege Länner (Frankräich, Däitschland, Griichenland) an d'Schoul gaangen. De Kontakt zu den Informanten ass iwwert de Wee vum INL entstanen. Déi dräi Persounen aus dem éischte Grupp hunn zum Zäitpunkt vum Interview am INL den *Zertifikat Lëtzebuerger Sprooch a Kultur* gemaach, während d'Persounen aus dem Grupp AL an engem reguläre Lëtzebuergeschcours (Niveau B1.2 resp. C1) ageschriwwe waren.

D'Donnéeë vun de Persoune bleiwen anonym (cf. Warren 2001: 88f.); an der Aarbecht gi si net mam Numm, mee just unhand vun enger Codéierung (cf. Tabell A) genannt. D'Codéierung vu beispillsweis *M43w* setzt sech aus dem éischte Buschtaf vum Virnumm (M), aus der Persoun hirem Alter zum Zäitpunkt vum Interview (43) an aus der Kennzeechnung vum Geschlecht (w) zesummen.

		Codéierung	Alter	Familljestand	héchste Schoulofschloss	Beruff (Domaine)	L-kenntnesser
Grupp LB	1	M44w	44	bestuet 2 Kanner	ISERP	Educatioun	
	2	P58m	58	bestuet 2 Kanner	Universitéit	Informatik	
	3	G61m	61	Jonggesell keng Kanner	Universitéit	Educatioun	
Grupp AL	4	E61w	61	bestuet mat engem Lëtzebuerger, 2 Kanner	Universitéit	Educatioun	C1
	5	V51w	51	Jonggesellin keng Kanner	Ecole de Commerce	Commerce	B1.1
	6	T49m	49	Jonggesell keng Kanner	Universitéit	Architekt	B1.1
	7	M43w	43	bestuet mat engem Italiener, keng Kanner	Universitéit	Iwwersetzerin EU	B1.1

Tabell A: Informanteprofil

Den Alter vun deene Befrote läit tëscht 43 an 61 Joer, wat der Generatioun vu Leit entsprécht, déi zënter laangem fest am Beruffsliewe stinn, resp. déi relativ rezent an der Pensioun sinn. Fir dës Aarbecht war et leider net méiglech, Persounen aus verschiddene Generatiounen ze befroen (z.B. och nach Jugendlecher - jonk Leit, déi nei am Beruffsliewe sinn - an eeler Leit iwwer 70, déi zënter laangem an der Pensioun sinn), well dat de Kader vun dësem TC gesprengt hätt. Fir dës Recherche a fir dëse Genre vun Diskursanalys war et schlussendlech nëtzlech an interessant, e relativ homogene Grupp vun Interviewpartner ze hunn, well et mir erlaabt huet, den Diskurs vun engem Segment vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung z'analyséieren. Et wier awer eng ganz interessant Fuerschungsfro, fir e Verglach tëscht de Sproochideologië vu verschiddene Generatiounen ze zéien. Besonnesch d'Interessië vu jonke Beruffsufänger stellen ech mir spannend vir, well si beispillsweis eng aner Motivatioun hu wéi Persounen, déi fest am Beruffsliewe stinn. Esou eng komparativ ugeluechten Aarbecht kéint awer eventuell an enger spéiderer Etude erfuerscht ginn.

De Familljestand spillt besonnesch am Hibléck op d'Meenunge vun deenen auslännesche Befroten eng wichteg Roll. D'E61w hëlt an deem Sënn am Verglach zu deenen anere Persounen aus dem Grupp AL eng speziell Positioun an, well si mat engem Lëtzebuerger bestuet ass an 1989, ee Joer no der Gebuert vu hirem éischte Kand, op Lëtzebuerg geplënnert ass, d.h. zënter scho bal 30 Joer hei lieft. D'Tatsaach, datt hire Partner, an domat och een Deel vum enke Familljen- a Bekanntekrees, Lëtzebuerger ass, huet dozou bäigedroen, datt si séier Lëtzebuergesch geléiert huet, an datt si en aneren Abléck an d'Sproochendiskussioun krut wéi beispillsweis eng Persoun, déi kee Kontakt zu luxembourgophone Persounen huet.

Et ass och bemierkenswäert, datt vun deenen auslännesche Befroten d'E61w als eenzeg Informantin Kanner huet. Dat bedeit, datt just d'E61w duerch hir Kanner genee weess, wéi de Lëtzebuerger Schoulsystem funktionéiert, a sech eng Meenung iwwer d'Vir- an d'Nodeeler maache konnt.

4.3. Linguistesch Diskursanalys

4.3.1. Diskursanalytesch Method

Nieft ville Publikatiounen, déi sech mam Zweck vun der Diskurslinguistik beschäftegen, gëtt et net déi *eng* maßgebend Method, déi di konkret Uwendung vun diskursanalyteschem Virgoe beschreift. Et herrscht vill méi e Methodepluralismus (vgl. Spitzmüller/Warnke 2011: 121), deen duerchaus op engem genuin linguistesche Methodeninstrumentarium fousst (vgl. Bluhm et al. 2000: 1). Preliminär zu all diskursanalytesche Studien gëllt et deemno, sech mat sengem Fuerschungsgéigestand innerhalb vun dëse villfältegen diskurslinguisteschen Approchë selwer ze positionéieren a par rapport zum Fuerschungsobjet an zum Erkenntniszil respektiv -interessi festzeleeën, wéi en Niveau vun der

diskurslinguistescher Analys relevant ass. Et muss och entscheet ginn, ob eng Fuerschungsaarbecht sech fir d'Beschreiwung vun der Sprooch interesséiert, oder ob hiert Zil doranner läit, Phänomener opzedecken, déi „hannert" der Sprooch leien (vgl. Warnke/Spitzmüller 2008: 14). Warnke a Spitzmüller proposéiere mat hirer diskursanalytescher DIMEAN-Analys eng Method, déi vill verschidden Niveauen abezitt an dës an hirer Ënnersichung mateneen a Bezéiung bréngt (vgl. Warnke/Spitzmüller 2008: 3-54; vgl. Spitzmüller/Warnke 2011: 121-201). Zu dësen Niveauen ziele souwuel sproochlech wéi och aussersproochlech Ebenen, déi unhand vun enger intratextueller, dat heescht enger wuert-, propositiouns- an textorientéierter Analys, souwéi vun enger transtextueller Analys erschloss kënne ginn. Och den Niveau vun den Akteuren, déi um Diskurs bedeelegt sinn, souwéi déi politesch-gesellschaftlech Situatioun gi bei dëser Method berücksichtegt.

Warnke a Spitzmüller presentéiere mat dëser Approche zwar duerchaus eng Method, déi et erlaabt, all relevant Niveauë vun der Analys anzebezéien, déi awer am Kader vun dësem TC weder praktesch duerchzeféieren ass, nach am Hibléck op déi konkret Froestellung relevant ass. Am Fokus vun der virleiender Aarbecht sti Verbaliséierungs- an Argumentatiounsstrategien vun Net-Linguisten am Diskurs ëm d'Positioun vun der Lëtzebuerger Sprooch an hirem multilinguale Kontext. Vu datt rekurrent Argumenter a Beschreiwungsmustere vun deene befrotene Persounen am beschten unhand vun der sougenanntener Toposanalys, wéi de Martin Wengeler (2003, 2007) se virgeschloen huet, aus den Donnéeën extrahéiert kënne ginn, hunn ech mech fir dës analytesch Virgoensweis entscheet. Déi eenzel Topoi fungéieren dobäi als Diskurssegmenter, déi souwuel Deel vum Gesamtdiskurs, wéi och e de Participanten hire Sproochideologien erëmspigelen.

4.3.2. Toposanalys

De Martin Wengeler proposéiert, de Begrëff *Topos*, mat deem en Argumentatiounstopos gemengt ass, am Kader vun der Diskursanalys esou ze operationaliséieren,

> dass er Aufschlüsse über kollektives, gesellschaftliches Wissen gibt, welches im Rahmen thematisch bestimmter öffentlicher Diskurse entweder explizit zur Sprache kommt oder in sprachlichen Äußerungen, in Texten als verstehensrelevantes Hintergrundwissen zu Grunde gelegt und evoziert wird. (Wengeler 2007: 165)

D'Toposanalys erlaabt et deemno, Diskurssegmenter aus dem Korpus erauszeschaffen (cf. Wengeler 2007: 166). D'Bedeitung vun den Topoi ergëtt sech eréischt, wa se an en iwwergeuerdente kulturell-gesellschaftleche Sënnhorizont agebett ginn, wéi déi sougenannte *Wissensrahmenanalyse* et erméiglecht. Fir am Kader vum Fuerschungsinteressi vun der virleiender Aarbecht eng déiftesemantesch Analys vum gesellschaftleche Wëssen duerchzeféieren, misst nieft dem Laiendiskurs och de Politik-, Medien a Wëssenschaftsdiskurs matabezu ginn, besonnesch fir déi géigesäiteg Beaflossung a fir d'Repercussiounen op de Laiendiskurs feststellen ze kënnen. Vu datt esou eng grouss ugeluechte Studie de Kader vun dëser Aarbecht sprenge géif, fokusséiert d'Froestellung hei

d'Diskurssegmenter, wéi se sech an den Aussoe vun Net-Linguisten manifestéieren, woufir d'Toposanalys sech als gëeegent Method erweist.

Fir d'Uwendungsméiglechkeete vun Topoi fir déi konkret Analys duerzeleeën, solle fir d'éischt d'Topoi méi genee spezifizéiert ginn. Zënter dem Aristoteles sengem Topos-Begrëff gëtt tëscht allgemengen a spezifeschen (oder besonneschen) Topoi ënnerscheet (cf. Wengeler 2007: 168f.). Déi *allgemeng Topoi* si ganz formal Deductiounsschemata, kontextabstrakt Strukturprinzipien, déi an all Argumentatioun virkomme kënnen a vum Spriecher mat thematesch passenden Inhalter gefëllt kënne ginn, wéi beispillsweis d'Anuerdnungsschema Gattung – Spezies oder d'Kausalschema Grond – Folleg. Déi *besonnesch Topoi* sinn dodergéint kontextspezifesch a bezeechne generell Aussoen oder Meenungen, déi fir ee bestëmmtent Wëssensgebitt spezifesch sinn (cf. Eggs 1984, zitéiert no Wengeler 2007: 168). D'Analys vu kontextabstrakten Topoi ziilt am Géigesaz zu de kontextspezifeschen Topoi nëmmen op allgemeng Argumentatiounsmusteren of, déi an all méiglechen inhaltlechen Zesummenhäng virkomme kéinten, soudatt se sech net fir eng Toposanalys eegent, déi beabsichtegt, kollektiivt, gesellschaftlecht Wëssen erauszeschaffen. An dëser Aarbecht läit de Schwéierpunkt dofir op deene spezifeschen Topoi, déi d'Spriecher just an engem bestëmmten inhaltleche Beräich benotzen, fir hir Argumentatioun plausibel ze maachen.
D'Method vun der Toposanalys eegent sech doriwwer eraus besonnesch, fir e groussen Textkorpus hisiichtlech deenen doran enthalenen inhaltleche Strukturen, dominante Perceptioune vun der Welt, Wierklechkeetskonstruktiounen, Argumentatiounen oder Denkmusteren z'erfaassen an ze uerdnen (cf. Wengeler 2007: 171).

Den empiresche Wee vun dëser Aarbecht huet, wéi ënner Punkt 4.1. beschriwwen, fir d'éischt iwwer d'Erstellung vum Korpus gefouert. Bis op déi grouss Themebléck, déi aus Grënn vun der Vergläichbarkeet duerch den Interviewleetfuedem noutgedrongen an all Gespréich ugeschwat goufen, waren am Virfeld ganz bewosst keng Kategorien definéiert ginn, fir eng Beaflossung vum Interview ze vermeiden. Déi thematesch Kategorië goufen deemno an engem zweeten Analyseschrëtt eréischt a posteriori aus den Donnéeë selwer ofgeleet an definéiert. Op der Grondlag vun dëse gemeinsamen a sech widderhuelenden Denkmusteren an Argumentatiounen hunn ech an engem nächsten Auswäertungsschrëtt e Katalog mat deenen heefegsten Topoi opgestallt. Et ass dobäi wichteg z'ënnersträichen, datt et an den Aussoe vun de Participanten duerchaus zu ënnerschiddleche Realiséierunge vun engem Argument koum. Dës goufe bei der Auswäertung net als zwee verschidden Argumenter behandelt, mee ënnert der abstrahéierter Form vun engem an deemselwechten Topos subsuméiert. D'Extrahéiere vu kontextspezifeschen Argumentatiounsmustere spillt sech op engem

metasproochlechen Niveau of. Déi vum Interpret[36] definéiert Topoi kommen deemno esou net op der sproochlecher Surface vir, mee se stellen Abstraktioune vun Äusserungen duer (cf. Wengeler 2007: 170), déi am Text duerch Kursivschreiwung markéiert sinn. Ee vun de Beaarbechtungsschrëtt besteet deemno dodran, déi ënnerschiddlech Ausgestaltunge vun den Topoi ze berücksichtegen (cf. Wengeler 2007: 173).

4.3.3. Intratextuell Analys

Nodeems den Topos-Katalog definéiert ass an d'Aussoe vun den Informanten deene verschiddenen Topoi zougeuerdent sinn, erlaabt eng intratextuell Analys, ganz konkret Verbaliséierungsstrategien z'ënnersichen. Dës intratextuell Analys gehéiert zu den noutwendege Beaarbechtungsschrëtter vun der linguistescher Diskursanalys, déi grondsätzlech net nëmmen transtextuell Phänomener berücksichtegt, mee ëmmer u Mikroanalys réckgebonnen ass (cf. Spitzmüller/Warnke 2011: 137). D'Ënnersichung vu lexikalesche Besonneschheeten, vum Virkomme vu Metapheren, wéi och vum Gebrauch vun Nomina propria, Nomina appellativa an Nomina collectiva erlaabt et net nëmmen, déi konkret Ausgestaltung vun den Topoi duerzeleeën, mee och aus dem spezifeschen, individuelle Sproochgebrauch vun den Informanten Réckschlëss op hir Sproochideologien ze zéien.

[36] Bei der Toposanalys handelt et sech ëm eng interpretativ Method.

Kapitel 5: Auswäertung vun den Donnéeën

Wat beweegt auslännesch Residenten, fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze léieren? Wou benotze si Lëtzebuergesch an hirem Alldag? Wéi sti si zum lëtzebuergesche Sproochendikurs a wéi gesi si d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Sprooch?
Dëst sinn d'Leetfroe vun der folgender Analys vum Interviewmaterial, bei där besonnesch drop gekuckt gouf, wat rekurrent Argumentatiounsmustere sinn. D'Kapitel 5 ënnerdeelt sech deemno an dräi grouss Themebléck. Am Abschnitt 5.1. zur Motivatioun geet et ëm den net-lëtzebuergesche Participanten hir Beweeggrënn, fir Lëtzebuergesch ze léieren. Op der Grondlag vun dëse Resultater gëtt am Kapitel 5.2. gekuckt, wou a wéi d'Lëtzebuerger Sprooch am Alldag vun dëse Leit benotzt gëtt resp. präsent ass. Fir e méiglechst komplett Bild vum Diskurs iwwer Kommunikatiounssituatiounen tëscht Auslänner a Lëtzebuerger ze kréien, ginn an dësem Ënnerkapitel d'Aussoe vun auslännesche Residentë mat de Perceptioune vu Lëtzebuerger kontrastéiert. D'Kapitel 5.3. analyséiert ofschléissend d'Zukunftsvisiounen an eventuell Fuerderunge vun de Participanten am Hibléck op de Stellewäert vum Lëtzebuergeschen am Kontext vun der Lëtzebuerger multilingualer Gesellschaft. Iwwert deem Ganze steet d'Fro, ob et Widderspréch tëscht deenen zwou Informantegruppe ginn.

5.1. Motivatioun

5.1.1. Raum an Zäit: Territoire- an Openthaltsdauertopos

Beim Territoire- an Openthaltsdauertopos handelt et sech ëm rekurrent Argumenter, déi vun all de Participantë gebraucht ginn an déi deemno eng prominent Positioun am Laiendiskurs anhuelen. Dës Topoi kommen net nëmmen an all den Interviewe vir, mee d'Informante gebrauchen dës Argumenter am Laf vum Gespréich gewéinlech uneneegekoppelt an och alt méi dacks. Heefeg steet dësen Topos als leschte Grond um Enn vun enger Argumentatiounsketten, wat drop schléisse léisst, datt et als en Argument a leschter Instanz opgefaasst gëtt.

Den Territoiretopos baséiert op der Thees, datt eng Persoun, déi an engem Land lieft, och d'Sprooch vum Land léiere soll. D'Grondlag vun dësem Argument ass e geographesch delimitéierte Raum, dee mat de Sproochgrenzen iwwereneestëmmt. Bemierkenswäerterweis vestinn d'Informanten ënnert dem Begrëff *Landessprooch* an éischter Linn eleng d'Lëtzebuerger Sprooch. Datt Däitsch a Franséisch nieft dem Lëtzebuergesche per Gesetz als zwou weider offiziell Sprooche festgehale sinn, beuechten d'Participanten net onbedéngt.

Beispill 01
E61w: #35:30# Lëtzebuergesch ass ursprünglech d'Sprooch vum Land hei, déi et schonn iwwer Joerhonnerte gëtt. An ech fannen, et gehéiert zu engem Land eng Sprooch. An dräi Sprooche kann een net gläich schwätzen an et kann ee sech net gläich wuelfillen an dräi Sproochen. [...] An ech fannen, du bass hei zu Lëtzebuerg an net am Frankräich an net an Däitschland, an d'Sprooch vum Land ass Lëtzebuergesch. Fir mech. Et ass déi éischt Sprooch, fir mech. An net déi zweet oder drëtt. #37:44#

D'E61w definéiert den Territoire hei an Ofgrenzung zu anere Plazen. D'Trennung tëscht Lëtzebuerg op där enger an den Nopeschlänner Däitschland a Frankräich op där anerer Säit berout net nëmmen op enger raimlecher Delimitatioun, mee virun allem op enger sproochlecher Grenzzéiung. D'Viraussetzung fir esou eng Ausso ass, datt d'Spriecherin Däitschland mat der däitscher a Frankräich mat der franséischer Sprooch gläichsetzt, an deemno vum Konzept vun *one nation - one language* ausgeet an dëst och op de Fall vu Lëtzebuerg projezéiert. Den Territoiretopos kann deemno folgendermoosse paraphraséiert ginn: *D'Auslänner solle Lëtzebuergesch léieren, well si zu Lëtzebuerg sinn.* Weider ënnen, am Beispill 05, schwätzt och den T49m vun der "Sprooch vun deene Leit, déi vun hei kommen" a mengt domat ausschliisslech d'Lëtzebuerger Sprooch.

Zwee typesch Versproochlechungsmustere fir den Territoire- an Openthaltsdauertopos sinn éischtens, datt déi zwou Komponente Raum an Zäit zesumme mat de Verbe *sinn*, *wunnen*, *liewen* a *schaffen* benotzt ginn. Zweetens gebrauchen d'Spriecher bei dësem Argumentatiounsstrang dacks d'Konjunktioun *wann* an drécken doduerch eng Bedingung respektiv duerch *wann ... dann ...* eng logesch Konsequenz aus, wéi dat folgend Beispill weist:

Beispill 02
M43w: #06:20# Wann een hei wunnt, dann soll een och vläicht e bëssen Lëtzebuergesch schwätzen. #06:26#

D'M43w dréckt duerch d'Modalverb *sollen* eng staark Recommandatioun aus. Interessanterweis schwächt si hir Ausso dann awer duerch *vläicht* an *e bëssen* of an inszenéiert sech op déi Manéier als virsichteg an tolerant Spriecherin. D'Informantin E61w dréckt sech dodergéint méi direkt aus, andeem si hir Erwaardungshaltung un eng spezifesch Kommunikatiounssituatioun kloer formuléiert:

Beispill 03
E61w: #26:34# Wann een hei schafft, sollt een awer e bëssen Basic-Lëtzebuergesch kënnen. Iwwer säi Metier. De Metzler hei, vun deem erwaarden ech, datt e weess, wéi seng Saachen, déi e verkeeft, wéi déi heeschen. [...] A si missten awer capabel sinn, fir hir Fleeschzorten op Lëtzebuergesch unzebidden. Mee dat funktionéiert net esou richteg. An dat ass eppes, wat mech e bëssen traureg mécht. Si schaffen hei, verdingen hir Suen hei, a si missten awer dat e bësse fäerdegbréngen. #27:20#

An dësem Beispill gëtt den Territoire net nëmmen als Liewens- a Wunnraum definéiert, mee ëm d'Dimensioun vun der Schaffplaz erweidert. Deen ekonomesche Facteur ass effektiv en Argument vu grousser Bedeitung; d'Informantin weist dat, andeems si d'Pronomen *een* a *si* benotzt an doduerch

eng allgemenggülteg Viraussetzung formuléiert: *Wien zu Lëtzebuerg schafft a seng Sue verdéngt, dee soll Lëtzebuergesch léieren.* D'E61w distanzéiert sech duerch d'Pronome *si* an de Possessivartikel *hir* ("hir Fleeschzorten") awer och eendeiteg vun deene Persounen, déi zwar zu Lëtzebuerg schaffen, awer kee Lëtzebuergesch schwätzen. Fir d'Informantin si gutt Lëtzebuergeschkompetenzen absolut wichteg fir verschidde Beruffssparten. Si ass der Opfaassung, datt all Mënsch, deen zu Lëtzebuerg am Kader vu senger Aarbechtsplaz Kontakt zur Bevëlkerung resp. zu Clienten huet, op d'mannst dee jeeweilege beruffsspezifesche Vocabulaire beherrsche sollt. An dësem Sënn fungéiert dat konkret Beispill vum Metzler hei als Stellvertrieder fir sämtlech Beruffsgruppen, an deenen d'Employéë Kontakt zu (luxembourgophone) Leit hunn.

D'Fuerderung nom Lëtzebuergeschléiere gëtt verstäerkt, soubal nieft dem Argument vum Territoire de Facteur Zäit eng Roll spillt. Den Openthaltsdauertopos beseet, datt eng Persoun, déi laang Zäit zu Lëtzebuerg lieft, Lëtzebuergesch léieren a schwätze soll. Am folgenden Ausschnëtt stinn d'Adverben *heihinner* an *hei* (2 Mol) fir de Raum an *e puer Joer* versproochlecht den zäitlechen Aspekt:

> *Beispill 04*
> **E61w:** #22:30# Do sinn och vill Grenzgänger bzw., eh, Migranten hätt ech bal gesot, Wirtschaftsmigranten *(laacht)*, oder Leit, déi heihinner geschéckt gi sinn, fir hei ze schaffen, déi net Lëtzebuergesch schwätzen an och net Lëtzebuergesch wëlle schwätzen an och net wëlle léieren. A soubal ee Fransous um Dësch sëtzt, oder ee Belsch, da gëtt halt Franséisch geschwat. An dat ass eppes, wat ech net esou..., wat ech verstinn, ne? Awer net appreciéieren. Well ech fannen et besser - , ech si méi radikal mëttlerweil wéi meng Famill, wat dat ubelaangt. Ech fannen, déi Leit, déi hei liewen, virun allen Déngen e puer Joer liewen, déi sollten och Lëtzebuergesch léieren. Oder sech beméien. Awer de Lëtzebuerger géif dat ni verlaangen. Ech als Auslänner, ech mengen, ech sinn do ganz anescht, ech hunn eng aner Attitüd dozou. Eng aner Astellung. #23:29#

Den Opbau vun dëser Ausso ass ähnlech wéi am viregten Extrait: D'Spriecherin geet vun engem Beispill aus (de Metzler am Ausschnëtt 03 an de Fransous resp. Belsch an dësem Extrait), fir hiert Argument ze stäipen an doraus eng Conclusioun ze zéien (virdrun: *Si schaffen hei, also solle si Lëtzebuergesch kënnen*; hei: *Si liewen zënter e puer Joer hei, also solle si Lëtzebuergesch kënnen.*). An deenen zwee Ausschnëtter schwätzt d'E61w vun hirer emotionaler Astellung zum Thema ("traureg" am Beispill 03, "net appreciéieren" a "méi radikal" am Beispill 04). Interessant ass och d'Metaebene, vun där aus d'Informantin an dësem leschten Extrait d'Diskussioun reflektéiert: Si definéiert sech selwer als Auslännerin ("ech als Auslänner"), distanzéiert sech vun der Meenung vun de Lëtzebuerger ("Awer de Lëtzebuerger [Gebrauch vum Singulier als *pars pro toto*] géif dat ni verlaangen", "ech si méi radikal mëttlerweil wéi meng Famill") a schwätzt explizit vun hirer Astellung. An den Ae vun der Spriecherin ass et bemierkenswäert, datt si eng "méi radikal" (ebd.) Positioun a Bezuch op d'Sproochbeherrschung

vun den auslännesche Residentë[37] vertrëtt wéi d'Lëtzebuerger selwer. Dëst ass eng ganz interessant Skizz vun engem Selbstbild, well d'E61w, wéi am Kapitel zum Informanteprofil gesot, eng Tëschepositioun tëscht deenen zwou Gruppe vun Informanten anhëlt. Hir Argumenter gläichen zum engen deene vun de Lëtzebuerger an zum aneren deene vun den auslännesche Befroten. Dësen Extrait ass e Beweis fir der Spriecherin hiert Selbstbewosstsinn ëm hir spezifesch Tëschepositioun, well si sech ebe selwer explizit als Auslännerin charakteriséiert, gläichzäiteg awer seet: *Ech vertrieden eng Astellung, déi sech vum Prinzip hier mat där vun de Lëtzebuerger deckt, allerdéngs souguer nach do-riwwer erausgeet a méi radikal ass.* Et ka weider interpretéiert ginn, dass d'E61w implizit och seet: *Ech als Auslännerin, déi den Effort gemaach huet, fir Lëtzebuergesch ze léieren, däerf esou "méi radikal" (ebd.) argumentéieren. D'Lëtzebuerger selwer sinn do méi virsichteg.*

Den T49m an d'M43w nennen an hiren Interviewen den Aspekt vum Territoire a vun der Openthalts-dauer als Haaptmotivatioun, wisou si Lëtzebuergesch léieren.

> *Beispill 05*
> **T49m:** #18:55# Jo, dat war d'Motivatioun, e bëssen, ech sinn elo laang hei zu Lëtzebuerg an ech weess nach net een Wuert an der Sprooch schwätzen vun deenen Leit, di vun hei kommen. #19:14#

Während d'E61w am Saz "Ech fannen, déi Leit, déi hei liewen, virun allen Déngen e puer Joer liewen, déi sollten och Lëtzebuergesch léieren." (cf. Beispill 04) ganz allgemeng an der 3. Persoun vun "déi Leit" schwätzt a mat der Conditionnelsform vum Modalverb *sollen* eng Fuerderung geltend mécht, benotzt den T49m d'Pronomen *ech* an den Indicativ Präsens (*ech sinn, ech weess*), fir vu sengem individuelle Standpunkt ze berichten. Dem T49m seng Ausso liest sech als Virworf; seng Selbstkritik berout op der Opfaassung, datt et net normal ass, datt eng Persoun laang Zäit an engem Land lieft an "d'Sprooch vun de Leit" net beherrscht.
Op d'Fro, firwat d'Informantin M43w Lëtzebuergesch léiert, äntwert och si mat deeneselwechten Argumenter. De Facteur Raum gëtt am Beispill 06 duerch *hei*, *op der Strooss*, *am Bus*, *am Supermarkt* versproochlecht, an de Facteur Zäit duerch *zënter 17 Joer*.

> *Beispill 06*
> **M43w:** #06:04# Firwat? Jo. Ech hunn geduecht, datt ech wunnen hei zënter 17 Joer an ech mengen, datt mir sollen e bëssen Lëtzebuergesch schwätzen. Wann een hei wunnt, dann soll een och vläicht e bëssen Lëtzebuergesch schwätzen. Ech hunn dat net am Ufank gemaach. Jo. Ech hunn dat e bësse méi spéit ugefaang, jo.
> **I:** Dir sot, et soll een e bësse schwätzen. Firwat?
> **M43w:** Firwat? Ech héieren dat op der Strooss, am Bus, am Supermarkt, an ech hat Loscht, fir d'Leit ze verstoen, wann si Lëtzebuergesch schwätzen. Just eng Loscht, fir de Sprooch ze verstoen an e bëssen besser integréiert sinn. #07:11#[38]

[37] Et muss drop higewise ginn, datt d'E61w an dësem Beispill scheinbar keng Differenz tëscht de Frontalieren an deenen auslännesche Residentë mécht. An hirer Conclusioun schwätzt si allerdéngs eendeiteg vun Auslänner, déi zu Lëtzebuerg liewen.
[38] D'Thema vun der Sprooch als Integratiounsmëttel gëtt am Kapitel 5.1.2. behandelt.

D'Parallelen zu deene viregte Beispiller bestinn doranner, datt der Informantin M43w hir Ausso sech duerch d'Pronomen *een* a *mir,* souwéi duerch d'Modalverb *sollen* als eng allgemeng Fuerderung u Leit, déi sech zu Lëtzebuerg néierloossen, liest. Genee esou wéi den T49m zielt d'M43w sech selwer och zu dëse Persounen (cf. de Gebrauch vun de Pronomen *ech* a *mir*). Anescht wéi an den Ausschnëtter vum T49m an E61w geet beim M43w allerdéngs net just Rieds vu Lëtzebuergesch *schwätzen*, mee d'Informantin seet, hir ursprünglech Motivatioun wier gewiescht, d'Leit ze *verstoen*. Am Allgemenge berücksichtegen déi interviewte Persoune wéineg déi passiv Sproochkompetenzen, soudatt d'Diskussioun sech primär ëm déi aktiv Kompetenz vum Schwätzen dréint.

Eng länger Openthaltsdauer am Land ass also ganz kloer e Grond, wisou en Auslänner Lëtzebuergesch léiere sollt. Dësen Topos fënnt sech net nëmmen am Diskurs vun deenen auslännesche Befroten, mee och bei de Lëtzebuerger. Den T49m beliicht den Territoire- an Openthaltsdauertopos aus der Siicht vun de Lëtzebuerger, andeems hie vun engem Grupp vun eeleren Damme bericht, déi hien aus der Schwämm flüchteg kennt an déi him genee dëse Virworf maachen:

> *Beispill 07*
> **T49m:** #28:52# Heiansdo hunn di gefrot: "An, T., hues de nach ëmmer kee Lëtzebuergesch geléiert? Zënter wann bass du hei zu Lëtzebuerg? Muss du net e bësse léieren elo?" Eh, jo, fff. Dat war keen Grond fir mech, et ze léieren. Mee ech weess och, zum Beispill der, der Typ, der och do dat Café do maacht, der kënnt vun Italien an der schafft zënter 15 Joer do an dee kann kee Lëtzebuergesch. An heiansdo echauffieren sich di al Dammen: "Kann deen ëmmer noch kee Lëtzebuergesch?" Eh, jo. Ech mengen, do ass e bësse Spaass, mee och e bëssen Ernst derbei. Datt déi sich soen, ok, wann een elo esou laang schonn hei zu Lëtzebuerg ass, dann ass dat genuch Zäit, fir e bëssen ze léieren. #30:05#

Den T49m benotzt déi direkt Ried, fir den Dammen hiert Gespréich nozemaachen. Direkt drop widdersprécht hien hinnen: "Dat war keen Grond fir mech, et ze léieren." Obwuel hie selwer am Ufank (cf. Beispill 05) nach sot, d'Openthaltsdauer wier en Argument fir hien, Lëtzebuergesch ze léieren, behaapt hien hei de Géigendeel a schéngt sech domat selwer ze widderspriechen. Duerch d'Géigeniwwerstellung vun direkter Ried an eegenem Kommentar ("Dat war keen Grond fir mech, et ze léieren."), ass allerdéngs kloer, datt den T49m ausdrécke wëll, datt hien sech vum Virworf vun den Dammen net beandrocke gelooss huet an de Reproche u sech fir hie keen Ausléiser fir d'Léiere war.
Et ass de lëtzebuergeschen Dammen duerchaus bewosst, datt en Auslänner, deen op Lëtzebuerg wunnen a schaffe kënnt, net d'office Lëtzebuergesch kann. En eendeitege Virworf maache si awer deene Persounen, déi zënter laanger Zäit am Land liewen an hir Sproochkenntnesser trotz allem net verbessert hunn, wat hei duerch *nach ëmmer keen* an déi rhetoresch Negatioun vum Modalverb *mussen* ("Muss du net e bësse léieren elo?") versproochlecht gëtt. Dem T49m seng Erklärung ass, datt en Auslänner no laange Joeren am Land net méi d'Excuse huet, en hätt keng Zäit, fir Lëtzebuergesch ze léieren. An deem Passage, an deem hien déi eeler Dammen zitéiert: "Muss du net e bësse léieren elo?" kënnt duerch d'Adverb *elo* zum Ausdrock, datt den Auslänner am Ufank vun hirem Openthalt

eng gewëssen Zäit gewäert gëtt, fir Lëtzebuergesch ze léieren. No e puer Joer ass dës Zäit allerdéngs ofgelaf an et gëtt keng Excuse méi, fir d'Sprooch net wéinstens e bëssen ze kënnen.
Och an deenen zwee nächste Beispiller kucken d'E61w an den T49m aus der Perspektiv vun de Lëtzebuerger op déi genannten Topoi.

> *Beispill 08*
> **E61w:** #34:19# Ech fannen, et misst een am eegene Land och mat Lëtzebuergesch duerchkommen. Dat ass dat, wat ech sou bëssen traureg fannen. #34:27#

An dësem Kontext ass d'Bezeechnung "am eegene Land" interessant, well heimat e Besëtzverhältnes tëscht den Awunner an dem Territoire suggeréiert. Deeselwechte Wuertlaut ("eegen") fënnt sech och beim T49m, deen iwwert Äusserungen, wéi hie se vu Lëtzebuerger matkritt huet, bericht.

> *Beispill 09*
> **T49m:** #33:06# "Et muss dach méiglech sinn, datt ech a mengem eegene Land e Bréitchen a menger eegener Sprooch bestelle kann. Dat muss dach méiglech sinn." Dat hunn ech schonn héieren. #33:17#

Hei gëtt ausgedréckt, datt souwuel den Territoire wéi och d'Sprooch den Awunner vum Land gehéieren. Déi logesch Konsequenz ass, datt si dofir souwuel e Recht drop hunn, sech an "hirer" Sprooch auszedrécken, wéi och vun Auslänner ze verlaangen, dës Sprooch och ze schwätzen. Een typescht Argument ass an dësem Zesummenhang de Verglach mam eegene Verhalen, wéi ee vun de lëtzebuergeschen Interviewte seet:

> *Beispill 10*
> **G61m:** #05:12# Ech mengen, wann s de an engem Land liefs, fannen ech et normal, dass de d'Sprooch vun deem Land schwätz. Ech ginn dervun aus, wann ech a China géing liewen, dass ech dann awer puer Brochdeeler Chinesesch géing schwätzen. No e puer Joer. Ech géing hoffen, enfin, ech géing mer Méi. #05:31#

Och an dësem Extrait gëtt d'Sproochideologie vu *one nation - one language* gräifbar, wat de Spriecher hei duerch "normal" an "d'Sprooch vun deem Land" ausdréckt. Hien huet eng Virstellung vu sengem eegene Verhalen am Ausland a projezéiert dat als Fuerderung op d'Verhale vun auslännesche Residenten zu Lëtzebuerg. Seng Deductioun léisst sech folgendermoossen interpretéieren a paraphraséieren: *Wann ech am Ausland liewe géif, da géif ech d'Landessprooch léieren. Also verlaangen ech datselwecht vun den Auslänner, déi op Lëtzebuerg kommen.*

Deen zäitlechen Aspekt ass net nëmmen op d'Vergaangenheet, mee och op d'Zukunft geriicht. Den Openthaltsdauertopos kënnt hei a Kombinatioun mam Argument vir, datt d'Lëtzebuergeschléiere vun deem Moment un eng Motivatioun fir déi befrote Persounen ass, wou feststeet, datt si dauerhaft zu Lëtzebuerg bleiwen:

> *Beispill 11*
> **V51w:** #10:12# parce que j'habite dans ce pays, et puis que je vais rester dans ce pays #10:17#

Beispill 12
M43w: #09:43# Jo, awer ech weess, datt ech bleiwen hei, souwisou #09:48#

Beispill 13
T49m: #19:32# Ech hu virdrun dora kee Sinn gesinn, Lëtzebuergesch ze schwätzen, well meng Situatioun hei war: ah, ech bin nëmmen provisoresch hei. An eh, ok, dat Provisorium ass elo méi dann 10 Joer. Ok, de Plang war: E puer Joer hei, a fir déi puer Joer: firwat Lëtzebuergesch léieren? Mee elo weess ech: Et ass méiglech, dass ech nach méi laang hei sinn, an dann ass et schonn interessant, eh, an och nëtzlech, de Sprooch vun de Leit hei ze léieren. #20:27#

Dem T49m seng Motivatioun fir d'Sproocheléieren huet pragmatesch Grënn; hie schwätzt vun "interessant" an "nëtzlech", zwou Eegeschaften, déi am Diskurs vun den auslännesche Befrote just ganz seele virkommen. Hien erkläert weider:

Beispill 14
T49m: #20:27# Ech merken dat méi an méi, ich merken dat elo méi och, well ech elo selbstänneg bin, sinn. Als e klenge Salarié am Büro, do huss du och Kontakter zu den Clienten. Mee normalerweis net zu Lëtzebuerger. Elo hunn ech och Kontakter zu Lëtzebuerger, net esou vill, mee och. An, eh, ech schwätzen mat deenen net automatesch elo Lëtzebuergesch. Dofir sinn ech nach net gutt genuch, ech weess et net. Mee ech hat elo méi an méi Situatiounen, wou ech frou war, Lëtzebuergesch ze schwätzen, fir eppes ze verstoen, wat zwee Lëtzebuerger matenander geschwat hunn. #21:28#

Den T49m seet explizit, datt hien erkannt huet, datt Lëtzebuergesch a senger neier berufflecher Situatioun eng Roll spille kann an en anere Kontakt zu Lëtzebuerger Clienten erméiglecht. D'Sprooch kritt deemno fir de Spriecher e ganz konkret pragmateschen a souguer ekonomesche Stellewäert. A sengem leschte Saz konstruéiert hien d'Sprooch weider als Mëttel, fir eng Persoun auszeschléissen oder awer z'integréieren. Den Informant bericht hei vu Situatiounen, an deenen hie sech duerch seng Lëtzebuergeschkenntnesser derzougehéiereg gefillt huet. Implizit seet hien domat och, datt dat virdrun net de Fall war an hien d'Sprooch als ausschléissende Facteur erlieft huet. Wéi schonn am Beispill 06 vum M43w ugeschwat, gëtt d'Lëtzebuerger Sprooch hei och vum T49m als Integratiouns-mëttel wouergeholl.
Dat nächst Ënnerkapitel analyséiert d'Thema vun der Integratioun an d'Lëtzebuerger Gesellschaft als Motivatioun fir d'Sproocheléieren.

5.1.2. Identitéit an Integratioun

Déi rezent Fuerschung zum Thema Nationalitéit, Nationalismus an Nationalstaatsbildung behaapt, datt d'Fuerschungstraditioun den Aspekt vun der Sprooch dacks net berücksichtegt (cf. Wright 2000). D'Sue Wright geet dervun aus, datt verschidden Theoretiker d'Sprooch einfach als eent vu villen Elementer am Prozess vun der Natiounebildung ugesinn. Fir ze verstoen, ob fir d'Fuerscher d'Sprooch e wichtege Facteur fir d'Nationalstaatlechkeet ass oder net, mussen dem Wright no déi zwou Funktioune vu Sprooch berücksichtegt ginn: déi kommunikativ an déi symbolesch Funktioun. D'Sprooch gëtt

engersäits als Kommunikatiounsmëttel konstruéiert an hëlt eng zentral Positioun am Fonctionnement vum Staat an. Déi individuell Bierger mussen d'Sprooch beherrschen, wa si um ëffentleche Liewen deelhuele wëllen.[39] Déi symbolesch Funktioun vun der Sprooch kann dozou déngen, ze differenzéieren, wien derzougehéiert a wien net. D'Nationalsprooch gëtt als Symbol benotzt, fir d'Authentizitéit vun der Grupp, d.h. vun der Natioun, ze definéieren a fir ze bestëmmen, wéi eng gelongen Integratioun funktionéiert.

Dës theoretesch Konzepter kommen effektiv an den Interviewe vir. D'Participantë vun dëser Aarbecht gesinn hir Sproochkompetenz als ee vun den Inklusiouns- oder Exklusiounsfacteuren a verschiddene Beräicher. Si benotzen d'Lëtzebuerger Sprooch souwuel als Argument, fir z'erklären, wat fir si eng gelongen Integratioun duerstellt, wéi och fir hir jeeweileg Identitéit ze konstruéieren.

Dat éischt Beispill vum Zougehéiregkeetsgefill (*belonging*) staamt aus dem Interview mam M43w:

> *Beispill 15*
> **M43w:** #09:43# Jo, awer ech weess, datt ech bleiwen hei, souwisou, an ech hat dëse Loscht, jo, fir, jo, e bëssen Lëtzebuergerin ze fillen. #09:58#

D'M43w definéiert net, wat fir si *LëtzebuergerIn sinn* bedeit, mee si schwätzt just vun engem Gefill. Op deen emotionalen Aspekt vu Staatszougehéieregkeet mécht och den T49m opmierksam, wann hie vun engem "Gefill fir d'Nationalitéit" schwätzt, dat hien am ëffentlechen Diskurs matkritt:

> *Beispill 16*
> **T49m:** #34:33#. Et ginn Entwécklungen hei zu Lëtzebuerg, ze iwwerleegen, wat fir een Bedeutung huet eng Sprooch fir d'Nationalitéit, fir d'Gefill vun Nationalitéit. Dat ass eng politesch Fro. Ech fannen et nach méi extrem zum Beispill, datt et hei zu Lëtzebuerg och méi a méi Leit gitt, déi kee Lëtzebuergesch, ok, mee och keen Däitsch a Franséisch kënnen. Et gitt méi an méi Leit, déi kennen nëmmen dat Englesch. An fir déi ass dat normal, dat jiddereen dat versteet. Man kann et positiv sehen: ah, en internationale Sprooch. Also ich kann et verstoen, datt et Leit gitt, di mengen, datt fir eng Natioun ze sinn oder fir méi ze integréieren, datt et méi besser is, wa Lëtzebuergesch méi, eh, wéi heescht dat?, puschiert gëtt. Also ech gleewen, wann ech een Deeg wierklech Lëtzebuergesch schwätze kann esou, datt et keen Unnerscheed fir mech is, ob ech Däitsch oder Lëtzebuergesch schwätz, dann hunn ech, mengen ech, e ganzt anert Gefill fir d'Land hei, well da schwätzen ech wierklech wéi d'Leit, déi hei wunnen. #37:09#

Den Ausdrock "Gefill fir d'Nationalitéit" deit drop hin, datt et sech och hei ëm en ethnescht Verständnis vun Nationalitéit handelt. Fir de Participant spillt d'Sprooch an dësem Zesummenhang eng wichteg Roll. Hien ënnersträicht, datt eng gutt Sproochkompetenz am Lëtzebuergeschen, déi u seng Mammesproochekompetenz am Däitschen erukënnt, him e "ganzt anert Gefill fir d'Land hei" géif ginn. Hie vergläicht sech uschléissend mat de "Leit, déi hei wunnen", deenen hie sech duerch ganz gutt Lëtzebuergeschkenntnesser verbonne fille géif. An dëser Ausso dréckt hien aus, datt d'Sprooch e

[39] Dës Sproochkompetenz ass dacks verbonne mat "access to knowledge, employability, participation in the democratic process, active citizenship" (Wright 2000: 3).

Facteur ass, deen Zougehéieregkeet schafen oder awer ausschléisse kann. Dëst Beméien ëm eng Gruppenzougehéieregkeet dréckt d'E61w duerch d'Bild vum Ausserierdeschen aus:

> *Beispill 17*
> **E61w:** #06:46# Ech soen ëmmer: et wëll ee keen Alien bleiwen. Dat ass ëmmer mäin Ausdrock dofir. #06:52#
> **E61w:** #23:44# Ech hu jo virdru gesot, meng Kanner wollten net als Alien gelten an der Schwäiz. An esou geet et mir och. Am léifsten hätt ech guer keen Dialekt, Soziolekt. Am léifste wär ech feelerfräi *(laacht)* a géif ganz propper schwätzen, wat jo net geet, awer egal. Dat ass am Fong mäin Zil. #24:06#

D'Participante geet nach e Schrëtt méi wäit a seet, datt et hir net duergeet, just Lëtzebuergesch ze schwätzen, mee si strieft eng mammesproochlech Kompetenz un. Interessant ass hire Choix vum Vocabulaire "ganz propper", woumat si implizit seet, datt si hiren Accent am Lëtzebuergeschen net gutt fënnt. Dat liest sech, wéi wann d'Informantin een Deel vun hirer Identitéit leugne géif.

D'Informantin V51w seet, datt hir primär Motivatioun fir d'Lëtzebuergeschléiere war, sech op de Sproochentest virzebereeden an dësen ze packen, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ufroen ze kënnen.[40]

> *Beispill 18*
> **V51w:** #09:50# Alors, ça c'est une bonne question. C'est une super question, parce que ma motivation a changé. Au début j'ai appris le luxembourgeois pour la nationalité. J'ai appris le luxembourgeois, parce que je voudrais demander la nationalité. Ensuite ça a changé. Maintenant ce que je voudrais faire, c'est parler couramment. Ouais, ouais, ce que j'aimerais faire maintenant, c'est parler couramment.
> **I:** Firwat?
> **V51w:** Mais parce que j'habite dans ce pays, et puis que je vais rester dans ce pays, et puis que je me sens bien dans ce pays, et puis que j'adore ce pays. *(laacht)* Pour tout ça quoi. Je veux dire pour toutes ces raisons-là. Et je pense que c'est une intégration, je voudrais faire une intégration complète. Alors je m'en fiche, hein, qu'il n'y a qu'un pays au monde où l'on parle le luxembourgeois. Je veux dire c'est pas le problème ça. Parce que beaucoup de gens me disent: ouais, mais pourquoi tu n'apprends pas le russe, je sais pas moi, pourquoi tu n'apprends pas - parce que je parle anglais, je parle allemand, je parle français, avec ça je me débrouille. Je pourrais apprendre le portugais, mais bon. Je vois pas pourquoi j'apprendrais le portugais ici. Mes amis me disent le luxembourgeois ça se parle dans un pays. Ouais, mais quand tu vis dans ce pays, que tu veux rester dans ce pays. C'est chouette en fait. Ouais, j'aime bien. #11:36#

De Bericht iwwert d'Astellunge vun der V51w hire Bekannten ass bemierkenswäert. An der Perceptioun vun dëse Leit spillt Lëtzebuergesch just innerhalb vun de Lëtzebuerger Staatsgrenzen eng Roll, während si hire Gebrauchswäert ausserhalb dovunner verléiert. Och wann dat am Prinzip net falsch ass, erkennt d'V51w, datt dat net d'Fro ass, ëm déi et geet: "Je veux dire, c'est pas le problème ça." Si ënnersträicht vill méi d'Wichtegkeet vum Lëtzebuergeschen als Integratiounsfacteur an als Kommunikatiounsmëttel. Interessant ass an dësem Zesummenhang der Spriecherin hir Definitioun vu

[40] Et sief hei drop verwisen, datt d'Obtentioun vun der Lëtzebuerger Nationalitéit net de Fokus vum Interessi fir dës Aarbecht ass an dëst Thema am Interview dohier net explizit ugeschnidde gouf. Dëst erkläert och, wisou d'Interviewerin net nogefrot huet, wisou d'Participante d'Nationalitéit kréie wéilt a wat si ënnert dem Begrëff "Nationalitéit" iwwerhaapt versteet. Fir eng diskursanalytesch Analyse zum Thema: cf. Kremer 2017.

Staatszougehéieregkeet. Fir si sinn d'Nationalitéit an d'Sprooch enk matenee verbonnen a féieren nëmmen zesummen zu enger "intégration complète". D'Participante V51w huet deemno en ethnescht Verständnis vun Nationalitéit, dat sech duerch e gemeinsamt kulturellt a sproochlecht Ierwen definéiert. Dat Zougehéiregkeetsgefill, wéi den T49m et am Beispill 14 ugeschwat huet, entsteet fir d'V51w och ganz kloer iwwer d'Sproochkompetenz: "j'aimerais (...) parler couramment" an "je voudrais faire une intégration complète". Déiselwecht Opfaassung huet och d'E61w:

> *Beispill 19*
> **E61w:** #36:26# Dat heescht, ech hunn am Fong ugeholl, wat mäi grousst Ëmfeld, wat dat schwätzt, an ech schwätzen dat och bewosst, oder ech hunn et bewosst geschwat, ech schwätzen et elo och onbewosst, an dat ass fir mech en Zeeche vun totaler Integratioun, an ech fannen, dat gehéiert einfach derzou. #36:48#

D'Adjektiven *total* ("en Zeeche vun totaler Integratioun") a *complet* ("une intégration comolète") aus deenen zwee Beispiller loossen drop schléissen, datt fir déi zwou Participanteën eng Integratioun an eng Gesellschaft nëmmen da gelongen an ofgeschloss ass, wann nieft deem soziale Volet (deen hei allerdéngs net explizit genannt gëtt) d'Beherrschung vun der Landessprooch garantéiert ass. Beim E61w geet dëst Verständnis vun Integratioun esou wäit, datt si vun Assimilatioun mat der neier Sprooch schwätzt: "ech hunn ugeholl, wat mäin Ëmfeld schwätzt". Eng vun de Bedeitunge vum Verb *unhuelen*, déi den DUDEN oplëscht an déi, menger Meenung no, an dësem Beispill zoutrëfft, ass déi vun *sich etwas zu eigen machen, zulegen*. D'E61w huet also Lëtzebuergesch, d'Sprooch vun hirem sozialen Ëmfeld, net nëmmen akzeptéiert a geléiert, fir zu dëser Grupp derzouzegehéieren, mee si huet d'Sprooch als Deel vun hirer Identitéit ugeholl. Dës komplett Upassung ënnersträicht d'E61w duerch den Zousaz: "ech schwätzen et elo och onbewosst", wat bedeit, datt si bal mammesproochlech Reflexer am Lëtzebuergeschen huet.

Iwwerhaapt ass dee ganzen Diskurs ëm d'Zougehéieregkeetsbestriewungen interessant am Hibléck op d'Identitéitskonstruktioune vun de Participanten. D'V51w erkläert, wat Integratioun fir si bedeit.

> *Beispill 20*
> **V51w:** #11:50# Intégration c'est, pour moi c'est déjà la langue. En premier quoi. C'est déjà en premier la langue. Moi, j'arrive même pas à comprendre que des gens par exemple qui vont habiter au Luxembourg, qui vont habiter en France, qui vont habiter en Espagne, ou en Italie, et qui parlent pas la langue du pays, ou au moins qu'ils apprennent pas à parler la langue. Je comprends pas.
> **I:** *Däitsch a Franséisch sinn och offiziell Sprooche vu Lëtzebuerg. Geet dat dann net duer?*
> **V51w:** Ouais, ouais, je sais, mais je trouve que si on vit dans un pays, il faut respecter son identité. Si on choisit de vivre dans un pays qui n'est pas le pays où l'on est né, il faut respecter l'identité du pays. Et l'identité d'un pays ça passe aussi par la langue et ça passe aussi dans aller vers les gens, je veux dire, qui habitent dans le pays, parce que si plus personne parle la langue, benh, je sais pas moi, bon ok, ce sera un autre pays, quoi. Tu vois? Ce sera un autre pays d'intégration. Mais bon, c'est quand même un peu une identité culturelle que je trouve qu'il faut garder. #13:17#

Der V51w hirer Usiicht no spillt d'Lëtzebuerger Sprooch ganz kloer eng wichteg Roll als Integratiounsfacteur. Engersäits ënnersträicht d'Informantin heimat déi kommunikativ Funktioun vun der Sprooch a verbënnt den Aspekt vun der Integratioun mam Argument vum Territoire:[41] *Wien de Choix mécht, an e Land liewen ze goen, dee soll d'Sprooch vum Land léieren, fir kënne mat de Leit ze kommunizéieren.* Anerersäits spillt fir d'V51w déi symbolesch Funktioun vun der Sprooch eng wichteg Roll, wann et ëm Integratiounsfroe geet. Fir d'Participante ass d'Sprooch ee Bestanddeel vun der kultureller Identitéit vun engem Land. Hirer Meenung no ass et eng Fro vu Respekt, datt auslännesch Residenten d'Landessprooch léiere sollen - an dat quasi lassgeléist vun hirem Gebrauchswäert. En ähnlecht Argumentatiounsmuster fënnt sech och beim M43w. Op d'Fro, wat Integratioun bedeit, äntwert d'Informantin:

> *Beispill 21*
> **M43w:** #15:30# Net vill wéi Auslänner ze fillen. Jo. Fir mech Lëtzebuerg ass elo bal doheem, vläicht e bëssen méi wéi Athen. Dofir, jo, ech wëll d'Sprooch schwätzen. #16:06# An, eh, ech fannen datt et ass wichteg fir d'Lëtzebuerger och. Mir sollen Lëtzebuerger respektéieren och. Si schwätzen Franséisch an Däitsch oder Englisch, heinansdo och Portugisisch oder Italienisch mat ons, firwat sollen mir och e bëssen Lëtzebuergesch mat hinnen schwätzen. Ech fannen, dat soll automatisch sinn. #16:39#

D'M43w fänkt hir Äntwert mat enger Definitioun ex negativo un: "net vill wéi Auslänner ze fillen". Och hei geet et nees drëm, sech net ausgegrenzt ze fillen an derzougehéieren ze wëllen. De Choix vum Wuert "doheem" bréngt eng emotional an intim Komponent mat an d'Diskussioun. *Doheem* an *Heemecht* si Wierder, bei deenen et ëm Verwuerzelung, Identitéit an ëm d'Gefill vu Gebuergenheet geet. Doduerch, datt d'Participante Lëtzebuerg als hir nei Heemecht bezeechent - a Lëtzebuerg souguer a Konkurrenz zu hiren Originnen (Athen) setzt - konstruéiert si hir Identitéit nei respektiv weider: Lëtzebuerg, an domat och d'Lëtzebuerger Sprooch, sinn en Deel vun hir ginn. Nieft dësem éischten Argument, dat d'Spriecherin reng op sech selwer projezéiert, an dat dofir intern motivéiert ass, huet si en zweet, extern motivéiert Argument, nämlech de Respekt virun de Lëtzebuerger. Dësen Topos gëtt am nächsten Ënnerkapitel analyséiert.

5.1.3. Respekt a Flicht

Den Topos vum Respekt virun der luxembourgophoner Bevëlkerung ass e rekurrent Argument, dat an all den Interviewe virkënnt. Zwee Extraitë goufen zum Schluss vum viregten Ënnerkapitel schonn zitéiert. Beim V51w heescht et: "il faut respecter l'identité du pays" (Beispill 20) an d'M43w seet: "Mir sollen Lëtzebuerger respektéieren." (Beispill 21) Dës Participante zitt aus dem Verhale vun de Lëtzebuerger vis-à-vis vun den Auslänner eng Conclusioun dofir, wéi d'Auslänner sech géigeniwwer de Lëtzebuerger verhale sollen: Vu datt d'Lëtzebuerger sech sproochlech un hir net-luxembourgophone Gespréichspartner upassen (d'M43w nennt hei fënnef verschidde Sproochen, wouduerch si implizit

[41] Cf. Territoiretopos am Kapitel 5.1.1.

d'Beméie vun de Lëtzebuerger ervirhieft), sollen dës de Lëtzebuerger och entgéintkommen, andeems si Lëtzebuergesch schwätzen. D'M43w formuléiert bewosst eng rhetoresch Fro (*d'Lëtzebuerger schwätzen ... - firwat sollen d'Auslänner dann net och Lëtzebuergesch schwätzen?*), fir auszedrécken, datt et fir eng net-lëtzebuergeschsproocheg Persoun keng Selbstverständlechkeet soll sinn, datt sech sproochlech ëmmer u si ugepasst gëtt.

Et sief hei nach eng Kéier un dem T49m seng Ausso erënnert, an där hie seet, datt gutt Sproochekompetenzen zu engem bessere Verständnis vu kulturelle Feinheete vun engem Land, an doduerch zu engem Heemechtsgefill bäidroen:

> *Extrait aus dem Beispill 16*
> **T49m:** #36:50# Also ech gleewen, wann ech een Deeg wierklech Lëtzebuergesch schwätzen kann esou, datt et keen Unnerscheed fir mech is, ob ech Däitsch oder Lëtzebuergesch schwätzen, dann hunn ech, mengen ech, e ganzt anert Gefill fir d'Land hei, well da schwätzen ech dann wierklech wéi d'Leit, déi hei wunnen #37:10#

Doropshi gouf de Particiant gefrot, ob esou e quasi mammesproochlechen Niveau am Lëtzebuergeschen effektiv eng Ambitioun fir hie wier, an ob hie sech zu Lëtzebuerg wéi doheem fille wéilt.

> *Beispill 22*
> **T49m:** #38:50# Schonn. Jo, ech denke schonn, jo, jo. Dat huet och e bësse mat Respekt ze doen. Ech find et ëmmer komesch, wann Leut et net probieren, mat deen Leut an där Sprooch ze schwätzen, déi do sinn. Wenn du ëmmer denks: Ech schwätzen Englesch, da muss du och Englesch schwätzen. In Frankreich is dat extrem, dat is kloer. Wenn du do kee Franséisch schwätz, da schwätzt keen mit dir! *(laacht)* Awer d'Lëtzebuerger, déi sinn et halt gewunnt, tolerant ze sinn mit de Sproochen, well déi hunn ëmmer e Mix mat Sproochen gehat. Nee, vläicht missten déi méi selbstbewusst werden. Well, ja, well wann et ëmmer méi international gitt, dann ass et een, sou ze ginn, wéi all déi anner Leit, oder eben... Et ass eng anner Saach, ob dat eng offiziell Sprooch gitt. Ech fannen, d'Lëtzebuerger, déi kinnten dat probieren: Mir sinn hei zu Lëtzebuerg *(schléit mat der Fauscht op den Dësch)*, *(schléit nach eng Kéier mat der Fauscht op den Dësch)* mir schwätze Lëtzebuergesch *(laacht)*. #40:23#

An dësem Ausschnëtt benotzt den T49m genee datselwecht Argument wéi d'M43w am Beispill 21: D'Lëtzebuerger maachen den Effort, fir mat den Auslänner eng aner Sprooch wéi Lëtzebuergesch ze schwätzen, also sollen d'Auslänner aus Respekt virun de Lëtzebuerger och en Effort maachen a Lëtzebuergesch léieren. D'Sproocheléiere gëtt hei zu enger Form vu géigesäitegem Respekt stiliséiert. Fir béid Participanten ass et wichteg, datt d'Gespréichspartner sech weisen, datt si sech géigesäiteg respektéieren, andeems si deem aner entgéintginn. Si verloossen dofir dee Beräich, wou et fir si (sproochlech) am gemittlechsten ass. Ob ee sech dann effektiv op Lëtzebuergesch verstännege kann, gëtt quasi zweetrangeg. Méi wichteg ass hei op engem tëschemënschlechen Niveau dat gesellschaftlecht Verhalen an déi géigesäiteg Wäertschätzung: *Ech weisen dir, datt ech dech an deng sproochlech Identitéit respektéieren, andeems ech den Effort maachen, fir deng Sprooch ze léieren.* Dës quasi philosophesch Argumentatioun verweist op den Effort- a Sympathietopos, deen am Kapitel 5.2. analyséiert gëtt.

D'Informantin M43w geet an hirer Argumentatioun nach e Schrëtt méi wäit andeems si seet, datt Lëtzebuergesch léiere fir si leschten Enns onëmgänglech, eng Schëllegkeet war. Op d'Fro, wat fir eng Roll Lëtzebuergesch fir si spillt, äntwert si:

> *Beispill 23*
> **M43w:** #21:44# Fir mech ass dat net wichteg, awer dat war eng moralesch question och vis-à-vis vun d'Leit, déi ganz léif an gutt mat mir waren. De Land, ehm, ech fannen, datt ech, mir liewen hei ganz gutt, eng Land, déi ganz gutt organiséiert ass, an d'Lëtzebuerger sinn frëndlech mam Auslänner. Fir mech, dat war eng Retour fir d'Lëtzebuerger. #22:33#

Der Informantin hire Choix vum Vocabulaire "eng moralesch question" an "Retour" mécht däitlech, datt si Lëtzebuergesch léieren als Flicht vis-à-vis vun de Lëtzebuerger empfënnt. D'Iddi vun der Obligatioun ass hei allerdéngs net negativ konnotéiert. Fir d'Participante ass et vill méi e Geste vun Dankbarkeet. Si erkennt de politesche Stellewäert vun der Lëtzebuerger Sprooch a seet dem Lëtzebuerger Staat Merci fir den Accueil, andeems si d'Sprooch léiert.

5.2. Gebrauch a Präsenz vum Lëtzebuergeschen am Alldag

Nom Bléck op d'Motivatioun vun deenen auslännesche Befroten, gëllt et elo ze kucken, wou Lëtzebuergesch fir dës Persounen am Alldag präsent ass an a wat fir Kommunikatiounssituatioune si Lëtzebuergesch gebrauchen. Dëst Kapitel ënnerdeelt sech an zwou grouss Partien. Den Abschnitt 5.2.1. beschäftegt sech mat den Informanten hirem Gebrauch vum Lëtzebuergeschen als Schrëftsprooch. Vu datt sech aus den Interviewen erginn huet, datt Lëtzebuergesch schreiwe fir déi auslännesch Participantë keng Roll spillt, konzentréiert sech dëst Ënnerkapitel op d'Aussoe vun deene lëtzebuergesche Befroten. Am Abschnitt 5.2.2. geet et uschléissend ëm de Gebrauch vum Lëtzebuergeschen als geschwate Sprooch, a besonnesch ëm seng Präsenz a Funktioun a mëndleche Kommunikatiounssituatiounen tëscht Lëtzebuerger an Auslänner.

5.2.1. Schrëftlechkeet

Während fir déi auslännesch Befrote Lëtzebuergesch als Schrëftsprooch keng Roll spillt, ass et bei de Lëtzebuerger wichteg, d'Differenz tëscht schreiwen a schwätzen ze maachen. Et sief hei nach eng Kéier op d'Kapitel 3.1.3. verwisen, wou de Modell vu Mëndlechkeet a Schrëftlechkeet erkläert gouf.

D'Facteuren Dialogizitéit a Spontaneitéit spille beim Choix vun der Sprooch effektiv och fir d'Informante vun dëser Etude eng Roll. Déi dräi Persoune G61m, P59m a M44w ginn un, an de soziale Medien (Facebook, SMS, E-Mail) an éischter Linn Lëtzebuergesch ze benotzen. Anescht wéi erwaart entscheet awer net eleng den informelle Charakter vun engem Kommunikatiounskontext iwwer

d'Benotze vum Lëtzebuergeschen als Schrëftsprooch. Den Adressatentopos mat der Dichotomie informell vs. formell huet bei den Informante verschidden Ausprägungen a relativéiert d'Argument vum Lëtzebuergeschen als éischte Choix an der Kommunikatioun tëscht Lëtzebuerger. Op där enger Säit steet de P58m, deen zwar duerchaus Lëtzebuergesch an de soziale Medie benotzt, mee deen awer ugëtt, sech op Franséisch, an net op Lëtzebuergesch, un eng Verwaltung ze riichten, well dat seng „schnell Sprooch" ass. Den Ausdrock „schnell Sprooch" huet eng sproochbiographesch Dimensioun, well fir de P58m e Beruffsliewe laang Franséisch, nieft dem Engleschen, d'Aarbechtssprooch war an an deem Sënn fir bestëmmte Formuléierungen eng Gewunnecht war. Implizit seet de P58m domat, datt Lëtzebuergesch seng „lues Sprooch" ass, wat bedeit, datt hie Lëtzebuergesch als Verwaltungssprooch als méi ëmständlech oder ustrengend empfënnt. Eng méiglech Erklärung dofir ass, datt him d'Formulatiounen op Lëtzebuergesch vläicht net esou geleefeg sinn oder datt hien d'Lëtzebuerger Orthographie ni richteg geléiert huet. Doduerch ass hien onsécher a brauch méi Zäit bei der Redaktioun. An dësem Sënn ass hie méi "lues"; op Lëtzebuergesch schreiwen ass fir hie méi zäitopwänneg.

Op där anerer Säit stinn d'M44w an de G61m, deenen hir Aussoen eng éischter sproochideologesch Dimensioun unhuelen. Fir si ass Lëtzebuergesch ëmmer ganz bewosst deen éischte Choix, egal u wie si sech wennen; dee formelle Charakter ass fir si prinzipiell keen ausschléissende Facteur.

> *Bespill 24*
> **I:** #18:54# Schreifs de Lëtzebuergesch?
> **G61m:** Ech gi mer Méi.
> **I:** Wa jo: A wat fir Kontexter?
> **G61m:** An all Kontext. All Demande, all Verwaltungsdemande. SMSen. Meng SMSen, also mat mengem Bekanntekrees, sinn op Lëtzebuergesch. Offiziell Demanden. Wéi ech mech ageschriwwen hunn zum Beispill do am INL. [...] Ech hunn op Lëtzebuergesch geschriwwen, ech hu systematesch op Franséisch geäntwert kritt. Ech hu souguer eemol zréckgeäntwert, wou ech mech opgereegt hunn, datt et e bësse chaotesch wär. [...] Ech géif mer och Froe stellen, wisou, wann ech op Lëtzebuergesch schreiwen, ech op Franséisch geäntwert kréien. An dat an engem Sproocheninstitut. #20:30#

Fir de G61m ass Lëtzebuergesch net op privat an inoffiziell Kommunikatiounssituatioune mat Bekannte limitéiert, mee hien entscheet sech ganz bewosst fir Lëtzebuergesch als Bréifsprooch an offizielle Kontexter. Säi Beispill vum INL ass an där Hisiicht interessant, well den Informant vun engem Sproocheninstitut eng méi flexibel Sproochepolitik an der Kommunikatioun no bausse verlaangt. De G61m berifft sech hei op den Artikel 3 aus dem Sproochegesetz vun 1984, an deem Lëtzebuergesch nieft Däitsch a Franséisch als administrativ Sprooch steet, souwéi op den Artikel 4, dee festhält, datt eng Verwaltung, sou wäit méiglech, op all administrativ Requête an där Sprooch äntwere muss, an där se verfaasst ass.[42] Dëst Bewosstsinn ëm d'Sproochegesetz an déi ganz bewosst Uwennung vu senge Modalitéite subsuméieren ech hei ënnert dem Offizialitéitstopos, dee sech folgendermoossen

[42] http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/1984/02/24/n1/jo

zesummefaasse léisst: *Ech verfaasse mäin offizielle Schrëftverkéier bewosst op Lëtzebuergesch, well Lëtzebuergesch eng vun deenen dräi administrative Sproochen ass.* Dëst Bewosstsinn fënnt sech och beim M44w:

> *Beispill 25*
> **M44w:** #17:10# Wann s de eng Demande iergendwou méchs – Lo, wann ech elo dem Direkter vum Lycée iergendwéi soll schreiwen, schreiwen ech op Lëtzebuergesch. Awer ganz bewosst, gell? Deemno wuer mer eng Demande maachen, also wou et méiglech ass, da geet se bei mir op Lëtzebuergesch. Och op der Gemeng. [...]
> **I:** Firwat ganz bewosst op Lëtzebuergesch?
> **M44w:** Ma well dat eng vun deen dräi Sproochen ass, déi jo offiziell, also wou een dierf. An, jo, et mécht mer Spaass. 't ass net, fir déi rosen ze maachen. Et kënnt mir am fléissendsten op Lëtzebuergesch. An, bon, si kënne jo äntwere wéi si wëllen, mengen ech, oder net? Oder mussen se op Lëtzebuergesch äntweren? Weess ech mol net. Dat hat mol eng Kéier ee gesot. 't ass mir och elo egal, wéi d'Äntwert kënnt. Ob dat elo Däitsch oder Franséisch ass, ass mir och egal.
> **I:** Kucks de do drop, u ween s de dech adresséiers an dann, a wéi enger Sprooch s de schreifs?
> **M44w:** Nee, dat ass am Fong egal. Also de Minister krut och scho Lëtzebuergesch. 't war zwar déi Zäit d'Ministesch, wou ech hu misse schreiwen. Dat ass awer... Also 't ass elo net, well do een extra héichgestallt ass, oder wat och ëmmer, datt ech elo géing soen, ok, da gëtt et op Franséisch oder sou. #20:10#

D'M44w ënnersträicht, datt déi sozial Positioun vum Adressat keng Roll bei hirem Choix vun der Sprooch spillt. Si berifft sech op hiert Recht, Lëtzebuergesch ze benotzen (vgl. de Gebrauch vum Modalverb *dierfen*: „wou een dierf"). Interessant ass d'Ausso: „'t ass net, fir déi rosen ze maachen" an déi domat verbonne Virstellung, datt Leit kënnen eng negativ Astellung zum Lëtzebuergeschen als Schrëftsprooch hunn. Implizit seet d'Informantin domat och, datt vill Leit et net gewinnt sinn, Lëtzebuergesch ze liesen. Et ass wichteg ervirzehiewen, datt et der Informantin beim Choix vun der Schrëftsprooch net ëm de Facteur Kompetenz geet. D'M44w seet ganz kloer, datt et hir an deem Sënn egal ass, a wat fir enger Sprooch si vun enger Verwaltung ugeschriwwe gëtt, dass si keng Schwieregkeete mat Däitsch oder Franséisch huet. Fir si ass et méi e bewosste Choix, fir dozou bäizedroen, datt Lëtzebuergesch seng Funktioun als Schrëftsprooch fënnt a behaapte kann.

Op d'Fro, wisou de G61m Lëtzebuergesch schreift, äntwert hien:

> *Beispill 26*
> **G61m:** #23:50# Ma well mer zu Lëtzebuerg liewen a well zu Lëtzebuerg d'Sprooch vun de Lëtzebuerger Lëtzebuergesch soll sinn. Sollt sinn. #23:59#

Dëst ass quasi en Zitat vum Gesetzestext, an deem steet: „La langue nationale des Luxembourgeois est le luxembourgeois."[43] Während am Gesetzestext d'Verb *sinn* steet an eng Tatsaach ënnersträicht, ass hei de Gebrauch vum Modalverb *sollen* bemierkenswäert. De G61m stellt domat eng Fuerderung op an dréckt aus, datt dat a senger Erfahrungswelt scheinbar net ëmmer de Fall ass an hien d'Präsenz vum Lëtzebuergesche vermësst. D'Selbstkorrektur „sollt sinn" mat Betounung um Conditionnel vu *sollen*

[43] http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/1984/02/24/n1/jo

ënnersträicht dem G61m seng Fuerderung, datt hie sech e selbstverständleche Gebrauch vum Lëtzebuergesche wënscht. Dem Informant säin Argument ass den Territoire vun engem Staat, deen de Gebrauch vun enger Sprooch legitiméiert.[44]

5.2.2. Mëndlechkeet

5.2.2.a. Kontakt

Am Recensement vun 2011 hu 95,5% vun de Lëtzebuerger vu Gebuert uginn, datt Lëtzebuergesch hir Haaptsprooch ass (cf. Fehlen/Heinz 2016: 39). Dëst trëfft och op d'Informante P58m, M44w a G61m zou, déi allen dräi soen, datt Lëtzebuergesch déi Sprooch ass, déi si doheem mat der Famill, mat Frënn a Bekannte schwätzen.

> *Beispill 27*
> **I:** #05:06# Wou benotz de Lëtzebuergesch an dengem Alldag?
> **M44w:** Iwwerall. #05:12#

Fir si ass Lëtzebuergesch an éischter Linn déi Sprooch, déi d'Lëtzebuerger ënnertenee schwätzen, wat de G61m folgendermoossen ausdréckt: „Meng Bekannte *si* Lëtzebuerger, iwwerwigend Lëtzebuerger." (#18:20#) Implizit seet hien domat, datt d'Sprooch un d'Nationalitéit gekoppelt ass:[45] *Si* si *Lëtzebuerger, also schwätze mir Lëtzebuergesch mateneen.* Fir d'Participanten ass et och eng Selbstverständlechkeet, datt Lëtzebuergesch fir si déi Sprooch ass, an där si sech am wuelste fillen. De P58m schwätzt vu „Wuerzelsprooch", d'M44w seet explizit „et kënnt mir am fléissendsten op Lëtzebuergesch".

D'Äntwerten op d'Fro, wou si Lëtzebuergesch an hirem Alldag benotzen, fale bei deenen auslännesche Participanten dodergéint ganz anescht aus. Eng vun de Gemeinsamkeete vun deenen dräi Informante V51w, T49m an M43w ass, datt si an hirem Alldag wéineg Méiglechkeeten hunn, Lëtzebuergesch ze benotzen. D'Fro ass deemno manner, *wou* si d'Geleeënheet hunn, Lëtzebuergesch ze schwätzen, mee éischter, *ob* si iwwerhaapt Geleeënheeten hunn. Fir den T49m sinn de Kontakt zu engem Lëtzebuerger Frënd, souwéi säin Engagement an engem Lëtzebuerger Vëlosclub déi eenzeg Situatiounen, an deenen hie Lëtzebuergesch schwätzt. An deem folgenden Extrait beschreift d'Informantin V51w hir Strategie, fir Situatiounen ze begéinen, an deene si Lëtzebuergesch schwätze kann.

> *Beispill 28*
> **I:** #07:11# Wou benotz du Lëtzebuergesch am Alldag?
> **V51w:** Eieieieiei, alors... Ech probéieren ze schwätzen, wann ech op de Maart ginn, awer dat ass limitéiert: Ech hu gär Poretten, ech hu gär ... eh... carottes, Merci, wann-ech-glift, wéi vill kascht dat? Bon, dat ass limitéiert. An déi Persounen, déi um Maart schaffen, hunn net ëmmer

[44] Den Territoiretopos gouf am Kapitel 5.1.1. am Detail behandelt.
[45] Fir eng diskursanalytesch Ausernanersetzung mam Thema Nationalitéit a Sprooch cf. d'Dokteraarbecht vum Joanna Kremer (2017).

> Zäit a Loscht, mat mir ze schwätzen. Ok, ça, bon, ça va. Ech wielen och hei zu Lëtzebuerg Buttiken, wou ech weess, datt Persoune Lëtzebuergesch schwätzen. Sou ech gi bei Alinéa, fir Bicher ze kafen, ginn ech an Alinéa, da ginn ech an Ernster, Hertz. [...] Da probéieren ech mat dëse Leit ze schwätzen a si hunn dat gär. Wa keen anere Clienten do sinn, da schwätze mir e bëssen. Ech hunn och Lëtzebuerger Frënn, mee et ass méi schwéier, mat hinnen ze schwätzen, well si ze séier schwätzen. An de Problem: ech hunn net genuch Vocabulaire. Da kënne mir 20 Minutte schwätzen, awer duerno si mir midd. An da schwätze mir Franséisch. #09:46#

Si sicht geziilt de Kontakt zur Lëtzebuerger Sprooch, andeems si bewosst a Butteker geet, vun deene si weess, datt d'Verkeefer/inne Lëtzebuergesch schwätzen. Och d'M43w bedauert déi wéineg Geleeënheeten, bei deene si hir Lëtzebuergeschkenntnesser uwenne kann, an erzielt vun engem ähnleche Verhalen, fir bewosst de Kontakt zur Sprooch ze sichen.

> *Beispill 29*
> **I:** #07:13# Wou hutt Dir da Kontakt mam Lëtzebuergeschen?
> **M43w:** Net vill. Leider net vill. Ech hunn eng Nopesch, eng eeler Fra, déi Lëtzebuergerin ass, a mir schwätze Lëtzebuergesch heinansdo. An eh... jo ... An der Apdikt oder op der Bank heinansdo. Op der Post. Awer ech hu keng Lëtzebuerger Frënn.
> **I:** Dat heescht op der Aarbecht si keng -
> **M43w:** Op der Aarbecht, nee, nee. Ech brauch nëmme Franséisch, Englesch, e bëssen Italienesch oder Griichesch. Meng Frënn sinn all Auslänner. Si schwätze kee Lëtzebuergesch. Mir schwätzen Englesch oder Franséisch. Oder Italienesch och.
> **I:** Wou hutt Dir dann d'Méiglechkeet, fir iwwerhaapt ze schwätzen?
> **M43w:** Keng Opportunitéit. An der Klass, mat dech.[46] Am Bus *(laacht)* mam Chauffeur, wann ech eppes froe muss oder sou. Net vill. Ech hunn net vill Opportunitéit. Ech kucken d'Tëlee. Ech liesen heinansdo Artikelen um Internet, um rtl.lu. Mat menger Nopesch. #08:47#

De Lëtzebuergeschcours zwee Mol d'Woch a vereenzelt Gespréicher op Administratiounen, souwéi de Kontakt zur Nopesch si fir d'M43w déi eenzeg Kommunikatiounssituatiounen, an deene si Lëtzebuergesch benotzt. Fir de Rescht trainéiert si hir rezeptiv Sproochkompetenze mat Hëllef vun den audiovisuelle Medien.

> *Beispill 30*
> **I:** #12:04# Wéi vill Zäit, géift Dir da soen, investéiert Dir an aktiivt Léieren?
> **M43w:** Ech kucken d'Tëlee net all Dag. Dräi oder véier Mol d'Woch kucken ech d'Tëlee, de Journal. An een oder zwee Mol d'Woch kucken ech um Internet RTL. An ech versichen, d'Hausaufgaben och ze maachen. Eng Stonn virun de Cours. Jo. Eng hallef Stonn, eng Stonn, dat hänkt dovun of. E bëssen och an de Weekend, wann ech Zäit hunn. Et ass net vill, net vill.
> **I:** Jo. 't ass alt schonn dee Kontakt.
> **M43w:** Jo. Ech versichen, de Kontakt mat der Sprooch e bëssen all Dag ze hunn. Entweder d'Tëlee oder RTL oder de Cours.
> **I:** Oder d'Nopesch.
> **M43w:** *(laacht)* Oder d'Nopesch. Jo. Déi eeler Fra. #13:32#

De Kontakttopos léisst sech zesummefaassend esou paraphraséieren: *Ech schwätzen a mengem Alldag ganz seele Lëtzebuergesch, well ech bal keng Geleeënheeten hunn, fir et ze schwätzen.*

[46] Zum Zäitpunkt vum Interview war d'M43w a mengem B1.2-Cours am INL ageschriwwen.

Eng Äntwert op d'Fro, wisou si net méi Lëtzebuergesch benotzen, ass, datt d'Informanten effektiv just mat Lëtzebuerger als eenzeg méiglech Gespréichspartner Lëtzebuergesch schwätzen. An d'Äntwert op d'Fro, wisou et net zu dësem Kontakt kënnt, läit am sougenannte Sproochcommunautéitentopos.

5.2.2.b. Sproochcommunautéiten

D'Informante V51w an T49m stelle fest, datt d'Lëtzebuerger Gesellschaft a Sproochcommunautéite funktionéiert, wat de Kontakt zum Lëtzebuergeschen erschwéiert resp. souguer verhënnert.

> *Beispill 31*
> **V51w: #**21:30**#** Un groupe de personnes n'a pas accès à d'autres. [...] Certaines personnes qui vont pas vers d'autres. Par exemple.. je sais pas... il y a quand même pas beaucoup de Français qui habitent ici, qui ont des connaissances, enfin des copains luxembourgeois, hein? Les Français restent avec les Français, les Anglais avec les Anglais. [...] Je pense que, en général, les gens, ils s'entourent de gens qui leur ressemblent. Mais c'est en général. [...] A la base, c'est des gens qui sont un peu comme toi. #23:55#

D'V51w nennt d'Sprooch hei als ausgrenzende Facteur. Déiselwecht Iwwerleeung huet den T49m:

> *Beispill 32*
> **T49m:** #14:45# Also ech kennen nëmmen d'Stad. Ech weess net, wat op den Dierfer passéiert. Mee d'Stad funktionéiert an Communautéiten, hei gëtt et déi englesch Leit, franséisch Leit, däitsch Leit oder portugisesch Leit. An da gëtt et och Iwwerschneidungen, kloer, mee am End schwätzt jiddereen mat seng Grupp. An d'Lëtzebuerger... ech kennen an d'Stad keen, oder beinoh keen, dee Lëtzebuerger kennt. Dat ass vläicht um Duerf e bëssen anners, mee hei an d'Stad, du gesäis keen Lëtzebuerger *(laacht)*, an esou gëtt et och keen Obligatioun, fir Lëtzebuergesch ze schwätzen. #15:43#

Vu datt d'Lëtzebuerger an deenen zwee Extraiten als eenzege Grond genannt ginn, wisou en Auslänner Lëtzebuergesch léieren a schwätze sollt, mécht d'Funktionéiere vun der Gesellschaft a Sprooch-communautéiten d'Lëtzebuergeschléieren obsolet („keen Obligatioun"). D'E61w dréckt sech méi negativ aus:

> *Beispill 33*
> **E61w:** #30:30# Bleiwe si an hirem Clan, dann hu si et net néideg, well da kënne si an hirer Sprooch schwätzen, bis si stierwen, souzesoen, ne? #30:38#

D'E61w schwätzt hei vun auslännesche Residenten, déi kee Lëtzebuergesch léieren, well si et duerch dee mangelnde Kontakt zu Lëtzebuerger net brauchen. Duerch de Gebrauch vum Pronomen *si* dréckt d'E61w aus, datt si sech vun dëse Persounen distanzéiert a sech selwer net dozou zielt. Den Ausdrock *Clan* dréckt eng hermetesch zoue Grupp aus a vermëttelt eng negativ Astellung zu der Haltung vun dëse Persounen. Och de Phraseologismus *et net néideg hunn* kann an deem Sënn als negativ Konnotatioun interpretéiert ginn, datt d'E61w ausdrécke wëll: *Si fille sech als eppes besseres an halen et net fir néideg, Lëtzebuergesch ze léieren.*

D'Gemeinsamkeet vun deenen zitéierten Interviewpassagë läit an der Opfaassung, datt ouni Kontakt zu Lëtzebuerger och de Kontakt zur Lëtzebuerger Sprooch schwéier ass. D'Informante V51w, T49m an M43w bedaueren dee mangelnde Kontakt tëscht de Gruppen, besonnesch zu der lëtzebuergesch-sproocheger Grupp, well dat eng Verbesserung vun hire Sproochkompetenzen am Lëtzebuergesche schwéier mécht resp. verhënnert. D'E61w relativéiert dës Astellungen duerch folgend Meenung:

> *Beispill 34*
> **E61w:** #36:49# Wann ech natierlech nëmme mat engem däitsche Grupp, mat engem däitsche Clan zesumme sinn, da schwätzen ech wahrscheinlech léiwer nëmmen Däitsch, dat ass kloer, dann hunn ech keen Intérêt drun, fir Lëtzebuergesch ze schwätzen. Awer ech fannen, dat bleift guer net aus, wann s du hei normal liefs, dat heescht, du gees akafen, du schwätz mat Noperen, du gees an e Club, du méchs vläit Musek, du gees an den INL, du gees an den Theater, du gees egal wouhinner, da begéins de dem Lëtzebuergeschen. Dat ass einfach esou. An ech fannen, du bass hei zu Lëtzebuerg an net am Frankräich, an net an Däitschland, an d'Sprooch vum Land ass Lëtzebuergesch. Fir mech. Et ass déi éischt Sprooch, fir mech. An net déi zweet oder drëtt. #37:46#

Fir d'E61w ass et eng Selbstverständlechkeet, datt „wann s du hei normal liefs, [...] da begéins de dem Lëtzebuergeschen." Dem E61w säi kausalen Zesummenhang steet am Géigesaz zu den Aussoe vun den Informanten, déi uginn, dem Lëtzebuergeschen net „einfach esou" ze begéinen, mee déi de Kontakt mat der Sprooch sichen an dofir Strategien uwenne mussen.

5.2.2.c. Sproochwiessel

D'Informante beschreiwen zwee typesch Verhalensmustere vun de Lëtzebuerger an enger Kommunikatiounssituatioun tëscht engem Auslänner an engem Lëtzebuerger. An deene folgenden Abschnitter ginn dës Szenarien als Sproochwiesseltopos an als Sympathietopos analyséiert, fir d'éischt aus der Perspektiv vun de Lëtzebuerger an uschléissend aus der Siicht vun den Auslänner.

Eng typesch Kommunikatiounssituatioun tëscht engem Lëtzebuerger an engem Auslänner ass, datt d'Gespréich op Lëtzebuergesch ufänkt, datt de Lëtzebuerger no enger Zäit automatesch an eng aner Sprooch wiesselt an d'Gespréich dann op Franséisch, Däitsch, Englesch etc. weidergefouert gëtt.
D'Grënn fir dëse Sproochwiessel sinn ënnerschiddlech. Aus der Siicht vun de Lëtzebuerger ass dëst e bewosste Geste ëmmer a Situatiounen, wou si mam Lëtzebuergesche mengen, u sproochlech Grenzen ze stoussen. Am folgende Beispill beschreift d'M44w, datt beim éischte Kontakt mat engem Onbekannten ëmmer d'Fro am Hannergrond steet, ob déi Persoun wuel Lëtzebuergesch schwätzt, an datt et dohier e sproochlecht Eruntaaschte gëtt.

> *Beispill 35*
> **I:** #05:06# Wou benotz de Lëtzebuergesch an dengem Alldag?
> **M44w:** Iwwerall.
> **I:** Iwwerall? Ginn et Plazen, wou s de et net schwätz?
> **M44w:** Jo, wann ech mierken, dass ee kee Lëtzebuergesch kann, gell, da kënnt Franséisch oder Englesch. Mee soss am Fong...

> **I:** Och als éischte Reflex, als éischt Sprooch?
> **M44w:** Jo. Also ech soe *Moien*. Ech soen net *Bonjour* d'office. Ech soe *Moien* an dann héiers de jo, wat zréckkënnt. #05:39#

D'Informantin entscheet sech bewosst dofir, eng onbekannt Persoun op Lëtzebuergesch unzeschwätzen a passt sech dann, jee no Reaktioun vum Gespréichspartner, un deem seng Sprooch un. Duerch d'Pronomen *de* an duerch d'Partikel *jo* am Sazdeel „an dann héiers de jo" beschreift si et des Weideren als eng normal, allgemeng bekannten an dacks erliefte Situatioun, datt een op eng Usprooch op Lëtzebuergesch net onbedéngt och op Lëtzebuergesch geäntwert kritt.

> *Beispill 36*
> **M44w:** #06:36# Ech soen, do hunn ech kee Problem, da schwätzen ech an där Sprooch eben, an där deen aner mech versteet an dann ass et awer gutt. 't ass elo net, dass ech do extra streng wier oder drop pochen, nee. Een, dee wëllt, ganz gär. Mee soss... Dann eben net.
> [...] Also mech stéiert et net, wann een eng aner Sprooch mat mer schwätzt, vu datt ech se verstinn. Also wann en elo natierlech Russesch mat mer schwätzt, hu mer e Problem. *(laacht)* Da geet et net. Mee soss ass awer... Also ech switchen do, dat ass guer kee Problem. #07:58#

D'M44w stellt den typeschen Szenario esou duer, datt den Ufank vum Sproochwiessel beim/bei der Gespréichspartner/in läit, well deen/déi eng aner Sprooch wéi Lëtzebuergesch schwätzt an d'M44w sech deem dann upasst. Hiert Argument läit am sougenannte Kompetenztopos, dee beseet: *Ech beherrschen aner Sprooche wéi just Lëtzebuergesch, also ass et u mir, fir eng aner Sprooch ze schwätzen.* An dësem Extrait gëtt dat am Sazdeel „vu datt ech se verstinn" gräifbar: D'Konjunktioun *vu datt* stellt de kausalen Zesummenhang tëscht der Informantin hirer Sproochkompetenz an hirem Handlungsmuster an esou enger Kommunikatiounssituatioun hier. Fir d'Spriecherin ass et manner wichteg, onbedéngt um Lëtzebuergesche festzehalen, wéi verstanen ze ginn an datt d'Kommunikatioun zustane komme kann: „da schwätzen ech an där Sprooch eben, an där deen aner mech versteet". Wat am Ufank duerch d'Partikel *eben*[47] nach e bësse resignativ kléngt an d'Bedeitung vun *Ech hätt léiwer Lëtzebuergesch geschwat, mee vu datt ech dann net verstane ginn, schwätzen ech eng aner Sprooch* matkléngt, relativéiert d'M44w kuerz drop a beschreift dës Praxis als „guer kee Problem".

Interessanterweis ass dat Argument, datt d'Lëtzebuerger aner Sprooche beherrschen an dat de Grond fir de Sproochwiessel ass, en Topos, deen och beim G61m explizit virkënnt:

> *Beispill 37*
> **G61m:** #25:10# 't geet jo net drëms, fir iergendeen ze quälen. Besonnesch wann e weess, datt ech déi dräi Sproochen eben beherrschen. Et geet jo net drëms, d'Leit ze veraarschen. #25:25#

De Spriecher widderhëlt zweemol, wourëms et an enger Gespréichssituatioun net geet („ze quälen", „ze veraarschen") an definéiert op déi Manéier ex negativo, datt an éischter Linn d'Kommunikatioun funktionéiere muss; d'Sprooch u sech trëtt dobäi an den Hannergrond. Dëst Argument koum beim

[47] D'Partikel *eben* kënnt an dësem Extrait zwee Mol kuerz hannerenee vir, wouduerch dee resignative Charakter verstäerkt gëtt.

M44w am Beispill 36 scho vir a gouf duerch d'Phraseologismen *net streng sinn* an *net drop pochen* verbaliséiert. Och hei ass dem Lëtzebuerger seng Friemsproochekompetenz de Grond, wisou et un him ass, an eng aner Sprooch ze wiesselen. Fir de G61m handelt et sech kloer ëm de Wiessel an d'Däitscht oder d'Franséischt (mat „déi dräi Sproochen" sinn déi dräi offiziell Sprooche vu Lëtzebuerg gemengt). Interessant ass an dësem Extrait awer och d'Opfaassung, datt d'(Net-)Beherrsche vun enger Sprooch weesentlech dozou bäidréit, ob eng Persoun sech an enger Kommunikatiounssituatioun wuelfillt oder net. Dës Astellung zum Wuelbefanne vum Gespréichspartner fënnt sech och beim P58m:

> *Beispill 38*
> **P58m:** #16:57# Wann ech elo drun denken, wou ech et net benotzen, ass ganz kloer am Service-Beräich, wi elo hei, fir e Kaffi ze bestellen. Et mierkt een, datt déi Leit, och wa se a Lëtzebuergeschcoursë waren, si sinn net à l'aise, si ginn ni à l'aise mat deem Lëtzebuergeschen. Mee ech hunn awer och kee Problem, dee Kaffi dann op Franséisch ze bestellen. #17:15#

De P58m benotzt de bestëmmten a betounten Artikel *déi* an „déi Leit", souwéi d'Pronomen *si* verallgemengerend, fir vum Personal am Service-Beräich ze schwätzen, an distanzéiert sech vu hinnen. Hie seet och net: „dee Kaffi dann *an enger anerer Sprooch* ze bestellen", mee: "dee Kaffi dann *op Franséisch* ze bestellen" a stellt domat ganz bewosst Franséisch dem Lëtzebuergesche géigeniwwer. Dëst ass e Beispill fir den Topos, wéi en am Laiendiskurs an der Gesellschaft existéiert, an deen explizit Franséisch (an net Däitsch, Portugisesch oder Englesch) a Konkurrenz zum Lëtzebuergesche stellt.[48]

A béiden Extraiten (Beispiller 37 an 38) zeechent sech of, datt d'Wuelbefanne vum Gespréichspartner an d'Oprechterhale vun der Kommunikatiounssituatioun iwwert de Choix vun der Sprooch decidéieren a kloer méi wichteg wéi dat forcéiert Festhalen um Lëtzebuergesche sinn (cf. Beispill 36: „extra streng", „drop pochen"). Déi lëtzebuergesch Informante vertrieden domat eng moderat Haltung, soen allerdéngs implizit och, datt de Gebrauch vum Lëtzebuergeschen e méi grousst Potential a sech dréit, eng desagreabel Gespréichssituatioun ze schafen, wéi dat bei Franséisch oder Däitsch de Fall ass. Obwuel eng mangelhaft Beherrschung vun egal wat fir enger Friemsprooch fir eng Persoun ëmmer zu enger onangenehmer Situatioun bäidroe kann, ass et am Diskurs vun dëse Befroten eleng d'Lëtzebuergescht, dat dëst bewierke kéint a gëtt dohier als Argument fir *Code-switching* benotzt. D'Fro ass, firwat dat grad beim Lëtzebuergeschen de Fall ass, respektiv, fir an de Wierder vum P58m ze schwätzen, wisou „si" net à l'aise ginn.
An deem folgenden Extrait erzielt d'M44w weider, wéi si a Situatioune reagéiert, an deene si héiert, datt hire Gespréichspartner Schwieregkeeten am Lëtzebuergeschen huet.

> *Beispill 39*
> **M44w:** #08:14# Mhm. Eeh... Dat ass vun der Situatioun ofhängeg, ob ech déi Persoun besser kennen oder net, gell? Also, jo, ech mengen, déi wou ech mierken, déi gi sech elo drun, well se wëlle Lëtzebuergesch léieren, wéi elo mäin Englänner oder sou. Entweder hëllefen ech, wann

[48] Dës Perceptioun vun engem Konkurrenzverhältnes tëscht de Sprooche gëtt am Kapitel 5.3.2. analyséiert.

> ech mierken, e kënnt net drop. Wann et awer elo friem Leit sinn, hunn ech éischter d'Tendenz, awer dann an hir Sprooch ze verfalen. Also do muss ech mer scho bewosst soen, ok, probéier lo mol hei nozelauschteren an erauszehéieren. An heiansdo froen ech och einfach: Hei, hutt Der léiwer, dass mer, ne? A wéi enger Sprooch mer viruschwätzen. #08:49#

Et ass interessant, datt d'Relatioun zum Gespréichspartner (bekannt vs. friem) iwwer de *Code-switching* entscheet. Fir d'M44w ass et wichteg, ze wëssen, ob hire Géigeniwwer Lëtzebuergesch léiert, a leet da Wäert drop, där Persoun ze hëllefen, andeems si bewosst net an eng aner Sprooch wiesselt, mee beim Lëtzebuergesche bleift an eventuell bei Vocabulaireslacunne weiderhëlleft. Wann d'Spriecherin hire Gespréichspartner net kennt, huet si éischter d'Tendenz, d'Sprooch ze wiesselen. Bemierkenswäert ass hei d'Verb *verfalen* („an hir Sprooch ze verfalen"), dat duerch de Präfix *ver-* eng negativ Konnotatioun huet. Dat heescht, datt hei implizit gesot gëtt: *Ech weess, datt et an der Gesellschaft d'Opfaassung gëtt, datt et besser wier, an esou enger Situatioun weider Lëtzebuergesch ze schwätzen, mee ech passe mech trotzdem sproochlech un, wann et fir mäi Gespréichspartner op Lëtzebuergesch ze schwéier ass*. E weidere Beweis dofir, datt de Choix vun der Sprooch en andauernden, bewossten Entscheedungsprozess fir de Lëtzebuerger ass, fënnt sech beim P58m. Och dëse Participant bericht, datt de Sproochwiessel bei him zu enger ganz bewosstener Handlung ginn ass:

> *Beispill 40*
> **P58m:** #34:55# Also 9 vun 10, wann d'Vendeuse beim Bäcker Franséisch schwätzt, äntwere mir jo op Franséisch. Dat nennen ech Entgéintkommen. Wobei mir heiansdo vläicht ebëssen ze vill entgéintkommen. Soubal mer héieren, datt deen aneren eppes anescht schwätzt, da probéiere mer, a senger Sprooch ze äntweren. Mee dat ass jo och net einfach.
> **I:** Wéi maacht Dir et dann?
> **P58m:** Also ech passe méi drop op a leschter Zäit, fir jo awer hinnen eng Chance ze ginn, fir op Lëtzebuergesch weiderzefueren. [...] Fir eben de Leit eng Chance ze ginn, Lëtzebuergesch ze léieren. #36:16#

Wann de P58m an enger Gespréichssituatioun d'Sprooch net wiesselt, mee beim Lëtzebuergesche bleift, dann ass dat net eng Decisioun, fir sech selwer d'Kommunikatioun z'erliichteren, mee et ass e bewosste Choix, fir dem Gespréichspartner ze hëllefen an him „eng Chance ze ginn", seng Sproochkompetenzen ze verbesseren. De P58m ass „a leschter Zäit" fir d'Situatioun vu Leit sensibiliséiert ginn, déi Lëtzebuergesch zwar gär léiere géifen, mee fir déi et schwéier ass, Fortschrëtter ze maachen, wa si am Alldag wéineg Méiglechkeete kréien, fir dat Geléiert unzewennen. Implizit ass dësen Extrait e Beweis dofir, datt d'Lëtzebuerger sech hirer Responsabilitéit vis-à-vis vun Apprenantë bewosst ginn an dofir net aus enger patriotesch-ideologesch iwwerlagerter Motivatioun eraus um Lëtzebuergesche festhalen, mee aus engem gewësse Verantwortungsbewosstsinn eraus handelen a kloer hëllefe wëllen. Datt de Sproochwiessel och mat der Absicht geschitt, ze hëllefen, dréckt de P58m duerch d'Verb „entgéintkommen" aus. Dëst Verb bedeit, datt de Spriecher bereet ass, sech vu senger Positioun ewechzebeweegen an op deen aneren duerzegoen, sech op deen aneren anzeloossen.

Duerch seng Wuertwiel weist den Informant, datt hien dëst sproochlecht Entgéintkommen als positiv empfënnt. Gläichzäiteg relativéiert hien dës Kommunikatiounspraxis duerch „Woubei mir heiansdo vläicht e bëssen ze vill entgéintkommen“. Dës Äusserung kéint an deem Sënn interpretéiert ginn, datt de P58m de Sproochwiessel als negativ Gewunnecht vun de Lëtzebuerger empfënnt, well dat net zu enger Förderung vun der Lëtzebuerger Sprooch als *Lingua franca* bäidréit.

Aus der Perspektiv vun den Auslänner kléngt d'Duerstellung vum Sproochwiessel allerdéngs anescht. Mir stellen hei zwou Siichtweise vun engem Phänomen fest: Während d'Lëtzebuerger den Szenario esou beschreiwen, datt hire Gespréichspartner eng aner Sprooch wéi Lëtzebuergesch schwätzt a si sech deem upassen, stellen déi auslännesch Befroten d'Situatioun ëmgedréint duer, nämlech datt d'Lëtzebuerger et sinn, déi zimlech direkt an eng aner Sprooch wiesselen a si selwer duerfir keng Chance kréien, sech op Lëtzebuergesch auszedrécken. An deem folgenden Extrait erzielt den T49m vu Situatiounen, an deenen hie Lëtzebuergesch schwätzt an op Däitsch geäntwert kritt.

> *Beispill 41*
> **T49m:** #23:42# Dat hunn ech dacks. Ech probéieren op Lëtzebuergesch mat Lëtzebuerger an dann äntwerten déi op Däitsch. *(laacht)* Déi héieren direkt, datt du kee Lëtzebuerger bass, an, ok, ech verstinn dat, mee do mach ech keen Progressioun. Mee dat is en Fro vun der Zäit. Well wenn du pressiert bass, Informatiounen z'echangieren, an du hues 5 Minutten Zäit fir dat, dann hues de keen Zäit ze waarden, bis deen aneren dat korrekt Wuert gefunnen hat. *(laacht)* Mee et ass net béis vun de Leit. Mee heiansdo mengen ech, ok, mir sinn elo net pressiert, firwat äntwerts de net op Lëtzebuergesch? Ee Grund ass sécher och, d'Lëtzebuerger sinn et gewunnt, direkt an d'Sprooch vum aneren ze wiesselen. A wann déi merken, ah, dat ass een vun Däitschland, da schwätze déi direkt Däitsch, ouni nozedenken, dat ass do drin. *(laacht)*
> **I:** Stéiert dat dech? Oder mécht et dech rosen? Oder wéi empfënns de dat?
> **T49m:** Schued. Rosen ass net richteg. Well en anner Reaktioun wär, datt en sech freut: „Ah, hie probiert et, a kritt seng Zäit, ah, ech hëllefen e bëssen.“ Mee wann en dann direkt changiert an d'Däitsch, dann denken ech dann och: Ah, dat ass nach net genuch. Net esou frëndlech. Mee dat mengt deen net béis, mengen ech, dat is do sou drin. *(laacht)* #26:01#

Den T49m bedauert („schued“, „net esou frëndlech“), datt et a Kommunikatiounssituatioune mat Lëtzebuerger dacks zu engem Wiessel vum Lëtzebuergeschen an eng aner Sprooch kënnt, wat hien (wéi och d'V51w) duerch e Mangel un Zäit a Gedold erkläert. Hien empfënnt dëse Sproochwiessel an deem Sënn negativ, datt keng Rücksicht dorop geholl gëtt, datt hien am Gaang ass, d'Sprooch ze léieren, an datt hien doduerch keng Méiglechkeet kritt, seng Sproochekenntnesser ze verbesseren. Och wann hien dëse *Code-switching* als eng Charakteristik vun de Lëtzebuerger bezeechent (cf. T49m: „dat is do sou drin“), hunn dës Kommunikatiounssituatiounen als Konsequenz, datt hien a sengem Léierprozess veronséchert a frustréiert gëtt: „Ah, dat [meng Sproochkenntnes] ass nach net genuch.“ Hien erkläert sech de Lëtzebuerger hir gängeg Praxis vum Sproochwiessel aus enger sprooch-historescher Siicht:[49]

[49] Cf. och d'E61w, dat seet, datt et dës Sproochesituatioun „schonn iwwer Joerzéngte“ gëtt.

Beispill 42
T49m: #39:30# Hei zu Lëtzebuerg sinn d'Leit et gewinnt, tolerant ze sinn mat de Sproochen, well déi hunn ëmmer e Mix mat Sproochen gehat. #39:39#

D'E61w schwätzt och den Aspekt vum Léierprozess a vun der Motivatioun fir d'Léieren un:

Beispill 43
I: #24:45# Hues du do sou Erfahrunge gemaach? Positiv oder negativ Erfahrungen, wann s de Lëtzebuergesch geschwat hues, oder och net geschwat hues?
E61w: Eh, ff, .. ech weess, am Ufank, wéi mer heihi geplënnert sinn, déi éischt Frënn, Bekannten, déi mer do haten, si hunn extrem Rücksicht geholl op mech a sinn ëmmer an d'Däitscht gaang. Dat ass nach eng ganz, ganz laang Zäit sou gewiescht. An ech hu souguer dann ëmmer misse soen: Hei, schwätz mat mir Lëtzebuergesch, well ech wëll et léieren, ech kann et nach net an ech traue mech och nach net, awer du solls mat mir Lëtzebuergesch schwätzen, soss léieren ech et ni. Dat hunn ech ganz oft gesot. #25:27#

An den Ae vum E61w hunn d'Lëtzebuerger „extrem Rücksicht geholl", wat bedeit, datt d'Informantin de Sproochwiessel als ganz bewosst Verhale vun de Lëtzebuerger empfonnt huet. Hire Choix vum Vocabulaire (*extrem* a *Rücksicht*) weist och, datt d'E61w dëst Verhalen esou interpretéiert, datt d'Zil vun de Lëtzebuerger beim Sproochwiessel war/ass, datt mangelnd Lëtzebuergeschkenntnesser kee Grond däerfe sinn, fir eng Persoun aus enger Gespréichssituatioun auszegrenzen. Mir fannen hei déi selwecht Argmentatioun erëm, wéi mer se och scho beim M44w festgestallt hunn. Der Befroten hiert Haaptargument, wisou si drop gehalen huet, datt d'Leit trotzdem Lëtzebuergesch mat hir schwätze soll(t)en, ass, wéi bei deenen aneren Informanten och, e ganz pragmatescht, nämlech datt si nëmmen doduerch Fortschrëtter an hirem Léierprozess maache kënnen an hir Motivatioun fir d'Léieren duerch positive Feedback an duerch d'Gelénge vun enger Kommunikatiounssituatioun (si gi verstanen a kréien op Lëtzebuergesch geäntwert) gesteigert gëtt. D'Argumenter, déi méi e symbolesche Charakter hunn (Lëtzebuergesch ass Nationalsprooch) oder souguer sproochpolitesch motivéiert sinn (bewosst Opwäertung vum Lëtzebuergeschen, de Gebrauch vum Lëtzebuergesche soll eng Selbstverständlechkeet sinn), kommen zwar och an den Informanten hirem Diskurs vir, mee si gi bezeechnenderweis net als éischt Argument genannt.

Och d'M43w seet, datt et am Ufank, wéi si Lëtzebuergesch geléiert huet, dacks virkoum, datt d'Leit Franséisch mat hir geschwat hunn. Si äussert sech negativ iwwert den heefege Sproochwiessel:

Beispill 44
I: #16:55# Wéi hutt Dir dat fonnt?
M43w: Schlecht. *(laacht)* Well ech maachen eng Effort, fir Lëtzebuergesch ze schwätzen an ech kréien d'Äntwort op Franséisch. Ech war, ehm, déçue. Voilà.
I: Enttäuscht.
M43w: Enttäuscht. Jo.
I: An et huet Iech awer net demotivéiert?
M43w: Net demotivéiert. Ech hunn op Franséisch dann ëmmer geschwat.
I: Passéiert dat elo och nach? Oder wéini ass dee Changement komm, datt d'Leit effektiv just Lëtzebuergesch mat Iech schwätzen?
M43w: Vläicht well ech schwätzen e bëssen besser. Oder ech maachen eng Effort, fir Lëtzebuergesch ze, ehm, wéi heescht dat: insister?

I: Insistéieren.
M43w: Insistéieren mam Lëtzebuergesch. Ech, ehm ... Op Franséisch: Je ne continue plus en français.
I: Ech fueren net méi op Franséisch weider.
M43w: Jo. Och wann si op Franséisch oder Englesch äntweren, ech kommen zréck mam Lëtzebuergeschen, nach eemol. Awer elo sinn ech e bëssen och méi sécher. Ech si méi zouverléisseg. Obwuel ech vill Feeler maachen. #18:56#

D'Sproochekenntnesser an de Kompetenzniveau sinn Argumenter, déi souwuel an den Aussoe vun de Lëtzebuerger wéi och vun den Net-Lëtzebuerger virkommen. Während déi Lëtzebuerger Informanten d'Thema Kompetenz an deem Sënn uschwätzen, datt hir eege Friemsproochekenntnesser[50] en Argument sinn, fir net um Lëtzebuergeschen z'insistéieren, sinn déi eege Lëtzebuergeschkompetenzen am Discours vun den Auslänner deen ausschlaggebende Facteur dofir, ob d'Lëtzebuerger d'Sprooch wiesselen oder net. Den T49m seet, datt de Sproochwiessel fir hien an éischter Linn de Message vermëttelt, datt hien net gutt genuch Lëtzebuergesch schwätzt. D'M43w stellt ëmgedréint fest, datt hire besseren Niveau am Lëtzebuergeschen dozou bäidréit, datt d'Leit manner d'Sprooch wiesselen. De Sproochwiessel huet deemno ëmmer en direkten Impakt op d'Motivatioun vun de Leit, déi d'Sprooch léieren, an dat ka souwuel positiv wéi och negativ sinn.

5.2.2.d. Effort, Respekt a Sympathie

Interessant am Extrait 44 ass des Weideren, datt d'M43w vun Effort schwätzt. Eng Friemsprooch léieren a schwätzen ass sécherlech ëmmer mat engem Effort verbonnen. An dësem Kontext kléngt awer eppes aneres mat: *Fir zu Lëtzebuerg ze liewen an ze schaffen, brauch een net onbedéngt Lëtzebuergesch ze kënnen. Ech maachen trotzdem den Effort, fir et ze léieren. Dofir schwätz och w.e.g. Lëtzebuergesch mat mir.* D'M43w ass och an där Hisiicht iwwer d'Praxis vum Sproochwiessel enttäuscht, well hir Gespréichspartner hir domat weisen, datt si keng Rücksicht op hiren Effort huelen an hir Méi net würdegen.

Mir fannen am Efforttopos eng Réckkoppelung un d'Thema Respekt (cf. 5.1.3.). Dëse Respekttopos funktionéiert an zwou Richtungen: Wéi am Kapitel 5.1.3. gewisen, steet en engersäits fir folgend Argument: *Ech léiere Lëtzebuergesch aus Respekt virum Land an de Lëtzebuerger.* Anerersäits bedeit en awer och: *Ech léieren aus Respekt, mee da verlaangen ech och vun de Lëtzebuerger, datt si mäin Effort respektéieren a mat mir Lëtzebuergesch, an net eng aner Sprooch schwätzen.* Dës Ausprägung vum Topos kënnt am folgenden Extrait zum Ausdrock, an deem d'M43w erzielt, wéi si et empfonnt huet, datt d'Leit Franséisch mat hir geschwat hunn, obwuel si hir(e) GespréichspartnerIn op Lëtzebuergesch ugeschwat huet:

Beispill 45
I: #16:55# Wéi hutt Dir dat fonnt?

[50] Gemengt sinn an éischter Linn gutt Sproochekenntnesser am Däitschen, Franséischen an Engleschen.

> **M43w:** Schlecht. *(laacht)* Well ech maachen eng Effort, fir Lëtzebuergesch ze schwätzen an ech kréien d'Äntwort op Franséisch. Ech war, ehm, déçue. Voilà. #17:04#

Den Aspekt vum Respekt fënnt sech och am Diskurs vun de Lëtzebuerger, allerdéngs ëmgedréint. Wéi unhand vun de Beispiller 36-40 gewise gouf, rechtfäerdege si hire Sproochwiessel zum Deel mam Argument vum Respekt a vun der Hëllefsbereetschaft. Dës Attitüd kéint folgendermoosse paraphraséiert ginn: *Am Gespréich mat engem Auslänner wiesselen ech aus Respekt viru senge mangelnde Lëtzebuergeschkompetenzen an eng aner Sprooch.*

Den Efforttopos kënnt souwuel bei de Lëtzebuerger Befrote wéi och bei den Net-Lëtzebuerger vir an hänkt enk mam Sympathietopos zesummen. Am éischte Grupp äussert en sech als Fuerderung vun de Lëtzebuerger un d'Auslänner, déi allerdéngs duerch ënnerschiddlech Argumenter relativéiert gëtt. Déi folgend Interviewauszich erläuteren dëst méi genee.

De G61m baséiert sech a senger Argumentatioun op dee gesetzleche Kader, deen d'Auslänner a bestëmmte Beruffsbranchen derzou verpflicht, Lëtzebuergesch ze léieren. Op d'Fro, ob et Situatioune ginn, an deenen hie sech bewosst fir Lëtzebuergesch entscheet, äntwert den Informant:

> *Beispill 46*
> **G61m:** #24:20# Jo, zum Beispill am Cactus. *(laacht)* , Nee, am Cactus, well ech weess, dass de Cactus eng relativ intelligent Sproochepolitik huet. Dat heescht, si bidden hire Leit Sproochecoursen un während der Déngen [Aarbechtszäit, *ergänzt vu mir, M.H.*]. Wann s de e bëssen insistéiers –, oder an de Spideeler. De Kollektivvertrag vun de Spideeler gesäit vir, dass se Lëtzebuergesch musse kënnen. Wann s de e bëssen insistéiers, da gi se sech Méi. An ech komplimentéieren d'Leit. Ech soen, dat ass jo immens flott. Da si se och frou. Ech fannen, dass een dat awer soll ënnerstëtzen. #24:54#

Den Ufank vum G61m senger Äntwert ass bezeechnend, well hien nom Wuert *Cactus* laacht an domat weist, datt et sech hei ëm e Paradebeispill handelt, genee esou wéi d'Kommunikatiounssituatioun beim Bäcker oder beim Dokter.[51] Dat onbetountent Pronomen *se* (vgl. „dass se Lëtzebuergesch musse kënnen", „da gi se sech Méi", „da si se och frou") gëtt hei verallgemengerend fir den anonyme Grupp vun Auslänner benotzt a vermëttelt doduerch implizit d'Géigeniwwerstellung vu *mir Lëtzebuerger* versus *si Auslänner*. Dem G61m seng Fuerderung ass, datt déi Leit, déi am Kader vun hirer Aarbecht Lëtzebuergesch léiere mussen, dëst och an hirem Beruffsalldag uwenne sollen. An dësem Fall insistéiert hien um Lëtzebuergeschen. Gläichzäiteg betount hien, datt hien deen Effort dann och würdegt a senge Gespréichspartner dat och seet. "Da si se frou" dréckt aus, datt dës Ënnerstëtzung d'Leit an hirem Léierprozess motivéiert a bestätegt. Praktesch genee deeselwechte Wuertlaut fënnt ee beim P58m:

> *Beispill 47*
> **P58m:** #17:15# Oder och am Cactus. De Mueren nach sot d'Caissière (...) Also si hat sech jo Méi ginn, mee et mierkt een.. Also et soll ee se luewen, se ënnerstëtzen, mee ech fannen dat

[51] Cf. https://purschke.info/brot-und-doktor-spiele-ueber-die-entstehung-von-topoi/

elo net essentiel. Also et ass elo net, well op eemol all Mënsch am Cactus Lëtzebuergesch schwätzt oder am Auchan, datt dofir elo eis national Identitéit soll gestäerkt ginn. #17:48#

Nieft deenen negativen Erfahrungen, déi déi auslännesch Informante mat hire Lëtzebuergeschversich gemaach hunn, hiewe si awer och besonnesch déi positiv Reaktioune vun de Lëtzebuerger ervir.

Besipill 48
E61w: #24:23# Ech mengen, d'Lëtzebuerger erwaarden et net, dass ee Lëtzebuergesch schwätzt, mee si appreciéieren dat immens, wann een et mécht. A si ënnerstëtzen och di Persoun, si bestäerken di Persoun doran. Menger Meenung no. #24:45#

Beispill 49
V51w: #20:38# J'ai plutôt entendu qu'ils sont déçus, en fait, qu'ils sont déçus. Mes copains par exemple, qu'ils sont déçus, en fait, comme s'ils avaient accepté le fait que de toutes façons en gros les gens qui sont arrivés ici ils n'ont pas envie d'apprendre le luxembourgeois, et qu'ils sont tellement contents quand il y a quelqu'un qui parle. C'est-à-dire qu'ils ont accepté que de toutes façons, leur langue, ça n'intéresse personne et que, quand il y a quelqu'un qui s'y intéresse, ils sont, mais, super contents. #21:17#

Beispill 50
T49m: #26:41# Dat ass a Gruppen, oder Leit, déi wëssen, du wëlls Lëtzebuergesch léieren. Da vesichen déi, dech ze ënnerstëtzen. [...] Ech weess, datt an deem Moment wou d'Lëtzebuerger héieren, datt ee probéiert, da sinn déi schon immens glécklech. Ech hat nach ni d'Situatioun, datt ee mer sot: Du méchs keng Fortschrëtter oder du léiers net. Déi honnoréieren dat normalerweis. Dat ass eigentlech eng positiv Reaktioun. #26:56#

Beispill 51
I: #13:30# Wéi reagéiert dann Är Nopesch, wann Dir mat hir Lëtzebuergesch schwätzt?
M43w: Si war iwwerrascht, ech mengen. „Ah? Dir schwätzt Lëtzebuergesch?" Jo, si war iwwerrascht. Eh... Si ass frou, ech mengen. Am Ufank, dat war och e bëssen e Stress, si huet ëmmer op Italienesch geäntwert. Oder op Franséisch. Si wësst haut, si muss onbedingt op Lëtzebuergesch äntweren. An si ass frou.
I: Dat heescht, Dir hutt si gefrot, datt si Iech op Lëtzebuergesch äntwert?
M43w: Jo, jo.
I: A si respektéiert dat?
M43w: Si respektéiert dat, jo, jo.
I: Dir sot, Dir mengt, si ass frou doriwwer. Firwat? (...) Wat ass vläicht eng Erklärung? An Ären Aen?
M43w: Vläicht si gesinn, datt vill Auslänner net Lëtzebuergesch schwätzen. A si ass frou, datt eng Fra aus Griicheland Lëtzebuergesch léiert a schwätze wëll. Jo, dat ass eng Pleséier fir d'Fra. #15:20#

D'M43w stellt d'Friemsproochen dem Lëtzebuergesche géigeniwwer, andeems si erzielt, datt déi ufänglech Ëmgangssproochen Italienesch a Franséisch waren, wat fir déi eeler Damm „e bëssen e Stress" war. De Gebrauch vum Lëtzebuergeschen ass dogéint ganz positiv konnotéiert: D'M43w schätzt, datt d'Fra „iwwerrascht" war, „frou" ass an datt dat e „Pleséier" ass, datt si sech elo mam M43w op Lëtzebuergesch verstännege kann. Interessant ass des Weideren och den Discours, deen duerch de Perspektivewiessel an de Virdergronn trëtt: Op d'Fro, wisou d'Fra „frou" soll sinn, stellt

d'M43w déi „vill Auslänner", déi kee Lëtzebuergesch schwätzen, sech selwer, der „Fra aus Griicheland" géigeniwwer a versetzt sech an d'Situatioun vun der Nopesch, déi sech iwwer den Effort vun dëser Eenzelpersoun freet. D'M43w schéngt der Meenung ze sinn, datt d'Lëtzebuergeschléieren eppes Besonnesches ass, dat nach laang net all Auslänner mécht, a wat och vun de Lëtzebuerger scheinbar net als selbstverständlech empfonnt gëtt.

An där multilingualer Lëtzebuerger Gesellschaft, an där d'Lëtzebuergescht fir auslännesch Residenten ouni Kontakter zu Lëtzebuerger an alldeegleche Kommunikatiounssituatioune keng gréisser Roll ze spille schéngt, a wou d'Lëtzebuerger sech der Sprooch vun hirem Gespréichspartner upassen, ass et weder d'Norm nach eng Selbstverständlechkeet, datt Auslänner Lëtzebuergesch léieren a schwätzen. Et ass allerdéngs e Paradox, datt d'Auslänner de Kontakt siche mussen, während d'Lëtzebuerger an all Situatioun versichen, ob si Lëtzebuergesch schwätze kënnen oder net. Et kritt een den Androck, datt d'Lëtzebuerger Sprooch an der Lëtzebuerger Gesellschaft weder eng Noutwennegkeet nach eng Selbstverständlechkeet ass. An eigentlech si vill Leit, souwuel Lëtzebuerger wéi Net-Lëtzebuerger, onzefridde mat där Situatioun.

5.3. Zukunft

An dësem Kapitel geet et ëm d'Zukunftsvisioune fir d'Lëtzebuerger Sprooch. D'Informanten analyséieren deen aktuelle Stellewäert an d'Funktioun vum Lëtzebuergeschen a sengem méisproochegen Ëmfeld a formuléieren op där Basis Wënsch a Fuerderungen, wat fir Moossnamen zu enger Förderung vun der Lëtzebuerger Sprooch bäidroe kéinten.

5.3.1. Konkurrenz zu anere Sproochen a Kulturen

D'Koppelung vu Sprooch an Identitéit, sou wéi d'"Angst vor Überfremdung", zwee Prozesser, déi d'Sproochendebatt bestëmmen (cf. d'Kapitel 3.2.). Dat folgend Ënnerkapitel weist, wéi d'Aussoen an d'Argumenter vun de Participanten dës Prozesser erëmspigelen.

5.3.1.a. D'Méisproochegkeet als Nodeel

Am Interview sollten d'Participantë Stellung bezéien zu der Ausso: *Ouni Englesch, Däitsch oder Franséisch kann een net zu Lëtzebuerg iwwerliewen, ouni Lëtzebuergesch schonn.* D'Informantin E61w ass mat dëser Behaaptung averstanen a setzt se an e sproochpolitesche Kontext:

> *Beispill 52*
> **E61w:** #40:32# Géif ech 100% ënnerschreiwen. Dat gesinn ech och esou. An ech mengen, dat mécht et fir vill Auslänner jo och interessant, fir heihinner ze kommen, well probéiert gëtt,

> hinnen et sou einfach wéi méiglech ze maachen. Souguer behaapten ech, mat Englesch kann een hei och iwwerliewen. [...] Dat heescht nach laang net, dass dat gutt a richteg ass. Ech fannen dat eigentlech - , gutt, et ass modern, soe mer mol sou: Et ass modern. Well Englesch ass souwisou modern. #41:36#

D'E61w ass der Meenung, datt et net nëmme vun der gesellschaftlecher Sproochpraxis ofhänkt, datt een zu Lëtzebuerg och ouni Lëtzebuergeschkenntnesser liewe kann, mee si behaapt, datt e politeschen an ekonomesche Wëllen (vgl. "well probéiert gëtt, hinnen et sou einfach wéi méiglech ze maachen") derhannert steet. D'Informantin brécht hiren ugefaangene Saz "Ech fannen dat eigentlech" of, soudatt si schlussendlech net explizit seet, wat si vun dëser Sproochepolitik hält a wat dat, hirer Meenung no, fir Konsequenze fir de Status vum Lëtzebuergeschen huet. De Saz "gutt, et [Englesch] ass modern, soe mer mol sou" liest sech an dësem Kontext als diplomatesch Tournure, déi d'Spriecherin benotzt, fir hir eigentlech negativ Meenung duerch e positivt Attribut ze verdecken. Rifft een sech nämlech hir allgemeng kritesch Astellung an hir relativ radikal Fuerderungen[52] an Erënnerung, da kann een interpretéieren, datt si selwer et net "gutt a richteg" fënnt, datt d'Lëtzebuerger Sprooch méi de Status vun engem Atout wéi vun enger Noutwendegkeet huet.

Interessant ass an dësem Beispill awer och, datt d'E61w der Meenung ass, datt d'Lëtzebuerger schlussendlech selwer "Schold" dru sinn, datt Lëtzebuergesch net méi präsent ass. Am Zesummenhang mat der Diskussioun iwwer déi zweesproocheg Stroosseschëlter seet d'Participante:

> *Beispill 53*
> **E61w:** #01:03:43# Ech fannen, dat ass jo scho rëm ze vill Rücksicht geholl. Ech fannen, si sollten einfach iwwerall de Lëtzebuerger Numm hinner setzen. A fäerdeg ass et. Bei den Stroosseschëlter. Dat anert verwirrt dach nëmmen. #01:03:59#

Der Spriecherin no läit de Feeler doranner, datt d'Lëtzebuerger sech den net-lëtzebuergeschsproochege Persounen ze vill upassen. Nieft dëser sproochpolitescher Dimensioun gëtt déi gängeg Praxis vum Sproochwiessel vun de Lëtzebuerger als Ursaach genannt, wisou d'Lëtzebuerger Sprooch op laang Dauer u Vitalitéit verléiere kéint. Fir de P58m ass et en Zeeche vun "ze vill Entgéintkommen" (cf. Beispill 40) vusäite vun de Lëtzebuerger. D'M43w an den T49m drécke sech an de folgende Beispiller 54 a 55 méi negativ aus a schwätze vu "Problem" an "Nodeel".

> *Beispill 54*
> **M43w:** #01:15-*bis*# Vläicht maachen d'Lëtzebuerger net vill Publicitéit vun hirer Sprooch. Jo, ech weess net. Datt d'lëtzebuergesch Sprooch existéiert an dat ass de éischte Sprooch am Land. An duerno komme Franséisch, Däitsch an esou weider. Well vläicht si maachen ëmmer d'Effort eng anere Sprooch ze schwätzen. Dat ass de Problem, ech mengen. [...]
> Den Nodeel ass, d'Lëtzebuerger sinn immens flexibel mat Sproochen. Dat ass en Nodeel. A Griichenland d'Leit sinn net esou flexibel. Si schwätze Griichesch an Punkt. Englisch och, jonk Leit, jo. Awer wann een an Griichenland wunnen a schaffen wëll, da muss een e bëssen Basis vun Griichesch hunn. #03:19-*bis*#

[52] Dëst ass an deene bis ewell zitéierten Ausschnëtter vun dëser Participante zum Ausdrock komm.

Och wann d'Participanten de Multilingualismus zu Lëtzebuerg am Allgemengen als Virdeel empfannen, bezeechent d'M43w de Lëtzebuerger hir Méisproochegkeet hei zwee Mol als *Nodeel* fir d'Lëtzebuergescht. D'Spriecherin vergläicht d'Situatioun mat hirem Heemechtsland Griichenland unhand vum Argument vum Territoire (cf. Territoiretopos: 5.1.1.).

D'Flexibilitéit (am Beispill 54) resp. d'Sproochgewunnechte vun de Lëtzebuerger (am Beispill 55) sinn Zeie vun engem gewësse Widdersproch. Engersäits soll d'Lëtzebuerger Sprooch gefërdert ginn, mee anerersäits sinn aner Sproochen, an éischter Linn Franséisch, méi präsent wéi Lëtzebuergesch.

> *Beispill 55*
> **I:** #41:18# Sinn d'Lëtzebuerger selwer paradox bei deem Ganzen?
> **T49m:** Paradox, villäicht. Di Saach ass: Di Lëtzebuerger sinn et gewunnt, och an d'Stad, net an hirer eigener Sprooch ze schwätzen, well, for example an der Administratioun. D'Lëtzebuerger sinn et gewunnt, an enger Fremdsprooch di Gesetzer ze schreiwen, all di Reegelen ze kommunizieren, di Publikatiounen ze maachen. Wann di Schwämm, z.B. op de Chrëstdeeg geschlossen ass, dann ass da di Publikatioun op Franséisch. Firwat net op Lëtzebuergesch? Et kënnt een och op Lëtzebuergesch schreiwen, a kleng och op Franséisch, ech weess et net. Mee dat ass normal, ëmmer op Franséisch ze schreiwen. Firwat? Et kënnt een z.B. am Biergercenter, firwat net all Saachen, déi do sinn, op Lëtzebuergesch schreiwen? An dann, wann een dat net versteet, ok, dat si villäicht vill Leit, da soen: mir hunn och en Iwwersetzung hei. Mee datt Lëtzebuergesch méi Standard gitt. Villäicht net fir di Saachen am Cour de la Justice, well de Lëtzebuerger Sprooch net esou vill Wierder hat. Mee fir di einfach Saachen op dem Niveau von den Communen, fir wierklech vill méi Lëtzebuergesch ze schwätzen, ze produzieren. Datt et fir di Leit, datt di et gesinn: Ah sou, Lëtzebuergesch ass normal hei. Ah sou. Ech weess, also ech hunn an deenen erschten 5 Joer oder 10 Joer hei hat ech ni en Obligatioun hei, Lëtzebuergesch ze schwätzen. Ni. E Reunioun op Däitsch, op Franséisch, ni op Lëtzebuergesch, is kloer. Jo, et muss ... An deem Moment, wenn du et léiere muss, dann léiers de et. An dann och villäicht immens séier, *(laacht)* ech weess et net.
> **I:** Op där aner Manéier ass Franséisch och eng offiziell Sprooch zu Lëtzebuerg.
> **T49m:** Jo, dat ass vläicht de Problem. *(laacht)* Well, jo, vläicht muss man e bëssen, boah, lues a lues, dat Franséischt e bëssen reklasséieren. #44:48#

Dëse längere Passage ass gewollt a senger ganzer Längt erëmginn, well en a verschiddener Hisiicht interessant ass. Eischtens schwätzt den T49m vun de Lëtzebuerger hirer Gewunnecht, a formellen an ëffentleche Kontexter eng aner Sprooch ewéi Lëtzebuergesch ze benotzen. Den Informant ver-allgemengert andeems en d'Adverb *ëmmer* gebraucht: "dat ass normal, ëmmer op Franséisch ze schreiwen", wat sécherlech och eng Iwwerdreiwung ass.

Zweetens ass et eendeiteg déi franséisch Sprooch, déi als groussen a souguer wahrscheinlech gréisste Konkurrent vum Lëtzebuergeschen ugesi gëtt. Anescht wéi d'E61w an d'M43w[53] nennt den T49m an dësem Ausschnëtt keng aner Sprooch(en). Interessanterweis ass et am Diskurs vun de Lëtzebuerger Participanten och an éischter Linn Franséisch, dat als Negativbeispill aus den Aussoen erausstécht an

[53] M43w: #44:58# Ech hoffen, datt Lëtzebuergesch ass de wichtegste Sprooch an der Schoul, de éischte Sprooch an der Schoul, fir Lëtzebuerger an Auslänner, fir all Kanner. An datt och méi Chance op Lëtzebuergesch ze schwätzen hunn, z.B. am Commerce, et gëtt ze vill Franséisch. An och an der Administratioun méi Dokumenter op Lëtzebuergesch ze fannen, dat wier besser. Dokumenter fir op Lëtzebuergesch ze ausfëllen, net op Däitsch oder nëmmen op Portugisesch oder Franséisch. Datt Lëtzebuergesch méi présent ass. #46:14#

dat als Bedrohung fir d'Lëtzebuerger Sprooch ugesi ka ginn.[54] Mam Verb *reklasséieren* dréckt den Informant T49m aus, datt eng Neiuerdnung vun den offizielle Sproochen zu Lëtzebuerg sënnvoll wier. Andeems een de Gebrauch vum Franséischen zrécksetze géif an dem Lëtzebuergesche virum Franséischen d'Prioritéit géif ginn, kéint een d'Lëtzebuerger Sprooch méi siichtbar an zougänglech maachen (cf. d'Ideologie vun der Hierarchie tëscht Sproochen, Kapitel 2.2.2.).

Drëttens nennt den T49m Beispiller vu Schrëftsprooch, déi him am ëffentleche Raum opgefall sinn, well Franséisch an net Lëtzebuergesch benotzt gouf. De Participant schwätzt vu Plakater a vu Stroosse-schëlter (cf. kuerz no der Minutt 45: "Wéi heescht "rue du curé" op Lëtzebuergesch?"), an hannerfreet kritesch déi gängeg Praxis, fir an dëse Kontexter Franséisch grouss an un éischt Stell ze schreiwen, a Lëtzebuergesch kleng, kursiv an ënnendrënner op déi zweet Plaz. Hie fuerdert hei eng méi grouss Visibilitéit vun der Lëtzebuerger Sprooch. Dës Iwwerleeunge falen an der Sproochwëssenschaft an de Beräich vun der sougenannter *Linguistic Landscape* an ginn och am ëffentleche Sproochendiskurs diskutéiert (cf. d'Kapitel 3.2.).

Véiertens ass et bemierkenswäert, datt den Informant dervun ausgeet, datt d'Lëtzebuerger Sprooch iwwert een ze klenge Vocabulaire verfüügt, fir datt si an allen Domainer benotzt kéint ginn. Den T49m setzt Franséisch a Lëtzebuergesch enaner géigeniwwer: Franséisch ass besser gëeegent fir komplizéiert Sachverhalter erëmzeginn, wéi beispillsweis Gesetzestexter, während Lëtzebuergesch d'Sprooch "fir di einfach Saachen" ass. Déi strukturlinguistesch Fro, ob d'Lëtzebuerger Sprooch iwwert genuch Moyene verfüügt, fir komplex Ëmstänn ze versproochlechen, gëtt hei net beäntwert. Ervirzehiewen ass allerdéngs, datt den Informant fuerdert, datt zumindest an "einfache Kontexter" d'Lëtzebuerger Sprooch duerchgängeg an ouni Ausnam ëmmer als éischt Sprooch benotzt soll ginn. Dës Astellung, datt d'Prioritéiten a Bezuch op de Sproochgebrauch anescht misste gesat ginn a Lëtzebuergesch ëmmer un éischter Stell stoe misst, ass eng Meenung, déi mir och bei anere Participanten héieren.[55] Den T49m präziséiert, datt Lëtzebuergesch déi éischt, awer net déi eenzeg Sprooch soll sinn. Eng Iwwersetzung an eng aner Sprooch soll ëmmer do a méiglech sinn, mee se soll net méi deen éischte Reflex sinn.

Fënneftens ass dem T49m seng Feststellung wichteg, datt et fir d'Auslänner keng Obligatioun gëtt, Lëtzebuergesch ze kënnen. Hie fuerdert dofir net nëmmen eng méi grouss Visibilitéit vum Lëtze-buergeschen (cf. Punkt 3 zu de Linguistic Landscapes), mee och, datt d'Präsenz an de Gebrauch vun der Lëtzebuerger Sprooch a méi Domainer vum ëffentleche Liewen eng Normalitéit a souguer eng Verpflichtung ginn. An den Ae vum T49m kann esou eng Sproochpraxis souguer d'Motivatioun, fir ze

[54] Cf. G61m: "déi schwätzen all nëmme Franséisch" (#03:30#); vgl. dem P58m seng Beispiller vun de francophone Serveuren (#16:57#), vun der franséischsproocheger Caissière am Cactus (#17:15#) a vun der francophoner Vendeuse beim Bäcker (#34:55#); a vgl. dem M44w säi Beispill vum Sproochgebrauch an de Butteker an am Fitnesszenter (ab #05:06#).

[55] Cf. 5.3.2. d'M43w an d'E61w iwwer Lëtzebuergesch an der Schoul.

léieren, steigeren: "An deem Moment, wenn du et léiere muss, dann léiers de et. An dann och villäicht immens séier."

An dësem Ënnerkapitel gouf gewisen, wéi d'Méisproochegkeet an de Lëtzebuerger hir Sproochwiesselpraxis als Nodeel fir d'Vitalitéit vum Lëtzebuergeschen duergestallt ginn. Konkret ginn un éischter Stell Franséisch, mee och Englesch an aner Sproochen a Konkurrenz zur Lëtzebuerger Sprooch gesat an zum Deel als Gefor fir d'Lëtzebuergescht konstruéiert. An deem nächsten Ënnerkapitel ginn Aussoen analyséiert, an deenen d'Auslänner kloer als Ursaach vum sproochlechen Desequiliber empfonnt ginn an zu Diskussioune vun Identitéitsverloscht féieren.

5.3.1.b. Angscht virun "Überfremdung"

Am viregte Kapitel gouf d'Konkurrenzsituatioun tëscht de Sproochen esou duergestallt, datt d'Lëtzebuerger selwer Schold un dëser Situatioun sinn. Interessanterweis deelen d'Lëtzebuerger an d'Auslänner dës Meenung. Dat folgend Beispill weist, datt deeselwechten Topos (*Lëtzebuergesch hëlt wéinst der Präsenz vun anere Sproochen of*) och benotzt gëtt, fir auszedrécken, datt d'Bedrohung vu baussen, d.h. duerch d'Auslänner, kënnt. Interessant ass, datt dës Aussoen net eleng vun deene lëtzebuergesche Participantë kommen.

> *Beispill 56*
> **M43w:** #24:34# Vläicht et gëtt méi an méi Auslänner, déi hei kommen. Dofir wëllen vläicht d'Lëtzebuerger de Sprooch méi fest, eh, plus maintenir. Dru festhalen, jo.
> **I:** Firwat?
> **M43w:** Firwat? Well d'Auslänner bréngen ëmmer Franséisch an Englisch hei. An et gëtt vläicht manner an manner Leit, déi Lëtzebuergesch schwätzen. Dofir ass wichteg fir d'Regierung an fir d'Lëtzebuerger, datt d'lëtzebuergesch Sprooch ganz, eng ganz wichtege Roll spillt. #25:53#

Esou wéi d'Informanten am viregte Kapitel nennt och d'M43w Franséisch an Englesch als déi Haaptkonkurrente fir d'Lëtzebuergescht. D'M43w schwätzt vun zwee Bléck, déi sech géigeniwwerstinn: D'Auslänner op där enger Säit a lëtzebuergeschsproocheg Leit op där anerer Säit. Och wann d'Participante net explizit vu "Bedrohung" oder "Gefor" schwätzt, entsteet duerch hire Choix vun der Konstruktioun "méi a méi" (Auslänner) versus "manner a manner" (Lëtzebuerger) eng bedrohlech Atmosphär; et entsteet effektiv den Androck, datt d'Auslänner eng Gefor fir d'Lëtzebuerger Sprooch duerstellen, well den Equiliber tëscht lëtzebuergeschsproochegen an net-lëtzebuergeschsproochege Persounen duerch déi sozioökonomesch Migratioun vun Auslänner net méi garantéiert ass. Et ass d'Virstellung vun engem Grupp vu frieme Persounen, dee bestänneg wiisst.

> *Beispill 57*
> **T49m:** #30:25# Ech kënnt mir virstellen, och an der Diskussioun haut, wéi vill Migranten elo hei sinn, datt et méi an méi elo en Konfrontatioun villäicht gitt. Och well et elo, du weess, di zwee Petitiounen an der Chamber. Dat war virun 5 Joer nach net e groussen Sujet. De Sujet war da, mee nach net e Sujet fir ze kämpfen. Dat war e Gefill, dat war: Oh, wat passiert hei zu

> Lëtzebuerg? Manner an manner Lëtzebuerger. Mee elo sinn et wierklech méi dann déi - , ass et schonn esou, datt méi dann déi Hälft - ? #31:23#

Den T49m vergläicht d'Situatioun vu "viru 5 Joer" mat der aktueller Situatioun a seet, datt hien elo eng gewësse Veronsécherung an der Lëtzebuerger Gesellschaft erlieft: "Vill" Migranten op där enger Säit a "manner a manner" Lëtzebuerger op där anerer Säit. Och hei gëtt deen Desequiliber ausgedréckt. Dem Spriecher säi Choix vun de Wierder "Konfrontatioun" a "kämpfen" erënnert un d'Wuertfeld vum Krich.

> *Beispill 58*
> **G61m:** #30:11# Wann ee sou ufänkt, Kompromësser ze man, och mat der Sprooch, dann, eh, ech mengen, da bass de op der verluerener Säit. Well leschten Enns verléiere mer alleguer. Ech widderhuelen dat, wat ech am Ufank sot: Mir liewen an engem Land, wat am Verglach zu anere Länner paradisesch Zoustänn huet, materiell, soziologesch an esou weider. Mir liewen am Fridden an nach eemol: mir hunn nach keng rietsextrem Beweegung hei. #30:40#

An dësem Extrait fënnt sech och déi Virstellung, datt et sech ëm e Kampf handelt, bei deem et just zwou Méiglechkeete ginn: entweder gewannen oder verléieren.[56] De G61m seet zwee Mol *verluer* resp. *verléieren* a vertrëtt domat eng negativ Astellung, wat d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Sprooch ugeet. Och an deenen nächsten zwee Beispiller dominéiert d'Wuertfeld vum Krich ("Fridden"), vum Kampf ("verléieren") a vun engem feindlechen Ëmfeld ("geféierlech").

> *Beispill 59*
> **G61m:** #03:20# Ech fannen et schued, datt Lëtzebuergesch verluer geet. Dass zum Beispill heibannen [*beim Oberweis*], also egal ween hei schafft, déi schwätzen all nëmme Franséisch. Wat jo och legitim ass. Mee 't ass a meng Aen e bëssen eng geféierlech Tendenz. [...]
> Ech ka verstoen, wann di al Lëtzebuerger, wann s de sou Bemierkungen héiers: Si mer hei nach doheem? Kënne mer hei nach - ? Dofir mengen ech, dass et wichteg ass, dass d'Lëtzebuergescht u sech erhale gëtt, wann s de gär de soziale Fridden hei behäls. An ech hätt gär de soziale Fridden hei. #04:30#

> *Beispill 60*
> **G61m:** #48:20# Ech fannen et e bësse schued, dass wierklech déi al Lëtzebuerger, dass déi e bëssen op der verluerener Säit sinn. [...] [*Beispill Franséisch an de Spideeler*] Ech mengen, 't ass berechtegt, d'Verlaange vu betraffene Leit ass, dass se an engem Environnement sinn, deen hirer Kultur, hirer Vergaangenheet entsprécht. Ech ka mer virstellen, dass se sech méi wuelfillen, wa se kënne Lëtzebuergesch schwätzen, wéi wa se Franséisch musse schwätzen. #49:14#

Dee Befrote benotzt den Indicatif présent ("geet verluer", "sinn op der verluerener Säit"), an net de Conditionnel oder d'Adverb *villäicht*, fir eng Ausso iwwer d'Zukunft ze maachen. Fir hien ass et deemno eng Gewëssheet, datt Lëtzebuergesch de Kampf géint aner Sproochen (Franséisch gëtt als geféierleche Feind duergestallt) a Kulture verléiere wäert. An den Aussoe vum G61m fanne sech effektiv Elementer

[56] Horner/Weber (2018: 208) schwätze vun "the game metaphor".

vun engem ethnolinguisteschen Diskurs, deen duerch d'Ideologie vun ee Staat - eng Natioun - eng Sprooch gekennzeechent ass, an dee säin Ursprong am 18. Joerhonnert huet:[57]

- d'Pronomen *hir* an "hir Kultur", "hir Vergaangenheet", déi d'Besëtzverhältnis verdäitlechen,
- d'Iddi, datt Sprooch, Kultur a Vergaangenheet matenee verbonne sinn,
- d'Iddi, datt d'Sprooch d'Wuelbefanne vu senge Spriecher conditionnéiert: "wuelfillen" (versus "betraffen", wat kléngt, wéi wann déi Persounen Affer wieren),
- d'Opfaassung, datt d'Sprooch ee vun de Grondpiliere vun der sozialer Kohäsioun ass.

De G61m fäert, datt de soziale Fridde gestéiert gëtt, wann dee friemen Afloss ze grouss gëtt:

> *Beispill 61*
> **I:** #52:55# An déi kosmopolit Gesellschaft, jo dann och eng méisproocheg Gesellschaft: Ass dat eng Beräicherung oder eng Belaaschtung?
> **G61m:** Eng Beräicherung.
> **I:** Ass et eng Gefor op laang Dauer?
> **G61m:** Jo. 't ass eng Gefor fir Lëtzebuerg. Also déi, ech soe lo mol: déi auslännesch Kultur, déi friem Kultur, wann déi net parallel zur lëtzebuergescher wiisst. Dat géing ech schued fannen. #53:19#

An dësem Beispill fënnt sech nees d'Bild vum Konkurrenzkampf tëscht de Sproochen, dat am viregte Kapitel analyséiert gouf, mee de G61m seet explizit, datt déi "auslännesch" a "friem" Kultur den Ursprong vun der Gefor ass.

D'Angscht an d'Skepsis virun deem Frieme kënnt och an den Aussoe vun anere Participantë vir.

> *Beispill 62*
> **P58m:** #14:44# Also ech hu gewësse Sympathie fir déi ganz Debatt do mat der Identitéit mam Lëtzebuergeschen. Quitte datt se lo rekuperéiert gëtt vu sou rietsextreme Mouvementer, déi dat dann e bësse verhonzen, di ganz Debatt. Mee also ech fannen et scho gutt, datt wa mir hei wëllen eis Eegestännegkeet behalen, datt mer di Sprooch behalen, well 't ass jo awer eis Identitéit, wéi ee sou schéi seet. [...] Ech fanne schonn, dat d'Sprooch en Deel ass vun enger nationaler Identitéit. #22:23#

De P58m charakteriséiert d'Sprooch als een zentrale Bestanddeel vun der nationaler Identitéit, versicht allerdéngs, sech vu "rietsextremen" Iddien (cf. "verhonzen") ze distanzéieren.[58] D'Wierder *gewëssen, do* ("gewësse Sympathie fir déi ganz Debatt do"), *e bëssen* ("e bësse verhonzen"), *di* ("di ganz Debatt"), *schonn* ("ech fannen et scho gutt") an *di* ("di Sprooch") kënnen als Distanzéierungstechniken interpretéiert ginn, duerch déi de P58m probéiert, sech méiglechst politesch korrekt auszedrécken. Et wierkt, wéi wann hie seng éierlech Meenung soe wéilt, ouni den Androck ze vermëttelen, datt hie mat rietsen Iddien averstanen ass.

[57] Cf. d'Kapitel 2, wou dem Johann Gottfried Herder seng Opfaassung vum Lien tëscht engem Vollek a "senger" Sprooch ënnersicht gëtt.

[58] A wat fir enger Mesure et sech effektiv ëm riets*extrem* Mouvementer handelt, kann op dëser Plaz net weider diskutéiert ginn. Et sief just drun erënnert, datt de Soziolinguist Purschke an de G61m explizit drop verweisen, datt Lëtzebuerg, am Verglach zu anere Länner, eben nach keng rietsextrem Beweegung huet. Genee dëst ass eent vun den Argumenter vun der Fuerschung, fir ze soen, datt et sech bei der Lëtzebuerger Sproochendebatt ëm e "Stellvertreterdiskurs" handelt (cf. 3.2.).

Interessant ass och säi Kausalzesummenhang: *Wa mir hei wëllen eis Eegestännegkeet behalen, da musse mir d'Sprooch behalen.* Eischtens benotzt de P58m d'Pronome *mir* an *eis* fir d'Iddi vun engem Kollektiv (gemengt ass d'Lëtzebuerger Gesellschaft) auszedrécken. Implizit grenzt hien sech domat vun aneren (*mir* versus *si*) of. D'Virstellung, datt *mir eis Sprooch an Identitéit* virun ze vill friemen Aflëss verteidege mussen, gëtt och duerch de Choix vum Wuert *behalen* (zwee Mol benotzt) däitlech. Andeems de Participant seet: *Mir wëllen eis Eegestännegkeet an eis Sprooch behalen*, seet hien implizt och: *Mir fäerten / Mir wëllen net, datt een eis se ewechhëlt.*

Zweetens hieft den Informant d'Sprooch op e politeschen Niveau andeems en se als Garant vun der "Eegestännegkeet" charakteriséiert. Den DUDEN nennt als Synonymmer vun *Eegestännegkeet* d'Begrëffer *Autonomie, Fräiheet, Selbstbestëmmung, Selbstännegkeet, Onofhängegkeet.* Am Kontext vun dësem Wuertfeld gëtt d'Sprooch deemno hei als politescht Instrument vun der sozialer Kohäsioun konstruéiert. D'Trias *Sprooch - Identitéit - Eegestännegkeet* erënnert un de politeschen Diskurs am Kader vun der Joerhonnertfeier 1939, an deem d'Lëtzebuerger Sprooch och instrumentaliséiert gouf, fir d'Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg um Virowend vum Zweete Weltkrich an den Expansiounsbestriewunge vun Nazi-Däitschland ze stäerken an ze garantéieren (cf. 3.1.1.).

Déi analyséiert Aspekter sinn effektiv Elementer vum Sproochbedrohungsdiskurs. Dem Participant no ass d'Vitalitéit vun der Sprooch d'Viraussetzung fir d'Iwwerliewe vun der Natioun. Méi spéit am Gespréich relativéiert hien dës Ängschten:

> *Beispill 63*
> **P58m:** #40:23# Nee. Dat bleift och hei sou en Idiom, deen hei an dëser Géigend praktizéiert gëtt vun deenen, déi hei ansässeg sinn. [...] Also ech mengen, 't bleift ëmmer eng langue véhiculaire. [...] Ech mengen, wat mer méi de *global village* ginn, wat de Planéit méi e klenge Planéit gëtt, wat och dee Besoin do ass, fir e lokalen Idiom, mat deem mir ons hei lokal identifizéieren, och wäert bleiwen. #42:30#

Dem P58m seng Argumentatioun erënnert un den Artikel *Let's make all happy* vum Ch. Purschke (2018), an deem déi global resp. déi lokal Orientéierung vun de Bierger den Hannergrond vun der Sproochendebatt bilt. Fir dësen Informant ass et och d'Oniwwersiichtlechkeet am "global village", déi d'Ursaach fir de Besoin no Bekanntem an no Identifikatiounspunkten, hei "e lokalen Idiom", ass. Interessant ass d'Bezeechnung *Idiom*. De P58m präziséiert net, wat hien ënnert *Idiom* versteet, a wisou hien net d'Wuert *Sprooch* benotzt. Den Zousaz "deen hei an dëser Géigend praktizéiert gëtt, vun deenen, déi hei ansässeg sinn" stellt Lëtzebuergesch als Elocutioun vun engem sozial oder regional ofgegrenzte Grupp duer.

Beim T49m kënnt dëst Bild vum Lëtzebuergeschen als "Inselsprooch" och vir. Op d'Ausso "Lëtzebuergesch ass mëttelfristeg dozou veruerteelt, ze verschwannen" reagéiert hie folgendermoossen:

Beispill 64
T49m: #50:59# Ech kinnt mir virstellen, wann di Lëtzebuerger näischt maachen, dann ass et manner an manner hei am Alldeeg. Oder et is am End nëmmen en Sprooch vun der Lëtzebuerger Elite. Well, eh, 't ass wéi, eh, ech weess net, wéi ech dat beschreiwen kann. Da sinn déi Lëtzebuerger méi an méi an hirem Grupp. Mee si kënnen och mat aner Leit schwätzen. Mee dat is de Sprooch vun der Elite. An déi andern, di dat net schwätze kënnen, di hunn do keen Zougank zou. #51:46#

Esou wéi de P58m am virleschte Beispill e Kausalzesummenhang opgestallt huet, sou nennt och den T49m déi méiglech Konsequenzen: "*wann* di Lëtzebuerger näischt maachen, *dann*...". Seng Entweder-oder-Situatioun liest sech als Warnung, déi zwee negativ Szenarie fir d'Zukunft moolt: *Wann et keng sproochpolitesch Moossname*[59] *ginn, dann ass Lëtzebuergesch entweder ëmmer manner präsent am Alldag, oder et gëtt op seng Funktioun als Elitesprooch reduzéiert.* Genee dës Virstellung vu Sprooch-communautéiten, zu deenen net all Mënsch Zougank huet, huet och d'V51w geäussert: "Un groupe de personnes n'a pas accès à d'autres." (Extrait 31). D'Negatioune "keen Zougank" (T49m) an "pas accès" (V51w) warne virum Risiko, datt d'Lëtzebuerger Sprooch zu engem ausschléissende Facteur ka ginn, wouduerch de sozialen Zesummenhalt a Gefor gerode kéint (cf. dozou och de Sprooch-communautéitentopos, 5.2.2.b.). Et ass interessant, datt de Sproochbedrohungsdiskurs hei aus enger anerer Perspektiv beliicht gëtt. Während de P58m vun "eiser" nationaler Identitéit a vum Lëtzebuergeschen als lokaler Identifikatiounsfigur geschwat huet, déi net verluer goen dierfen, ass dat zentraalt Element an den Aussoe vun den auslännesche Befroten T49m a V51w d'Angscht virum Ausgeschlosssinn, déi d'Diskussioun bestëmmt. Eng zoue Perceptioun vun der Lëtzebuerger Sprooch ("d'Lëtzebuergescht u sech erhale gëtt" (G61m, Beispill 59)) schéngt enger Siicht vu Lëtzebuergesch als Garant vun enger oppener Gesellschaft géigeniwwerzestoen.
Wat d'Informanten net ausschwätzen, mee wat bei der Notioun vun *Elitesprooch* awer och matspillt, ass de Fait, datt Lëtzebuergesch en Zougangsschlëssel zu bestëmmten Aarbechtsplazen ass.

5.3.2. Schoul

Déi interviewte Persoune si sech eens, datt et an der Hand vun der Politik läit, fir konkret Moossnamen ëmzesetzen, déi zu enger Opwäertung vun der Lëtzebuerger Sprooch bäidroen.

Beispill 65
I: #45:22# Wéi gesäis de dann d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Sprooch?
E61w: Ech mengen, dat hänkt ganz vill vun der Politik of. #45:30#

Beispill 66
T49m: #53:30# Ech mengen, dat ass eng politesch Entscheedung. #53:33#

[59] "Di Lëtzebuerger" ginn als déi politesch Akteuren interpretéiert, well den Informant kloer seet, datt et sech hei ëm eng politesch Entscheedung handelt.

Mat dat wichtegst Handlungsfeld ass fir d'Informanten de Beräich vun der Educatioun.[60] An deene folgenden Extraite ginn déi Befrote souwuel op den éischte Bildungswee (Grondschoul a Lycée) an, wéi op d'Erwuessebildung.

5.3.2.a. Schoulsystem

D'M43w an d'E61w sinn der Meenung, datt d'Roll vum Lëtzebuergeschen am Schoulsystem net wichteg genuch ass, well et virun allem op seng Funktioun als Ëmgangssprooch beschränkt ass. Eng méiglech Léisung wier, datt Lëtzebuergesch Alphabetiséierungssprooch gëtt.

> *Beispill 67*
> **M43w:** #26:53# Firwat kënnen net de Kanner op Lëtzebuergesch alphabetiséieren? Fir mech Lëtzebuergesch ass déi éischte Sprooch. Oder misst déi éischte Sprooch, jo. An duerno kann Franséisch an, oder Däitsch kommen. Jo. [...] Si kënnen vläicht eng lëtzebuergesch System hunn mat Lëtzebuergesch als de wichtegste Sprooch, an duerno Franséisch an Däitsch. Jo. Oder Englisch och. Ech weess net. Wéi an Griichenland. [...]
> **I:** A Lëtzebuergesch ass dofir wichteg genuch? 't kéint een och soen: Mir huele Franséisch. Also ech provozéieren.
> **M43w:** Firwat net? Lëtzebuergesch ass eng Sprooch. Firwat net? Et kann een op Lëtzebuergesch schreiwen. 't ass net eng Sprooch just fir d'Oral. Firwat net? #28:38#

D'M43w benotzt d'Zuelwuert "éischt" an de Superlativ vum Adjektiv "wichteg", fir hir Idealvirstellung (vgl. de Conditionnel *misst*) vun der Positioun vum Lëtzebuergeschen am Schoulsystem auszedrécken. Interessant an dësem Ausschnëtt ass, datt sech Elementer vun der Ideologie iwwer d'Hierarchie tëscht verschiddene Sproochen fannen (cf. Kapitel 2.2.2.). D'M43w kritiséiert, datt Lëtzebuergesch de Sproochen Däitsch a Franséisch vum Point de vue vun der Gewiichtung an der Funktioun am Schoulsystem eendeiteg ënnergeuerdent ass. D'Informantin bezeechent Lëtzebuergesch als eegestänneg Sprooch (an net als "Dialekt" oder "Idiom" wéi z.B. de P58m) an nennt dobäi als Critère d'Norméierung vun der Schrëftsprooch. Domat setzt si sech iwwert identitär a symbolesch Begrënnungen ewech an argumentéiert op engem linguisteschen Niveau: Lëtzebuergesch ass standardiséiert an norméiert a steet domat als gläichberechtegt Sprooch nieft de Schoulsproochen Däitsch a Franséisch. Duerch "Firwat net?" stellt si d'Fro no der richteger Alphabetiséierungssprooch als obsolet duer.

Fir d'E61w ass et wichteg, datt Lëtzebuergesch am Lycée ausgebaut gëtt.

> *Beispill 68*
> **E61w:** #31:39# Also wat ech mir géing wënsche fir d'Land wier, Lëtzebuergesch och um Lycée weider ze hunn, virun ze zéien. Dass net nëmme gesprach gëtt, well et gëtt jo wahrscheinlech um Technique, wann ech sou héieren, wat mäi Meedche seet, ass dat d'Sprooch a ganz vill Fächer, och wann do eigentlech Däitsch oder Franséisch soll geschwat ginn, an d'Unterrichtssprooch, deemno wéi vill Lëtzebuerger an der Klass sinn, huelen ech un, ass dann

[60] An der Ëmfro vun TNS-ILRES vun 2018 hu 44% vun deene befrotene Leit d'Schoul als dee wichtegsten Akteur genannt, deen sech ëm d'Promotioun vum Lëtzebuergesche këmmere soll (cf. MEN 2018: 11-12).

> och deelweis Lëtzebuergesch. An dat misst wierklech och duerchgezu ginn, dass Lëtzebuergesch och um Classique wieder unterricht soll ginn, weider geléiert, enseignéiert soll ginn, awer wierklech och mat Grammaire, mat Linguistik allgemeng, datt si wierklech dat och wäit kënne viruginn. #32:39#

Sou wéi d'M43w seet, datt Lëtzebuergesch "net eng Sprooch just fir d'Oral" (vgl. Beispill 67) ass, mee eben och als Schrëftsprooch eng Roll spille soll, verlaangt och d'E61w, dass Lëtzebuergesch net just op d'Funktioun vun der Ëmgangssprooch an anere Fächer beschränkt bleiwe soll, mee als eegestännegt Fach duerchgezu soll ginn. D'E61w ass sech bewosst, datt "dat vill verlaangt" (#32:45#) ass, well am Allgemengen de Sproochenunterrécht schonn eng grouss Plaz am Lëtzebuerger Schoulsystem anhëlt. D'E61w gesäit virun allem fir francophon Schüler, resp. fir Schüler mat "romanesche[m] Hannergrond" (#33:33#) Schwieregkeeten, fir Lëtzebuergesch als eegestännegt Fach an de Curriculum opzehuelen.

> *Beispill 69*
> **E61w:** #33:39# Dowéinst, mir hu schonn ganz oft am Grupp philosophéiert hei, dass mer gesot hunn, fir et besser ze maachen, fir wierklech méi aus der Schoulzäit u Fachwëssen erauszezéien, misst een d'Schoulsystem splécken, misst ee soen: Hei, wann s du wëlls, kanns du deng ganz Schoul op Franséisch maachen, awer ëmmer mat Lëtzebuergesch derbäi. An deen aneren Deel wär dann Däitsch mat Lëtzebuergesch derbäi. An dann als Friemsprooch nach, keng Ahnung, wat ee wëll. Englesch souwisou, well dat ass op d'mannst genau sou wichteg hei am Land wéi Franséisch. Awer deen Däitsche muss lo net onbedingt Franséisch léieren, fir mech. Ech fannen, et misst een am eegene Land och mat Lëtzebuergesch duerchkommen. Dat ass dat, wat ech sou bëssen traureg fannen. #34:29#
> **I:** #34:29# Wat heescht „duerchkommen"? #34:30#
> **E61w:** #34:30# Duerchkommen am Sënn vun, eh, ..., jo zum Beispill Staatsbeamte kënne ginn. E muss net, fir mech muss dee lo net perfekt am Franséische sinn, dat gëtt awer am Moment esou erwaart. An dat fannen ech-, gutt ech kommen aus enger aner Situatioun, dowéinst ass et vläit fir mech méi einfach, sou ze argumentéieren. Awer ech denken, insgesamt wier et méi einfach fir jiddereen, wann een net di vill Sprooche misst léieren, wann ee wierklech kinnt wielen, dat eent oder dat anert. #35:12#

Fir d'Informantin ass engersäits de renge Sproochenunterrécht wichteg, an deem och d'Linguistik eng Roll spillt. Anerersäits versteet si d'Sprooch als Medium, fir an anere Fächer Fachwëssen ze vermëttelen. Genee hei kann der Befroten no d'Méisproochegkeet eng Belaaschtung duerstellen, déi am schoulesche Parcours zu engem Hindernis ka ginn. Fir deem entgéintzewierken, schwätzt d'E61w sech fir en duebele System aus, an deem d'Schüler wiele kënnen, ob si de lëtzebuergesch-franséische Parcours, oder de lëtzebuergesch-däitsche Curriculum maache wëllen (cf. "fir wierklech méi aus der Schoulzäit u Fachwëssen erauszezéien").

Dem Fernand Fehlen no existéiert eng Hierarchiséierung vun de Sproochen am Lëtzebuerger Educatiounswiesen. De Fait, datt d'Alphabetiséierungssprooch Däitsch ass, souwéi d'Tatsaach, datt de Lëtzebuergeschunterrécht op insgesamt 28 Wochestonne pro Schouljoer limitéiert ass, droen dozou bäi, datt de Schüler vermëttelt gëtt, datt Lëtzebuergesch keng richteg Sprooch ass (cf. Fehlen 2007). Trotz all deene staatleche Standardiséierungsbeméiungen (vun 1946, 1975 an 1999) sinn nach ëmmer vill Lëtzebuerger dervun iwwerzeegt, datt et keng verbindlech Schreifweis vum Lëtzebuergesche gëtt.

5.3.2.b. Erwuessenebildung

D'E61w stellt fest, datt de Beräich vun der Erwuessebildung sech vill weiderentwéckelt huet:

> *Beispill 70*
> **E61w:** #45:31# D'Sproocheschoul, do war deemools net drun ze denken. Vläicht gëtt et den INL scho sou laang, ech sinn do net um Courant. Awer ech hunn na ni eppes virdrun dovun héiere gehat. Wat lo awer do lass ass, wéi vill Leit Lëtzebuergesch léieren, [...] dat fannen ech phenomenal. An ech denken, deem muss een och herno Rechnung droen. Do muss ee kucken, datt déi Bedürfnisser vläicht schon éischter begfriddegt ginn, halt an der Schoul, iergendwéi, keng Ahnung wéi. #46:13#

Dës Ausso ass an zweeërlee Hisiicht interessant. Eischtens refletéiert se déi grouss Entwéckelung vum INL zënter senger Grënnung als CLL am Joer 1991, souwéi vu senger Visibilitéit an der Gesellschaft. D'Demande no Lëtzebuergeschcoursen huet an deene leschten 20 Joer enorm zougeholl; aktuell sinn eleng den INL pro Joer ronn 6.000 Aschreiwungen a Lëtzebuergeschcoursen huet. D'Informantin E61w bezeechent dëst Zesummespill vun Offer an Nofro als "phenomenal". Der Participante hire Wuertchoix ass ëmsou méi bemierkenswäert, wann ee sech dem DUDEN seng Erklärung vun dësem Adjektiv an Erënnerung rifft: "in bewundernswürdiger und Erstaunen erregender Weise einzigartig, ohnegleichen". Den Androck entsteet, datt et sech beim Lëtzebuergeschléieren net ëm eng Selbstverständlechkeet handelt, wéi dat jo och schonn an de Kapitele 5.1. a 5.2. ugeklongen ass.
Zweetens ass der Participante hir uschléissend Deductioun interessant. Engersäits seet si, datt dem Effort vu sou ville Leit, déi Lëtzebuergesch léieren, "och herno Rechnung [ge]droe" muss ginn. Fir d'E61w ass déi grouss Unzuel un Apprenanten en Zeechen dofir, datt Lëtzebuergeschkompetenze fir vill Leit e Besoin (cf. "Bedürfnisser") duerstellen. An deem Sënn kann d'Adverb "herno" esou interpretéiert ginn, datt dës Leit och no resp. ausserhalb vun hirem Cours d'Méiglechkeet musse kréien, Lëtzebuergesch unzewennen. Dëst ass implizit eng Fuerderung no méi enger grousser Visibilitéit vun der Lëtzebuerger Sprooch an der Gesellschaft. Anerersäits mécht d'Informantin hei de Lien tëscht der Erwuessebildung an der Grondausbildung vun deene jonke Generatiounen, andeems si seet, datt Lëtzebuergesch schonn éischter ugefaange misst ginn an datt et onbedéngt eng Kontinuitéit am Enseignement vum Lëtzebuergesche soll ginn, fir engem Manktem u Kompetenzen entgéintzewierken.
De Wonsch no engem Suivi och ausserhalb vum Kader vun der Erwuessebildung drécken d'Informant-innen E61w an M43w folgendermoossen aus:

> *Beispill 71*
> **M43w:** #08:57# Dat wär gutt vläicht eng Sproochreunioun ze hunn heinansdo. Mat Lëtzebuerger. E Sproochecafé. Awer eppes regelméisseg. Gutt organiséiert. #09:15#

> *Beispill 72*
> **E61w:** #52:02# Ech kéint mir z.B. virstellen, déi Leit, déi am INL sinn, kéint een e Genre Debattierclub un d'Häerz leeën, dass een esou eppes opmécht, wou een iwwer, keng Ahnung, iwwert iergendee Sujet schwätzt, ouni Drock, ouni dass si d'Gefill hunn, oh, lo muss ech rëm en Test maachen, oder lo muss ech eppes virdroen, oder wat och ëmmer. Sondern einfach fir

> déi, déi wëlle gär Kontakter hunn, awer do missten natierlech och dann Lëtzebuerger sinn. #52:35#

E Sproochecafé, vun de Befroten hei "Sproochreunioun" resp. "Debattierclub" genannt, deen op regelméisseger Basis stattfënnt an zum Deel geleet ass, ass eng ganz konkret Fuerderung, déi och d'Participantë vun de sougenannte Sproocheronnen, déi den Educatiounsministère vu Februar bis Mäerz 2018 organiséiert huet, un d'Regierung gestallt hunn. Am Ofschlossrapport vum Educatiounsministère ass festgehalen, datt op deene véier Owender

> no enger nationaler Online-Plattform gefrot [gouf], wou een sech kéint als Gespréichspartner registréieren. Dat wier eng Struktur, déi d'Leit, déi d'Sprooch léiere wëllen, a Kontakt bréngt mat Lëtzebuerger, déi hinnen dobäi wëllen hëllefen.
> (https://sproocheronn.lu/sites/default/files/MEN_Sproocheronn-Brochure_A5_WEB-final.pdf, leschten Zougréff: 23.08.18)

Béid Iddien, souwuel de Sproochecafé, wéi och d'Plattform fir d'Sich no engem Tandempartner, sinn och schonn am INL opkomm an ëmgesat ginn (beispillsweis d'Organisatioun vn engem Café des langues am Summersemester 2015), resp. et si lafend Projeten.

Trotz dëse Virschléi a Beméiunge sinn d'Participantë vun dëser Aarbecht sech eens, datt eng vun de groussen Erausfuerderunge vun de Sproochecoursë fir Erwuessener doranner läit, datt dat vun de Leit e grousst Engagement verlaangt, dat fir vill Leit aus reng zäitleche Grënn net méiglech ass (vgl. E61w ab #51:10#). Op där anerer Säit gëtt gesot, datt e Manktem un Zäit kee valabele Grond ass:

> *Beispill 73*
> **T49m:** #53:48# Wann een hei zu Lëtzebuerg wierklech liewen wëll, dann kann - , et ass fir mech, well ech Deutscher bin, vläicht méi einfach, mee et kann jiddereen di Sprooch léieren. Sou is dat. Am End is dat nëmmen: Wéi vill Zäit investéieren ich do? An keen kann soen: Do hunn ech keen Zäit fir. #54:15#

Och wann am Hibléck op d'Sproocheléiere jiddereen individuell Prioritéite setze muss, ass et an den Ae vum T49m eng politesch Entscheedung, fir dës Entwécklungen an der Erwuessebildung z'ënnerstëtzen (ab #52:02#). A senger Analys vum Lëtzebuerger Sproochendiskurs beschreift de Purschke de sproochlechen Ausbau als ee vun de Prozesser, déi d'Lëtzebuergesch a Lëtzebuerg als Gesellschaft betreffen. Déi sprooche-politesch Moossnamen am Beräich vun der Educatioun, déi d'Participantë fuerderen an déi an dësem Kapitel ënnersicht goufen, kënnen dësem Prozess zougeuerdent ginn.

5.3.3. Fazit: Fir méi Visibilitéit

Déi Befrote stelle fest, datt et zu Lëtzebuerg eigentlech keng Obligatioun gëtt, Lëtzebuergesch ze kënnen - ausser "e klenge Level" (T49m), fir sech am Sproochentest ze presentéieren an d'Lëtzebuerger

Nationalitéit[61] kënnen unzefroen. Während zum Schluss vum viregte Kapitel nach Rieds vu schwaarzen Zukunftsvisioune war, gesi vill vun den Interviewten d'Sproochendebatt als Chance fir Lëtzebuergesch.

> *Beispill 74*
> **T49m:** #15:50# Wann léiert een e Sprooch? Ee Possibilitéit is, ass kloer an d'Schull. Mee di zweete Méiglichkeit ass, ja, am reellen Liewen. Mee wenn hei kee Lëtzebuerger, also an der Realität keen Situatioun hues, wou du Lëtzebuergesch schwätze muss, dann macht man, dann léiers du dat och net. Ja, ja. An ich mengen, wann d'Lëtzebuerger wollen, datt méi Leit Lëtzebuergesch schwätzen, dann muss et och méi Situatioune ginn, wou et normal ass, Lëtzebuergesch ze schwätzen. A wann dat net funktionéiert, ok, dann kanns de ëmmer nach op Englesch, op Franséisch wiesselen. #16:50#

Dësen Extrait widderhëlt an de groussen Zich dat, wat den T49m och schonn am Beispill 55 gefuerdert huet, nämlech en Ëmdenken an der Sproochpolitik. Dës Situatioun, déi den Informant sech wënscht, bezitt hie souwuel op de mëndleche wéi op de schrëftleche Beräich (cf. och d'Beispill 55). E funktionellen Ausbau vum Lëtzebuergeschen als Schrëftsprooch wënsche sech och d'V51w, d'M43w (offiziell Dokumenter a Formulairë sollen op Lëtzebuergesch sinn) an d'E61w (Stroosseschëlter sollen op Lëtzebuergesch sinn). Dës Meenung vertrieden och d'Fuerscher vum Institut fir lëtzebuergesch Sprooch- a Literaturwëssenschaft vun der Uni Lëtzebuerg, déi am Mäerz 2018 en Avis iwwer de Projet de loi zur Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch verëffentlecht hunn:

> Verbonnen domat ass, dass et eis néideg schéngt, dass d'Sprooch generell méi Visibilitéit an Unerkennung am Alldag kritt an d'BiergerInnen net d'Impressioun kréien (z.B. bei Formulairen, Internetsitten, Schëlter etc.), dass d'Lëtzebuergescht eng Niewesächlechkeet ass, déi manner wichteg niewent anere Sprooche matleeft.
> (https://infolux.uni.lu/avis-iwwer-de-projet-de-loi-a-la-promotion-de-la-langue-luxembourgeoise-an-iwwer-den-aktiounsplang-iwwer-dletzebuerger-sprooch/)

Och hei gëtt gefuerdert, datt de Stellewäert vum Lëtzebuergeschen duerch eng erhéichte Präsenz am schrëftsproochleche Beräich verbessert soll ginn.

[61] Cf. och d'V51w: "J'ai quand même l'impression aujourd'hui qu'il y a un petit mouvement comme ça, et rien que le fait, rien que le fait d'obliger à parler pour avoir la nationalité, rien que ça, ça peut pas disparaître."

Kapitel 6: Conclusioun

Dësen Travail de candidature huet sech mam Thema Sproochideologien zu Lëtzebuerg beschäftegt. Unhand vun engem Iwwerbléck iwwer d'Sproochgeschicht (Kapitel 3) konnt gewise ginn, wéi de Status vum Lëtzebuergesche sech vun engem Dialekt zu enger Nationalsprooch mat héijem symbolesche Wäert entwéckelt huet. An dësem Konstruktiounsprozess läit den Ursprong vum Lëtzebuerger Sproochendiskurs, dee bis haut ganz lieweg an der Gesellschaft ass a verschidden Ausprägungen huet. Zu deene prominentesten Ideologië gehéieren d'Opfaassungen, datt

1. d'Sprooch d'Identitéit vun der Natioun ausmécht an et en Zeeche vu Respekt vis-à-vis vum Land a senge Leit ass, d'Nationalsprooch ze schwätzen,
2. d'Integratioun an d'Lëtzebuerger Gesellschaft an éischter Linn iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch stattfënnt,
3. d'Lëtzebuerger Sprooch riskéiert, u Bedeitung ze verléieren oder souguer ganz ze verschwannen.

Aktuell zielt d'Lëtzebuerger Gesamtbevëlkerung 602.005 Awunner, wouvun 48% vun de Persoune kee Lëtzebuerger Pass hunn. D'Ausgangsfro vun där virleiender Aarbecht war deemno, wéi déi auslännesch Residenten d'Sproochendebatt gesinn a wéi sech de Sproochendiskurs an den Aussoe vun dëse Laien (also Net-Linguisten) manifestéiert. Den TC ass der Fro nogaangen, wat fir e Stellewäert d'Lëtzebuerger Sprooch an den Ae vun auslännesche Bierger huet an ob hir Ideologien an engem Konkurrenz-verhältnes zu deene vu Lëtzebuerger Bierger stinn. Dës Aarbecht ass an deem Sënn innovativ, datt si versicht, den Diskurs ronderëm d'Lëtzebuerger Sprooch ëm en neie Bléckwénkel z'erweideren, nämlech dee vun auslännesche Residenten, déi an dësem Kontext dacks wéineg berücksichtegt ginn.

Vu datt et bei enger diskursanalytescher Method ëm sproochlech Äusserungen an hir konkret Verbaliséierungsforme geet, ass dës Etüd ganz bewosst net quantitativ, mee reng qualitativ ausgeriicht. Dat analyséiert Sproochmaterial gouf aus insgesamt siwen Interviewe gewonnen. De Kontakt zu den Interviewpartner ass iwwert den INL zustane komm. Déi lëtzebuergesch Informanten hunn zum Zäitpunkt vum Interview den *Zertifikat Lëtzebuerger Sprooch a Kultur,* kuerz ZLSK, gemaach an déi auslännesch Befrote waren an engem reguläre Lëtzebuergeschcours ageschriwwen.

Eent vun den Haaptresultater ass, datt déi dräi uewe genannte Sproochideologien an all den Interviewe virkommen. Am grousse Ganze si sech déi zwou Informantegruppen eens; d'Meenunge vun de Lëtzebuerger an den Auslänner ginn zu kengem Moment diametral auserneen. Just a verschiddene Punkten, z.B. a Bezuch op de Sproochwiessel oder déi zukünfteg Entwécklunge vum Stellewäert vum

Lëtzebuergeschen, konnt ech ënnerschiddlech Perspektiven an Ausformunge vun engem selwechten Topos feststellen. Op d'Gemeinsamkeeten an d'Differenzen tëscht béiden Informantegruppe kommen ech an deene folgenden Abschnitter zréck.

Zum éischte Punkt kann zesummefaassend gesot ginn, datt an den Äusserunge vun de Participanten d'Notioun vun *Natioun* gläichgesat ass mat engem Land, d.h. engem Territoire, an enger Sprooch. Dëst entsprécht där sougenanntener *one nation - one language ideology*. Dës Virstellung vun enger Sprooch, déi fest un ee Staat an un ee Vollek gebonnen ass, huet hiren Ursprong an der däitscher Romantik aus dem spéiden 18. Joerhonnert an huet am Laf vum Lëtzebuerger Natiounebildungsprozess eng wichteg Roll gespillt. Et ass interessant, datt sech dës Sproochideologie an den Aussoe vun all den Informanten erëmfënnt. Si ka folgendermoosse paraphraséiert ginn: *Eng Persoun, déi zënter enger gewëssener Zäit zu Lëtzebuerg lieft a schafft, soll Lëtzebuergesch kënnen.* Béid Informantegruppen, d'Lëtzebuerger an d'Auslänner, si sech eens, datt dës Astellung den Haaptgrond ass, wisou eng Persoun Lëtzebuergesch léiere sollt a gëtt vun deenen auslännesche Befroten (M43w, T49m a V51w) effektiv och als Motivatioun fir hiert eegent Sproocheléiere genannt. Vu datt déi Befroten d'Sprooch als wichtege Bestanddeel vun der Identitéit vun enger Natioun ugesinn, ass et an hiren Aen eng Fro vu Respekt vis-à-vis vun der Bevëlkerung, "d'Sprooch vum Land" ze léieren. Och wa béid Informantegruppen hei därselwechter Meenung sinn, ginn déi auslännesch Participanten an hiren Aussoen nach e Schrëtt méi wäit wéi d'Lëtzebuerger, andeems si soen, datt si den Accueil vun Auslänner zu Lëtzebuerg vusäite vun de Lëtzebuerger schätzen, sech zu Lëtzebuerg sécher a wuelfillen an e gewësse materielle Wuelstand genéissen. An dësem Kontext empfanne si hiert Lëtzebuergeschléieren als Dankbarkeet fir hir gutt Liewensqualitéit an als Retour fir d'Lëtzebuerger.

D'Fro vun der Identitéit ass enk un d'Thema Integratioun gekoppelt. An deem Sënn huet sech och den zweete Punkt an den Aussoe vun de Participantë bestätegt. An hirer Perceptioun ass eng Integratioun an eng Gesellschaft, eng Sproochgemeinschaft da gelongen, wann een d'Landessprooch beherrscht. Wien derzougehéieren an um ëffentleche Liewen deelhuele wëll, dee muss Lëtzebuergesch kënnen. D'Lëtzebuerger Sprooch kritt hei d'Dimensioun vun engem ausgrenzende resp. abezéiende Facteur. Dës imaginär Grenzzéiung gëtt am Diskurs vun deenen interviewte Persounen ënnert anerem duerch eng Géigeniwwerstellung vu *mir* versus *si* verbaliséiert.
All déi auslännesch Participantë ginn un, Lëtzebuergesch en vue vun enger "kompletter" Integratioun ze léieren. De Problem ass hei allerdéngs, datt et hinnen duerch de mangelhafte Kontakt tëscht de Sproochcommunautéiten a besonnesch duerch de Sproochwiessel vun de Lëtzebuerger net einfach gemaach gëtt, d'Sprooch ze léieren, hir Sproochkompetenzen am Alldag unzewennen an ze verbesseren an, schlussendlech, sech sproochlech z'integréieren.

Den Topos vum Sproochwiessel ass iwwerdeems ganz interessant, well e verschidde Siichtweise vun engem Phänomen opdeckt. Während déi Lëtzebuerger Participanten uginn, an enger Kommunikatiounssituatioun mat engem Auslänner aus engem Geste vun Entgéintkommen an Hëllefsbereetschaft eraus d'Sprooch ze wiesselen, gëtt dat vun den auslännesche Befroten negativ opgeholl, well et si an hirem Effort, d'Sprooch ausserhalb vun engem Léierkontext ze benotzen, frustréiert. Der Meenung vun den auslänneschen Interviewpartner no kënnt dës Gewunnecht vun de Lëtzebuerger dohier, datt si "et net erwaarden", datt en Auslänner mat hinne Lëtzebuergesch schwätzt. D'Präsenz vun anere Sproochen, d'Roll vum Franséischen als *Lingua franca* an der Gesellschaft an déi dodergéint bal onbedeitend wierkend Roll vum Lëtzebuergeschen als Kommunikatiounsmëttel mat den Auslänner huet zu enger resignativer Haltung vun de Lëtzebuerger bäigedroen an de Sproochwiessel ass zu engem sebstverständlechen Akt ginn - sou d'Meenung vun den auslännesche Participanten. Gläichzäiteg berichte béid Informantegruppe vu positiven Erfahrungen a géigesäitege Sympathien, wann d'Kommunikatioun tëscht engem Lëtzebuerger an engem Auslänner op Lëtzebuergesch stattfënnt. D'Auslänner freeë sech doriwwer, datt hiren Effort, fir Lëtzebuergesch ze schwätzen, gewürdegt gëtt a si eng Chance kréien, hir Sproochkompetenzen ënner Beweis ze stellen. D'Lëtzebuerger berichten, datt si d'Méi vun hire Gespréichspartner unerkennen a si "komplimentéieren", "luewen" an "ënnerstëtzen".

Den drëtte Punkt nennt de Sproochbedrohungsdiskurs. Och an den Interviewe vun dëser Etüd manifestéiere sech effektiv Ängschten, datt Lëtzebuergesch verschwënnt, an dat souwuel bei de Lëtzebuerger Befroten, wéi och bei den Auslänner. Während bei de Lëtzebuerger zum Deel d'Angscht virun enger *Überfremdung* an engem ze grousse friemen Afloss vu baussen dominéieren, gesinn déi auslännesch Interviewten de Problem bei de Lëtzebuerger selwer. De Multilingualismus, d'Selbstverständlechkeet, fir an eng aner Sprooch ze wiesselen, a feelend wäitgräifend sproochpolitesch Moossname sinn an dësem Diskurs d'Ursaache fir en eventuellt Verschwanne vum Lëtzebuergeschen. Iwwer Sproochastellungen drécken d'Leit aus, wéi eng Gesellschaft funktionéiere soll. Dës Wënsch fanne sech och an den Aussoe vun de Spriecher vun dëser Etüd. Fuerderunge sinn an éischter Linn sproochpolitescher Natur: V.a. eng méi grouss Visibilitéit an e méi grousst Bewosstsinn bei de Lëtzebuerger selwer sollen enger negativer Entwécklung vun der Lëtzebuerger Sprooch entgéintwierken. Ganz konkret fuerderen d'Participanten eng méi bedeitend Präsenz vum Lëtzebuergeschen an der Schoul, en Ausbau an e Suivi (z.B. a Form vu Sproochecaféen) vun der Erwuessenebildung, souwéi d'Benotze vum Lëtzebuergeschen als éischt Schrëftsprooch am ëffentleche Beräich. Dës sproochpolitesch Mesurë sollen an éischter Linn dozou bäidroen, datt fir all d'Leit, déi zu Lëtzebuerg liewe resp. déi op Lëtzebuerg kommen, kloer ass, datt Lëtzebuergesch d'Normalitéit an eng Selbstverständlechkeet ass.

Am Allgemenge konnte keng komplett widderspréchlech Aussoen tëscht de lëtzebuergeschen an den auslännesche Participantë festgestallt ginn. Meng Suppositioun, datt ech an den Interviewe keng radikal Astellunge fanne géif, huet sech deemno effektiv bestätegt. Menger Meenung no läit dat um Profil vun den Informanten: Am Fall vun de Lëtzebuerger Befroten huelen ech un, datt si ënnert anerem duerch hir Participatioun um ZLSK fir d'Lëtzebuerger Sproochesituatioun sensibiliséiert goufen. Si behaapten effektiv allen dräi, datt si "a leschter Zäit" méi bewosst op hiren eegene Sprooch(e)gebrauch oppassen a versichen, deene Leit, déi Lëtzebuergesch léieren, entgéintzekommen an ze hëllefe resp. si z'ënnerstëtzen. Am Fall vun den auslännesche Befrote sinn ech der Meenung, datt hir Motivatioun, Lëtzebuergesch ze léieren, hir Sproochideologië formt. Si gehéieren net zu där Grupp vun auslännesche Residenten, déi, aus wat fir enge Grënn och ëmmer, kee Lëtzebuergesch léiere wëllen, a gesinn d'Diskussioun ëm de Stellewäert an d'Präsenz vun der Lëtzebuerger Sprooch zu Lëtzebuerg dofir mat Sécherheet méi differenzéiert.

Obwuel sech meng Thees, datt ech bei dësen Informante moderat Astellunge feststelle kéint, bestätegt huet, sinn ech trotzdem iwwer d'Tatsaach iwwerrascht, datt et déi auslännesch Befrote sinn, déi zum Deel méi staark Fuerderungen un d'Lëtzebuerger an hir Sproochepolitik stellen, wéi d'Lëtzebuerger selwer. Ee Beispill vun esou enger Fuerderung ass, datt et a méi Kontexter a Beräicher eng Obligatioun soll sinn/ginn, Lëtzebuergesch ze schwätzen, oder datt d'Lëtzebuerger e vill méi grousst Selbstbewosstsinn par rapport zu hirer Sprooch woe kënnen. Am theoretesche Kapitel 3 zur soziolinguistescher Beschreiwung vu Lëtzebuerg goufen de Modell vun der medialer Diglossie an d'Konzept vum Lëtzebuergeschen als Ausbausprooch erkläert. Liest an interpretéiert een d'Aussoen an d'Fuerderunge vun de Participantë virun dësem theoreteschen Hannergrond, da kann ee festhalen, datt kloer en Ausbau vum Lëtzebuergeschen a senge schrëftsproochleche Funktioune gefuerdert gëtt. De Modell géif an deem Fall folgendermoossen ausgesinn:

	medial Diglossie	
	schwätzen	*schreiwen*
High	Lëtzebuergesch	Lëtzebuergesch a Franséisch
Low	Lëtzebuergesch	Lëtzebuergesch

Lëtzebuergesch soll an den Ae vun den Informanten an allen Domainer deen éischte Choix sinn. Bei Bedarf kann dann ëmmer nach op eng aner Sprooch zréckgegraff ginn. Deen eenzege Beräich, wou Franséisch weider als éischt Sprooch bestoe bléif, wier den Domaine vun de Gesetzestexter, wou déi Befroten d'Lëtzebuergescht u seng Grenze stousse gesinn.

D'Fuerderunge vun den Interviewpartner riichte sech an éischter Linn un d'Politik. Sproochpolitesch gouf rezent effektiv munches gemaach. Am Kader vun der Campagne Sproocheronn.lu huet

d'Regierung all d'Bierger invitéiert, sech un Diskussiounsforen ze bedeelegen an hir Meenung zu der Positioun vum Lëtzebuergeschen an der Gesellschaft ze äusseren. D'Resultater vun dëser Initiativ goufen am August 2018 verëffentlecht an d'Regierung versprécht, datt si "zu engem nohaltege Konzept vun enger duerchduechter an akzeptéierter Förderung vun der Nationalsprooch féieren" (MEN 2018: 40) wäerten. Dëse Bilan hat natierlech net den Usproch, eng qualitativ Detailanalys vun de Bäiträg vun de Leit ze liwweren, mee ass als Resumé gehalen. Interessant ass allerdéngs, datt d'Haaptpunkten an d'Fuerderunge vun de Bierger sech mat deene vun de Participantë vun dësem Travail de candidature decken. Beispillsweis gouf bei de Biergerronnen de Wonsch geäussert, datt d'Lëtzebuerger méi bewosst an iwwerluecht beim Sproochwiessel virgoe sollen, e Verlaangen, dat och d'Interviewpartner hunn. E weidert Beispill, bei deem Konsens tëscht de Participantë vun de Sproocheronnen an de Participantë vun dëser Etüd besteet, ass de Wonsch no engem Ausbau vum Lëtzebuergeschen an der Educatioun, souwéi an der Erwuessenebildung. Nach eng Gemeinsamkeet tëscht de Resultater vum MEN-Dokument an dëser Recherche ass, datt d'Bierger eendeiteg eng Opwäertung an en extensive Gebrauch vum Lëtzebuergeschen als Schrëftsprooch, och an offiziellen a formelle Kontexter, verlaangen. Déi sëllechen Iwwereneestëmmunge vun de Perceptioune vun de Bierger ass deemno e weidere Beweis dofir, datt et sech effektiv ëm e liewege Sproochendiskurs handelt. Déi konkret Auswierkunge vun de rezente sproochpolitesche Moossnamen (en neit Gesetz fir d'Förderung vum Lëtzebuergeschen, d'Ernennung vun engem Kommissär an d'Schafung vun engem Zentrum fir d'Lëtzebuerger Sprooch, asw.) muss een allerdéngs elo emol ofwaarden.

Virum Hannergrond vun dësen aktuellen Entwécklunge gëtt dës Recherche e relevanten Abléck an den Diskurs vun engem Segment vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung. D'Entscheedung fir eng qualitativ Analys huet a mengen Aen de Virdeel, datt d'Participantë vun der Etüd sech ëmfaassend ausdrécke konnten, an datt dat et mir als Fuerscherin erlaabt huet, eng differenzéiert Beschreiwung vu verschiddenen Astellungen zum Sproochendiskurs ze maachen. Ee Kritikpunkt ass allerdéngs, datt et sech bei der Auswäertungsmethod ëm eng interpretativ Method handelt an een deemno net 100% sécher ka sinn, ob eng Ausso an hir Interpretatioun wierklech deem entspriechen, wat deen Interviewten ausdrécke wollt.

Am Kader vun dëser Aarbecht war et net méiglech, vill méi Leit z'interviewen, an den TC huet an deem Sënn och op kee Fall den Usproch, representativ Resultater ze liwweren. En Ausbléck fir zousätzlech Fuerschunge wier dohier, de Grupp vun Informanten ze erweideren an ze diversifizéieren. Et wier beispillsweis interessant, méi jonk auslännesch Residenten, déi z.B. am Ufank vun hirem Beruffsliewe stinn, ze befroen. Fir méi en differenzéiert Bild ze kréien, wier et des Weideren interessant och Leit anzebezéien, déi kee Lëtzebuergesch léieren a schwätze wëllen, an deenen hir Argumenter a Raisonnementer z'analyséieren. Wéi schonn ugeschwat wier et drëttens sécher villverspriechend, déi

sproochpolitesch Moossnamen an hirer konkreter Ëmsetzung a mat hire Repercussiounen ze verfollegen an an e puer Joer auszewäerten.

Ofschléissend ka gesot ginn, datt an der Lëtzebuerger Gesellschaft eendeiteg eng Tendenz no méi Lëtzebuergesch besteet. Un de Lëtzebuerger ass et elo, net nëmmen op sproochpoliteschem Plang ze reagéieren, mee sech an éischter Linn hirem eegene Sproochverhale bewosst ze ginn an hire Sproochgebrauch an deem Sënn unzepassen, datt e sech positiv an ënnerstëtzend op d'Motivatioun vun deene Leit auswierkt, déi Lëtzebuergesch léiere wëllen.

Kapitel 7: Bibliographie

ALBERT, R./KOSTER, C. (2002): Empirie in Linguistik und Sprachlehrforschung. Ein methodologisches Arbeitsbuch. Tübingen: Narr.

ARENDT, B. (2010): Niederdeutschdiskurse. Spracheinstellungen im Kontext von Laien, Printmedien und Politik. Berlin: Erich Schmidt Verlag.

AUER, P. et al. (2009): Gesprächsanalytisches Transkritionssystem 2 (GAT 2). In: Gesprächsforschung – Online-Zeitschrift zur verbalen Interaktion Ausgabe 10: 353-402.

BLUHM, C. et al. (2000): Linguistische Diskursanalyse: Überblick, Probleme, Perspektiven. In: Sprach und Literatur in Wissenschaft und Unterricht 31/86: 3-19.

BOURDIEU, P. (^{2}2005): Was heisst sprechen? Die Ökonomie des sprachlichen Tausches. Wien.

BLOMMAERT, J. (2005): Discourse: A Critical Introduction. Cambridge: Cambridge University Press.

BLOMMAERT, J./VERSCHUEREN, J. (1998): The role of language in European nationalist ideologies. In: Language ideologies.Practice and Theory. In: B. Schieffelin, K. Woolard, P. Kroskrity (eds): Language Ideologies: Practice and Theory. Oxford: Oxford University Press: 189-210.

BUSSE, D./TEUBERT, W. (1994): Ist Diskurs ein sprachwissenschaftliches Objekt? Zur Methodenfrage der historischen Semantik. In: Dietrich Busse, Fritz Hermanns und Wolfgang Teubert (Hgg.): Begriffsgeschichte und Diskursgeschichte. Methodenfragen und Forschungsergebnisse der historischen Semantik. Opladen: Westdeutscher Verlag, 10-28.

BUSSMANN, H. (^{4}2008): Lexikon der Sprachwissenschaft. Stuttgart: Kröner.

CLYNE, M. (1994): Ende oder Umfunktionalisierung der Di- bzw. Triglossie? Luxemburg und die deutsche Schweiz als Beispiele. In: Jospeh Kohnen, Hans-Joachim Solms und Klaus-Peter Wegera (Hgg.): Brücken schlagen... „Weit draußen auf eigenen Füßen." Festschrift für Fernand Hoffmann. Frankfurt am Main: Peter Lang, 261-272.

CONRAD, F. (2013): „Dat ka mer jo eng komisch Dokteraarbicht ginn." Reaktiounen op d'Sich no Fräiwëlleger fir eng Dokteraarbecht zur Lëtzebuerger Sprooch. In: Forum für Politik, Gesellschaft und Kultur, Abrëll 2013, Nr. 328, 62-64.

DE BRES, J. (2013): Language ideologies for constructing inclusion and exclusion: Identity and interest in the metalinguistic discourse of cross-border workers in Luxembourg. In: E. Barat, P. Studer and J. Nekvapil (eds): Ideological Conceptualisations of Language: Discourses of Linguistic Diversity. Frankfurt: Peter Lang (Prague Papers on Language, Society and Interaction), 57-83.

DE BRES, J. (2014): Competing language ideologies about societal multilingualism among cross-border workers in Luxembourg. In: International Journal of the Sociology of Language (special issue on 'Borders and Language: international perspectives'), 1-14.

DE BRES, J./FRANZISKUS, A. (2013): Multilingual practices of university students and changing forms of multilingualism in Luxembourg. In: International Journal of Multilingualism.

DUCHÊNE, A./HELLER, M. (eds) (2007): Discourses of Endangerment: Ideology and Interest in the Defence of Languages. London, New York: Continuum Press.

FAULSTICH, K. (2007): Die deutsche Sprachnation – Zur Entstehung kultureller Identiät im deutsch-sprachigen Sprachnormierungsdiskurs des 18. Jahrhunderts. In: Ingo H. Warnke (Hg.): Diskurslinguistik nach Foucault. Theorie und Gegenstände. Berlin: de Gruyter, 247-272.

FEHLEN, F. (2009): BaleineBis. Une enquête sur un marché linguistique multilingue en profonde mutation. Luxembourg: SESOPI – Centre intercommunautaire.

FEHLEN, F./HEINZ, A. (2016): Die Luxemburger Mehrsprachigkeit. Ergebnisse einer Volkszählung. Bielefeld: transcript Verlag.

FERGUSON, C. ([1959] 2007): Diglossia. In: Wei, Li: The Bilingualism Reader. London: Routledge, 33-46.

FISHMAN, J. ([1965] 2007): Who speaks what language to whom and when? In: Wei, Li: The Bilingualism Reader. London: Routledge, 55-69.

FISHMAN, J. ([1967] 2007): Bilingualism with and without diglossia; diglossia with and without bilingualism. In: Wei, Li: The Bilingualism Reader. London: Routledge, 47-53.

FONTAINE, E. de la (1855): Versuch über die Orthographie der luxemburger deutschen Mundart. Luxembourg: V. Bück.

FOUCAULT, M. (1981): Archäologie des Wissens. [Franz.: L'archéologie du savoir. Paris 1969] Frankfurt am Main: Suhrkamp.

FRANZISKUS, A. (2013): Getting by in a multilingual workplace: Language practices, norms and ideologies of cross-border workers in Luxembourg. PhD dissertation, Université du Luxembourg.

FRÖHLICH, H. (1992): Hierarchisierung und Kategorisierung im sprachrelevanten Alltagswissen (SRA). Anmerkungen zur soziolinguistischen Situation Luxemburgs. In: Wolfgang Dahmen et al. (Hg.): Germanisch und Romanisch in Belgien und Luxemburg. Romanistisches Kolloquium VI. Tübingen: Gunter Narr, 188-202.

GAL, S. (1998): Multiplicity and Contention among Language Ideologies: A Commentary. In: B. Schieffelin, K. Woolard, P. Kroskrity (eds): Language Ideologies: Practice and Theory. Oxford: Oxford University Press: 317-331.

GARDT, A. (2007): Diskursanalyse – Aktueller theoretischer Ort und methodische Möglichkeiten. In: Ingo H. Warnke (Hg.): Diskurslinguistik nach Foucault. Theorie und Gegenstände. Berlin/New York, 27-52.

GARRETT, P. et al. (2003): Investigating Language Attitudes. Social meanings of dialect, ethnicity and performance. Cardiff: University of Wales Press.

GARRETT, P. (22011): Attitudes to language. Cambridge: Cambridge University Press.

GEE, J.P. (2011): An Introduction to Discourse Analysis: Theory and Method. New York and London: Routledge.

GILLES, P./MOULIN, C. (2003): Luxembourgish. In: Deumert, Ana/Vandenbussche, Wim (Hgg.): Germanic Standardizations – Past to Present. Amsterdam/Philadelphia: John Benjamins, 303-329.

GILLES, P. et al. (2010): Sprachen und Identitäten. In: IPSE (Hg.): Doing Identity in Luxemburg. Subjektive Aneignungen – institutionelle Zuschreibungen – sozio-kulturelle Milieus. Bielefeld: transcript Verlag, 63-104.

GILLES, P. (2011): Mündlichkeit und Schriftlichkeit in der luxemburgischen Sprachengemeinschaft. In: Georg Mein/Heinz Sieburg (Hgg.): Medien des Wissens. Interdisziplinäre Aspekte von Medialität. Bielefeld: transcript Verlag, 43-64.

HARDT, M. (1843): Vocalismus der Sauer-mundart. In: Programm herausgegeben beim Schlusze des Schuljahres 1842-43. Königlich-Grossherzogliches Progymnasium zu Echternach. Trier: Fr. Lintz.

HOFFMANN, F. (1979): Sprachen in Luxemburg. Sprachwissenschaftliche und literaturhistorische Beschreibung einer Triglossie-Situation. Luxembourg: Institut Grand-Ducal.

HOFFMANN, F. (1988): Sprachen in Luxemburg. Unter besonderer Berücksichtigung der Situation nach 1945. In: Jahrbuch für Internationale Germanistik XX, 1. Bern/Frankfurt am Main/New York/Paris: Peter Lang, 45-62.

HORNER, K. (2005): Reimagining the Nation: Discourses of Language Purism in Luxembourg. In: N.

Langer and W. V. Davies (eds): Linguistic Purism in the Germanic Languages. Berlin and New York: de Gruyter: 166-185.

HORNER, K. (2007a): Language and Luxembourgish national identity: ideologies of hybridity and purity in the past and present. In: S. Elspaß, N. Langer, J. Scharloth and W. Vandenbussche (eds): Germanic Language Histories from Below (1700-2000). Berlin, New York: de Gruyter, 363-378.

HORNER, K. (2007b): Global challenges to nationalist ideologies: language and education in the Luxembourg press. In: S. Johnson and A. Ensslin (eds): Language in the Media: Representations, Identities, Ideologies.London, New York: Continuum Press, 130-146.

HORNER, K. (2009a): Language, citizenship and Europeanization: unpacking the discourse of integration. In: G. Hogan-Brun, C. Mar-Molinero and P. Stevenson (eds): Discourses on Language and Integration: Critical Perspectives on Language Testing Regimes in Europe. Amsterdam: John Benjamins, 109-128.

HORNER, K. (2009b): Regimenting language, mobility and citizenship in Luxembourg. In: G. Extra, M. Spotti and P. Van Avermaet (eds): Language testing, migration and citizenship: cross-national perspectives on integration regimes. London, New York: Continuum Press, 148-166.

HORNER, K./WEBER, J.-J. (2008): The language situation in Luxembourg. In: Current Issues in Language Planning 9, 1, 69-128.

HORNER, K./WEBER J.-J. (2010): Small languages, education and citizenship: the paradoxical case of Luxembourgish. In: International Journal of the Sociology of Language, 205, 179-192.

HORNER, K./WEBER J.-J. (2018): Multilingual education and the politics of language in Luxembourg. In: Peersman, C. et al. (eds.): Past, Present and Future of a Language Border: Germanic-Romance Encounters in the Low Countries. Language and Social Life (1). Berlin: De Gruyter Mouton, 233-253.

IRVINE, J. T./GAL, S. (2000): Language Ideology and Linguistic Differentiation. In: Paul V. Kroskrity (Hg.): Regimes of Language. Ideologies, Polities, and Identities. Oxford: James Currey, 35-83.

KLEIN, P. (1855): Die Sprache der Luxemburger. Luxemburg: V. Bück.

KLOSS, H. (1978): Die Entwicklung neuer Germanischer Kultursprachen von 1800 bis 1950. München: Pohl.

KOCH, P./OESTERREICHER, W. (1985): Sprache der Nähe – Sprache der Distanz. Mündlichkeit und Schriftlichkeit im Spannungsfeld von Sprachtheorie und Sprachgeschichte. In: Romanistisches Jahrbuch 36 (1985), 15-43.

KREMER, J. (2017): Experiencing migration, language policy and citizenship 'from below': the case of Luxembourg. PhD dissertation, University of Sheffield.

KROSKRITY, P. (2000): Regimenting languages: Language ideological perspectives. In: Kroskrity, P. (ed.). Regimes of Language: Ideologies, Polities and Identities. Santa Fe: School of American Research Press, 1-34.

KROSKRITY, P. (2004): Language Ideologies. In: Duranti, A. (ed): A Companion to Linguistic Anthropology. Blackwell, 496-517.

LINKE, A. et al. (^{5}2004): Studienbuch Linguistik. Tübingen: Niemeyer.

MAYRING, P. (^{5}2002): Einführung in die qualitative Sozialforschung. Weinheim/Basel: Beltz.

MILROY, J./MILROY, L. (1999): Authority in Language: Investigating Language Prescription and Standardisation. London/New York: Routledge.

PEPORTE, P. et al. (2010): Inventing Luxembourg. Representations of the Past, Space and Language from the Nineteenth to the Twenty-First Century. Leiden/Boston: Brill.

PURSCHKE, C. (2018): Let's make all happy. Zur gesellschaftlichen Funktion von Sprachenpolitik. In:

Forum für Politik, Gesellschaft und Kultur, Abrëll 2018, Nr. 383, 29-32.

REIMEN, J.-R. (1965): Esquisse d'une situation plurilingue, le Luxembourg. In: La linguistique: revue de la Société internationale de linguistique fonctionnelle 1, 89-102.

RIES, N. (1911): Essai d'une psychologie du peuple luxembourgeois. Diekirch: J. Schroell.

SARASIN, P. (^{5}2012): Michel Foucault zur Einführung. 4. Aufl. Hamburg: Junius.

SCHIEFFELIN, B. et al. (1998): Language Ideologies: Practice and Theory. Oxford: Oxford University Press.

SCUTO, D. (2018): Le mot identité remplace l'ancien terme de race. In: Le Quotidien, 01.10.2018, Nr. 228, 2-3.

SPIZZO, D. (1995): La nation luxembourgeoise. Genèse et structure d'une identité. Paris: CIEMI / L'Harmattan.

SPITZMÜLLER, J. (2005): Metasprachdiskurse. Einstellungen zu Anglizismen und ihre wissenschaftliche Rezeption. Berlin, New York: de Gruyter.

SPITZMÜLLER, J./WARNKE, I. (2011): Diskurslinguistik. Eine Einführung in Theorien und Methoden der transtextuellen Sprachanalyse. Berlin/Boston: de Gruyter.

STOLDT, J. (2018): Von der Nation zum Staatsvolk. Welcher soziale Zusammenhalt für Luxemburg? In: Forum für Politik, Gesellschaft und Kultur, Abrëll 2018, Nr. 383, 18-19.

STUKENBROCK, A. (2007): Sprachnation / Sprachnationalismus als Gegenstand linguistischer Diskursanalyse. In: Ingo H. Warnke (Hg.): Diskurslinguistik nach Foucault. Theorie und Gegenstände. Berlin: de Gruyter, 213-246.

TOPHINKE, D./ZIEGLER, E. (2006): „Aber bitte im Kontext!“ Neue Perspektiven der dialektologischen Einstellungsforschung. In: Voeste, Anja/Gessinger, Joachim (Hgg.): Dialekt im Wandel. Perspektiven einer neuen Dialektologie. Duisburg, 203-222, hei 1-14.

WARNKE, I. (2007): Diskurslinguistik nach Foucault - Dimensionen einer Sprachwissenschaft jenseits textueller Grenzen. In: Ingo H. Warnke (Hg.): Diskurslinguistik nach Foucault. Theorie und Gegenstände. Berlin: de Gruyter, 3-24.

WARNKE, I./SPITZMÜLLER, J. (2008): Methoden und Methodologie der Diskurslinguistik – Grundlagen und Verfahren einer Sprachwissenschaft jenseits textueller Grenzen. In: Ingo H. Warnke, Jürgen Spitzmüller (Hgg.): Methoden der Diskurslinguistik. Sprachwissenschaftliche Zugänge zur transtextuellen Ebene. Berlin/New York: de Gruyter, 3-54.

WARREN, C. (2001): Qualitative Interviewing. In: Jaber F. Gubrium, James A. Holstein (Hgg.): Handbook of Interview Research. Context & Method. Thousand Oaks, London, New Delhi: Sage Publications, 83-101.

WEBER, B. (1909): Über Mischkultur in Luxemburg. In: Beilage der Münchner Neuesten Nachrichten, Nr. 15, 20. Januar 1909, 121-124.

WEBER, J.-J. (2009): Multilingualism, Education and Change. Frankfurt: Peter Lang.

WEBER, J.-J./HORNER, K. (2012): Introducing multiligualism: a social approach. London: Routledge.

WEBER, N. (1994): Sprachen und ihre Funktionen in Luxemburg. In: Zeitschrift für Dialektologie und Linguistik 66, 129-169.

WELTER, N. (1938): Das Luxemburgische und sein Schrifttum. Luxemburg: Gustave Soupert.

WENGELER, M. (2003): Topos und Diskurs. Begründung einer argumentationsanalytischen Methode und ihre Anwendung auf den Migrationsdiskurs (1960-1985). Tübingen.

WENGELER, M. (2007): Topos und Diskurs – Möglichkeiten und Grenzen der topologischen Analyse

gesellschaftlicher Debatten. In: Ingo H. Warnke (Hg.): Diskurslinguistik nach Foucault. Theorie und Gegenstände. Berlin: de Gruyter, 165-186.

WODAK, R./DE CILLIA et al. (1998): Zur diskursiven Konstruktion nationaler Identität. Frankfurt am Main: Suhrkamp.

WOOLARD, K. (1998): Language ideology as a field of inquiry. In: B. Schieffelin, K. Woolard, P. Kroskrity (eds): Language Ideologies: Practice and Theory. Oxford: Oxford University Press: 3-47.

WRIGHT, S. (2000): Community and Communication. The role of language in nation state building and European integration. Clevedon: Multilingual matters.

Internetquellen

DUDEN: https://www.duden.de/, leschten Opruff: 10.11.2018.

FEHLEN, F.: Wéi Lëtzebuerg dräisproocheg ginn ass - en Iwwerbléck iwwer d'Sproochgeschicht bis 1984, https://kulturgeschicht.lu/taxonomy/term/16#1, leschten Opruff: 20.09.2018.

FEHLEN, F.: De "Wee2050" leeft sech no de Walen dout, http://www.rtl.lu/letzebuerg/1249937.html, leschten Opruff: 09.10.2018.

HERDER, J. G. von (1772): Abhandlung über den Ursprung der Sprache, welche den von der Königl. Academie der Wisschenschaften für das Jahr 1770 gesezten Preis erhalten hat. Berlin: Voß. http://www.deutschestextarchiv.de/book/view/herder_abhandlung_1772?p=5, leschten Opruff: 08.11.2018.

Institut fir lëtzebuergesch Sprooch- a Literaturwëssenschaft: Avis iwwer de 'Projet de loi à la promotion de la langue luxembourgeoise' an iwwer den 'Aktiounsplang iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch', https://infolux.uni.lu/avis-iwwer-de-projet-de-loi-a-la-promotion-de-la-langue-luxembourgeoise-an-iwwer-den-aktiounsplang-iwwer-dletzebuerger-sprooch/ leschten Opruff: 21.03.2018

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg: Règlement grand-ducal: Mémorial A n°112 du 11.08.1999, www.legilux.public.lu/leg/a/archives/1999/0112/1999A20401.html?highlight=réforme“orthographe, leschten Opruff: 02.10.2016.

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg: Loi du 24 février 1984 sur le régime des langues, http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/1984/02/24/n1/jo, leschten Opruff: 02.10.2016.

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg: Loi du 20 juillet 2018 relative à la promotion de la langue luxembourgeoise, http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2018/07/20/a646/jo, leschten Opruff: 31.07.2018.

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg: Résultats officieux. Référendum du 7 juin 2015, https://elections.public.lu/fr/referendum/2015/resultats.html, leschten Opruff: 01.08.2018.

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg: Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch, https://gouvernement.lu/lb/dossiers/2018/langue-luxembourgeoise.html, leschten Opruff: 30.08.2018.

Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: Zesummen d'Lëtzebuerger Sprooch fërderen. Ofschlossrapport. In: https://sproocheronn.lu/, leschten Opruff: 23.08.2018.

PURSCHKE, C.: Sprechen über Sprache. Eine Analyse des Diskurses über das Luxemburgische. In: https://purschke.info/sprechen-ueber-sprache-eine-analyse-des-diskurses-ueber-das-luxemburgische/, leschten Opruff: 04.08.2018.

PURSCHKE, C.: Brot und Doktor-Spiele Über die Entstehung von Topoi. In: https://purschke.info/brot-und-doktor-spiele-ueber-die-entstehung-von-topoi/, leschten Opruff: 10.08.2018

STATEC: https://statistiques.public.lu

STATEC: RP 2011 - Premiers résultats, https://statistiques.public.lu/fr/publications/series/rp2011/index.html, leschten Opruff: 02.10.2016.

Université du Luxembourg: https://lingscape.uni.lu/, leschten Opruff: 10.08.2018.

Wee 2050-nee2015: Pressecommuniqué vum 12.12.2017: Den Här Fayot ass realitéitsfriem, https://nee2015.lu/index.php/ufank.html?page_n38=14, leschten Opruff: 14.09.2018.

Wee 2050-nee2015: 10 Argumenter fir de NEE, https://nee2015.lu/index.php/argumenter.html, leschten Opruff: 14.09.2018.

Annexe I: Interviewleetfuedem

Sproochbiographie, Kompetenz a Gebrauch

1. Wat fir Sprooch(en) hutt Dir an Ärer Kandheet doheem mat Ären Eltere geschwat?
2. Wat fir Sprooch(en) schwätzt Dir aktuell doheem? Mam Partner? Mat Äre Kanner?
3. Wat fir Sproochen hutt Dir an der Schoul geléiert?
4. Wann Dir Iech un Är Schoulzäit zréckerënnert: Wéi hutt Dir d'Léiere vun enger Friemsprooch empfonnt?
5. Wou benotzt Dir Lëtzebuergesch an Ärem Alldag? Mëndlech a schréftlech?
6. Denkt Dir, dass ee Lëtzebuergesch iwwerall (an all Beräicher) benotze kann? Wou op alle Fall? Wou net?
7. Hutt Dir am Laf vun Ärem Liewen zu engem bestëmmte Moment gemierkt, dass d'Lëtzebuerger Sprooch eng aner (méi oder manner wichteg) Roll an der Ëffentlechkeet gespillt huet?

Fir déi lëtzebuergesch Participanten:

8. Wat ass Är Motivatioun, fir den *Zertifikat Lëtzebuerger Sprooch a Kultur* ze maachen?

Fir déi auslännesch Participanten:

9. Zënter wéini léiert Dir Lëtzebuergesch?
10. Wat ass Är Motivatioun, fir Lëtzebuergesch ze léieren?
11. Fält et Iech liicht oder schwéier, Lëtzebuergesch ze léieren? Firwat?

Schoul zu Lëtzebuerg

1. Fannt Dir, dass et wichteg ass, Lëtzebuergesch an der Schoul méi ze förderen? Firwat?
2. Fannt Dir, dass de Lëtzebuerger Schoulsystem vill Zäit an d'Léiere vu Sproochen investéiert? Ze vill? Firwat? Vir- an Nodeeler?

Gesellschaft an Integratioun

1. Wat ass fir Iech typesch Lëtzebuergesch?
2. Wéi géift Dir déi Lëtzebuergesch Gesellschaft definéieren?

3. Wéi gitt Dir mat där méisproocheger Situatioun zu Lëtzebuerg eens? Ass et an Ären Aen eng Beräicherung oder eng Belaaschtung/e Problem?
4. Géift Dir Iech wënschen, dass an engem Land just eng Sprooch geschwat gëtt?
5. Wat si fir Iech d'Vir- an d'Nodeeler vu Multilingualismus?
6. Ass Lëtzebuergesch fir auslännesch Residenten eng wichteg Sprooch? Firwat jo/nee?
7. A wat fir Beräicher kënne si Lëtzebuergesch, Ärer Meenung no, gebrauchen?
8. Wat bedeit *Integratioun* fir Iech?
9. Wat si fir Iech grondsätzlech Viraussetzungen, fir dass d'Auslänner sech kënnen integréieren? Wat mussen d'Auslänner Ärer Meenung no maachen, fir sech z'integréieren? An d'Lëtzebuerger Gesellschaft?
10. Ass Lëtzebuergesch eng Integratiounssprooch?
11. Hutt Dir scho mol negativ Erfahrunge gemaach, well Dir kee Lëtzebuergesch geschwat hutt?
12. Kommunikatiounssituatiounen tëscht Lëtzebuerger an Auslänner:

    Fir d'Lëtzebuerger: Wéi reagéiert Dir an enger Gespréich, dat op Lëtzebuergesch ufänkt, a wou Dir mierkt, datt Äre GEspréichspartner sech am Lëtzebuergeschen net wuelfillt / Schwieregekeeten am Lëtzebuergesch huet / net Lëtzebuergesch als Mammesprooch huet? Stéiert et Iech, dass Dir Iech upasse musst? Firwat jo/nee?

    Fir d'Auslänner: Ass et Iech scho mol virkomm, datt d'Gespréich op Lëtzebuergesch uegfaangen huet, an datt Dir / Äre Gespréichspartner dunn d'Sprooch gewiesselt huet? Wéi hutt Dir dat fonnt?
13. Stimulus 1: Wat haalt dir vun dëser Ausso? (virliesen)

    „E Chines oder e Russ, dee Lëtzebuergesch léiert, kann zwar domat impressionéieren, mee en erhéngert, well en net kann akafegoen an e kënnt iwwer kuerz oder laang an de Prisong, well en och keng Steiererklärung ausfëlle kann. [...] Ouni Englesch, Franséisch oder Däitsch kann een net zu Lëtzebuerg iwwerliewen. Ouni Lëtzebuegresch schonn." (RTL-Commentaire)
14. Stimulus 2: Wat haalt Dir vun dëser Ausso? (virliesen)

    „D'Lëtzebuergescht ass mëttelfristeg dozou veruerteelt, ze verschwannen." (RTL- Commentaire)
15. Wéi gesitt Dir d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Sprooch?

Annexe II: Transkriptioune vun den Interviewen

V51w

I: Wat fir Sproochen hues du doheem an denger Kandheet mat dengen Eltere geschwat?

V51w: Alors, ech hu Franséisch geschwat an Elsässech. Ech kommen aus Frankräich vun e kleng Duerf niewent Saverne. Meng Elteren schwätzen Elsässesch, awer ech hunn Franséisch an der Schoul geléiert.

I: Dat heescht doheem mat den Elteren hutt Dir just Elsässesch geschwat?

V51w: Fifty-fifty. Mir hunn Elsässesch geschwat an Franséisch. Fifty-fifty. [...]

I: An an der Schoul? Wat fir Sproochen hues de an der Schoul geléiert?

V51w: Oh, alles. Ech hunn Franséisch, eh Franséisch. Eischte Sprooch Englisch, zweete Sprooch Däitsch.

I: A wéi hues de dat empfonnt, eng Friemsprooch ze léieren? Sinn dat positiv Erënnerungen, Erfarungen? Oder vläicht negativ?

V51w: Als ech kleng war, hunn ech zwee Sproochen geschwat. Elsässesch ass en däitsch Dialekt, e bëssen wéi Lëtzebuergesch. Et ass déiselwecht: Elsässesch kanns du net schreiwen. Grammaire, Orthographe existéiert net. Sou ech hunn zwee Sproochen geléiert und ech hunn ëmmer gär anderen Sproochen geléiert.

I: Hues du aner Sproochen nach geléiert, ausser an der Schoul? Oder ass Lëtzebuergesch däin éischte Sproochcours am Fong no der Schoul?

V51w: Nee, ech hunn Englisch geléiert. Awer dann hunn ech 15, 16 Joer net méi geschwat, dann sinn ech vun 2013 bis 2015 hunn ech nach Singapur ginn, dann hunn ech müssen schwätzen. Mee bon, ech mengen, ech hunn facilités, Sproochen ze léieren. An ech hunn dat gär och, dann ass et méi einfach, ze léieren, wann du dat gär huest.

I: Jo, dat ass wouer. An zënter wéini léiers de Lëtzebuergesch?

V51w: Net laang. Ech hunn End November 2015 ugefaangen. Ech hunn mit A1 ugefaangen, awer ech hunn am Test A2.1 100% alles richteg. Dann huet mir N. gesot, du kanns direkt A2.2 goen. Dann hunn ech mat D. an mat de Germanophonen, an mir hunn opgehal B1.1. Dat heescht, dass ech zwee Semester gagné, gewonnen, hunn.

I: A wéi empfënns de Lëtzebuergesch léieren?

V51w: Ah, moi j'adore.

I: Firwat?

V51w: Alors. Dësen Semester ass eppes passiert. Dësen Semester. Dat ass meng drëtten Semester, ok? Den zwee éischten Semester hunn ech ëmmer ni keen Problem, ze liesen an ze verstoen. Problem héieren an verstoen e bëssen méi schwéier. Awer schwätzen ganz schwéier. Awer dësen Semester ass eppes passiert. Un peu wi en déclic. Elo kann ech, eh, kann ech, je peux faire des phrases. Mais c'est récent, hein? ça s'est passé tout seul, ça s'est passé tout seul. Ah ouais, mais c'est chouette, en fait.

I: Wou benotz du Lëtzebuergesch am Alldag?

V51w: Eieieieiei, alors... Ech probéieren ze schwätzen, wann ech op de Maart ginn, awer dat ass limitéiert: Ech hu gär Poretten, ech hu gär ... eh... carottes, Merci, wann-ech-glift, wéi vill kascht dat? Bon, dat ass limitéiert. An déi Persounen, déi um Maart schaffen, hunn net ëmmer Zäit a Loscht, mat mir ze schwätzen. Ok, ça, bon, ça va. Ech wielen och hei zu Lëtzebuerg Buttiken, wou ech weess, datt Persoune Lëtzebuergesch schwätzen. Sou ech gi bei Alinéa, fir Bicher ze kafen, ginn ech an Alinéa, da

ginn ech an Ernster, Hertz. [...] Da probéieren ech mat dëse Leit ze schwätzen a si hunn dat gär. Wa keen anere Clienten do sinn, da schwätze mir e bëssen. Ech hunn och Lëtzebuerger Frënn, mee et ass méi schwéier, mat hinnen ze schwätzen, well si ze séier schwätzen. An de Problem: ech hunn net genuch Vocabulaire. Da kënne mir 20 Minutte schwätzen, awer duerno si mir midd. An da schwätze mir Franséisch.

I: Firwat léiers de Lëtzebuergesch?

V51w: Alors, ça c'est une bonne question. C'est une super question, parce que ma motivation a changé. Au début j'ai appris le luxembourgeois pour la nationalité. J'ai appris le luxembourgeois, parce que je voudrais demander la nationalité. Ensuite ça a changé. Maintenant ce que je voudrais faire, c'est parler couramment. Ouais, ouais, ce que j'aimerais faire maintenant, c'est parler couramment.

I: Firwat?

V51w: Mais parce que j'habite dans ce pays, et puis que je vais rester dans ce pays, et puis que je me sens bien dans ce pays, et puis que j'adore ce pays. (laacht) Pour tout ça quoi. Je veux dire pour toutes ces raisons-là. Et je pense que c'est une intégration, je voudrais faire une intégration complète. Alors je m'en fiche, hein, qu'il n'y a qu'un pays au monde où l'on parle le luxembourgeois. Je veux dire c'est pas le problème ça. Parce que beaucoup de gens me disent: ouais, mais pourquoi tu n'apprends pas le russe, je sais pas moi, pourquoi tu n'apprends pas - parce que je parle anglais, je parle allemand, je parle français, avec ça je me débrouille. Je pourrais apprendre le portugais, mais bon. Je vois pas pourquoi j'apprendrais le portugais ici. Mes amis me disent le luxembourgeois ça se parle dans un pays. Ouais, mais quand tu vis dans ce pays, que tu veux rester dans ce pays. C'est chouette en fait. Ouais, j'aime bien.

I: Wat heescht da fir dech *Integratioun*? A wat kënnen d'Leit maachen, fir sech z'integréieren?

V51w: Intégration c'est, pour moi c'est déjà la langue. En premier quoi. C'est déjà en premier la langue. Moi, j'arrive même pas à comprendre que des gens par exemple qui vont habiter au Luxembourg, qui vont habiter en France, qui vont habiter en Espagne, ou en Italie, et qui parlent pas la langue du pays, ou au moins qu'ils apprennent pas à parler la langue. Je comprends pas.

I: Däitsch a Franséisch sinn och offiziell Sprooche vu Lëtzebuerg. Geet dat dann net duer?

V51w: Ouais, ouais, je sais, mais je trouve que si on vit dans un pays, il faut respecter son identité. Si on choisit de vivre dans un pays qui n'est pas le pays où l'on est né, il faut respecter l'identité du pays. Et l'identité d'un pays ça passe aussi par la langue et ça passe aussi dans aller vers les gens, je veux dire, qui habitent dans le pays, parce que si plus personne parle la langue, benh, je sais pas moi, bon ok, ce sera un autre pays, quoi. Tu vois? Ce sera un autre pays d'intégration. Mais bon, c'est quand même un peu une identité culturelle que je trouve qu'il faut garder. C'était comme l'alsacien. C'est un dialecte qui fait partie de la culture alsacienne. [...]

I: Wat ass dann d'Lëtzebuerger Gesellschaft fir dech? Elo aktuell? Wéi géifs de se definéieren?

V51w: Moi je trouve que c'est très difficile d'être intégré dans un groupe de Luxembourgeois, qui vivent ici depuis longtemps, qui ont leur racines ici, etc. C'est très compliqué.

I: Firwat ass dat schwéier?

V51w: Mais parce que, enfin, c'est ce que je ressens, eh, ça veut pas dire que c'est juste, hein? Mais bon, c'est quand même des gens qui ont accueilli beaucoup de nationalités différentes, avec aussi beaucoup de français frontaliers qui font zéro effort, mais zéro effort. Alors, je veux pas être intégriste, hein, mais qui font zéro effort. Je trouve qu'ils pourraient dire au moins Moien et Äddi, hein? Et Merci et wann-ech-gelift, et puis, enfn, je ne sais pas, ils pourraient au moins dire ce genre de choses, quoi. Donc je comprends par exemple que une petite mamie luxembourgeoise, quand elle va acheter son pain je sais pas où, je veux pas citer le nom du magasin, que ça l'énerve un peu que, benh qu'elle soit obligée, elle, d'apprendre le français, puis de parler le français, quoi. A la base, bon, à la base elle habite ici depuis 70 ans ou 60 ans, elle parle luxembourgeois depuis 60 ans et elle remarque que ça se perd

d'année en année, qu'il y a de moins en moins de gens qui le parlent. Bon, je comprends que ça l'énerve un peu dans le magasin quand il y a la nana française qui dit: Bonjour! [...]

I: Wou spillt Lëtzebuergesch dann an dengen Aen eng Roll fir Auslänner? [...]

V51w: Je ne pense pas. Enfin, ce que tu veux dire, c'est que la langue pourrait souder les gens, c'est ça? Je ne pense pas.

I: Oder d'Beispill vun der eelerer Fra, déi fäert, datt Lëtzebuergesch verluer geet. Mengs de, datt dat effektiv esou ass, datt Lëtzebuergesch eng Kéier net méi existéiert? Oder bleift et?

V51w: Moi je pense que ça va rester, parce que il y a quand même beaucoup de gens qui le parlent. J'ai quand même l'impression aujourd'hui qu'il y a un petit mouvement comme ça, et rien que le fait, rien que le fait d'obliger à parler pour avoir la nationalité, rien que ça, ça peut pas disparaître. Parce que les gens qui veulent avoir la nationalité, qui veulent vivre ici, etc., qui veulent voter, parce qu'ils font partie du pays, qu'ils veulent s'intégrer dans la communauté, ils sont obligés d'apprendre le luxembourgeois. Et s'ils ont des enfants, les enfants ils apprennent le luxembourgeois à l'école. Parce qu'il y a quand même pas tout le monde qui met à l'école internationale. Parce que c'est comme M. M. qui habite ici depuis 20 ans.

I: M. du cours?

V51w: Oui, oui, M. du cours, qui habite ici depuis 20 ans, qui est allé à l'école, je sais pas, internationale, et qui parle pas et qui apprend maintenant le luxembourgeois. Tu vois? Donc il y a pas tous les parents qui mettent les enfants à -. Donc de toutes façons rien que par les enfants, ils parlent luxembourgeois entre eux, donc ça peut pas se perdre. A moins qu'on donne la nationalité sans la langue, eh, que on enlève le luxembourgeois des écoles etc. Mais sinon ça disparaîtra pas. Après peut-être qu'il y a de moins en moins de gens qui vont parler. Tu vois, S. par exemple, elle pense comme moi. S. du cours, elle a eu maintenant son test de langue et tout, bon elle continue à venir au cours, elle veut continuer aussi pour apprendre. Tu vois? Il y a beaucoup de gens qui pensent comme moi. M. aussi, parce que lui, il y a rien qui l'oblige à parler. Donc non, ça disparaîtra pas. Après je pense pas que ça puisse faire un lien, parce que c'est quand même un pays germanique ici. C'est quand même un pays avec des règles germaniques. Donc si t'as un italien qui vient ici, tu ne le transformeras pas, hein?

I: Wann s de lo kucks, 't gëtt jo am INL e grousse Succès vun de Lëtzebuergeschcoursen, 't gi vill Leit, déi et léieren, déi den Effort maachen, fir et ze léieren. Wann s de elo héiers vu Lëtzebuerger: Jo, mee d'Auslänner léieren dat net. Wéi reagéiers de do drop? Oder hues de dat scho mol héieren?

V51w: Non, c'est pas ça ce que j'ai entendu. J'ai plutôt entendu qu'ils sont déçus, en fait, qu'ils sont déçus. Mes copains par exemple, qu'ils sont déçus, en fait, comme s'ils avaient accepté le fait que de toutes façons en gros les gens qui sont arrivés ici ils n'ont pas envie d'apprendre le luxembourgeois, et qu'ils sont tellement contents quand il y a quelqu'un qui parle. C'est plutôt dans ce sens-là. C'est-à-dire qu'ils ont accepté que de toutes façons, leur langue, ça n'intéresse personne et que, quand il y a quelqu'un qui s'y intéresse, ils sont, mais, super contents.

I: Mengs de dann, datt dee ganzen Discours ëm d'Lëtzebuerger Sprooch: Muss een et schwätzen? Wou muss een et schwätzen? Huet dat Potential, fir d'Gesellschaft an zwee ze splécken? Also huet dat Konfliktpotential?

V51w: Enfin, Konflikt, c'est possible... Après, eh... Konflikt, c'est trop fort. Mais que un groupe de personnes n'a pas accès à d'autres. [...] Certaines personnes qui vont pas vers d'autres.

I: Wien? Wien ass "certaines personnes"?

V51w: Benh, par exemple.. je sais pas... il y a quand même pas beaucoup de Français qui habitent ici, qui ont des connaissances, enfin des copains luxembourgeois, hein? Les Français restent avec les Français, les Anglais avec les Anglais. [...] Bon, moi j'ai pas d'enfants, je ne sais pas comment ça marche quand les enfants vont à l'école et qu'ils font le lien. [...] Je pense que, en général, les gens, ils

s'entourent de gens qui leur ressemblent. Mais c'est en général. [...] A la base, c'est des gens qui sont un peu comme toi. [...]

I: Wat ass da fir dech typesch Lëtzebuergesch?

V51w: Je trouve qu'ils sont quand même un peu stur, un peu borné quand même. [...]

I: Du hues virdru gesot, du hues vill positiv Erfarunge gemaach, wann s de Lëtzebuergesch mat de Leit geschwat hues. Hues de dann och scho mol negativ Erfarunge gemaach?

V51w: Ah, de Problem ass, wann ech Lëtzebuergesch schwätzen, hunn ech franséisch Accent. D'Leit verstehen, verstoen mech net ëmmer. Donc je me suis déjà dit, au téléphone je dois pas parler. Quand je dois appeler une administration, je me dis: V., parle pas. Parce que la personne au bout du fil n'a pas le temps, et déjà parfois elle te comprend pas. Alors elle ne te comprend pas pour deux raisons: Parce qu'elle ne s'attend pas à ce que tu parles et parce que des fois quand je fais des blagues, que je trouve que c'est une blague marrante en fait, elle comprend pas. Donc au téléphone c'est pas possible.

I: Ass dat frustréierend fir dech?

V51w: Non, non. C'est juste un truc que je me suis dit encore il y a deux jours. [...]

I: An ëmgedréint? Dass du fäerts, datt ee mat dir schwätzt, um Telefon oder soss, an dass du et net verstees?

V51w: Ah, mais ça, j'ai jamais eu un problème. [...] Mais il y a très peu de gens qui parlent le luxembourgeois spontanément, hein? Ils parlent tous français spontanément.

I: A wann s du mat engem schwätz, deen héiert, dass du net "Stacklëtzebuerger" bass, an deen dann an eng aner Sprooch switcht. Wéi ass dat fir dech?

V51w: Ouais. Je trouve qu'il ne devrait pas switcher. Le problème c'est qu'il y a tellement de... Je trouve qu'il devrait pas. Mais je pense qu'ils ont eu tellement de fois où ils ont parlé luxembourgeois à quelqu'un, et que le quelqu'un a dit: Je parle pas, je parle français. Ils ont eu tellement, tellement, tellement de fois ça, que automatiquement maintenant ils parlent en français. Tu vois? Comme une habitude. Comme une habitutde. Donc, eh... Donc hier j'étais au casier judiciaire avec une copine. J'ai parlé à une nana en luxembourgeois et elle m'a répondu en français. J'ai dit: Dir kënnt Lëtzebuergesch schwätzen. Ech léieren. Alors bon, ça l'a fait rigoler, et après elle a dit Äddi. Mais c'est juste des habitudes, c'est tout. Ils parlent français par habitude.

I: Misst een dat changéieren? Oder ass dat ok? Ass dat Lëtzebuerg?

V51w: Benh, je trouve que quand quelqu'un parle luxembourgeois et même s'ils savent que c'est un français, ils devraient continuer en luxembourgeois. Parce que ça veut dire que le français il a envie de parler. Maintenant ils savent pas non plus son niveau. Parce que moi il y a quand même un truc qui m'est arrivé au marché. [...] Mais c'est une volonté de parler. C'est une volonté.

I: Ech soe villmools Merci fir d'Gespréich.

T49m

I: Voilà. Also du muss net op Lëtzebuergesch äntweren. Gären, awer esou wéi et agreabel ass.

T49m: Wi et geet.

I: Jo, voilà.

T49m: Mee ich kann Feeler maachen? Wann ich Feeler maachen kann, dann probieren ich et op Lëtzebuergesch.

I: Also sou wéi et grad kënnt, ass et gutt.

T49m: Nee, ass jo och en gutt Übung.

I: Mol fir d'éischt: Wéi laang bass du schonn zu Lëtzebuerg?

T49m: Ou. Ich wunnen zënter 2002 op Lëtzebuerg. Och an d'Stad hei.

I: Wéinst dem Beruff?

T49m: Wéinst dem Beruff, jo, jo. Ech sinn Architekt. An an den Joren erëm 2000 do waren an Däitschland keen Jobofferen fir Architekten. Do sinn immens vill Kollegen och op Lëtzebuerg komm. Well den Marché fir Architekten ass och en Fasen. [?] An do war ich eemol hei an do sinn ich gebliwwen.

I: Wat fir Sproochen hues du doheem geschwat, an denger Kandheet mat den Elteren, eventuell mat de Geschwëster?

T49m: Mat mengen Elteren an Schwësteren nëmmen Hochdeutsch. Also ich kommen vun eng klenger Stad, oh, en Duerf. An meng Papp, wann hien mat seng Kollegen geschwat huet, da war dat an een Sprooch, déi ech net verstunn han. An och meng Mamm, wann di mit sengen, mit hiren Schwësteren geschwat huet, hunn ech och näischt verstunn. An dat woren och net déiselwecht Sproochen (laacht). Mee dat war an déi Zäit esou, datt et méi chic war, Hochdeutsch ze schwätzen dann Dialekt. An eso hunn ech keen Dialekt geléiert, net deen Dialekt von meng Papp an och net deen Dialekt von meng Mamm. Zwee verschidden Dialekter, mee zwee Noperduerfer.

[...]

I: Wéi hues de Friemsproocheléieren empfonnt?

T49m: In den ischten een, zwee Joer, vläicht dräi Joer war dat méi wi een Spill, also spillerisch, hat Spaass gemaach. Mee méi an méi huet dat changiert Richtung Aarbecht. [...]

I: Wat sinn dann aktuell Sproochen, déi s de am Alldag gebrauchs?

T49m: Englisch. Well ech wunnen an enger Collocatioun. An ich versichen ëmmer een Persoun ze hunn, déi Franséisch schwätzt an een Persoun, déi Englesch schwätzt. Mee elo hunn ich dat net esou, hutt dat net funktioniert, an elo hunn ich zwee Leit, mat deenen ich Englesch schwätz. Dat ass och gutt, mee ich muss am Englischen méi iwwerleegen. An Franséisch schwätzen ich, vläicht net gutt, mee ich schwätzen wi et an de Kopp kommt an am Engleschen bin ich am Sichen no de Vocabulaire. Nee, dat is en gutt Übung, dat is kloer.

I: Dat heescht du giffs soen, Englesch ass déi Sprooch, déi s de de Moment doheem schwätz?

T49m: Jo.

I: Franséisch dann op der Aarbecht? Oder wou? Also wat fir Sproochen a wou schwätz de se?

T49m: Also Englesch doheem. (laacht) Doheem, wat is doheem? Also net mat meng Elteren. (laacht) Jo, nee, do,wou ech wunnen. Genau. An, eh, Franséisch, jo, an d'Stad, Sachen an de Buttiken hei, an de Supermarché. Normalerweis och op der Aarbecht. Mee ech bin elo selbstänneg, ech hu keen Kollegen. Mee virun war et esu, war d'Sprooch vum Büro ëmmer Franséisch. Well 2/3 vun de Leit, déi

schwätzen keen Däitsch. Fir dat schwätz du Franséisch mit deenen. Jo, an Däitsch schwätzen ich mat mengen Frënn, dat ass kloer. Well ech hunn méi däitsch Frënn dann franséisch Frënn.

I: Déi hei liewen?

T49m: Jo, och. Oder och nëmmen hei schaffen. Jo, an Lëtzebuergesch... Heiansdo nom Cours mam Frau Hartmann (laacht) ginn ich an d'Schwämm an do treffen ich heiansdo e Kolleg an heen ass e Lëtzebuerger. An duerno ginn mir am Bistro an schwätze heiansdo op Lëtzebuergesch. Also heen ass Lëtzebuerger. A mat Béier geet dat immens gutt.

I: A mir drénken Téi! (laacht)

T49m: (laacht) Jo, nächst Mol owes.

I: Ok. Firwat just heiansdo Lëtzebuergesch? Wat schwätz der soss, wann der kee Lëtzebuergesch schwätzt? Mat deem Kolleg?

T49m: Däitsch. Fir heen, also heen is Lëtzebuerger, fir hien ass et datselwecht, ob hie Franséisch oder Däitsch schwätzt. [...]

I: Dat heescht, wann s de sou kucks, Lëtzebuergesch ass dee klengste Prozentsaz vun deene Sproochen, déi s de am Alldag schwätz? Oder wéi giffs de dat -?

T49m: Jo. Dat kinnt een esou soen. Mee dat is schued. (laacht)

I: Firwat?

T49m: Nee, dat is normal. Oh, dat si Saachen, di jidderee weess. Mee et gitt hei... Also ech kennen nëmmen d'Stad. Ech weess net, wat op den Dierfer passéiert. Mee d'Stad funktionéiert an Communautéiten, hei gëtt et déi englesch Leit, franséisch Leit, däitsch Leit oder portugisesch Leit. An da gëtt et och Iwwerschneidungen, kloer, mee am End schwätzt jiddereen mat seng Grupp. An d'Lëtzebuerger... ech kennen an d'Stad keen, oder beinoh keen, dee Lëtzebuerger kennt. Dat ass vläicht um Duerf e bëssen anners, mee hei an d'Stad, du gesäis keen Lëtzebuerger (laacht), an esou gëtt et och keen Obligatioun, fir Lëtzebuergesch ze schwätzen. [...] Also wann léiert een e Sprooch? Ee Possiblitéit is, ass kloer an d'Schull. Mee di zweete Méiglichkeit ass, ja, am reellen Liewen. Mee wenn hei kee Lëtzebuerger, also an der Realität keen Situatioun hues, wou du Lëtzebuergesch schwätze muss, dann macht man, dann léiers du dat och net. Ja, ja. An ich mengen, wann d'Lëtzebuerger wollen, datt méi Leit Lëtzebuergesch schwätzen, dann muss et och méi Situatioune ginn, wou et normal ass, Lëtzebuergesch ze schwätzen. A wann dat net funktionéiert, ok, dann kanns de ëmmer nach op Englesch, op Franséisch wiesselen. Zum Beispill, dat Journal vun der Stad hei. Wéi heescht dat?

I: *City*? Oder *Ons Stad*?

T49m: *City*. Wenn du elo e Journal schreifs fir di Leit, di hei wunnen an et ass nëmmen Englesch an Franséisch dobannen ass, da gesäis du: ech brauch hei kee Lëtzebuergesch. Dat ass kloer. Ok, wat passiert, wann du dee *City*-Magazin op Lëtzebuergesch schreifs? Dann hues du manner Leut, di dat liesen. Jo, ok. De Moment ass dat nach net equilibriert.

I: Jo, jo. Wou ass dann de Moment Lëtzebuergesch präsent? Wou hëls du et wouer? Wou gesäis du et? Oder wou spillt et iwwerhaapt eng Roll?

T49m: Dat is sou ... Ech mengen, direkt, wenn du an de Dierfer gees, an de Communen, di Administratiounen do, do spiers du: hei schaffe Lëtzebuerger an déi sinn et gewunnt, mat de Clientë Lëtzebuergesch ze schwätzen. Op de klengen Dierfer. An de groussen Gemengen villäicht net. Mee do kann een konstatieren: ah, hei gëtt Lëtzebuergesch geschwat an dat ass normal. Wann ech hei an d'Stad Lëtzebuergesch probéieren, da kucken déi: Wat will der? (laacht)

I: Firwat léiers de et dann? Wat ass deng Motivatioun, fir et ze léieren? A wéi laang léiers de schonn?

T49m: Jo, ech hunn virun dengem Cours een Cours beim D. gemat. Jo, dat war d'Motivatioun, e bëssen, ech sinn elo laang hei zu Lëtzebuerg an ech weess nach net een Wuert an der Sprooch schwätzen vun deenen Leit, di vun hei kommen. An dat war e bisschen so, fir mech... Eh, wi soll ech dat beschreiwen?

Ech hu virdrun dora kee Sinn gesinn, Lëtzebuergesch ze schwätzen, well meng Situatioun hei war: ah, ech bin nëmmen provisoresch hei. (laacht) An eh, ok, dat Provisorium ass elo méi dann 10 Joer. Ok, de Plang war: E puer Joer hei, a fir déi puer Joer: firwat Lëtzebuergesch léieren? Mee elo weess ech: Et ass méiglech, dass ech nach méi laang hei sinn, an dann ass et schonn interessant, eh, an och nëtzlech, de Sprooch vun de Leit hei ze léieren. Ech merken dat méi an méi, ich merken dat elo méi och, well ech elo selbstänneg bin, sinn. Als e klenge Salarié am Büro, do huss du och Kontakter zu den Clienten. Mee normalerweis net zu Lëtzebuerger. Elo hunn ech och Kontakter zu Lëtzebuerger, net esou vill, mee och. An, eh, ech schwätzen mat deenen net automatesch elo Lëtzebuergesch. Dofir sinn ech nach net gutt genuch, ech weess et net. Mee ech hat elo méi an méi Situatiounen, wou ech frou war, Lëtzebuergesch ze schwätzen, fir eppes ze verstoen, wat zwee Lëtzebuerger matenander geschwat hunn. Oder ech liesen elo och, de, de, wéi heescht dat? Déi Ratssëtzungen vun der Gemeng. Déi sinn op Lëtzebuergesch. An ech sinn immens frou, ah, ech verstunn, ah, ah. (laacht) Ech find dat lusteg, mee och interessant. Jo, und dann, ech sinn e bësschen aktiv och am Vëlosclub. An am Vëlosclub hunn di Regelen: Mir schwätzen nëmmen Lëtzebuergesch. Bon, ass net offiziell, mee all Saachen, oder Rundmailen, di sinn ëmmer op Lëtzebuergesch. Jo, dat is och deenen hiren Problem, well all Leit, di dat net verstoen, schaffen net aktiv am Club mat. Mee elo froen di sech: Mussen mir vläicht eppes änneren an der Sprooch? Oder wéi mir mat de Leit Kontakter huelen. Wann 80% vun de Leit, eh, 80% vun de Leit keen Lëtzebuerger an der Stad? Ech hunn et vergiess. Immens vill. Und wenn di dat net verstoen, dann maachen di näischt. [...]

I: Hues de dann eng Kéier iergendwéi eng negativ Erfahrung gemaach, well s de kee Lëtzebuergesch geschwat hues? Oder de Konträr: Du hues op Lëtzebuergesch geschwat an et huet een der trotzdeem net op Lëtzebuergesch geäntwert?

T49m: Dat hunn ech dacks. Ech probéieren op Lëtzebuergesch mat Lëtzebuerger an dann äntwerten déi op Däitsch. (laacht) Déi héieren direkt, datt du kee Lëtzebuerger bass, an, ok, ech verstinn dat, mee do mach ech keen Progressioun. Mee dat is en Fro vun der Zäit. Well wenn du pressiert bass, Informatiounen z'echangieren, an du hues 5 Minutten Zäit fir dat, dann hues de keen Zäit ze waarden, bis deen aneren dat korrekt Wuert gefunnen hat. (laacht) Mee et ass net béis vun de Leit. Mee heiansdo mengen ech, ok, mir sinn elo net pressiert, firwat äntwerts de net op Lëtzebuergesch? Ee Grund ass sécher och, d'Lëtzebuerger sinn et gewunnt, direkt an d'Sprooch vum aneren ze wiesselen. A wann déi merken, ah, dat ass een vun Däitschland, dann schwätzen déi direkt Däitsch, ouni nozedenken, dat ass do drin. (laacht)

I: Stéiert dat dech? Oder mécht et dech rosen? Oder wéi empfënns de dat?

T49m: Schued. Rosen ass net richteg. Well en anner Reaktioun wär, datt en sech freut: „Ah, hie probiert et, a kritt seng Zäit, ah, ech hëllefen e bëssen." Mee wann en dann direkt changiert an d'Däitsch, dann denken ech dann och: Ah, dat ass nach net genuch. Net esou frëndlech. Mee dat mengt deen net béis, mengen ech, dat is do sou drin. (laacht)

I: An extra positiv Erfahrungen, wann s de Lëtzebuergesch schwätz?

T49m: Ehm... Dat gitt et och. Zum Beispill wann ich elo kleng E-Mailen am Vëlosclub schreif, dann schreiwen ech op Lëtzebuergesch, da kënnt da sou: Ah, T., du schwätz elo gutt Lëtzebuergesch! An dann äntwerten déi op Lëtzebuergesch. Well normalerweis hunn déi mir op Däitsch geäntwortet. Dat ass a Gruppen, oder Leit, déi wëssen, du wëlls Lëtzebuergesch léieren. Da vesichen déi, dech ze ënnerstëtzen. [...]

I: An eng negativ Erfahrung, dass de dech ausgeschloss gefillt hues, well s de et net geschwat hues? Oder och well s de geschwat hues?

T49m: Eng negativ Erfahrung? Ah, jo. Net richteg. Mee dat war och net béis. An der Schwämm, do gëtt et een Grupp vun Fraen, älteren, also méi al dann 60 Joer. Déi hunn dacks e bësschen geschwätzt. Dat sinn 6 Fraen an déi hunn Kaffi gedronk. Ech war an mengem Dësch. Mee mir hunn e bësschen geschwat und so. Heiansdo hunn di gefrot: "An, T., hues de nach ëmmer kee Lëtzebuergesch geléiert? Zënter wann bass du hei zu Lëtzebuerg? Muss du net e bësse léieren elo?" Eh, jo, fff. Dat war keen Grond fir

mech, et ze léieren. Mee ech weess och, zum Beispill der, der Typ, der och do dat Café do maacht, der kënnt vun Italien an der schafft zënter 15 Joer do an dee kann kee Lëtzebuergesch. An heiansdo echauffieren sich di al Dammen: "Kann deen ëmmer noch kee Lëtzebuergesch?" Eh, jo. Ech mengen, do ass e bësse Spaass, mee och e bëssen Ernst derbei. Datt déi sich soen, ok, wann een elo esou laang schonn hei zu Lëtzebuerg ass, dann ass dat genuch Zäit, fir e bëssen ze léieren.

I: Ass dat eng Reaktioun, déi s de dacks gesäis? Also datt d'Leit sech opreegen: Oh, lo scho sou laang hei an e schwätzt nach ëmmer net.

T49m: Ech kenn net vill al Lëtzebuerger. Dofir weess ech dat net. Ech kënnt mir virstellen, och an der Diskussioun haut, wéi vill Migranten elo hei sinn, datt et méi an méi elo en Konfrontatioun villäicht gitt. Och well et elo, du weess, di zwee Petitiounen an der Chamber. Dat war virun 5 Joer nach net e groussen Sujet. De Sujet war da, mee nach net e Sujet fir ze kämpfen. Dat war e Gefill, dat war: Oh, wat passiert hei zu Lëtzebuerg? Manner an manner Lëtzebuerger. Mee elo sinn et wierklech méi dann déi - , ass et schonn esou, datt méi dann déi Hälft - ? Mee ech hunn dacks gehéiert, mee dat sinn dacks al Fraen, méi dann 60 Joer, och an Butteken oder an Supermarchéen, wann di eppes bezuelen wollten oder e Breetchen kafen wollten, di konnten dat net op Franséisch kafen. Oder och bei Fischer op Bonnevoie, heiansdo Leit, déi wollten eppes op Lëtzebuergesch kafen, an di Dammen: "Pardon?" An hunn näischt verstunn, oder wollten näischt verstunn, an da waren di béis.

I: Mengs de dann, datt dat effektiv Konfliktpotential huet? Dat Lëtzebuergescht an dat Net-Lëtzebuergescht?

T49m: Also wenn et schonn e Konflikt wor, datt Leit gesot hunn: "Et muss dach méiglech sinn, datt ech a mengem eegene Land e Bréitchen a menger eegener Sprooch bestelle kann. Dat muss dach méiglech sinn." Dat hunn ech schonn dacks héieren. An dat ass de Fro: Sinn dat just Reaktioune vun ale Leit? Ech weess net, wéi di Jonker dariwwer, wi di dat gesinn. Dat weess ech net.

[...]

T49m: Et ginn Entwécklungen hei zu Lëtzebuerg, ze iwwerleegen, wat fir eng Bedeutung huet eng Sprooch fir d'Nationalitéit, fir d'Gefill vun Nationalitéit. Dat ass eng politesch Fro. Ech fannen et nach méi extrem zum Beispill, datt et hei zu Lëtzebuerg och méi a méi Leit gitt, déi kee Lëtzebuergesch, ok, mee och keen Däitsch a Franséisch kënnen. Et gitt méi an méi Leit, déi kennen nëmmen dat Englesch. An fir déi ass dat normal, dat jiddereen dat versteet. Man kann et positiv sehen: ah, en internationale Sprooch. Also ich kann et verstoen, datt et Leit gitt, di mengen, datt fir eng Natioun ze sinn oder fir méi ze integréieren, datt et méi besser is, wa Lëtzebuergesch méi, eh, wéi heescht dat?, puschiert gëtt. Also ech gleewen, wann ech een Deeg wierklech Lëtzebuergesch schwätze kann esou, datt et keen Unnerscheed fir mech is, ob ech Däitsch oder Lëtzebuergesch schwätz, dann hunn ech, mengen ech, e ganzt anert Gefill fir d'Land hei, well da schwätzen ech wierklech wéi d'Leit, déi hei wunnen, an net wéi internationale Cooperatioun von ... wéi heeschen déi? do gëtt et dach esou e Begréff, Expats. Well fir déi is et egal wou déi wunnen. Déi wunnen do, wou déi Suen verdéngen kënnen. [...] Dat ass fir Carrière ze maachen. Déi interessieren sech net fir méi. A wenn déi op Lëtzebuerg hei kucken goen, dann ass dat wéi so en, wéi nennt man dat? Dat ass wéi am Urlaub. Du hues kee Kontakt zu de Leit, déi do wunnen, mee du hues déi schéi Biller. [...] Nee, déi kennen näischt. Déi kennen e puer Biller.

I: Ass dat eng Ambitioun fir dech? Du sees, wann ech eng Kéier esou gutt schwätzen, datt ech mech richteg hei fillen. Ass dat eng Ambitioun? Ass dat en Zil?

T49m: Vu mir? Schonn. Jo, ech denke schonn, jo, jo. Dat huet och e bësse mat Respekt ze doen. Ech find et ëmmer komesch, wann Leut et net probieren, mat deen Leut an där Sprooch ze schwätzen, déi do sinn. Wenn du ëmmer denks: Ech schwätzen Englesch, da muss du och Englesch schwätzen. In Frankreich is dat extrem, dat is kloer. Wenn du do kee Franséisch schwätz, da schwätzt keen mit dir! (laacht) Awer d'Lëtzebuerger, déi sinn et halt gewunnt, tolerant ze sinn mit de Sproochen, well déi hunn ëmmer e Mix mat Sproochen gehat. Nee, vläicht missten déi méi selbstbewusst werden. Well, ja, well wann et ëmmer méi international gitt, dann ass et een, sou ze ginn, wéi all déi anner Leit, oder eben... Et ass eng anner Saach, ob dat eng offiziell Sprooch gitt. Ech fannen, d'Lëtzebuerger, déi kinnten

dat probieren: Mir sinn hei zu Lëtzebuerg (schléit mat der Fauscht op den Dësch), (schléit nach eng Kéier mat der Fauscht op den Dësch) mir schwätze Lëtzebuergesch (laacht).

I: [...] Sinn d'Lëtzebuerger selwer paradox bei deem Ganzen?

T49m: Paradox, villäicht. Di Saach ass: Di Lëtzebuerger sinn et gewunnt, och an d'Stad, net an hirer eigener Sprooch ze schwätzen, well, for example an der Administratioun. D'Lëtzebuerger sinn et gewunnt, an enger Fremdsprooch di Gesetzer ze schreiwen, all di Reegelen ze kommunizieren, di Publikatiounen ze maachen. Wann di Schwämm, z.B. op de Chrëstdeeg geschlossen ass, dann ass da di Publikatioun op Franséisch. Firwat net op Lëtzebuergesch? Et kënnt een och op Lëtzebuergesch schreiwen, a kleng och op Franséisch, ech weess et net. Mee dat ass normal, ëmmer op Franséisch ze schreiwen. Firwat? Et kënnt een z.B. am Biergercenter, firwat net all Saachen, déi do sinn, op Lëtzebuergesch schreiwen? An dann, wann een dat net versteet, ok, dat si villäicht vill Leit, da soen: mir hunn och en Iwwersetzung hei. Mee datt Lëtzebuergesch méi Standard gitt. Villäicht net fir di Saachen am Cour de la Justice, well de Lëtzebuerger Sprooch net esou vill Wierder hat. Mee fir di einfach Saachen op dem Niveau von den Communen, fir wierklech vill méi Lëtzebuergesch ze schwätzen, ze produzieren. Datt et fir di Leit, datt di et gesinn: Ah sou, Lëtzebuergesch ass normal hei. Ah sou. Ech weess, also ech hunn an deenen erschten 5 Joer oder 10 Joer hei hat ech ni en Obligatioun hei, Lëtzebuergesch ze schwätzen. Ni. E Reunioun op Däitsch, op Franséisch, ni op Lëtzebuergesch, is kloer. Jo, et muss ... An deem Moment, wenn du et léiere muss, dann léiers de et. An dann och villäicht immens séier, (laacht) ech weess et net.

I: Op där aner Manéier ass Franséisch och eng offiziell Sprooch zu Lëtzebuerg.

T49m: Jo, dat ass vläicht de Problem. (laacht) Well, jo, vläicht muss man e bëssen, boah, lues a lues, dat Franséischt e bëssen reklasséieren. Ok, fir di offiziell Gesetzestexter, ok. Mee es gibt Beispiller. Et war an der Vergangenheit jo och normal am Parlament Franséisch ze schwätzen. An dat huet och changiert. Wat heescht zum Beispill Rue du Curé op Lëtzebuergesch? [...] Do steet Exposition. Lëtzebuergesch? Expositioun.

I: Du schwätz vun der Chamber. Iwwerhaapt politesch Discoursen. 't geet jo awer d'Politik op Lëtzebuergesch. Hunn d'Leit dann iwwerhaapt eng Chance, dat matzekréien? Du sees lo, ech liesen d'Gemengerotssëtzungen op Lëtzebuergesch. Mee wee mécht dat? Wee kann dat verfollegen? Kënne Leit, déi kee Lëtzebuergesch verstinn an et vläicht och net wëlle léieren, kënnen déi iwwerhaapt eppes matkréien, wat um politesche Plang leeft? Quitte, datt et Iwwersetzunge ginn an een et och op Däitsch oder Franséisch an den Zeitungen, an de Medien dat matkritt. An trotzdem ass jo awer Lëtzebuergesch sou déi éischt Sprooch. Ass et fir dech schwiereg, do eppes matzekréien? Oder net? Hues de gemierkt, doduerch, dass de et léiers, datt sech eppes veränert huet, dass de doduerch méi matkriss wéi virdrun?

T49m: Also ech hunn de Virdeel, datt ech Däitsch schwätzen an déi meescht Artikelen an den Zeedungen sinn op Däitsch. Da kréien ech immens vill mit. An dat Lëtzebuergescht, wat di schrëftlech Saachen ugeet, kréien ech net méi mit, well ech Lëtzebuergesch schwätzen. Nee, dat ass méi an de Kontakter mat de Leit. Ech hat en Conversatioun am Telefon, do huet ee vun der Administratioun fir Baugenehmigungen an der Stad Lëtzebuerg. Gutt, dat war e Gespréich vun 10 Minutten. An so no 5 Minutten huet der vun Däitsch op Lëtzebuergesch gewiesselt. Ech hat am Ufank e bësse Problemer, direkt ze follgen. Mee ech hunn probiert. Ech weess och net, ob der dat gemierkt huet. (laacht)

I: Wat? Datt hie gemierkt huet, datt hie selwer -?

T49m: Jo, jo. Ech war net sicher. Well deen huet sech e bëssen echauffiert iwwer mech, well ech: wéi is dat domit an domit an domit? An dunn huet deen op Lëtzebuergesch gewiesselt. Ech weess net, ob deen dat extra gemaach huet. Ech weess et net. En huet och net opgehört damit.

I: Commentaire: "E Chines oder e Russ [...] Ouni Lëtzebuergesch schonn."

T49m: Dat is richteg. Jo. Komplett. Könnt ich so unnerschreiwen. Gesinn ich och so. Also ouni Franséisch hues de op Lëtzebuerge verluer. Ouni Englesch an Däitsch et geet. Well ech kenn immens vill Leit, déi nëmmen Franséisch schwätzen, déi hunn zu Lëtzebuerg keen Problem. Mee annersherum,

Leit, déi Däitsch schwätzen, wann déi keen Franséisch schwätzen, dann hunn déi heiansdo Problemer do mit Formulairen, mit Conversatiounen am Büro. Vill Saachen sinn op Franséisch. Also ouni Franséisch hues du keen Chance hei an verschidden Saachen.

I: Giffs de dann och dat hei ënnerschreiwen, en anere Commentaire, och an deem Kontext: "Lëtzebuergesch ass mëttelfristeg dozou veruerteelt, ze verschwannen."

T49m: Boah... Et ginn Entwécklungen, wann s de s de se lafen lässt, dann lafen di an een Richtung. Oder du weess: wann ech näischt maachen, dann ass dat d'Resultat villäicht. Ech kinnt mir virstellen, wann di Lëtzebuerger näischt maachen, dann ass et manner an manner hei am Alldeeg. Oder et is am End nëmmen en Sprooch vun der Lëtzebuerger Elite. Well, eh, 't ass wéi, eh, ech weess net, wéi ech dat beschreiwen kann. Da sinn déi Lëtzebuerger méi an méi an hirem Grupp. Mee si kënnen och mat aner Leit schwätzen. Mee dat is de Sprooch vun der Elite. An déi andern, di dat net schwätze kënnen, di hunn do keen Zougank zou.

I: Jo. Du sos scho virdrun, du erliefs d'Stad, déi funktionéiert sou a Communautéiten, dat heescht och dat géif da méi staark ginn? Sou Gruppen?

T49m: Jo. Nee, ech mengen, dat is och en Problem. Wann di Lëtzebuerger et lancieren, méi Lëtzebuergesch ze schwätzen, is et och möglech, datt déi sech méi separieren vun den anner Leit. Well et is kloer, wann di Lëtzebuerger Däitsch, Franséisch schwätzen, dann hunn di méi Leit, mat deenen di kommunizieren. Mee ass di een Dag vläicht verschwunnen? Ech mengen, dat is en politesch Entscheedung, wat een will. Du kanns all Saachen ëmmer lancéieren oder net. Wéi ass dat op Frankräich? Di hunn, also di franséisch Zentralstaat huet fir Joerhunnerte versicht, déi kleng Sproochen zurückzedrängen [...] Man kann en Entwécklung an déi een oder an di anner Richtung unnerstëtzen. Wann een hei zu Lëtzebuerg wierklech liewen wëll, dann kann - , et ass fir mech, well ech Deutscher bin, vläicht méi einfach, mee et kann jiddereen di Sprooch léieren. Sou is dat. Am End is dat nëmmen: Wéi vill Zäit investéieren ich do? An keen kann soen: Do hunn ech keen Zäit fir. Meng Problem am Ufank wor och, ech konnt e bëssen Franséisch schwätzen, mee dat war net genuch, fir ze iwwerliewen hei. Dafir wor meng Fokus immens op em Franséischen. Mee elo kann ech genuch Franséisch schwätzen, fir ze iwwerliewen, elo hunn ech och Zäit, fir Lëtzebuergesch ze léieren. Ja, ech hunn och e Beispill, wou ech mech als Däitscher denken, beinoh schämen. Ech kennen hei e puer Däitsch Leit, déi wunnen hei méi dann 60 Joer, wann ech deenen verzuel: Ah, ech machen elo en Lëtzebuergeschcours, dann di Reaktioun ass dacks déiselwecht: Ach, hör mit dem Blödsinn da op. Dat sinn Leit, déi hunn och op héich Institutuioune geschafft. Da brauchen di keen Lëtzebueresch, da is kloer. Di schwätzen Franséisch mat deen Leit, Däitsch, vläicht Englesch. Mee fir di is dat keen Virstellung: Firwat maachen ech dat. Nee, dat is schonn so en Reaktioun vun keen Respekt fannen ich. Also wann een nëmmen 5 Joer hei ass, ok, Franséisch léieren, villäicht Däitsch léieren, Carrière maachen, Frau, Fra sichen, ech weess net wat. Dann is dat ok. Mee wann een 10 Joer hei ass, dann gitt et keen Excuse am faktor Zäit ze soen, oh, hunn ech keen Zäit fir. Ech fannen et och gutt, datt et, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien, datt et do en, oh, en klengen Level gitt fir Lëtzebuergesch, fannen ich richtig. Mir an Däitschland, do gitt et di gruss Diskussioun mat de Flüchtlingen [...] Ech mengen, dat kinnt een gutt Iddi sinn, Lëtzebuergesch méi ze protegieren.

(Ënnerbriechung; Telefon schellt)

I: Ech hunn nach just eng lescht Fro, an da si mer derduerch. Du, deen s du Lëtzebuergesch léiers, wann s de héiers, datt d'Leit soen: oh, mee Lëtzebuergesch, 't léiert jo keen et. Wéi reagéiers de do drop? [...]

T49m: Wann di Lëtzebuerger dat soen? Hm.

I: Hues de dat scho mol héieren?

T49m: Datt di Lëtzebuerger soen, di maachen keen Fortschrëtter? Ech weess, datt an deem Moment wou d'Lëtzebuerger héieren, datt ee probéiert, da sinn déi schon immens glécklech. Ech hat nach ni d'Situatioun, datt ee mer sot: Du méchs keng Fortschrëtter oder du léiers net. Déi Situatioun hat ech nach ni. [...] Déi honnoréieren dat normalerweis. Dat ass eigentlech eng positiv Reaktioun. Ja, ja, ja, ja.

I: A wéi giffs de d'Lëtzebuerger Gesellschaft definéieren?

T49m: Dat ass awer e global Fro. Ehm... Kurz Zesammenfassung is: Ech merken dacks, datt e groussen Deel vun de Lëtzebuerger, datt déi Älteren nach vum Duerf kommen, also dat kriss de mit an Administratiounen, wou s de denks: wou sinn ech hei? Mee Lëtzebuerg mécht en grouss Entwécklung mat, en Professionalisierung, di is an em Tempo, di is wierklech remarkabel. An dann, is kloer och, ech weess net, wéi vill Jonker d'Abitur gemaach hunn. Vläicht 60-70% vun den Originallëtzebuerger ginn vläicht op d'Ausland, dann léieren di och vill Saachen, bréngen nei Iddie mat hei zu Lëtzebuerg. Also et bleift e bëssen en Mix. Déi gesinn am Ausland vill anner Saachen an di léieren immens vill Saachen, an di Entwicklung hei zu Lëtzebuerg ass och immens professionell. Mee et gitt een Saach, da wonneren ech mech: Och wann di jonk Leit am Ausland an enger WG gewunnt hunn, oder ich weess net, an der grousser Stad, an da vläicht mam Vëlo gefuer sinn, wou ech denken: ah, e groussen Einfluss vum Ausland, vun den Städten. Mee dann kommen di een Deeg doheem an dann falen di an den al , eh, eh, wi heescht dat, Traditiounen zréck. Da wunner ich mich e bëssen. Da wollen di dat Haus um Duerf mat Garage an der Säit, de Mamm wunnt an der Noperschaft, oder de Groussmamm, de Bomi, jo, an all Saachen, di di maachen, ass mam Auto dann dohin fueren. De Frënn sinn dann och nëmmen Lëtzebuerger. Näischt méi mat international. Dat ass e bëssen komesch. [...] Mee vläicht ass dat och en Reaktioun op sou vill Saachen, déi hei sich änneren, datt déi halt do soen: ah, dat kenn ich an dat ass meng Basis. [...] Ech merken, et gitt hei e bëssen en Parallelgesellschaft tëscht de Lëtzebuerger an den Auslänner. [...]

I: Ech soe villmools Merci fir den Interview.

T49m: Ech soen och Merci.

M43w

I: Et ass jo zum Thema Sproochen zu Lëtzebuerg a wat fir eng Roll dass Lëtzebuergesch spillt fir Iech a wéi Dir dat gesitt.

M43w: Jo.

I: A fir d'éischt wollt ech froen, vu wou Dir kommt.

M43w: Ech kommen vun Athen, aus Griichenland.

I: A wat fir Sproochen hutt Dir doheem geschwat als Kand?

M43w: Griichesch. Just Griichesch.

[...]

M43w: Mir hunn ëmmer doheem Griichesch geschwat an och an d'Schoul. Jo. Awer mir hunn Franséisch a Englisch an der Schoul geléiert.

I: Ah jo. Dat wier scho meng nächst Fro gewiescht. Wéi ass de griichesche Schoulsystem? Wéini léiert een do wat?

M43w: Elo weess ech net méi. Wéi war de System? Also 't geet 6 Klassen am Elementaire [...]

I: Wéi hutt Dir dat empfonnt? Hutt Dir gär Friemsprooche geléiert?

M43w: Jo, ech hunn dat ganz gär gemaach an ech hu Friemsproochen an d'Universitéit och studéiert.

I: Ech mengen, Dir schafft och am Beräich vun...?

M43w: Vun d'Sproochen, jo. Dat war ganz einfach, och fir ons, de griicheschen an de latäineschen Alphabet ze léieren am Ufank. Dat ass automatisch.

I: An aktuell? Wat schwätzt Dir aktuell doheem? Wat fir Sproochen?

M43w: Italienisch.

I: Ok. Dat heescht mam Partner oder eventuell mat de Kanner?

M43w: Jo, mat mengem Mann, hien ass Italiener, hien schwätzt net gutt Griichisch, hien versteet e bëssen Griichisch. Dofir ech schwätzen ganz gutt Italienesch, dofir doheem schwätze mir Italienesch. Wann ech zréck op Athen fléien, dann schwätzen ech mat menger Mutter Griichesch, an mat mengem Brudder, an mat Frëndinnen, jo, nëmmen Griichisch. Mee doheem Italienisch.

[...]

I: An zënter wéini léiert Dir Lëtzebuergesch?

M43w: Ech hunn am September 2013 ugefaang. Jo. Dat heescht zënter dräi Joer.

I: A firwat? Jo, wat war Är Motivatioun?

M43w: Firwat? Jo. Ech hunn geduecht, datt ech wunnen hei zënter 17 Joer an ech mengen, datt mir sollen e bëssen Lëtzebuergesch schwätzen. Wann een hei wunnt, dann soll een och vläicht e bëssen Lëtzebuergesch schwätzen. Ech hunn dat net am Ufank gemaach. Jo. Ech hunn dat e bësse méi spéit ugefaang, jo.

I: Dir sot, et soll een e bësse schwätzen. Firwat?

M43w: Firwat? Ech héieren dat op der Strooss, am Bus, am Supermarkt, an ech hat Loscht, fir d'Leit ze verstoen, wann si Lëtzebuergesch schwätzen. Just eng Loscht, fir de Sprooch ze verstoen an e bëssen besser integréiert sinn.

I: Wou hutt Dir da Kontakt mam Lëtzebuergeschen?

M43w: Net vill. Leider net vill. Ech hunn eng Nopesch, eng eeler Fra, déi Lëtzebuergerin ass, a mir schwätze Lëtzebuergesch heinansdo. An eh... jo ... An der Apdikt oder op der Bank heinansdo. Op der Post. Awer ech hu keng Lëtzebuerger Frënn.

I: Dat heescht op der Aarbecht si keng -

M43w: Op der Aarbecht, nee, nee. Ech brauch nëmme Franséisch, Englesch, e bëssen Italienesch oder Griichesch. Meng Frënn sinn all Auslänner. Si schwätze kee Lëtzebuergesch. Mir schwätzen Englesch oder Franséisch. Oder Italienesch och.

I: Wou hutt Dir dann d'Méiglechkeet, fir iwwerhaapt ze schwätzen?

M43w: Keng Opportunitéit. An der Klass, mat dech. Am Bus *(laacht)* mam Chauffeur, wann ech eppes froe muss oder sou. Net vill. Ech hunn net vill Opportunitéit. Ech kucken d'Tëlee. Ech liesen heinansdo Artikelen um Internet, um rtl.lu. Mat menger Nopesch. Awer net vill, net vill, jo. Dat wär gutt vläicht eng Sproochreunioun ze hunn heinansdo. Mat Lëtzebuerger. E Sproochecafé. Awer eppes regelméisseg. Gutt organiséiert.

I: Ok. Wann der lo kuckt, wéi ass et fir Iech, Lëtzebuergesch ze léieren? Dir sot, Dir hutt nt vill Méiglechkeet, fir ze schwätzen.

M43w: Jo, awer ech weess, datt ech bleiwen hei, souwisou, an ech hat dëse Loscht, jo, fir, jo, e bëssen Lëtzebuergerin ze fillen.

I: Fält et Iech da liicht, et ze léieren?

M43w: Ech fannen dat liicht, jo.

I: Sinn aner Sproochen, déi Dir geléiert hutt, déi Iech vläicht derbäi hëllefen?

M43w: Däitsch. Jo, dat hëlleft. Jo. Wéi ech hei koum hunn ech am Ufank Däitsch geléiert. Ech hat schonn Franséisch an ech hu geduecht, Däitsch ass eng offizielle Sprooch, dat brauch ech och, an ech hu beim INL Däitsch geléiert an och am Cours am d'Aarbecht. Dofir fannen ech Lëtzebuergesch liicht. D'Struktur ass d'selwecht wéi Däitsch an mir benotzen och Wierder vum Franséisch. Dofir hunn ech d'Chance fir, jo, e bëssen mam Franséisch an Däitsch, zesummen, jo, e Mischung ze maachen.

I: Jo. An ass eppes, wat Iech schwéierfält, beim Léieren oder beim Schwätzen?

M43w: Nee. Nee, nee. Mam Schreiwen fannen ech bëssen méi schwéier. D'Orthograph. Jo. Awer de Vocabulaire ze verstoen, dat ass liicht. Just op Franséisch oder op Däitsch e bëssen méi denken an dann dat kënnt. Ausser de Faux-amis. Awer dat hëlleft, jo, Franséisch an Däitsch.

I: Wéi vill Zäit, géift Dir da soen, investéiert Dir an aktiivt Léieren?

M43w: De Hausaufgaben maachen?

I: Net just Hausaufgaben. Mee wann Dir sot, Dir kuckt d'Tëlee...

M43w: Ech kucken d'Tëlee net all Dag. Dräi oder véier Mol d'Woch kucken ech d'Tëlee, de Journal. An een oder zwee Mol d'Woch kucken ech um Internet RTL. An ech versichen, d'Hausaufgaben och ze maachen. Eng Stonn virun de Cours. Jo. Eng hallef Stonn, eng Stonn, dat hänkt dovun of. E bëssen och an de Weekend, wann ech Zäit hunn. Et ass net vill, net vill.

I: Jo. 't ass alt schonn dee Kontakt.

M43w: Jo. Ech versichen, de Kontakt mat der Sprooch e bëssen all Dag ze hunn. Entweder d'Tëlee oder RTL oder de Cours.

I: Oder d'Nopesch.

M43w: *(laacht)* Oder d'Nopesch. Jo. Déi eeler Fra.

I: Wéi reagéiert dann Är Nopesch, wann Dir mat hir Lëtzebuergesch schwätzt?

M43w: Si war iwwerrascht, ech mengen. „Ah? Dir schwätzt Lëtzebuergesch?“ Jo, si war iwwerrascht. Eh... Si ass frou, ech mengen. Am Ufank, dat war och e bëssen e Stress, si huet ëmmer op Italienesch geäntwert. Oder op Franséisch. Si wësst haut, si muss onbedingt op Lëtzebuergesch äntweren. An si ass ganz frou, ech mengen.

I: Dat heescht, Dir hutt si gefrot, datt si Iech op Lëtzebuergesch äntwert?

M43w: Jo, jo.

I: A si respektéiert dat och?

M43w: Si respektéiert dat, jo, jo.

I: Dir sot, Dir mengt, si ass frou doriwwer. Firwat? [...] Wat ass vläicht eng Erklärung? An Ären Aen?

M43w: Vläicht si gesinn, datt vill Auslänner net Lëtzebuergesch schwätzen. A si ass frou, datt eng Fra aus Griicheland Lëtzebuergesch léiert a schwätze wëll. Jo, dat ass eng Pleséier fir d’Fra.

I: Dir hutt virdrun och vun Integratioun geschwat, datt Der sot, ech probéieren, mech z'integréieren. Wat bedeit fir Iech Integratioun?

M43w: Net vill wéi Auslänner ze fillen. Jo. Fir mech Lëtzebuerg ass elo bal doheem, vläicht e bëssen méi wéi Athen. Dofir, jo, ech wëll d’Sprooch schwätzen. An, eh, ech fannen datt et ass wichteg fir d’Lëtzebuerger och. Mir sollen Lëtzebuerger respektéieren och. Si schwätzen Franséisch an Däitsch oder Englisch, heinansdo och Portugisisch oder Italienisch mat ons, firwat sollen mir och e bëssen Lëtzebuergesch mat hinnen schwätzen. Ech fannen, dat soll automatisch sinn.

I: Ass et Iech da scho virkomm, datt Dir wollt mat engem Lëtzebuergesch schwätzen, deen héieren huet, datt Dir lo net Lëtzebuergesch als Mammesprooch hutt, an deen automatesch dunn eng aner Sprooch mat Iech geschwat huet?

M43w: Jo, jo. Am Ufank jo. Franséisch.

I: Wéi hutt Dir dat fonnt?

M43w: Schlecht. *(laacht)* Well ech maachen eng Effort, fir Lëtzebuergesch ze schwätzen an ech kréien d’Äntwort op Franséisch. Ech war, ehm, déçue. Voilà.

I: Enttäuscht.

M43w: Enttäuscht. Jo.

I: An et huet Iech awer net demotivéiert?

M43w: Net demotivéiert. Ech hunn op Franséisch dann ëmmer geschwat.

I: Passéiert dat elo och nach? Oder wéini ass dee Changement komm, datt d’Leit effektiv just Lëtzebuergesch mat Iech schwätzen?

M43w: Vläicht well ech schwätzen e bëssen besser. Oder ech maachen eng Effort, fir Lëtzebuergesch ze, ehm, wéi heescht dat: insister?

I: Insistéieren.

M43w: Insistéieren mam Lëtzebuergesch. Ech, ehm ... Op Franséisch: Je ne continue plus en français.

I: Ech fueren net méi op Franséisch weider.

M43w: Jo. Och wann si op Franséisch oder Englesch äntweren, dann ech kommen zréck mam Lëtzebuergeschen, nach eemol. Awer elo sinn ech e bëssen och méi sécher. Ech si méi zouverléisseg. Obwuel ech vill Feeler maachen.

I: Nach ëmmer zu där Fro: Wou kann ee Lëtzebuergesch gebrauchen? Et si jo vill auslännesch Leit, déi hei liewen, a Frontalieren, déi heihinner komme fir ze schaffen. [...] Wat denkt Dir, wou kënne si Lëtzebuergesch benotzen a brauche si et iwwerhaapt?

M43w: Dat hänkt vun d'Aarbecht of.

I: Jo. Oder vläicht trenne mer: d'Frontalieren an déi auslännesch Residenten. Dat sinn zwou verschidde Saachen.

M43w: Jo. Vläicht fir de Resident an d'Administratioun, op der Bank, am Maart, Supermaarkt, oder fir Alldag e bëssen fir hei ze liewen. Op der Aarbecht ech hunn keen Ahnung. Ech brauch Lëtzebuergesch net op der Aarbecht. Ech schaffen bei der Europäischer Unioun, Institutioun, bei der Europäischer Kommissioun Lëtzebuergesch ass net eng offizielle Sprooch, dofir schwätzen mir keen Lëtzebuergesch.

I: Mengt Dir dann, wann Der lo Leit hutt, déi op der Aarbecht d'Sprooch net brauchen, déi och weider keng Kontakter vläicht hunn, ass et eng wichteg Sprooch?

M43w: Mir hunn leider kein Kontakter mam Lëtzebuerger an mam Land och. Mir sinn e bëssen spezial bei der Europäischer Institutioun. Mir sinn e bëssen aners. Mir sinn en aner société.

I: Eng aner Gesellschaft, jo.

M43w: Welt. Jo. Dofir dat war de Konsequenz och, firwat ech Lëtzebuergesch léieren wollt, fir e bëssen, eh, net just bei de Europäische Institutioun limitéiert sinn.

I: Ass et dann awer fir Iech wichteg? Wann een allgemeng d'Gesellschaft kuckt, 't sinn dräi offiziell Sproochen, a Franséisch ass ganz präsent, Däitsch lo vläicht e bësse manner. Ass Lëtzebuergesch iwwerhaapt wichteg? Wat fir eng Roll huet Lëtzebuergesch an deem?

M43: Fir mech ass dat net wichteg, awer dat war eng moralesch question och vis-à-vis vun d'Leit, déi ganz léif an gutt mat mir waren. De Land, ehm, ech fannen, datt ech, mir liewen hei ganz gutt, eng Land, déi ganz gutt organiséiert ass, an d'Lëtzebuerger sinn frëndlech mam Auslänner. Fir mech, dat war eng Retour fir d'Lëtzebuerger.

I: Bon, déi Diskussioun ass scho méi al, mee et gëtt déi Diskussioun vu Leit, déi mengen oder fäerten, datt Lëtzebuergesch awer verschwënnt, jo? Datt se soen, Franséisch ass esou wichteg, ëmmer méi Englesch vläicht och, an d'Lëtzebuergescht, dat verschwënnt iergendwann. Ech hunn hei e Commentaire, deen een op RTL geschriwwen huet. "D'Lëtzebuergescht ass mëttelfristeg dozou veruerteelt ze verschwannen." Est condamné à disparaître.

M43w: Ass dat wouer?

I: Ech froen Iech. Wat denkt Dir?

M43w: Ech mengen, datt si, eh, d'Regierung wëllt vläicht de Lëtzebuerger, de Lëtzebuergesch méi als offizielle Sprooch ze maachen, och bei de Europäische Unioun. Vläicht ass et net wouer.

I: Jo. Bon, dat hei ass net e Journalist, deen dat geschriwwen huet. Dat ass eng Privatpersoun, déi dat am Gefill huet oder déi seet, ech gesinn d'Gesellschaft esou an ech denken, dat passéiert.

M43w: Ech mengen, Lëtzebuergesch huet haut eng Roll, méi wichteg Roll wéi am Vergangenheit, am Passé.

I: Denkt Dir un e speziellt Beispill? Oder hutt Dir dat -

M43w: Firwat mengen ech dat?

I: Jo, genau.

M43w: Vläicht et gëtt méi an méi Auslänner, déi hei kommen. Dofir wëllen vläicht d'Lëtzebuerger de Sprooch méi fest, eh, plus maintenir.

I: Jo, eh, dru festhalen.

M43w: Dru festhalen, jo.

I: Jo. Firwat?

M43w: Firwat? Well d'Auslänner bréngen ëmmer Franséisch an Englisch hei. An et gëtt vläicht manner a manner Leit, déi Lëtzebuergesch schwätzen. Dofir ass wichteg fir d'Regierung an fir d'Lëtzebuerger, datt d'lëtzebuergesch Sprooch ganz, eng ganz wichtege Roll spillt.

I: Wéi ass et an der Schoul? Kennt Dir de Lëtzebuerger Schoulsystem? Mengt Dir, ass d'Lëtzebuerger Sprooch do wichteg? Oder wat mengt Dir, wat fir eng Roll d'Sprooch do spillt? Also de Moment ass de System esou, datt [...]

M43w: Firwat kënnen net de Kanner op Lëtzebuergesch alphabetiséieren? Fir mech Lëtzebuergesch ass déi éischte Sprooch. Oder misst déi éischte Sprooch, jo. An duerno kann Franséisch an, oder Däitsch kommen. Jo. Si kënnen vläicht eng lëtzebuergesch System hunn mat Lëtzebuergesch als de wichtegste Sprooch, an duerno Franséisch an Däitsch. Jo. Oder Englisch och. Ech weess net. Wéi an Griichenland. [...]

I: A Lëtzebuergesch ass dofir wichteg genuch? 't kéint een och soen: Mir huele Franséisch. Also ech provozéieren.

M43w: Firwat net? Lëtzebuergesch ass eng Sprooch. Firwat net? Et kann een op Lëtzebuergesch schreiwen. 't ass net eng Sprooch just fir d'Oral. Firwat net?

I: Hei am INL ginn et vill Leit, déi Lëtzebuergesch léieren an déi motivéiert sinn, fir et ze léieren. Parallel dozou ginn et Diskussioune vu Lëtzebuerger, déi fäerten, datt Lëtzebuergesch ëmmer manner gëtt. Hutt Dir dat erlieft, datt et Parallelgesellschafte ginn?

M43w: Si fäerte vläicht dofir, méi Cours organiséieren ze mussen. (laacht) Ech weess et net. Fir Lëtzebuergesch net verluer. An si, de Lëtzebuerger, de Regierung, maachen souwisou eng Effort, fir de Auslänner besser integréieren. An vläicht dofir méi Coursen organiséieren. An ech fannen dat e bëssen traureg, datt de Flüchtlingen, déi kommen hei, net Lëtzebuergesch léieren als éischte Fremdsprooch. Si kréien Cours op Franséisch. [...]

I: Ech hunn hei en Zitat, dat dozou passt: "E Chines oder e Russ [...] Ouni Englesch, Franséisch oder Däitsch kann een net zu Lëtzebuergesch iwwerliewen. Ouni Lëtzebuergesch schonn."

M43w: Dat hänkt dovun of, wou. Vläicht an Iechternach. An der Stad, ech sinn d'accord. Et braucht een och Minimum Franséisch. Vläicht zwou Sproochen sinn nécessaire.

I: A just eng Sprooch an engem Land? Just Lëtzebuergesch?

M43w: Dann et soll een och bëssen déi vill aneren Saachen verändern. Dokumenter bei der Administratioun an procédures. Jo, méi op Lëtzebuergesch.

I: Wéi vill Sprooche schwätzt Dir an engem normalen Dag?

M43w: [...] Ech benotzen 4 oder 5 Sproochen pro Dag.

I: Wéi erlieft Dir dat?

M43w: Ech fannen dat natierlech, normal. Meng Frënn a Griichenland vestoen dat net. [...] Och mam Frënn hei, wann mir am Restaurant ginn. Mir kommen aus verschiddene Länner a mir benotze vill verschidde Sproochen, [...] an dat ass normal. Nee, kee Problem. Heiansdo an engem Saz e puer Wierder an enger anerer Sprooch. [...]

I: Wéi definéiert Dir d'Lëtzebuerger Gesellschaft?

M43w: Déi éischte Idee wier eng ganz agreabel a schéi Mischung vu Leit, déi vu verschiddene Länner kommen. Dat ass de éischt Idee, dat mir kënnt. Multikulturell, mee eppes Agreables. Jo, och eng Harmonie, jo, eppes Positives.

I: A wat ass typesch lëtzebuergesch?

M43w: Gromperekichelcher. Ënnenzop. (laacht) De Luxair. (laacht). Datt de Leit ganz léif sinn, agreabel an si respektéieren d'Auslänner. An d'Administratioun, op der Gemeng och. Wann ech eng Zertifikat

brauch, dann si sinn ganz léif, obwuel ech Auslännerin sinn, aus Griichenland kommen. 't gëtt kee Problem fir Lëtzebuerger.

I: Dat heescht, Dir hutt och ni negativ Erfahrunge gemaach?

M43w: Nee, nee, nee. Mir sinn egal wéi Lëtzebuerger.

I: Mhm. Also d'selwecht.

M43w: D'selwecht, jo. D'selwecht Niveau. Dat fannen ech ganz agreabel, datt si respektéieren mech, Diversitéit an datt ech net gutt Lëtzebuergesch schwätzen.

I: 't ass interessant, wéi Dir virdru gesot hutt: Ech léiere Lëtzebuergesch als Retour.

M43w: Jo, als Remerciement. Si maachen d'Effort, op Englisch oder Franséisch oder Däitsch oder Portugisisch an och Italienisch mat mir ze schwätzen. Firwat sollen ech net d'Effort op Lëtzebuergesch ze schwätzen?

I: A wat sinn an Ären Aen d'Vir- an d'Nodeeler vun deem Multilingualismus?

M43w: Jo. All Leit mussen en Effort ze maachen, fir de aneren ze verstoen.

I: Ass dat en Nodeel oder e Virdeel?

M43w: Ho... Virdeel. Jo. e Virdeel. En Nodeel... ech ... keen Nodeel. Ech fannen dat net... Just positiv.

I: Wéi gesitt Dir d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Sprooch?

M43w: Ech hoffen, datt Lëtzebuergesch ass de wichtegste Sprooch an der Schoul, de éischte Sprooch an der Schoul, fir Lëtzebuerger an Auslänner, fir all Kanner, an datt och méi Chance op Lëtzebuergesch ze schwätzen hunn, z.B. am Commerce. 't gëtt ze vill Franséisch. Jo. An och an der Administratioun méi Dokumenter op Lëtzebuergesch ze fannen, dat wier gutt. Dokumenter fir op Lëtzebuergesch ze ausfëllen, net op Däitsch oder nëmmen op Portugisisch oder Franséisch. Datt Lëtzebuergesch méi présent ass.

I: Mhm. Dat heescht, wann ech et esou kann interpretéieren: Datt Dir, déi Dir et léiert, och méi Kontakt dann hutt mat der Sprooch.

M43w: Jo, jo.

I: Ok. Dat ass vu mir aus alles. Wann Dir nach iergendeppes wëllt soen?

M43w: Ech hu keng Fro.

I: Ok. Da soen ech e ganz, ganz grousse Merci.

[Obwuel d'M43w sot, si hätt keng weider Remarke méi, huet si trotzdem nach z.D. interessant Saache gesot, nodeems den Dictaphon schonn aus war. Ech hunn en nees ugemaach an hei just déi relevant Passagen transkribéiert.]

M43w: #01:15-*bis*# Vläicht maachen d'Lëtzebuerger net vill Publicitéit vun hirer Sprooch. Jo, ech weess net. Datt d'lëtzebuergesch Sprooch existéiert an dat ass de éischte Sprooch am Land. An duerno komme Franséisch, Däitsch an esou weider. Well vläicht si maachen ëmmer d'Effort eng anere Sprooch ze schwätzen. Dat ass de Problem, ech mengen. [...]

Den Nodeel ass, d'Lëtzebuerger sinn immens flexibel mat Sproochen. Dat ass en Nodeel. A Griichenland d'Leit sinn net esou flexibel. Si schwätze Griichesch an Punkt. Englisch och, jonk Leit, jo. Awer wann een an Griichenland wunnen a schaffen wëll, da muss een e bëssen Basis vun Griichesch hunn.

E61w

I: A wat fir engem Beräich hues du geschafft?

E61w: An der Educatioun.

I: Wou hues du Lëtzebuergesch geléiert?

E61w: Jo, gutt, ugefaang hunn ech am Fong mat de Kanner, ne, Lëtzebuergesch ze schwätzen. Dat heescht mam Caroline, dat éischt gebuer ass, hatt ass vun 88 an 89 si mer heihinner geplënnert. An hatt huet ugefaang, mat mir Lëtzebuergesch ze schwätzen. Ech si bal blöd ginn. Ech konnt jo kee Lëtzebuergesch an hunn ëmmer Däitsch mat him geschwat. Mee hatt huet direkt registréiert, dass dat net d'Sprooch ass vu sengem Ëmfeld, just vu mir, a well mäi Mann huet mat him Lëtzebuergesch geschwat, hien ass Lëtzebuerger, a mir hate vill Kontakt zu mengem Schwéierpapp, deen d'lescht Joer gestuerwen ass. An deen huet sech och vill ëm hatt beméit a gekëmmert, well deemools seng Frau war rezent gestuerwen an do hat heen eng Aufgab an hien huet natierlech ëmmer Urlëtzebuergesch, Stacklëtzebuergesch geschwat mat him. Just d'Mamm, déi konnt dat net, an dat huet hatt, well ech virdru jo schon erzielt hunn, hatt ass eng speziell Persoun, eh, ech weess et net, ob et do ugefaang huet, op alle Fall huet hatt mat mir Lëtzebuergesch geschwat. An hatt huet och méi spéit ugefaang mat schwätzen. Ech mengen, well et zweesproocheg, bon, net richteg, mee am Fong jo dach, zweesproocheg opgewuess ass.

I: Dat heescht, du hues just Däitsch mat him geschwat, an däi Mann just Lëtzebuergesch?

E61w: Voilà. Jo, gutt, eh, wa mir matenee geschwat hunn, huet den Yves wahrscheinlech och mol Däitsch mat mir geschwat. Sou genee weess ech dat elo net méi. Awer am Fong war et scho Lëtzebuergesch, dach, dat war scho vun Ufank un eis Familljesprooch, well verstan hunn ech et direkt, mee mam Schwätze war dat méi schwéier. A fir dass dat net nach eng Kéier sollt geschéie wéi mam éischte Kand, sinn ech da mam décke Bauch mam Fabien, mam Zweeten, sinn ech an e Cours gaang mat lauter Fransousen a Portugisen (laacht), jo, déi Lëtzebuergesch wollte léieren, zu Esch och, an do hunn ech da Lëtzebuergesch geléiert. Iwwert d'Franséisch am Fong. Et war fir mech och gutt, well op déi Aart a Weis hunn ech och mäi Franséisch rëm verbessert, well ech hat an der Schoul 7 Joer, awer déi 7 Joer ni mat Genoss, well ech hu mech ëmmer gefrot: firwat brauchs de dat? Wann s de aus dem Norde vun Däitschland kënns, da léiers de méi liicht Englesch wéi Franséisch. Dat ass kloer, ne? An herno, lo weess ech et, firwat ech hätt misste besser léieren. Mee bon, lo ass d'Zäit eriwwer. Awer, jo, do hunn ech Lëtzebuergesch geléiert, mee natierlech och nach net esou super gutt, dat ass jo kloer, an esou engem Kader léiert een d'Basics. Bon, dat hunn ech och schon ëmmer héieren, well doheem mäi Schwéierpapp, mäi Mann an d'Caroline, si hu jo ëmmer Lëtzebuergesch geschwat, ech hunn ëmmer missen nolauschteren an ech hunn et heiansdo probéiert, och, awer iergendwéi war et nach net esou optimal. An et huet een da jo och nëmme sou d'Basics drop, an dat wat duerno nach derbäi kënnt, dat war an deem Fall jiddefalls nach net ganz ausgereift. Maja, an da mam Fabien hunn ech nëmme Lëtzebuergesch geschwat. Dat huet dunn direkt geklappt. An hien huet dann och duerno e bësse méi Problemer mam Däitsche gehat wéi d'Caroline. D'Caroline war natürlech perfekt. Awer hien och, hien ass och super gutt. Mee dat huet ee scho gemierkt.

I: Ok, dat heescht du war wierklech d'Familljesprooch Lëtzebuergesch, dass du och mat en all Lëtzebuergesch geschwat hues?

E61w: Jo, ganz genee. A wéi mer dunn 2000 eriwwer gaange sinn an d'Schwäiz, do ass och d'Familljesprooch esou bliwwen. Dat war natierlech fir eis och Heemecht. An... jo. Iwwerall si mer komesch ugekuckt ginn. Dat ass keen Däitsch. Wat ass dat? Ass dat Hollännesch? Oder Dänesch? Well jiddereen huet gemengt, och an Däitschland trëfft een dat, Lëtzebuergesch, dat wier éischter Franséisch. Oder: zu Lëtzebuerg géif een éischter Franséisch schwätzen, an dass dat awer quasi en däitschen Dialekt ass, dat wëssen déi mannst. Also mëttlerweil vläit e puer, awer deemools keen. Jo, an do hu mer, wéi gesot, ëmmer Lëtzebuergesch geschwat. Awer natierlech: Wann een am Ausland Lëtzebuergesch schwätzt, an och keng Emissioune kuckt oder lauschtert, op Lëtzebuergesch, da

verléiert een e bësse sou d'Feingefill dofir. Dann entwéckelt sech d'Sprooch net méi esou besonnesch. An, jo, eise Bouf, deen ass an der Schwäiz bliwwen. Ech soen ëmmer: 2012, wéi mer erëmkomm sinn, hu mer dee verluer. Un Zürech. (laacht) Deen ass zu Zürech bliwwen. Ech verstinn e voll a ganz, well ech wär och -, net léiwer do bliwwen (Exkurs iwwer hiert Liewen, hir Plaz an der Schwäiz - ewechgelooss) Awer: Schwäizerdäitsch konnt ech net. Ah, dat ass och nach eosu eng Saach: Ech hätt et gär geléiert. Meng Kanner hu jo missen, an engem hallwe Joer ware si performant, also si konnten dat wierklech super gutt. Logerscherweis, well si wollten, ech soen ëmmer: et wëll ee keen Alien bleiwen. Dat ass ëmmer mäin Ausdrock dofir. Mee, am Géigesaz zu Lëtzebuerg an zu de Lëtzebuerger, sinn d'Schwäizer extrem houfreg mat hirer Sprooch. Däitschschwäizer lo. Vun deene Franséische kann ech näischt soen. Meng Kollegen, also een, zwee, hu vun Ufank u gefrot: Wëlls du dann och Schwäizerdäitsch léieren? Du schwätz dach esou schéin Däitsch. Behal dat dach bäi. Schwäizerdäitsch ass souwisou ze schwéier. Also si ware guer net frou driwwer, datt ech mech iwwerhaapt getraut hunn, eppes op Schwyzerdütsch ze soen. A si hu sech och ëmmer direkt lëschteg gemaach doriwwer. Si hunn dat ni ënnerstëtzt. Nee nee. Du hues nëmmen däerfen, an esou ass menger Meenung no och hir Astellung zu all Friemsprooch: Du däerfs hir Sprooch nëmme schwätzen, wann s de se kanns. An dat ass natierlech absolutte Kabes, well

I: Jo, wéi léiert een se?

E61w: Gell? Wéi léiers de se? Voilà. Am Schlof, oder wéi? Jo, also Sproochenausblidung, bzw. d'Schoulmeeschteren, déi do Franséisch ënnerriichten z.B. an der Schwäiz, dat kanns de vergiessen. (...) Wéi déi dat do ënnerriichten, do hätt hei jidderee gro Hoer kritt. Well d'Lëtzebuerger och extrem vill drop halen, op Franséisch. (Exkurs: hir Kanner an der Schoul) Naja, do hu mer doheem alt ëmmer wieder Lëtzebuergesch geschwat, a wéi mer zréckkomm sinn war dat jo dunn och guer kee Problem, fir virunzefueren. Mee ech wollt net ganz schaffen. Woubei ech an engem Alter sinn, wou déi meescht net méi schaffen. (Exkurs; E61w huet DaZ studéiert) Maja, an do hat ech vill Zäit. An ech hunn du vum INL héieren, eng Frëndin huet nämlech e Stage do gemaach. Dat hunn ech awer eréischt méi spéit matkritt. Ech si fir d'éischt emol dohi gaangen, einfach fir Lëtzebuergesch ze intensivéieren a fir ze kucken: wou stinn ech? Well, kloer: Doheem héiert et sech nach relativ gutt un, wéi ech schwätzen, mee natierlech héiert jiddereen: ech sinn, ech komme vun Däitschland. Et kann ee säin Soziolekt net ofleeën, dat ass kloer. Mee ech gi mir ëmmer ganz vill Méi, sécher man ech Feeler, mee ech si méi no, kloer, um däitsche Vocabulaire. Mee oft ginn et jo zwou Versiounen an dann huelen ech wahrscheinlech éischter déi däitsch. Mee ech behaapten: ouni jeemools Franséisch gehat ze hunn, kann een net gutt Lëtzebuergesch léieren. Fir een, dee guer kee Franséisch hat, ass et extrem schwéier, ze verstoen deelweis, an dann natierech och ze schwätzen souwisou.

I: An ëmgedréint och. Et mierkt een och an de Coursen. Ech denken heiansdo, et misst eigentlech jiddereen e bëssen Däitsch kënnen, da géif et vill méi liicht falen. Op wat fir engem Niveau hues de dann dunn ugefaang am INL? Reng Sproochcoursen.

E61w: Ech hu guer kee Sproochcours an deem Sënn gemaach. Ech sinn direkt bei de XX gaang, dat war vun C1 un. Dat heescht ... Wéi war dat gaang? Ech hu mech misse virstellen an deem Interview. An do war ech mat deem Meedchen zesummen (...) Mir hunn eis ënnerhale wéi mir zwee elo. Bal 10 Minutten. Oder méi laang. Si huet dat esou flott fonnt, datt ech mech do esou fir d'Lëtzebuergescht interesséiert hunn an dat war e super Gespréich, an doropshin sinn ech och ganz positiv an de Cours gaang. Also si huet direkt gesot: Dat ass kee Problem fir Iech, och wann Dir elo keng Tester gemaach hutt, Dir kënnt do awer direkt eran. An dunn hunn ech mech do direkt ageschriwwen, beim XX, dat war virun 3 Joer. Jo, ech sinn elo am drëtte Joer. Ah, nach ëmmer bei him? Jo, jo, ech sinn ëmmer nach bei him. Och wann ech elo net méi regelméisseg ka goen. Mee et ass awer flott, wann ech dann hei sinn, dass ech dann awer ka goen. Well hien, déi Aart a Weis gefält mir extrem, wéi hien dat mécht, an hien huet eosu vill Wëssen, dat ass immen, immens. An ech si frou, dass ech kann dovu profitéieren. A wat och flott ass: wa mer eng Visite guidée maachen anzwousch. Dat ass ëmmer gutt preparéiert. Oder hien huet emol een, dee kënnt an den Unterrécht, dat ass och super. Also mir gefält déi Aart a Weis jiddefalls ganz, ganz gutt. Och deen een oder anere seet vläit, et ass e bëssen dréchen, well hien zielt esou vill. Mee ech sinn och e bëssen esou, ech zielen och ganz gär vill. Awer ech hunn nëmmen e

Brochdeel vun deem, wat hie weess, fir ze zielen. Also et ass schon e spezielle Mënsch. Mir deet et ëmmer e bësse leed, wann hien erzielt vu senge Schwieregkeeten, déi hien mat sengem Lëtzebuergesch do huet, dass dat net sou ganz gutt ugesinn ass, also dat, wat hien elo mécht. Et geet am Fong just ëm d'Sprooch léieren, an dat, wat driwwer hinaus geet, dat ass net esou wichteg anscheinend. Naja. An dann huet wéi gesot eng Frëndin mir erzielt, hatt hätt e Cours gemaach, do deen ZLSK. An ech hu mir dat ni zougetraut. Ech hunn ëmmer gesot ech hunn ni en Test gemaach a wéi sollt ech dat kënnen? An ech si jo och keng Mammesproochlerin. Mee bon. Meng Famill huet gesot: Probéiert et. Si kënnen net méi wéi Nee soen. An dunn hunn ech de XX gefrot, wat mengs de? Kéint ech dat vläicht och maachen? Jo, bewirb dech dach emol. Probéier mol. Maja, an dunn hunn ech dat gemaach. A si hu mech tatsächlech geholl. An do war ech natierlech extrem frou, houfreg driwwer. Hu vläicht schon aner Auslänner gemaach, ech weess net, wéi vill, awer ech denken, ech sinn eng vun deene wéinegen, déi dat fäerdegbruet hunn.

I: Wat war dann do speziell d'Motivatioun, fir dee Cours ze maachen? Einfach, fir am Lëtzebuergeschen dran ze bleiwen? Oder mam Zil, fir Coursen ze halen?

E61w: Also ech muss ganz éierlech soen: ech hu mer net sou richteg kënne virstellen, Coursen ze halen. Woubei, wann déi Situatioun komm wier, datt mäi Mann elo wieder vill geschafft hätt, dann hätt ech wahrscheinlech och Coursen ugeholl. Ganz kloer. Well fir ëmmer nëmmen doheem eleng ze sëtzen, dat ass net menges. Awer et war och ganz vill eegenen Challenge, eegenen Ehrgeiz, eng Selbstbestätegung: Du kanns dat an du muss et awer nach gewise kréien, datt et eppes ass, wat s de kanns. An en plus wousst ech e bëssen, wéi dat opgebaut ass, duerch d'Frëndin, dass een e bëssen eppes muss schreiwen, an dat huet mech och extrem gereizt, well dat konnt ech jo nach net. Schreiwen hunn ech ... Ech hunn zwar ... nee, vill gelies hunn ech am Fong bis dato net, dach, déi Saache vum XX halt, well hien huet an deem enge Cours mécht hie jo ganz vill Saache vum RTL, vu Radiosemissiounen, am C1, déi verschrëftlecht gi sinn, an déi hu mer da gelies an dann hu mer driwwer geschwat an esou wieder. An doduerch, ech mengen, iwwer dat Liesen léiert een natierlech och, wéi geschriwwe gëtt. Ech gi mer vill Méi, fir richteg ze schreiwen. Och, wann net ëmmer alles richteg ass. Awer dat huet mech halt gereizt an ech wousst, lo ass och dat Ganzt norméiert, d'Sprooch ass norméiert. Wéi ech déi éischte Kéier hei war, war dat jo nach net de Fall, do huet een nach e bësse kënne schreiwen, wéi ee wollt. A geschriwwen huet bal keen, dat muss ee jo och soen. Mee duerch all déi SMSen, dat muss ee sech jo virstellen: 2000, hate mir do schon en Handy? Ech weess et guer net... Jo, wahrscheinlech schon, dat war den Ufank, awer net fir elo grouss Matdeelungen ze schreiwen, mee et hat een en Telefon, fir ze telefonéieren, ne? Mee an all deenen Joeren huet sech dat däermoosse geännert an alles changéiert, wat dat ubelaangt, wéi ee matenee kommunizéiert. An dass mer och ugefaang hunn, eis SMSen op Lëtzebuergesch ze schreiwen. An dat bréngt et och mat sech, ech si souwisou een Typ, deen, ech war ëmmer gutt an der Rechtschreiwung, gutt, am Däitschen duerch mäi Studium souwisou, ech war awer ëmmer extrem drun interesséiert, alles richteg ze schreiwen. An esou geet et mir am Fong an all Sprooch. (...) Wann et Regele gëtt, da kann ee se léieren. Et ass souguer méi einfach, wéi als Net-Mammesproochler. (...) Awer Lëtzebuergesch hunn ech virun allem dank dengem Linguistik-Cours hunn ech dat dann och geléiert. Mech wierklech dohinner gesat an d'Bicher duerchstudéiert. Also vill gelies, dat muss ech och soen, an dann doropshinner déi Regele gekuckt an da verënnerlecht.

I: (schreiwen.lu) Du sos virdrun, ganz interessant, datt d'Schwäizer houfreg sinn. Wéi ass dat zu Lëtzebuerg? Kann een dat vergläichen? Gëtt et hei och esou en Houfregsinn op seng Sprooch?

E61w: Also, ech weess net, ob een dat houfreg kann nennen. Ech mengen, fir de Lëtzebuerger ass et selbstverständlech, dass e Lëtzebuergesch schwätzt, mee soubal en Auslänner do ass, gëtt geswitcht. An dat ass awer e Genre vu Respekt, géif ech soen. Also hie weess jo, dass déi mannst Lëtzebuergesch kënnen. Virun allem déi Francophon. Bei deenen ass et jo ganz schwéier. Ech muss éierlech soen, ech hunn och Méi domadder, wa mir an engem Grupp sinn, also vu mengem Mann aus, hie schafft am Bankesecteur, et kann ee sech virstellen: do sinn och vill Grenzgänger bzw., eh, Migranten hätt echbal gesot, Wirtschaftsmigranten (laacht), oder Leit, déi heihinner geschéckt gi sinn, fir hei ze schaffen, déi net Lëtzebuergesch schwätzen an och net Lëtzebuergesch wëlle schwätzen an och net wëlle léieren. A soubal ee Fransous um Dësch sëtzt, oder ee Belsch, da gëtt halt Franséisch geschwat. An dat ass eppes,

wat ech net esou..., wat ech verstinn, ne? Awer net appreciéieren. Well ech fannen et besser-, ech si méi radikal mëttlerweil wéi meng Famill, wat dat ubelaangt. Ech fannen, déi Leit, déi hei liewen, virun allen Déngen e puer Joer liewen, déi sollten och Lëtzebuergesch léieren. Oder sech beméien. Awer de Lëtzebuerger géif dat ni verlaangen. Ech als Auslänner, ech mengen, ech sinn do ganz anescht, ech hunn eng aner Attitüd dozou. Eng aner Astellung.

I: War dat dann och eng Motivatioun? Du sos, deng primär Motivatioun waren d'Kanner, fir Lëtzebuergesch ze léieren. War et fir dech och eng Motivatioun, ze léieren, well s de an deem Land liefs?

E61w: Jo, sécher. Ech hu jo virdru gesot, meng Kanner wollten net als Alien gelten an der Schwäiz. An esou geet et mir och. Am léifsten hätt ech guer keen Dialekt, Soziolekt. Am léifste wär ech feelerfräi (laacht) a géif ganz propper schwätzen, wat jo net geet, awer egal. Dat ass am Fong mäin Zil (kuerzen Exkurs: N-Regel) Ech mengen, Lëtzebuerger erwaarden et net, dass ee Lëtzebuergesch schwätzt, mee si appreciéieren dat immens, wann een et mécht. A si ënnerstëtzen och di Persoun, si bestäerken di Persoun doran. Menger Meenung no.

I: Hues du do sou Erfahrunge gemaach? Positiv oder negativ Erfahrungen, wann s de Lëtzebuergesch geschwat hues, oder och net geschwat hues?

E61w: Eh, ff, .. ech weess, am Ufank, wéi mer heihi geplënnert sinn, déi éischt Frënn, Bekannten, déi mer do haten, si hunn extrem Rücksicht geholl op mech a sinn ëmmer an d'Däitscht gaang. Dat ass nach eng ganz, ganz laang Zäit sou gewiescht. An ech hu souguer dann ëmmer misse soen: Hei, schwätz mat mir Lëtzebuergesch, well ech wëll et léieren, ech kann et nach net an ech traue mech och nach net, awer du solls mat mir Lëtzebuergesch schwätzen, soss léieren ech et ni. Dat hunn ech ganz oft gesot. An da gouf et ee Punkt, ech weess net, wéini et war, op alle Fall, oder soe mer mol esou: sou successiv hu si et dann och matkritt a mat mir och Lëtzebuergesch geschwat. An haut, dach heiansdo... wann ech bei der Bank sinn ... oder ... jo, dach, et kënnt schon nach heiansdo vir, datt ech op Däitsch ugeschwat ginn. Awer dat läit vläicht och u mengem Numm. Jo, wahrscheinlech. Well ech dann och ganz oft soen: W.e.g., schwätzt Lëtzebuergesch mat mir, ne? Ech man dat awer och mat anere Sproochen, wann ech mierken, dass si Problemer, ganz vill Problemer hunn, da soen ech ok, Dir kënnt och Franséisch mat mir schwätzen, oder Englesch, oder wéi och ëmmer. Awer ëmgedréint, also wann ech an d'Stad ginn, anzwousch Kommissioune maachen oder sou, ech schwätzen ëmmer mol fir d'éischt Lëtzebuergesch. Moien souwisou, awer dat soen si mëttlerweil bal alleguer, an dann hält et op. An dat fannen ech traureg, muss ech soen. Wann een hei schafft sollt een awer e bëssen Basic-Lëtzebuergesch kënnen. Iwwer säi Metier. De Metzler hei, vun deem erwaarden ech, datt e weess, wéi seng Saachen, déi e verkeeft, wéi déi heeschen. Virun allem hei beim S-Match, hei ëm den Eck do. Ech mengen, XX ass en Duerf an ech fannen, do kënne si awer, oder misste si, well och vill vun deenen Amiperas do kommen, jo, déi komme wierklech mat deem Mini-Bus do, jo, dat ass esou. A si missten awer capabel sinn, fir hir Fleeschzorten op Lëtzebuergesch unzebidden. Mee dat funktionéiert net esou richteg. An dat ass eppes, wat mech e bëssen traureg mécht. Si schaffen hei, verdingen hir Suen hei, a si missten awer dat e bësse fäerdegbréngen. Woubei, anscheinend gëtt dat jo elo och e bësse méi forcéiert. Wann ech sou gesinn, wien alles Lëtzebuergesch léiert um INL, do sinn awer vill Beruffsgruppen, déi elo forcéiert ginn, fir Lëtzebuergesch ze léieren.

I: Genau, du kenns elo den INL a gesäis, wéi vill Leit do Lëtzebuergesch léieren. Hues de da scho mol vu Lëtzebuerger héieren: oh, d'Auslänner, déi léieren dat jo net. Also bësse sou negativ Astellungen?

E61w: Jo, dach, dach. Also dat, wann ech mat Lëtzebuerger Leit zesumme sinn, da gëtt dat awer vill gesot. Dat ass eng ähnlech Astellung an Haltung wéi déi, déi ech hunn. Gutt, si si vläit méi resignativ mëttlerweil, well si kennen dat jo lo schonn iwwer Joerzéngten. Jo, awer ech mengen, datt Lëtzebuerger... wéi soll ech dat soen? ... De Problem oder de Virdeel vum Lëtzebuerger ass, dass en sech op déi meescht kann astellen, virun allem am Franséischen, logescherweis. An dat fält deene meeschte vläit och net esou schwéier. Also vläit – ech muss dozou soen, datt ech mech an engem, gutt, ech hunn och eng Frëndin vu engem aneren Niveau her, awer déi meescht, mat deenen ech ze dinn hunn, hunn de Classique gemaach. An dat ass natierlech och nach en Ënnerscheed. Woubei, déi eng

Persoun, déi dat net huet, déi ass och méi frou mat Franséisch wéi mat Däitsch. Woubei, menger Meenung no, ka si wahrscheinlech besser Däitsch wéi Franséisch, awer si schwätzt einfach méi Franséisch an dowéinst switcht si och dann, wann et muss sinn, op Franséisch ouni Problem. An Däitsch, ech mengen, mam Däitschen hu vill Leit ech weess net, wéi eng Problemer, awer si mengen, si missten dat och perfekt schwätzen. An, dass dat net richteg geet, ass jo normal, denken ech, ne? Do hu si méi Hemmungen, deelweis, obwuel si jo, menger Meenung no, vill méi no um Lëtzebuergeschen ass wéi Franséisch. Vläit hunn si an der Schoul besser d'Regelen op Franséisch geléiert, ech weess et net, wat et ass. Well jiddereen denkt: Däitsch aknn ech souwisou, iergendwéi. Jo, dat ass vläicht de Problem, ech weess et net.

I: Et gefält mer gutt d'Bild vum Alien. Ech héieren do Integratioun mat. Et gëtt jo coh vun der Politik vill d'Lëtzebuerger Sprooch als Medium instrumentaliséiert, fir sech z'integréieren. Wéi gesäis du dat? Ass dat ee Facteur, d'Sprooch, fir sech z'integréieren? A wat bedeit Integratioun iwwerhaapt? Ech weess net, wat s du erlieft hues vläicht?

E61w: Also ech denken, et ass sécher e grousse Facteur vun Integratioun, mee d'Fro ass einfach, a wéi enger Manéier d'Persounen sech wëllen integréieren. Bleiwe si an hirem Clan, dann hu si et net néideg, well da kënne si an hirer Sprooch schwätzen, bis si stierwen, souzesoen, ne? Awer wann z.B. e Kand Sport mécht, et geet an e gemëschte Sportsclub, net an e portugiseschen oder franséischen oder wat och ëmmer, an et geet och net an d'Europaschoul, dat ass jo och nach esou e Facteur, ech mengen, da léiert et automatesch. Wann et op der Strooss spille kann, wann et an e Veräin geet, da léiert et automatesch Lëtzebuergesch. Dat heescht awer nach laang net, dass dat richtegt Lëtzebuergesch ass, well an der Famill gëtt et dann eventuell net geschwat, an, eh, jo, an da kann d'Sprooch och net verbessert ginn, menger Meenung no. Also wat ech mir géing wënsche fir d'Land wier, Lëtzebuergesch och um Lycée weider ze hunn, virun ze zéien. Dass net nëmme gesprach gëtt, well et gëtt jo wahrscheinlech um Technique, wann ech sou héieren, wat mäi Meedche seet, ass dat d'Sprooch a ganz vill Fächer, och wann do eigentlech Däitsch oder Franséisch soll geschwat ginn, an d'Unterrichtssprooch, deemno wéi vill Lëtzebuerger an der Klass sinn, huelen ech un, ass dann och deelweis Lëtzebuergesch. An dat misst wierklechoch duerchgezu ginn, dass Lëtzebuergesch och um Classique wieder unterricht soll ginn, wieder geléiert, enseignéiert soll ginn, awer wierklech och mat Grammaire, mat Linguistik allgemeng, dat si wierklech dat och wäit kënne viruginn.

I: Also richteg als Fach? Lo net Lëtzebuergesch als Ëmgangssprooch an anere Fächer?

E61w: Nee, richteg als Fach duerchzéien. Natierlech ass dat vill verlaangt, well souwisou Däitsch kënnt am Ufank, da kënnt Franséisch, da kënnt Englesch meeschtens nach dozou, eventuell dann nach, keng Ahnung, Italienesch, Portugisesch oder Spuenesch, ech weess et net. Et ass vill verlaangt, ganz kloer, ne. Mee en vue vun deem, wat ech virdru jo scho gesot hunn, fir mech ass Lëtzebuergesch schon e bëssen no beim Däitschen, sollt et eigentlech net esou schwéier sinn, wann een Däitsch léiert, och Lëtzebuergesch weiderzezéien. A wann et just eng Stonn dovunner wier. Mee dat ass ëmmer liicht gesot. Awer ech denken, all déi francophon sinn, och déi e romaneschen Hannergrond hunn, an hirer Sprooch, déi si sécher net d'accord domadder. Dowéinst, mir hu scho ganz oft am Grupp philosophéiert hei, dass mer gesot hunn, fir et besser ze maachen, fir wierklech méi aus der Schoulzit u Fachwëssen erauszezéien, misst een d'Schoulsystem splécken, misst ee soen: hei, wann s du wëlls, kanns du deng ganz Schoul op Franséisch maachen, awer ëmmer mat Lëtzebuergesch derbäi. An deen aneren Deel wär dann Däitsch amt Lëtzebuergesch derbäi. An dann als Friemsprooch nach, keng Ahnung, wat ee wëll. Englesch souwisou, well dat ass op d'mannst genau sou wichteg hei am Land wéi Franséisch. Awer deen Däitsche muss lo net onbedingt Franséisch léiere fir mech. Ech fannen, et misst een am eegene Land och mat Lëtzebuergesch duerchkommen. Dat ass dat, wat ech sou bëssen traureg fannen.

I: Wat heescht „duerchkommen"?

E61w: Duerchkommen am Sënn vun, eh, ..., jo zum Beispill Staatsbeamte kënne ginn. E muss net, fir mech muss dee lo net perfekt am Franséische sinn, dat gëtt awer am Moment esou erwaart. An dat fannen ech-, gutt ech kommen aus enger aner Situatioun, dowéinst ass et vläit fir mech méi einfach,

sou ze argumentéieren. Awer ech denken, insgesamt wier et méi einfach fir jiddereen, wann een net di vill Sprooche misst léieren, wann ee wierklech kinnt wielen dat eent oder dat anert.

I: An, ech provozéiere lo bëssen: firwat ëmmer Lëtzebuergesch? Et kann een och soen: Däitsch a Franséisch sinn och offiziell Sproochen hei am Land, da komm mer maachen alles wierklech just op, mer leeë lo wierklech, wéi et de Moment vläit och ass, de Schwéierpunkt op Franséisch. Firwat d'Letzebuergescht derbäi?

E61w: Eh, Lëtzebuergesch ass ursprünglech d'Sprooch vum Land hei, déi et schonn iwwer Joerhonnerte gëtt. An ech fannen, et gehéiert zu engem Land eng Sprooch. An dräi Sprooche kann een net gläich schwätzen an et kann ee sech net gläich wuelfillen an dräi Sproochen. An ech fille mech hei am Land net wuel mat Däitsch. An ech fille mech scho guer net wuel mat Franséisch. Awer ech fille mech wuel mat Lëtzebuergesch, ech dreemen och op Lëtzebuergesch mëttlerweil. Also et ass wierklech-, et ass jo net meng Mammesprooch, awer Mammesprooch zwee. An Däitsch schwtzen ech mat mengen Elteren, mat menger Famill doheem, a wann ech an Däitschland sinn, wann ech däitsch Leit begéinen, awer hei am Land kéim ech ni op d'Iddi, fir mat engem Däitsch ze schwätzen. Dat heescht, ech hunn am Fong ugeholl, wat mäi grousst Ëmfeld, wat dat schwätzt, an ech schwötzen dat och bewosst, oder ech hunn et bewosst geschwat, ech schwätzen et elo och onbewosst, an dat ass fir mech en Zeeche vun totaler Integratioun, an ech fannen, dat gehéiert einfach derzou. Wann ech natierlech nëmme mat engem däitsche Grupp, mat engem däitsche Clan zesumme sinn, da schwätzen ech wahrscheinlech léiwer nëmmen Däitsch, dat ass kloer, dann hunn ech keen Intérêt drun, fir Lëtzebuergesch ze schwätzen. Awer ech fannen, dat bleift guer net aus, wann s du hei normal liefs, dat heescht, du gees akafen, du schwätz mat Noperen, du gees an e Club, du méchs vläit Musek, du gees an den INL, du gees an den Theater, du gees egal wouhinner, da begéins de dem Lëtzebuergeschen. Dat ass einfach esou. An ech fannen, du bass hei zu Lëtzebuerg an net am Frankräich, an net an Däitschland, an d'Sprooch vum Land ass Lëtzebuergesch. Fir mech. Et ass déi éischt Sprooch, fir mech. An net déi zweet oder drëtt. Däitsch ass souwisou hei guer net wichteg. Däitsch ass mëttlerweil zwar eng Amtssprooch, ech weess just net wou, ganz éierlech. Maja dach, an iergendengem Zweig gëtt et dat jo, ech menge bei Banken oder an der Wirtschaft, oder iergendeppes ass op Däitsch hei. Ech weess awer net méi, wat et war. (...) Maja, a mir hu festgestallt, datt een net gutt duerch d'Schoul kënnt, wann ee just eng Sprooch schwätzt. Wann een entwder nëmmen Däitsch schwätzt oder nëmme Franséisch. Dat klappt einfach net. De ganze System ass drop ausgeriicht, dass di zwou Sprooche perfekt musse sinn, och souguer am Lycée Technique. Wann ech do keen Däitsch kann, da kann ech bestëmmt Fächer net follegen a mam Franséischen ass et d'selwecht.

I: Wat häls de vun dëser Ausso: E Chines oder e Russ, dee Lëtzebuergesch léiert, kann domat zwar impressionéieren, mee en erhéngert, well en net kann akafe goen an e kënnt iwwer kuerz oder laang an de Prisong, well en och keng Steiererklärung ausfëlle kann. Ouni Englesch, Franséisch oder Däitsch kann een net zu Lëtzebuerg iwwerliewen. Ouni Lëtzebuergesch schonn.

E61w: Géif ech 100% ënnerschreiwen. Dat gesinn ech och esou. An ech mengen, dat mécht et fir vill Auslänner jo och interessant, fir heihinner ze kommen, well probéiert gëtt, hinnen et sou einfach wéi méiglech ze maachen. Souguer behaapten ech, mat Englesch kann een hei och iwwerliewen. Well et gëtt jo am Auchan z.B. d'Keesen, déi si ganz genee gezeechent: wee schwätzt wat, d'Caissièren do (...) Dat heescht nach laang net, dass dat gutt a richteg ass. Ech fannen dat eigentlech - , gutt, et ass modern, soe mer mol sou: Et ass modern. Well englesch ass souwisou modern. Also mäi Mann, wann et no deem geet, dee seet, déi éischt Friemsprooch misst Englesch sinn. Hie seet och, d'Schoulsystem hei kënne sech am Fong déi, déi hei an d'Land kommen an nëmmen Englesch schwätzen, kënne sech just dé leeschten, déi Suen hunn. Gutt, ech mengen, et gëtt elo e Projet zu Déifferdeng, wou eng zweesproocheg, oder wéi vill? wahrscheinlech fënnefsproocheg, (laacht) keng Ahnung, Schoul agefouert ginn ass, mat Englesch. Mee d'Regel ass et net, a wann ech hei wunnen, da ginn ech net op Déifferden an d'Schoul, dat ass e bësse wäit, menger Meenung no. Mee vläit gëtt et der, ech weess et net. Also kënnen kann een dat, awer ob dat gutt ass, dat ass eng aner Fro.

I: Ass dann déi multilingual Gesellschaft, déi mer hei hunn, oder iwwerhaapt Multilingualismus, eng Beräicherung oder eng Belaaschtung?

E61w: Jo, dat froen ech mech och. (laacht) Also ech mengen di zwou. Also eng Belaaschtung sécher fir déi, z.B. fir Schoulkanner, déi net capabel sinn, fir sou vill opzehuelen, esou vill verschidde Sproochen ze léieren an ze schwätzen. Ech héieren ëmmer nees Beispiller vu Schüler, deen een, dee packt et guer net, well e just am Franséische gutt ass, an deen aneren, dee packt et nach iergendwéi an huet herno d'Chance, souguer op d'Uni ze goen, well en et fäerdegbruecht huet, an enger Sprooch just nach matzekommen, awer iwwer d'Elteren oder soss d'Ëmfeld, déi hëllefen, fir datt e virukënnt. Awer ech mengen, déi meescht resignéiere menger Meenung no, well dat ass, wéi soll een dat soss maachen? Et muss ee wierklech, ech gesinn, souguer am Modulaire ass et esou. Do muss een och déi zwou Sprooche kënnen. Dat ass jo net wéi z.B. am Schwäizer System oder am däitsche System, wou ee kompenséiere kann. Dat gëtt et jo hei net. Et kann ee jo net mat enger Datz duerchkommen. Dat geet net. An dat ass eppes, wat net gutt ass am System, well doduerch verbaut een deenen eng Chance. (Exkurs: erzielt vun engem Matschüler, gutt an naturwëssenschaftleche Fächer, Katastroph a Sproochen, ass Professer ginn, fachspezifesch) Esou muss dat hei och sinn. Mat enger Sprooch, déi een solid gutt kann, dass een domadder duerchkënnt. A Lëtzebuergesch ëmmer dobei.

I: Wéi gesäis de dann d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Sprooch?

E61w: Ech mengen, dat hänkt ganz vill vun der Politik of. Ech gesi jo schonn, datt sech vill geännert huet. D'Sproocheschoul, do war fréier net drun ze denken. Vläicht gëtt et den INL scho sou laang, ech sinn do net um Courant. Awer ech hunn do virdrun ni eppes dovun héiere gehat. Wat lo awer do lass ass, wéi vill Leit Lëtzebuergesch léieren, oder och aner Sproochen, ass jo egal, also déi iwwerhaapt interesséiert sinn, fir Sproochen ze léieren, dat fannen ech phänomenal. An ech denken, deem muss een herno och Rechnung droen. Do muss ee kucken, datt déi Bedürfnisser vläicht schon éischter begfriddegt ginn, halt an der Schoul, iergendwéi, keng Ahnung wéi. Woubei, et geet ee mat enger ganz anereer Motivtioun drun erun, wann een erwuessen ass wéi als Kand. Wann een als Kand an d'Schoul geet an et muss een, et ass ee forcéiert. Gutt, et sinn der och, hu mer virdru jo scho gesot, sécherlech déi eng oder aner forcéiert duerch de Beruff. A Sozialberuffer ass dat jo anscheinend lo ganz wichteg, Lëtzebuergesch ze kënnen. Wat ech och ënnersträichen, well wann ech am Spidol leien, do wëll ech net op Franséisch mech mussen ausdrécken, fir ze erklären, wat mir feelt, well da funktionéieren ech wahrscheinlech just nach, just nach partiell (laacht), just nach a menger Mammesprooch an op Lëtzebuergesch, awer soss gleewen ech net datt ech dann nach mäi Franséisch do kann erauszéien. Dowéinst. Also ech denken, et muss do méi gemaach ginn. An ech fänd et och gutt, wa Lëtzebuergesch op europäescher Ebene, wann dat géif unerkannt ginn. Also dat heescht, et ass jo unerkannt als Landessprooch, mee et gëtt jo bei der EU nach net iwwersat, also et gëtt da keng schrëftlech Ënnerlagen. Also ech fannen d'Land huet awer e Recht drop. Well och aner Länner hunn dat, Malta, Island, an ech weess net, ween alles. An déi sinn och net méi grouss wéi mir. Ech denken, ausstierwe wäert et net, mee et wäert wahrscheinlech méi-, wéi soll ech soen? D'Sprooch ass jo ëmmer enger Wandung ënnerleeën, all Sprooch enthält Anglozismen (sic!), an hei souwisou och franséisch Wierder, an dat wäert, grad mat den Anglozismen, dat wäert nach méi zouhuelen. Awer dat ass an all Sprooch esou. Dat gesinn ech am Däitschen horgenee d'selwecht. An dat kann ee gutt fannen oder net, mee ech mengn, sou ass d'Liewen halt, et bleift ni stoen, domadder musse mer liewen. An dass di Al soen: ho, déi kënnen alleguer kee Lëtzebuergesch méi, dat ass och normal. Natierlech stierwe vil Wierder aus, ganz kloer.

I: Mee d'Welt verännert sech an domadder d'Sprooch.

E61w: An ech hat nach Chance, muss ech soen, dass mäi Schwéierpapp sou laang gelieft huet, an hie war och Schoulmeeschter, an hien huet ganz vill Wierder mir bäibruecht (...) dat ass schon eng extrem Beräicherung. Dat kann ech elo eréischt gesinn, wou hien net méi ass. (Lexikon, passiv vill méi grouss) Awer Lëtzebuergesch ass jo och, net einfach Sprooch, mee eng Sprooch, déi et sech einfach mécht, am Fong.

I: Gëtt et da Leit... Also ech hunn elo zwou Saachen héieren. Op där enger Säit sos de eng Kéier, et begéint ee Lëtzebuergesch awer iwwerall an et ass quasi keng Excuse, fir ze soen, ech hu kee Kontakt dermat. An op där anerer Säit awer kann een a sengem Clan bleiwen an et kann een am Fong hei liewen, mat Englesch kéim een e Liewe laang duerch. Gëtt et da Leit, déi et léieren, schwéier gemaach, fir et ze léieren? ... Ech hunn z.B. am Cours ëmmer erëm Leit, déi soen, ech léieren et, mee eigentlech hunn ech guer kee Kontakt, ech hu kee Partner, dee Lëtzebuergesch schwätzt, mer hunn och keng Frënn, mer hu keng Noperen, op der Aarbecht net, ausser hei am Cours. Ech sinn awer motivéiert, fir et ze léieren, oder ech léieren immens gär Sproochen. Gëtt et deenen dann am Alldag-, kéint een deenen iergendwéi entgéintkommen, dass se méi Kontakt mat der Sprooch hunn?

E61w: Jo, dat ass eng gutt Fro. Ech mengen, dat hänkt vu jdderengem selwer och e bëssen of. Also ech ka vu mengem Emfeld soen, ech spillen ëmmer nach Ping Pong, ech hunn ëmmer Ping Pong gespillt, ech sinn hei am Club, an der Union, a mir hunn do z.B. eng rumänesch Spillerin, déi interesséiert ass, awer fir hire Beruff mol fir d'éischt huet misse Franséisch léieren. Si ass Physiotherapeutin. An dat war, mengen ech, schonn eng immens Ustrengung. Woubei, vum Rumäneschen op Franséisch, dat geet am Fong nach. Voilà. Ech probéieren heiansdo, mat him ze schwätzen, hatt géif et och gär léieren, mee hatt huet einfach keng Zäit. Ech kéint mir z.B. virstellen, déi Leit, déi am INL sinn, kéint een e Genre Debattierclub un d'Häerz leeën, dass een esou eppes opmécht, wou een, keng Ahnung, iwwert iergendee Sujet schwätzt, ouni Drock, ouni dass si d'Gefill hunn, oh, lo muss ech rëm en Test maachen, oder lo muss ech eppes virdroen, oder wat och ëmmer. Sondern einfach nëmme fir déi, déi wëlle gär Kontakter hunn, awer do missten dann natierlech och Lëtzebuerger sinn. Et bréngt jo näischt, wa si just matenee schwätzen, well da ginn d'Feeler wahrscheinlech nach méi grave, mee et misst een och Lëtzebuerger dofir vläicht fannen, déi da bereet wieren, mat deenen, déi Loscht och hunn, ze léieren, ze kommunizéieren. Iergendesou eppes vläit mol.

I: Déi Iddi gëtt et. Café des langues (...)

E61w: Gutt, wéini wëlls de dat man? (...) (héich Niveauen: méi rar) Dat muss ech och soen. Ech si begeeschtert vun deenen, déi ëmmer reegelméisseg kommen. Mir hunn do een Tschech, ee Fransous, een aus der Belsch, déi sinn am Fong ëmmer do, also ouni dass si lo gezwonge wieren. Déi maachen dat menger Meenung no wierklech fir sech selwer, oder och, well si gär an de Cours vum XX ginn, ech weess et net. An da ginn et anerer, wou s de mierks, oh jo, dee muss sech lo rëm produzéieren, an e kann et guer net. Also dat muss ech jo och soen: Meng Kompatrioten menge jo meeschtens, oder oft, si kéinte super Lëtzebuergesch an dann ass et awer egal wat. A wehe du sees deem dann, dat do ass vläit net ganz richteg ausgeschwat. Ou, ou, ou. Nee, do sinn ech wierklech iwwerrascht. Ech hu jo och déi Gesellschaftscourse misste man, fir Lëtzebuerger ze ginn, 20 Stonnen, dat ass jo schon, nee 24. Do hat ech der och e puer, wou ech mech gefrot hunn, wat maachen déi hei? (Exkurs iwwer Däitscher, iwwer eng speziell Fro aus dem Sproochentest) Vläicht sinn ech mëttlerweil selwer ze pingeleg ginn. (doriwwer, wéi vill am C1 nach verbessert gëtt) (iwwer Phonetik)

I: Dat ass och en Nodeel, wann ee vum Däitsche kënnt: et versteet jo jiddereen alles.

E61w: (iwwer zweesproocheg Schëlter) Ech fannen, dat ass jo scho rëm ze vill Rücksicht geholl. Ech fannen, si sollten einfach iwwerall de Lëtzebuerg Numm hi setzen. A fäerdeg ass et. Dat anert verwirrt dach nëmmen.

M44w

I: Fänke mer mol sproochbiographesch un. Wat fir Sproochen hues du an denger Kandheet doheem mat dengen Eltere geschwat?

M44w: Lëtzebuergesch. Just Lëtzebuergesch.

I: Dat heescht, du géifs soen, dat ass deng Mammesprooch?

M44w: Jo. Mammen- a Pappesprooch.

I: An aktuell elo heiheem?

M44w: Och Lëtzebuergesch. Haaptsächlech Lëtzebuergesch. Also mäi Mann ass italieneschen Originnen hier, awer hei zu Lëtzebuerg gebuer. 't ass Lëtzebuergesch. [Anekdot iwwer d'Gebuert vum éischte Kand.]

I: An an der Schoul?

M44w: Och Lëtzebuergesch.

I: Och um Schoulhaff?

M44w: Jo. Also ech sinn zu Izeg grouss ginn, do war nach net vill lo aner - Also dach, ech hat e portugisescht Meedche bei mir, mee dat huet da Lëtzebuergesch geléiert. Also an der Klass natierlech och Däitsch a Franséisch. Mee soss awer ëmmer Lëtzebuergesch.

I: A wéi eng Sproochen hues de an der Schoul geléiert?

M44w: Jo, Franséisch, Däitsch, Englesch. An dann, bon, Portugisesch e bëssen um ISERP. Mee 't geet net duer, fir groussaarteg Kosettchen ze halen. [...]

I: A wann s de dech un deng Schoulzäit zréckerënners, wéi hues de do d'Léiere vu Friemsproochen empfonnt?

M44w: Jo, Däitsch ass bei mir relativ gutt gaangen. Och iwwer d'Tëlee. Ech hunn net vill Tëlee gekuckt, mee ech mengen, dass ech esou -, also esou hunn ech et emol an Erënnerung. Wat bei menge Kanner nämlech net de Fall ass. [...] Ech hunn Interessi u Sproochen, allgemeng, gell? Also ech soen elo net, dass ech et immens gutt kann, mee ech sinn u sproochleche Saachen, Materiellem, interesséiert. [...] Ech hunn dat och gär geléiert, c.o.d. an all déi Truc Saachen, iergendswéi ganz gär sou Exercicë gemaach. Obwuel ech lo net perfekt, super gutt Franséisch schwätzen. Ech schwätzen normal eben. Mee d'Astellung dozou war wierklech positiv. Och mäin Englesch ass lo net méi, ech hu lo laang net méi misse schwätzen. [...]

I: Dat heescht ëmmer positiv Erfahrunge mam Friemsproocheléieren?

M44w: Jo. [...]

I: Wou benotz de da Lëtzebuergesch an dengem Alldag?

M44w: Iwwerall.

I: Iwwerall? Ginn et Plazen, wou s de et net schwätz?

M44w: Jo, wann ech mierken, dass ee kee Lëtzebuergesch kann, gell, da kënnt Franséisch oder Englesch eben. Mee soss iwwerall am Fong.

I: Och als éischte Reflex, als éischt Sprooch?

M44w: Jo. Also ech soe *Moien*. Ech soen net *Bonjour* lo d'office, gell? 't ass *Moien* an dann héiers de jo, wat zréckkënnt.

I: #05:40# Mengs de dann, datt ee Lëtzebuergesch iwwerall benotze kann, also an alle Beräicher?

M44w: Hm, ech hunn nach de Moien an der Zeitung gelies, datt et am Juristeschen, dass et do ganz schwiereg ass. Bon, do kennen ech mech net esou aus. Mee... Jo. Also an deem, wou ech mech elo ronderëm dreiwen, ass et machbar. Ass et machbar, wann d'Leit wëlle Lëtzebuergesch léieren. Ob ech elo bei de Kieser ginn oder an e Buttek, oder sou, mengen ech ass et awer dran. Et stéiert mech awer elo net, wann ech muss op Franséisch iergendengem eppes muss froen. Also 't ass eng Fra beim Kieser, déi schwätzt ganz, ganz strikt z.B. Lëtzebuergesch. An do si Leit, wou ech weess, déi verstinn net gutt. A si weigert sech wierklech z'iwwersetzen. Et ass eng Bomi, mengen ech, mat Prinzipien. Ech soen, do hunn ech kee Problem, da schwätzen ech an där Sprooch eben, an där deen aner mech versteet an dann ass et awer gutt. 't ass elo net, dass ech do extra streng wier oder drop pochen, nee. Een, dee wëllt, ganz gär. Mee soss... Dann eben net.

I: #06:55# Wéi reagéiers de dann drop, wann een, also du fänks op Lëtzebuergesch un an et kënnt guer näischt zréck. Ass dat fir dech guer kee Problem? Sees de dann ok, da schwätze mer Franséisch oder Däitsch? Oder wéi reagéiers de?

M44w: Wann ech mengen, dee wéilt net Lëtzebuergesch schwätzen oder e kéint et net, also do hunn ech wierklech kee Problem dermat. Ech soen och net, also du muss dech elo dru ginn. Ech kenne Leit, déi éiweg am Land sinn an awer net kënnen. [... Anekdot Bekannten + Schwéierelteren]

M44w: #07:48# Also mech stéiert et net, wann een eng aner Sprooch mat mer schwätzt, vu datt ech se verstinn. Also wann en elo natierlech Russech mat mer schwätzt, hu mer e Problem. Da geet et net. Mee soss ass awer... Also ech switchen do, dat ass guer kee Problem.

I: Wann s de mat engem op Lëtzebuergesch schwätz an du héiers, datt en zwar e bësse schwätzt, awer datt e vläicht Schwieregkeeten huet, fir d'Wierder ze fannen, oder datt et laang dauert, wéi reagéiers de dann drop?

M44w: Mhm. Eeh... Dat ass vun der Situatioun ofhängeg, ob ech déi Persoun besser kennen oder net, gell? Also, jo, ech mengen, déi wou ech mierken, déi gi sech elo drun, well se wëlle Lëtzebuergesch léieren, wéi elo mäin Englänner oder sou. Entweder hëllefen ech, wann ech mierken, e kënnt net drop. Wann et awer elo friem Leit sinn, hunn ech éischter d'Tendenz, awer dann an hir Sprooch ze verfalen. Also do muss ech mer scho bewosst soen, ok, probéier lo mol hei nozelauschteren an erauszehéieren. An heiansdo froen ech och einfach: Hei, hutt Der léiwer, dass mer, ne? A wéi enger Sprooch mer viruschwätzen.

I: Hues de dann do schonn extra positiv oder extra negativ Erfahrunge gemaach, well s de viru Lëtzebuergesch geschwat hues, oder eben net?

M44w: Hm... dat ass lo ganz schwiereg. Nee... ech mengen, keng sou extra, extra, soss wéisst ech et elo... [...] Ech hu lo kee konkret Déngens, wou ech ka soen, do ass lo ee ganz topeg ginn, well dee säin Effort net gewürdegt kritt huet.

I: Ginn et dann Domainer oder Beräicher, wou s de Lëtzebuergesch carrément deplacéiert fënns?

M44w: Hmhm... öh... Jo, wann ech weess, datt déi all ronderëm lo dat net verstinn, da kënnt et jo onhéiflech eriwwer, wann ech dann op Lëtzebuergesch..., mee dann... ech ka jo nëmme mat engem Lëtzebuergesch schwätzen, deen och Lëtzebuergesch versteet. Also 't bréngt jo näischt, wann ech fir mech schwätzen an 't kritt keen et mat. An der Vakanz ass et ganz flott, wann s de mol op Lëtzebuergesch kanns e Kommentar ginn, ouni dass deen niewendrun et lo matkritt. [...] Wann alles ronderëm Franséisch schwätzt, da passen ech mech éischter un. Ech fannen et net deplacéiert, mee do ass et dann automatesch, dass ech mech dann upassen. [...] Ech switschen do automatesch ëm, well ech jo och wëll, dass déi matkréien -, also wa se bedeelegt sinn um Gespréich, soss ass et egal.

I: Also schonn dat Bewosstsinn: Ween ass lo nach hei? Wee versteet wat?

M44w: Also wann déi zu deem Gespréichsgrupp gehéieren. [...] Also ech versiche schonn a Kommunikatiounsronne jidderee mat anzebezéien. An heiansdo och z'iwwersetzen. Dat hunn ech och vun der Schoul hier. 't si Spillschoulskanner, gell? Wann ech mierken, déi kréie lo net onbedingt mat, wat ech hei zielen. [...]

I: Also et soll keen duerch d'Sprooch ausgegrenzt sinn.

M44w: Am léifsten net, nee. 't geet just ëm de Géigendeel am Fong.

I: Hues de iergendwann an dengem Liewe gemiekt, datt Lëtzebuergesch eng aner Positioun, eng aner Roll ageholl huet an der Gesellschaft? Datt et méi präsent war? Oder vläicht och manner? Oder datt méi drop gepocht ginn ass?

M44w: Opgefall ass E-Mailen oder SMSen. Soss ass ëmmer op Däitsch geschwat, Bréiwer oder wat och ëmmer. An dat mierken ech, dass elo am Schrëftlechen effektiv eben d'Leit vill falsch schreiwen [laacht], mee awer probéieren, op Lëtzebuergesch sech auszedrécken. Also dat ass eppes, wat mer wierklech bewosst opfält. Jidderee schreift zwar e Kauderwelsch, éischtens wat d'Orthographie ugeet, awer dat -, also fréier mol, och wann ech Bréiwer geschriwwen hunn, hunn ech op Däitsch da geschriwwen. Ganz fréier.

I: Wat heescht "ganz fréier"? An der Schoulzäit?

M44w: Jo, Lycéeszäit. Ech weess, datt ech Lëtzebuergesch do, ech mengen nach net. Jo, Primär, Lycée war awer alles nach op Däitsch. Wann ech mech richteg erënneren. Wou nach? Ah jo, meng Elterebréiwer hunn ech och ëmmer an zwou oder dräi Sprooche geschriwwen, also meeschtens war et Lëtzebuergesch a Franséisch. An der Spillschoul. Also meeschtens hunn ech versicht, se an deenen zwou Sproochen erauszeginn. Am Ufank war dat, mengen ech, och souguer nach Däitsch. Däitsch a Franséisch. Nee. Nee. Relativ fréi war dat Lëtzebuergesch. A Franséisch. [...]

I: Dat heescht och fir dech, fir Lëtzebuergesch méi ze schreiwen, war dat och duerch déi nei Medien? Oder scho virdrun?

M44w: Um ISERP schonn. D'Orthographie hate mir um ISERP schonn. Ech wollt nach ëmmer propper schreiwen. Also... propper... net propper, richteg schreiwen. Du hues ëmmer Elteren... Also d'selwecht, wann ech eppes kréien, ech kucken ëmmer, also meng Ae falen ëmmer mol op e Feeler. Ouni datt ech dat soen. Oder heiansdo soen ech et. Mee meeschtens ass et... endoktrinéiert mengen ech vu Klengem un, jo, datt ech ëmmer denken: ah, do steet e Feeler.

I: Hues de Lëtzebuergesch dann duerch déi Orthographiescoursë méi liicht geschriwwen? Also ech wëll net soen, dass eng Barriär do war. Awer dass de déi Bréiwer geschriwwen hues, dass de et méi geschriwwen hues? Oder war dat egal?

M44w: Ech mengen, ech hätt et och soss... mee 't ass mir ëmmer wichteg, dass ech et richteg schreiwen. Also dat meescht wousst ech ongeféier, also nom ISERP, mee vill Saachen hunn ech duerno awer missen nokucken. [...] Also et war keng Barriär. Eischter de Géigendeel.

I: Also och virdru war et net eppes, wat dech dervun ofgehalen huet, et ze schreiwen?

M44w: Also dat hänkt ëmmer dervun of, wiem s de schreifs, gell? Wann s de eng Demande iergendwou méchs – Lo, wann ech elo dem Direkter vum Lycée iergendwéi soll schreiwen, schreiwen ech op Lëtzebuergesch. Awer ganz bewosst, gell? Deemno wuer mer eng Demande maachen, also wou et méiglech ass, da geet se bei mir op Lëtzebuergesch. Och op der Gemeng. [...]

I: Firwat ganz bewosst op Lëtzebuergesch?

M44w: Ma well dat eng vun deen dräi Sproochen ass, déi jo offiziell, also wou een dierf. An, jo, et mécht mer Spaass. ’t ass net, fir déi rosen ze maachen. Et kënnt mir am fléissendsten op Lëtzebuergesch. An, bon, si kënne jo äntwere wéi si wëllen, mengen ech, oder net? Oder mussen se op Lëtzebuergesch äntweren? Weess ech mol net. Dat hat mol eng Kéier ee gesot. ’t ass mir och elo egal, wéi d’Äntwert kënnt. Ob dat elo Däitsch oder Franséisch ass, ass mir och egal. Ech pochen net drop. Mee ech schreiwe gär Lëtzebuergesch, dat kënnt mir am fléissendsten.

I: Kucks de do drop, u ween s de dech adresséiers an dann, a wéi enger Sprooch dass de schreifs?

M44w: Nee, dat ass am Fong egal. Also de Minister krut och scho Lëtzebuergesch. ’t war zwar déi Zäit d’Ministesch, wou ech hu misse schreiwen. Dat ass awer... Also ’t ass elo net, well do een extra

héichgestallt ass, oder wat och ëmmer, datt ech elo géing soen, ok, da gëtt et op Franséisch oder sou. Ganz fréier, dach. Wann ech an der Vakanz sollt schaffe goen, dann hunn ech d'Demande un d'Buergermeeschtesch op Franséisch gemaach. Mee dat ass awer 25 Joer hier oder sou. Mee lo géing ech dat awer op Lëtzebuergesch man. Also alles wou ee kann a wou een dierf, also offizielle muss déi Sprooch sinn, also do geet et op Lëtzebuergesch.

I: An 't ass och net, dass de sees, oh, vläit sëtzt do een, deen dat guer net versteet.

M44w: Oh, da muss deen ee sichen, deen dat versteet. Nee, also ech denken, wann ech un eng Franséisch Schoul schreiwen, dann net op Lëtzebuergesch, mee déi wou ech denken, op Administratiounen zum Beispill, déi musse jo och Lëtebuergesch kënnen, also déi fanne bestëmmt dann een.

I: Ass et der da wichteg, also du sees, du méchs dat aus Iwwerzeegung a ganz bewosst. Ass et der da wichteg, dass och aner Leit dat esou maachen?

M44w: Nee. Also mir ass et am Fong egal, wéi déi aner Leit et maachen. Nee, do kucken ech einfach, fir mech ass dat do dee flottste Wee. Dat ass reng fir mech méi praktesch. 't ass mer am Fong egal, ob déi aner, jo, hir Mammesprooch dann, oder déi Sprooch, déi hinnen am beschte kënnt.

I: Jo, du sos virdrun: 't ass dat, wat mer am beschte kënnt.

M44w: Jo. Fir déi aner zielt dat och. Dat wat deenen am beschte kënnt, da solle schreiwen, 't ass lo net, dass ech soen, dir musst lo all op Lëtzebuergesch schreiwen, well dir Lëtzebuergesch als Mammesprooch hutt. Wann ee méi staark am Franséischen ass, schreift dee vläicht léiwer op Franséisch. Jo. Jiddferee wéi e wëll, wéi et em am beschte geet.

I: 't ass elo net, dass de sees, dat ass awer wichteg fir d'Lëtzebuergescht, well mer dat doduerch opwäerten.

M44w: Nee, ech sinn net esou e fanatesche Verfechter vum Lëtzebuergeschen. Also ech hu Lëtzebuergesch ganz gär a fir mech ass dat tipptopp. Mee 't ass awer net dass ech soen, elo muss ganz Lëtzebuerg esou ticken. Nee. Ech sinn da politesch net esou engagéiert. (laacht)

I: Wéi géifs de d'Lëtzebuerger Gesellschaft dann definéieren? Wat ass d'Lëtzebuerger Gesellschaft?

M44w: Uh. Hal op, dat do gëtt elo scho schwéier. (laacht)

I: Also schonn vläicht e bësse mat Fokus lo op d'Sproochen.

M44w: Jo. Sou e multi-kulti Melting pot, géing ech soen. Jo, vun allem. Kuck, ech hunn ee bestuet, dee schonn italienesch Originnen huet. An och am Frëndeskrees, 't ass vun allem derbäi. Jo, fir mech ass et och alles. Du muss iergendwéi op e gemeinsamen Nenner kommen, fir mateneen ze schwätzen. Mee ob dat elo Lëtzebuergesch muss sinn... De Virdeel ass jo, well ech méi Sprooche kann, oder iwwerhaapt déi, déi hei zu Lëtzebuerg an d'Schoul gaange sinn, hunn de Virdeel, datt se sech och an aner Sprooche kënne matdeelen. Mee 't ass net, dass ech elo drop pochen a soen, hei, deen, deen lo mat mir schwätzt, muss nëmme Lëtzebuergesch schwätzen oder sou. Do sinn ech ganz anpassungsfäeg. An déi, mat deenen ech ze dinn hunn, och. Jo, ech hunn zum Beispill eng Bulgarin, dat hunn ech am Spinning kennegeléiert. Am Ufank hu mer Englesch matenee geschwat an dunn iergendeng Kéier wollt hatt eppes drénke goen. Jo, währenddeem hunn ech gemierkt, mäin Englesch ass nämlech wierklech net méi de Wahn, an du sot ech, so, kanns du och Franséisch? [...] D'Haaptsaach, et versteet een sech, also d'Sprooch ass lo net esou, also ech pochen net drop.

I: Also wat ech bis elo eraushéieren hunn: D'Haaptsaach ass, d'Kommunikatioun funktionéiert a jidderee fillt sech wuel.

M44w: Jo. An op wéi eng Sprooch dat elo ass, ass net déi éischt Prioritéit.

I: Jo. An dann d'Lëtzebuergescht an der Schoul, am Lëtzebuerger Schoulsystem. Wat fir eng Roll spillt se do, a wat fir eng Roll sollt se spillen, denger Meenung no?

M44w: Ech mengen, se spillt eng aner wéi fréier mol. Well lo pochen se méi, also ech mengen, se poche lo méi drop, datt Däitsch op Däitsch, Franséisch op Franséisch, also Fächer an där Sprooch sinn, wou se ebe solle sinn, oder wéi se an de Bicher stinn. A manner, also wat den Arnaud lo, also ech ka lo just kucken, wéi d'Schoulmeeschteren, déi mat menge Kanner geschafft hunn, wéi déi schaffen, ass am Lëtzebuergeschen: si maachen zwar lo och sou Saache wi Orthographie souguer deelweis, also dat hänkt awer mengen ech vu Joffer zu Joffer of. Se hunn heiansdo sou, wéi den e mam Trema, sou ebe kleng Exercicen dertëscht, an dann hu se ebe vill och sou Gedichter, en Text liesen. An dat war fréier eben net. Dann hu mer just e Gedicht geléiert, jiddferee konnt d'Maus Ketti oder de Wëllefchen an de Fiischen an da ware mer scho fäerdeg. Also ech mengen, dass schonn eppes sech deet, also dass se méi am Lëtzebuergesche Saachen ubidden.

I: An datt et Verkéierssprooch ass an der Klass?

M44w: Jo, also dat ass... D'Fach selwer, wann s de Franséisch hues, da pocht de Schoulmeeschter natierlech och drop, dass de Franséisch schwätz. Mee ech mengen, keng Ahnung, am Bastelen oder sou, schwätzen se Lëtzebuergesch oder an der Paus och ënnerteneen. 't hänkt natierlech dervun of, wéi vill auslännesch Kollegen s de an der Klass hues, da schwätz de meeschtens d'Sprooch, di - Mee lo hei, Weiler, ech mengen, di meescht schwätzen awer nach Lëtzebuergesch. Also ënnertenee schwätzen d'Kanner. An och mäi Mann komescherweis. Si sinn hei zu Lëtzebuerg op d'Welt komm, béid Eltere sinn aus Norditalien, awer heen a säi Brudder schwätzen ënnertenee Lëtzebuergesch, vu klengem un. an et sill immens vill Famillen och elo, wou d'Kanner, well se an der Schoul ebe Lëtzebuergesch geléiert hunn, ënnertenee Lëtzebuergesch a mat den Elteren dann eben d'Mammesprooch. Also dat stellen ech ganz vill fest, dass wa se bis hei am System dra sinn, da kënnt déi Sprooch hinnen awer besser, well se de ganzen Dag domadder, géif ech soen, owes doheem eben d'Familljesprooch, awer ënnertenee Lëtzebuergesch dann. Fannen ech awer och flott. D'Eltere si just deemno wéi da gebéit, wa se wierklech net méi verstinn, wat déi ënnertenee schwätzen. 't kann en Ureiz si fir se, se och ze léieren, d'Sprooch, mee wéi déi spuenesch Mamm do, nee, näischt ze wëllen. Ech war nach gëschter, oh virg¨schter mat enger Frëndin, säi Mann ass Belsch an e refuséiert och, Lëtzebuergesch ze léieren. Hatt seet, en ass net ganz sproochebegabt. Dat ass dat eent. An en huet awer lo, se hunn zwee Kanner, zwee Jongen, an ee vun de Jongen ass strikt, wa si um Dësch zesumme sëtzen, beim Owendiessen oder wat och ëmmer, dee schwätzt do nëmme Lëtzebuergesch. Do ass e knallhaart. Wann en eleng mat sengem Papp am Auto ënnerwee ass, schwätzt e Franséisch mam Papp, gell? Mee um Dësch, en huet wierklech en Ochsekapp, dee schwätzt do strikt- An dann hu si all Kéier rëm Diskussiounen a Sträit, well de Papp deelweis d'Informatioun nëmmen hallef matkritt, also e vertseet e bëssen, mee awer net gutt, an da kommen ëmmer esou Malentenduen op, an da kann hatt 100mol soen: hei da schwätz lo w.e.g. Nee. Hie soll Lëtzebuergesch. Ah, dee Jong huet 11 Joer, wéi den Arnaud, ech sot, oh, déi Louder, dofir. Mee jo, da gëtt et och deen doten Extremfall. An 't ass jo net, dass en ëmmer mam Papp Lëtzebuergesch schwätzt. Wann e mat em eleng ass, ass kee Problem. Mee wa si, déi aner 3 do sinn, ebe Lëtzebuergesch. Si kéinte grad esou gutt alle véier op Franséisch schwätzen, well si kënnen déi béid Sproochen. Dofir knallhaart. 't ass en Ochsekapp. Meng Kanner schwätze mat de Grousseltere Furlan [...].

I: Ass Lëtzebuergesch dann eng Integratiounssprooch?

M44w: Dat hänkt dervun of, a wéi engem Quartier dass de grad an d'Schoul gees, mengen ech. Well ech weess, Esch war mol zum Beispill, dass ech do eng Zäitche fir e Stage do a Klasse gaange sinn. An deemno wou s de gees, do ass de Lëtzebuerger den Exot, dee ganz séier aner Sprooche léiert, gell? Mee eleng scho well s de de Lëtzebuerger Schoulsystem méchs, jo, ass et eng Integratiounssprooch. Mee deemno wou s de, wéi gesot, grouss gëss, 't sinn net vill Lëtzebuerger an de Klassen, dat heescht d'Lëtzebuerger léieren am Fong éischter Portugisesch.

I: A global? Lo net just an der Primärschoul. Kann eng Integratioun gutt funktionéieren iwwer d'Sprooch? Ass d'Sprooch e wichtege Critère - lo an dësem Fall Lëtzebuergesch - fir sech z'integréieren?

M44w: Net onbedéngt. Nee, ech mengen net. 't ass méi oft dat zwëschemënschlecht, wat zielt. Fir mech net onbedéngt, loosse mer mol sou soen.

I: Dat heescht, dat zwëschemënschlecht en plus?

M44w: Dat un éischter Stell, loosse mer mol sou soen. An d'Sprooch vläicht un zweeter Stell. Jo, en plus. Ech mengen, dass Sympathien oder, jo, dass dat éischte Critèr ass. D'Sprooch ass dann, jo, och wichteg, awer net un éischter Plaz.

I: Wat mussen d'Leit da maachen, fir sech z'integréieren? Oder wat kann hëllefen?

M44w: Smile (laacht). Sympathesch openeen duergoen geet heiansdo schonn duer. Wéi d'E., déi Bulgarin, du bass der sympathesch an da fënns de schonn e Wee, fir iergendwéi mateneen ze schwätzen. Jo, ech mengen eng oppen Astellung ass vläicht méi wichteg wéi lo déi Sprooch, déi s de schwätz. Do fënns de e Wee, fir mateneen ze schwätzen.

I: Du has virdru scho gesot: Lëtzebuergesch ass eng vu deenen dräi Sproochen, dofir ginn ech dervun aus, eng vun deenen dräi offzielle Sproochen. Wann een elo keng vun deene schwätzt, kann ee sech dann och, geet d'Integratioun da genausou gutt? Dat tëschemënschlecht funktionéiert immens gutt.

M44w: Mhm. Wann s de keng vun deene kanns? Jo, da muss de der jo iergendeng eraussichen, wou s de sees, ok, déi doten, also du muss iergendeng probéieren awer ze léieren, soss gëtt et awer schwiereg.

I: Jo. A wann ee just Englesch schwätzt?

M44w: Jo, ok, Englesch ass nach machbar. Wann s de awer lo als Afrikaner kënns, dee guer näischt, deen iergendeng afrikanesch Sprooch, eh, mengen ech, ass méi schwiereg. Dann, mengen ech, leeft et och éischter iwwer Englesch. Meeschtens, nee? Oder dann iwwer Franséisch, Däitsch manner. 't hänkt zwar dann erëm eng Kéier dervun of, aus wéi engem Land ze kommen. Dann, mengen ech, häss de gutt, eng vun de Sproochen ze léieren, wou s de dech hei zu Lëtzebuerg kanns verständlech maachen.

I: Kommentar: "E Chines oder e Russ... Ouni Englesch, Franséisch oder Däitsch kann een net zu Lëtzebuerg iwwerliewen. Ouni Lëtzebuergesch schonn." Wat denks du dovunner? Bass du domadder averstanen?

M44w: Deelweis ass et jo wouer, effektiv, du kanns ouni Lëtzebuergesch ze schwätzen hei zu Lëtzebuerg, jo, jiddferee ka jo iergendwéi, op d'mannst an deenen dräi Sproochen, vun deene mer lo Rieds haten, och mam Englesche fënns de ëmmer Leit, déi dech verstinn. Am anere Fall soen ech mer awer, du kanns ëmmer ee froen, fir der ze hëllefen. Och wann s de nëmme Lëtzebuergesch kéints schwätzen. De Rescht, eh, du fënns jo een, deen der kann hëllefen. Mee effektiv, 't geet méi einfach den ëmgdréinte Wee, wéi vu Lëtzebuergesch probéieren, nëmmen iwwer Lëtzebuergesch.

I: A fir Lëtzebuergesch als éischt Sprooch ze léieren?

M44w: Jo, ech fannen et ëmmer mol eng gutt Iddi. Mee effektiv ass et méi einfach, als éischt mol Englesch oder Franséisch ze léieren, well s de dann awer schonn dech duerchgeschloe kriss. Dat ass effektiv, wann s de nëmme Lëtzebuergesch kanns, méi schwéier. Well eben och ganz vill Nationalitéiten a Sprooch zesummekommen hei. Mee d'Iddi, dass de Lëtzebuergesch léiers, fannen ech awer gutt (laacht). Vläicht zousätzlech nach zu enger anerer.

I: Wou kënnen dann Auslänner Lëtzebuergesch benotzen? Wa se et elo léieren, wou kënne se et an hirem Alldag effektiv benotzen?

M44w: Ma du kanns iwwerall probéieren an da gesinn, wat Retour kënnt (laacht). Also theoretesch-, jo, beim Akafegoe kanns de et benotzen, wann natierlech d'Vendeuse och Franséisch kann, oder léiwer dat schwätzt, mee theoretesch kéints de jo iwwerall awer schwätzen, probéieren.

I: Jo. An en anere Kommentar wär: "Lëtzebuegesch ass mëttelfristeg dozou veruerteelt, ze verschwannen." Giffs de dat ënnerschreiwen?

M44w: Nee. Nee. All déi, déi et als Mammesprooch hunn. Du léiers awer ëmmer Lëtzebuergesch. Nee. Also ech mengen net. Ech fannen, 't ass zousätzlech zu eppes anescht. Nee, ech mengen net. 't ass fir

mech zousätzlech. Mee dass et ganz verschwënnt, ech gleewen net. 't bleiwen der ëmmer iwwreg, déi Lëtzebuergesch kënnen.

I: Wéi gesäis du d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Sprooch dann?

M44w: Majo ech hoffen, dass se nach méi geschwat a geschriwwe gëtt haaptsächlech. Jo, also geschriwwe gëtt se jo schonn, mee och nach méi richteg geschriwwen. Dat ass wierklech eppes, jo, wou ech ging cool fannen. Well fréier hat jo och den RTL sou Commentairen a sengen Nouvellen, da stoung ënne sou iergendeppes, an do waren ëmmer Schreiffeeler dran. Dat huet mech geckeg gemaach. Aah! Kënnen déi net een engagéieren, déi einfach nëmmen déi Saachen do verbessert? Dat klappt jo awer lo relativ, oft ass et jo richteg geschriwwen. Dat ass mer nach agefall. Jo, eh, wéi gesinn ech d'Zukunft? Ech si keng Hellseherin. Dat ass schwéier dat do. (laacht) Positiv awer. Also meng Astellung ass einfach positiv. Dofir hoffen ech, dass dat dann effektiv esou kënnt.

I: Also du gehéiers elo net zu deenen, déi soen -

M44w: Déi fäerten, se verschwënnt?

I: Jo. Oder déi soen, grad, well souvill Auslänner hei liewen oder Frontalieren heihinner kommen, datt déi eng Bedrohung duerstelle fir d'Lëtzebuergescht. Vläicht och déi, déi et net wëlle léieren oder schwätzen?

M44w: Ech gesinn awer och all déi, déi et wëlle léieren. Dofir, bon, ech soe mer, du kanns et ni perfekt léieren. 't ass net evident an et gëtt vläicht méi verwäsch oder verwässert, mee dass et ganz verschwonnen ass herno, nee. Nee, dat gleewen ech net. Wat ech awer mierken, och bei mir selwer, dat sinn déi al Ausdréck, sou wéi d'Bomien an d'Bopien nach geschwat hunn, gell, do ass Villes scho fort, wou ech och selwer, ech schonn net ëmmer verstinn an nokucke ginn: Wat heescht dat doten dann elo? Jo, dat fannen ech schued, well vill Saachen eben net méi am Gebrauch sinn, wou schonn meng eege Kanner se net benotzen, ech selwer net, mäi Mann och net, vu dass en och eng aner Mammesprooch huet. Dat ass heiansdo wierklech schued. Datt de Vocabulaire e bësse méi restreint ass, manner wéi fréier. Dat. A wat nach? 't war mer lo nach eppes agefall. Ech weess et net méi. Of, 't ass fort.

I: Just nach eng Fro. Du sos d'Gesellschaft ass multikulti, vill Sprooche beieneen. Wat sinn d'Vir- an d'Nodeeler vu sou Multilingualismus fir dech? Ass et fir dech just positiv oder ginn et och Nodeeler vun där méisproocheger Situatioun?

M44w: Bestëmmt och Nodeeler, mee ech hunn nach ni richteg driwwer nogeduet.

I: Oder Schwieregkeet, déi s de vläicht selwer eng Kéier erlieft hues?

M44w: Jo, also, 't ginn ëmmer rëm Saachen, wou s de net ganz kloer verstees, wou Malentendue sinn, dat ass kloer. 't war mer och grad agefall, wat dat anert war. Wat ech schued fannen, ass, dass verschidde Vocabulairessaachen am Lëtzebuergeschen hu mer keng Wierder derfir, gell. Well lo zum Beispill déi Achtsamkeitscoursen, di mer do hunn. [... iwwer Achtsamkeit]

I: Ma e ganz grousse Merci.

G61m

I: Voilà, ech leeën den Dictaphone heihinner. A wat fir engem Domaine waars du beruffstäteg?

G61m: Enseignement.

I: Am Enseignement. A wat fir Sproochen hues du doheem geschwat?

G61w: Also meng Elteren hunn nëmmen Italienesch geschwat. A berufflech hunn ech déi üblech Sprooche vum Land, Däitsch, Franséisch, Lëtzebuergesch. Ech hunn d'Schoul och all hei gemaach. An a Frankräich. (d'Studium)

I: Wann s de dech un deng Schoulzäit zréckerënners: Wéi hues de dat Sproocheléieren empfonnt?

G61m: An der Spillschoul penibel. Ganz penibel. Ech sinn ausgelaacht ginn, well ech ganz schlecht Lëtzebuergesch geschwat hunn. [...]

I: A mat de Geschwëster?

G61m: Ech hunn eng Schwëster. Gemëscht, Italienesch, Lëtzebuergesch. Meng Schwëster ass aacht Joer méi al, dat heescht, hatt huet seng Schoul net hei zu Lëtzebuerg gemaach, oder just e Minimum, 't huet och vill méi schlecht Lëtzebuergesch geschwat wéi ech. 't huet geschwat. [...]

I: A wat ass deng Motivatioun, fir den ZLSK ze maachen?

G61m: Also meng éischt Motivatioun, dat war wierklech, fir korrekt Lëtzebuergesch ze schreiwen. Mat deem Resultat, datt ech elo vill méi veronséchert si wéi virdrun.

I: Seriö?

G61m: Jo. Virdrun hunn ech einfach drop lass geschriwwen. An elo iwwerleeën ech 36 Mol, ech huelen d'Buch derbäi, dat Heft do. Nee, mee ech hu vill Motivatioun. Eischtens: Ech fanne Lëtzebuergesch immens schéin. Paradoxal wéi dat kléngt. Zweetens: Ech hu Sprooche gär. Ech hunn eben d'Chance, datt ech vill Sprooche kann an ech war am Lycée op enger Sproochesectioun, ech hunn och nach Spuenesch gemaach. Ech fanne Sproochen u sech ganz schéin. Dat anert, dat ass och, ech muss dat och zouginn, dat ass e bëssen eng politesch Decisioun. Ech fannen et schued, datt Lëtzebuergesch verluer geet. Dass zum Beispill heibannen, also egal ween hei schafft, déi schwätzen all nëmme Franséisch. Wat jo och legitim ass. Mee 't ass a meng Aen e bëssen eng geféierlech Tendenz, well - ech ginn och Abiergerungscoursen zënter 2008. Do soen ech och ëmmer, ech betounen och ëmmer: Mir si praktesch dat eenzegt Land op der Welt, wou praktesch d'Hallschent vun der Bevëlkerung net Lëtzebuerger sinn. Mir sinn awer dat eenzegt Land an Europa, wou s de nach keng rietsextrem Beweegung hues. Du hues iwwerall an Europa an den Nopeschlänner eng Poussée vun der Extrême droite, vun den ultranationalistesche Parteien. Hei zu Lëtzebuerg net. Dat ass immens paradoxal. Ech soen hinnen och ëmmer, 't hänkt just un eis, 't hänkt just vun eis of, dass dat esou bleift. Ech ka verstoen, wann di al Lëtzebuerger, wann s de sou Bemierkungen héiers: Si mer hei nach doheem? Kënne mer hei nach ...? Dofir mengen ech, dass et wichteg ass, dass d'Lëtzebuergescht u sech erhale gëtt, wann s de gär de soziale Fridden hei behäls. An ech hätt gär de soziale Fridden hei. [...]

I: Ass da Sprooch an Nationalitéit fir dech uneneegekoppelt?

G61m: Net onbedingt. Ech mengen, wann s de an engem Land liefs, fannen ech et normal, dass de d'Sprooch vun deem Land schwätz. Ech ginn dervun aus, wann ech a China géing liewen, dass ech dann awer puer Brochdeeler Chinesesch géing schwätzen. No e puer Joer. Ech géing hoffen, enfin, ech géing mer Méi. 't géing mer souguer Spaass maachen. [...] Dat Wuert Integratioun hunn ech net gär. Akkulturatioun hunn ech léiwer wéi Integratioun. [...] De Minimum ass natierlech, dass een d'Regelen, d'Sitten, d'Coutumen, d'Sprooch vun engem Land schwätzt. Ech weess, a menger Jugend, ech hunn immens vill Italiener kannt. Il faut jamais cracher dans la soupe, soen d'Fransousen. Alles war besser an Italien wéi hei. Ech soen ëmmer, dat ass eng Form vun intellektueller Prostitutioun. Du bass hei wéinst de Virdeeler, mee fir de Rescht ass alles besser anzwousch anescht. [...] Du liefs hei einfach am Wuelstand, am materielle Wuelstand. [...] D'simplification administrative. [...]

I: Wat heescht dann Integratioun? [...] Firwat sees de, ech hunn dee Begréff net gär?

G61m: Oh, Integratioun. Integréieren, dat ass éischter sou ee mechaneschen, fir mech sou ee mechaneschen Déngen. Pièce intégrée. (laacht) Also akkulturéiert, dat heescht d'Kultur, d'Gesetzer, d'Sprooch vun engem Land voll acceptéieren, integréieren, an déi Kultur erawuessen, a sech wuel do fillen. Also ech kéint mer net virstellen, datt ech an iergendengem Land géing liewen, wou ech mech net géing wuelfillen. An dat ass och dat, wat ech un deene Leit kritiséieren, och meng Elteren, mir sinn hei, well s de hei 10mol méi verdéngs wéi an Italien, well s de hei iwwerhaapt eng Plaz hues. A se fir de Rescht alles e bëssen negativ gesinn. Mat der Zäit huet dat sech natierlech geluet. Si hu sech och ni wuelgefillt. Dat heescht, 't ass déi Generatioun, an dat hues de haut nach a ville Familljen, och bei den ale Portugisen, déi kee Wuert Lëtzebuergesch schwätzen. Natierlech well se ëmmer nëmmen an hirem Milieu liewen, ënnert hiren Eegenes verkéieren. Dat ass e bësse schued. [...]

I: An du sees: d'Sprooch vum Land. Hei zu Lëtzebuerg hu mer dräi offiziell Sproochen. Geet et net duer, datt een Däitsch oder Franséisch kann?

G61m: An der Schoul hat ech immens vill Problemer mam Däitschen. Dat ass dat normaalst vun der Welt, dass de hei däi ganze Scholsystem dräisproocheg hues. 't ass jo och e grousse Plus. Wat natierlech de Schoulsystem net méi einfach mécht. 't ass effektiv schwéier. Du hues och, wann s de sämtlech Statistike gesäis, also d'Auslännerkanner si jo, also ech mengen, déi, déi aus dem Mëttelmierraum kommen, déi si mam Däitschen hänke bliwwen. Ech hunn dat och gesinn, ech war am Enseignement technique. Also eis portugisesch Kanner, also déi meescht, waren erschoss mam Däitschen.

I: Jo, ech mengen, do gëtt jo iwwerluecht fir Alternativmodeller, fir datt zumindest jiddereen déiselwecht Startchancen huet.

G61m: Jo, du sees, déiselwecht Startchancen. Also meng Elteren hu Wäert drop geluecht ... [...]

I: Haut: Wat sinn haut Sproochen, déi eng Roll an dengem Alldag spillen? Wat benotz de wou a mat wiem?

G61m: Lëtzebuergesch a Franséisch. Franséisch, well ech zënter 2008 déi Abiergerungscoursë ginn a well s de do d'Sprooch virgeschriwwe kriss. Bei mir ass et Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch. Déi meescht op Franséisch. Wat iwwregens, ënnert eis gesot, eng Absurditéit ass. Déi Abiergerungscoursen, déi ginn op Englesch, Franséisch oder Däitsch, Däitsch-Lëtzebuergesch ugebueden. Am Ufank souguer Portugisesch. Déi Leit, déi awer Lëtzebuerger wëlle ginn, déi mussen herno souwisou de Sproochentest maachen. Ech hu schonn, mir sinn dann eemol d'Joer gefrot ginn, fir eis Propositiounen ze maachen, mir hu scho virgeschloen, dass se fir d'éischt de Sproochentest maachen an duerno an d'Coursë kommen, dass de d'Coursen dann all op Lëtzebuergesch méchs. Bon, d'Politiker sinn net dru gaang. An, dat hunn ech awer och schonn am Cours gesot, do si Leit, déi hunn de Sproochentest gepackt, wou ech d'Welt net méi verstinn. Wou ech wierklech d'Welt net verstinn. Ech froen ëmmer: "Wien huet den Test scho gemaach? Da verstitt der jo Lëtzebuergesch." - "E bëssen." An da versti se guer näischt. Also fir mech ass et e Rätsel, wéi se dee Sproochentest kënne packen. [...]

I: Also Franséisch a Lëtzebuergesch am Alldag. Wou da Lëtzebuergesch?

G61m: Also Lëtzebuergesch am Alldag. All meng Bekannten, dat si Lëtzebuerger. Iwwerwigend Lëtzebuerger. Mat deene puer Italiener, déi ech kennen, also déi kënnen all Lëtzebuergesch. Heiansdo schwätze mer och Italienesch. Mee ech schwätzen awer perfekt Italienesch, och mat engem italieneschen Akzent. Dat ass et eben.

I: Schreifs de Lëtzebuergesch?

G61m: Ech gi mer Méi.

I: Wa jo: A wat fir Kontexter?

G61m: An all Kontext. All Demande, all Verwaltungsdemande. SMSen. Meng SMSen, also mat mengem Bekanntekrees, sinn op Lëtzebuergesch. Offiziell Demanden. Wéi ech mech ageschriwwen hunn zum Beispill do am INL. [...] Ech hunn op Lëtzebuergesch geschriwwen, ech hu systematesch op Franséisch

geäntwert kritt. Ech hu souguer eemol zréckgeäntwert, wou ech mech opgereegt hunn, datt et e bësse chaotesch wär. [...] Ech géif mer och Froe stellen, wisou, wann ech op Lëtzebuergesch schreiwen, ech op Franséisch geäntwert kréien. An dat an engem Sproocheninstitut. Do muss ech zwar soen, du krut ech ugeruff. Ech weess net méi, ween. D'Directrice adjointe oder iergend sou eppes, déi sech entschëllegt huet iwwert déi chaotesch Zoustänn. Dat war ganz korrekt. 't war wierklech zwee Mol mat zwee verschiddenen Datumer. Ofgesinn dovun, ech muss och heiansdo laachen, wann s de an d'Kantinn gees, sou déi Annoncen do op der Tëlee, do ass Franséisch, do si Feeler dran. Ech fannen dat fir e Sproocheninstitut fannen ech immens schued. [...] D'Leit vu menger Generatioun, di och nach am Lycée op enger Sproochesectioun waren, déi leeën, ech leeë relativ vill Wäert drop, korrekt ze - , also Feeler falen einfach op am Franséischen. Also zu menger Zäit, wann s de eng Première classique [...]

I: Lees de dann am Lëtzebuergesche genausou Wäert drop?

G61m: Jo, mee (laacht) dat klappt net. Nee, dofir kommen ech jo an d'Schoul.

I: Ginn et da Beräicher, wou s de dech bewosst fir d'Lëtzebuergesch entscheets? Bewosst fir et ze schreiwen?

G61m: Wann ech un eng Verwaltung schreiwen, oder iergendwou, oder SMSen sou.

I: A firwat? Firwat Lëtzebuergesch a firwat net, eh..?

G61m: Ma well mer zu Lëtzebuerg liewen a well zu Lëtzebuerg d'Sprooch vun de Lëtzebuerger Lëtzebuergesch soll sinn. Sollt sinn soen ech emol.

I: An am Schwätzen? Also d'mëndlech Kommunikatioun. Ginn et do Situatiounen, wou s de dech ganz bewosst derfir entscheets, fir Lëtzebuergesch ze schwätzen?

G61m: 't kënnt vir. Jo, zum Beispill am Cactus. (laacht) Nee, am Cactus, well ech weess, dass de Cactus eng relativ intelligent Sproochepolitik huet. Dat heescht, si bidden hire Leit Sproochecoursen un während der Déngen. Wann s de e bëssen insistéiers –, oder an de Spideeler. De Kollektivvertrag vun de Spideeler gesäit vir, dass se Lëtzebuergesch musse kënnen. Wann s de e bëssen insistéiers, da gi se sech Méi. An ech komplimentéieren d'Leit. Ech soen, dat ass jo immens flott. Da si se och frou. Ech fannen, dass een dat awer soll ënnerstëtzen.

I: Ass et der da virkomm, dass de mat engem geschwat hues, also op Lëtzebuergesch, wou s de héiers, deen huet Schwieregkeeten oder 't geet lues, an dass de dann op eng aner Sprooch, dass de da Franséisch geschwat hues oder Däitsch oder wat och ëmmer? Italienesch?

G61m: Dat hänkt vum Kontext of, dat ass jo kloer. 't geet jo net drëms, fir iergendeen ze quälen. Besonnesch wann e weess, datt ech déi dräi Sproochen ebe beherrschen. Et geet jo net drëms, d'Leit ze veraarschen.

I: An de Konträr? Dass de dech bewosst dergéint entscheet hues? Fir net Lëtzebuergesch ze schwätzen?

G61m: Weess ech elo direkt keng Situatioun. A wéi engem Kontext? Wéi mengs de?

I: Zum Beispill och am Schreiwen, op enger Administratioun, dass de sees, ech weess net, ween dat dote liest. A fir dass de verstane gëss.

G61m: 't ass jo - Ass et d'Gesetz vun 99? Ech weess net. Wou dra steet -

I: Jo, 84.

G61m: Sou laang? 84?

I: Jo, 84.

G61m: Wat war dann -?

I: 99 war d'Reform vun der Orthographie.

G61m: ... d'Reform ... Nee, ech schreiwen normalerweis op Lëtzebuergesch

I: War dat nach ëmmer esou? Oder ass dat grad mam Gesetz, hues de do gemierkt, datt an denger eegener Praxis sech eppes geännert huet, doduerch datt Lëtzebuegresch am Gesetz als Nationalsprooch verankert ginn ass?

G61m: Nee, ech mengen net, dass dat mam Gesetz u sech ze dinn huet. Also ech schreiwen, ech mengen, ech géing zimlech gutt Franséisch schreiwen, well ech Franséisch och gär hunn, mee 't ass méi an der Lescht. Ech mengen, dass et méi eng politesch Decisioun ass, och well ech fäerten, dass Lëtzebuergesch ëmmer méi verluer geet. Ech muss awer och-, wann ech ganz éierlech sinn, 't huet och e bëssen domadder ze dinn mat der leschter Immigratiounswell, dat heescht aus dem fréieren Ostblock, respektiv mat den ... Ech fänke mol anescht un. Déi éischt grouss Immigratiounswell hei zu Lëtzebuerg, dat war Mëtt vum 19. Joerhonnert, dat waren d'Italiener. Déi zweet grouss Immigratiounswell, dat waren d'Portugisen. D'Italiener an d'Portugisen, déi si relativ, relativ, also verhältnisméisseg gutt integréiert ginn, oder hu sech relativ gutt integréiert. Integriert net, mee si verhältnisméisseg gutt akzeptéiert ginn. Wahrscheinlech och, well se d'kathoulesch Religioun hunn, dat heescht, well se aus engem chrëschtleche Land koumen. En Italiener, e Portugis, dee kee Wuert Lëtzebuergesch schwätzt, deen awer sonndes an d'Mass geet, dat ka jo kee Schlechte sinn an den Ae vun engem Stacklëtzebuerger. Déi lescht grouss Immigratiounswell, wat iwwerwigend Mosleme sinn, dat schaaft ganz aner Verhältnisser. Ech schwätzen elo mol vun Esch. Ech weess, zu Esch, do ware virun e puer Joer e puer Fraen an der Burka, also net nëmme verschleiert, mee d'Burka, richteg also... Dat ass ganz schlecht ukomm. Ech selwer hat a mengen Abiergerungscoursen e puer Salafisten. Also dat waren heiansdo... Déi ware ganz fein awer, muss ech soen. Mee du hues richteg gemierkt, also ee vun de Fächer ass d'Grondrecht. Wann s de da sees, Fraen a Männer hunn déiselwecht Rechter zu Lëtzebuerg, dass si dat anescht gesinn. [...] Wann ee sou ufänkt, Kompromësser ze man, och mat der Sprooch, dann, eh, ech mengen, da bass de op der verluerener Säit. Well leschten Enns verléiere mer alleguer. Ech widderhuelen dat, wat ech am Ufank sot: Mir liewen an engem Land, wat am Verglach zu anere Länner paradisesch Zoustänn huet, materiell, soziologesch an esou weider. Mir liewen am Fridden an nach eemol: mir hunn nach keng rietsextrem Beweegung hei. Mir haten déi Zäit zu Péiteng do de Peters, wéi huet e geheescht do? [...]

I: Wat fir eng Roll spillt d'Sprooch dann do?

G61m: Also... Ech ginn der mol eng aner Anekdot. Ech hat viru Joeren hat ech eng Fra bei mir an den Abiergerungscoursen, déi hat dann de Kostüm un, net eng Burka, awer just d'Ae fräi, typeschen Nonnendéngen, also schwaarz-brong. [...] Déi huet perfekt Lëtzebuergesch geschwat. Déi huet perfekt Lëtzebuergesch geschwat. Déi hat deemools de Sproochentest nach net gemaach, mee déi ass haut Lëtzebuergerin. [...] Mee dat ass e Beispill, déi Fra, déi ass elo Lëtzebuergerin an déi leeft verschleiert duerch d'Géigend. [...]

I: Wat fir eng Roll spillt d'Sprooch fir déi Leit? Vläicht elo net nëmme Leit mat enger anerer Relioun, awer allgemeng Leit, déi net d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn an déi hei liewen, déi net onbedingt Lëtzebuergesch schwätzen, oder net léieren?

G61m: Wat fir eng Roll d'Sprooch fir déi spillt?

I: D'Lëtzebuergescht, jo.

G61m: Ma da muss de déi vläit froen. (laacht) Ech weess et net. Ech ka just aus erfahrung schwätzen, also ech hat Leit an de Coursen, di meescht, di allermeescht, di kommen aus Net-EU-Länner, di man dat effektiv, wat ech och verstoe kann, fir eng politesch Sécherheet ze hunn, fir dass se net ausgewise kënne ginn. Ganz vill aus dem fréiere Jugoslawien, vill Russen, vill aus der Ukraine, also wierklech aus dem Osten. 't sinn och eng Partie aus Latäinamerika. [...] Mir hunn dann och sou fräi Diskussiounen. Di man dat effektiv, well se Lëtzebuerger wëlle sinn, well se Lëtzebuerg gär hunn, also well se gär zu Lëtzebuerg sinn, also well se Lëtzebuerg gär hunn. Ech hunn epuer Eurofonctionnairen, 't sinn zwar Englänner derbäi wéinst dem Brexit, déi man d'Coursen op Englesch. [...] Déi sinn, mengen ech, motivéiert. Déi puer, déi ech kennen, déi schwätzen och gebrache Lëtzebuergesch, déi schwätzen awer. Du mierks, dass déi sech Méi ginn an dass déi sech wuel zu Lëtzebuerg fillen, an dee Moment och Lëtzebuergesch wëlle léieren.

I: 't gi Leit, déi mer soten, déi op Lëtzebuerg komm sinn an déi am Ufank de Besoin net gesinn hunn, oder de Sënn éischter, de Sënn net dra gesinn hunn, Lëtzebuergesch ze léieren. Bis op eng Kéier sech erausgestallt huet, well se och mat der Iddi koumen, 't ass just provisoresch, firwat soll ech da Lëtzebuergesch léieren? A vun deem Moment un, datt sech erausgestallt huet, datt dat kee Provisorium méi wier, mee längerfristeg, dunn hu se ugefaangen, d'Sprooch ze léieren.

G61m: Ech gräifen op dat zréck, dat sinnelo epuer Wochen hier, wou ech déi eeler italienesch Koppel do gesinn hat, déi lo Lëtzebuerger sinn. Ech war agelueden do bei Italiener. [...] Mir hunn d'Nationalitéit einfach esou kritt. Ech sot, dat ass net méiglech, dir musst se gefrot hunn. Jo, mee mir hunn awer näischt derfir misse maachen. Sot ech, dat ass eng aner Saach, gell, wa se näischt hu missen derfir man. Dat heescht, si wollten d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn, obwuel se kee Lëtzebuergesch schwätzen. [...]

I: Du sos virdrun, du häss Angscht, d'Sprooch géing verluer goen.

G61m: Jo.

I: Firwat? Firwat hues de Angscht? An duerch wat kéint se a Gefor geroden?

G61m: Majo well et relativ einfach ass, d'Modalitéite fir Lëtzebuerger ze ginn, wahrscheinlech mat déi einfachst an Europa sinn, a well eng ganz Partie Leit, an ech schwätzen do aus Erfahrung, well ech sinn zënter 2008 do derbäi, eng ganz Partie Leit d'Lëtzebuerger Nationaitéit wëllen hunn, ouni dass se sech richteg fir Lëtzebuerg interesséieren. Fir Lëtzebuerg schonn, fir d'Liewen hei zu Lëtzebuerg. Mee déi liewen ënner sech, déi fillen sech och wuel hei, ech ginn och dervun aus déi respektéieren d'Leit hei, d'Nationalitéit, also d'Constitutioun, d'Gesetzer, dorëms geet et net. Mee déi, eh, dat ass aus, géif ech soen, iwwerwigend aus materielle Grënn.

I: A Leit, déi -? Well 't si jo och vill Leit, déi net onbedingt d'Nationalitéit wëllen. An déi aner? Déi hei liewen, mee déi d'Nationalitéit net wëllen? Steet do Lëtzebuergesch op eemol a Konkurrenz zu enger anerer Sprooch? Oder firwat soll et verluer goen?

G61m: Also an der Schoul weess ech, datt all Schüler, ouni Ausnam, déi net Lëtzebuerger waren, wéi Portugisen oder aner, ech hat der och ganz vill aus Ex-Jugoslawien, déi wollten alleguer d'Lëtzebuerger Nationalitéit. Awer d'Duebelnationalitéit. Dat muss ech och betounen. [...]

I: An 't gëtt jo lo e 40-Punkte-Plang vun der Regierung, deen ausgeschafft gouf, fir d'Lëtzebuergescht ze promouvéieren.

G61m: Blabla. Ech kann der soen, dat ass blabla. Ech kann der och soen, wéi blabla déi Abiergerungscoursë sinn. 't ass eng politesch Decisioun vu 6 Stonnen op 24 Stonnen. Mir, déi déi d'Coursë ginn, déi vun Ufank un derbäi sinn, sinn ni gefrot ginn. [...]

I: Du sees, ech fäerten, datt Sprooch verluer geet. Elo reagéiert d'Regierung, wahrscheinlech ënnert arenem op déi Petitioun, mat deem Strategiëpabeier. Firwat ass dat -

G61m: Majo well d'Regierung reagéiert fir d'Nationalitéit ze vereinfachen - oder ze komplizéieren, ech weess et net. Dat ass fir d'Leit schäissen ze doen. 24 Stonnen. Vu 6 op 24. Wat ass domadden decidéiert? [...]

I: Jo, ech mengen, mir schwätze laanschteneen. Ech mengen di ...

G61m: Di 40 Strategiëpunkten, dat ass: Pabeier ass gedëlleg. Ech hu se net gelies. Dat bedeit dräimol näischt.

I: Mee och datt et elo e Kommissär gëtt, en Zentrum fir Lëtzebuergesch, elo gëtt et en nationalen Dag fir d'Lëtzebuerger Sprooch a sou weider. Ass domat der Sprooch gehollef? Brauch d'Sprooch dat?

G61m: Nee. Nationalen Dag vun der Lëtzebuegrer Sprooch. Muss de dach selwer laachen, wann s de sou eppes héiers.

I: Wat wier da gutt? Wat kann een da maachen, datt se net verluer geet, d'Sprooch?

G61m: Ech hunn d'Léisug net.

I: Wéi ka se opgewäert ginn? Oder wou giffs du der et wënschen?

G61m: Wënschen? Dat ass awer, datt d'Critèrë fir Lëtzebuerger ze ginn, dass déi awer bësse méi sérieux wären. Am Moment fannen ech se wierklech net ganz sérieux. 't ass, also ech weess net, ob dat gutt oder schlecht ass, ech wëll lo net déi philosophesch Fro do agoen: Wat heescht et, Lëtzebuerger ze sinn?

I: A wann s de kucks, wou ass d'Lëtzebuergescht präsent an der Gesellschaft?

G61m: Heibannen net. Zum Beispill. Obwuel heibanne jo en Traditiounsunternehmen ass. 't ass wierklech eng Traditiounsentreprise. Wat jo och normal ass. Also, normal. Wat ech verstoe kann. Ob et normal ass, weess ech net. Mee 't ass eng Fro vun offre et la demande, Angebot und Nachfrage. Ech fannen et e bësse schued, dass wierklech déi al Lëtzebuerger, dass déi e bëssen op der verluerener Säit sinn. An de Spideeler fannen ech et wierklech, also géing ech Wäert drop leeën, dass d'Personal, oh, 't ass e Critère um Pabeier, dass se musse Lëtzebuergesch kënnen. Ech menge grad an de Spideeler, wann s de am Alter bass, dass de dech awer iergendwéi solls an dengem Element fillen. Wann s de awer an engem Pflegeheim bass oder an engem Spidol oder ech weess net wat nach, an du hues Leit ronderëm der, di bestëmmt, also 't ass kee Jugement iwwer d'Leit, ech schwätze just iwwer d'Sprooch. Ech mengen, 't ass berechtegt, d'Verlaange vu betraffene Leit ass, dass se an engem Environnement sinn, deen hirer Kultur, hirer Vergaangenheet entsprécht. Ech ka mer virstellen, dass se sech méi wuelfillen, wa se kënne Lëtzebuergesch schwätzen, wéi wa se Franséisch musse schwätzen.

I: Jo, a wou d'Fro sech stellt, du sees, di eeler Generatiounen, ob dat just fir déi gëllt.

G61m: Jo. E Wiederopliewe vun der Lëtzebuerger Literatur, vun der Lëtzebuerger Kultur, ech fannen dat jo flott. Ech fannen dat och wichteg. Ëmgedréint: 't war nach ni esou einfach, Lëtzebuerger ze ginn. An dat ass e bëssen... Wi gesot, ech verstinn, dass vill Leit wëllen eng politesch Ofsécherung hunn, mee ech mengen, dass et domadder net duergeet.

I: Wéi giffs de dann d'Lëtzebuerger Gesellschaft definéieren, sou wéi se sech aktuell zesummesetzt?

G61m: Also ech gesinn - ... D'Gesellschaft - ... Ech sinn elo vun der Autobunn komm, ech war elo eng Eiwegkeet net méi hei eraus, ech hu bal näischt méi erëmerkannt. [...] Lëtzebuerg-Stad ass iergendwéi anescht nach wéi de Süden. [...]

I: An déi kosmopolit Gesellschaft, jo dann och eng méisproocheg Gesellschaft, ass dat eng Beräicherung oder eng Belaaschtung?

G61m: Ma eng Beräicherung.

I: Ass et eng Gefor op laang Dauer?

G61m: Jo.

I: Jo? A wat fir engem Sënn?

G61m: 't ass eng Gefor fir Lëtzebuerg. Also déi, ech soe lo mol: déi auslännesch Kultur, déi friem Kultur, wann déi net parallel zur lëtzebuergescher wiisst. Dat géing ech schued fannen. 't ass eng immens Chance, wann s de an zwou Kulturen opwiiss, sou wéi a mengem Fall, 't ass wierklech eng immens Chance. An dat soen ech och ëmmer a mengen Abiergerungscoursen, ech soen: alleguer, déi mer hei sinn, 't ass eng immens Chance, déi mer hunn, dofir soll een dat voll ausnotzen. Ausnotzen am Sënn, dass een déi zwou kenneléiert. [...]

I: Sinn d'Lëtzebuerger dann am Verglach dozou zou?

G61m: Nee. D'Lëtzebuerger sinn op. Ech kenne keng méi opgeschlosse Gesellschaft, ech soen Gesellschaft, politesch Gesellschaft Lëtzebuerg, dat heescht net, dass all Lëtzebuerger opgeschloss ass. Mee du mierks awer ëmmer méi den Trend back to nature. Wann s de kucks de leschte Referendum, datt 80% géint en Auslännerwalrecht sinn. Wat ech absolutt normal fannen. Ech selwer si géint d'Auslännerwalrecht. Also bei de Legislativen. Well wann dat och nach ass, wou bleift dann nach

iergendwéi d'Souveränitéit vun engem Staat? A wann ech wiele wëll bei de Legislativen, 't gëtt jo kee Land, wou et sou einfach ass, Lëtzebuerger ze ginn. [...]

I: Ech hunn nach eng lescht Saach, eng Ausso. Wat häls de vun dëser Ausso: E Chines oder e Russ [...] Ouni Englesch, Däitsch oder Franséisch kann een net zu Lëtzebuerg iwwerliewen, ouni Lëtzebuergesch schonn.

G61m: Also dat kann ech mer net virstellen. Ech halen näischt vun där Ausso. [...] D'Beispill ass och schlecht gewielt, well 't gëtt keng méi eng diskret Communautéit wéi d'Chinesen. [...] Dach, du kanns och ouni Franséisch, ouni Däitsch, ouni Englesch zu Lëtzebuerg iwwerliewen. Ech kenne kee méi een opgeschlossent Land. Ech soe Land, mee ech schwätzen och vun de Leit. [...]

I: Ok. Ech iwwerfléien nach eemol meng Froen.

G61m: Fro nach, fro nach. 't ass och fir mech eng Opaarbechtung vu mengen ...

I: Ech sinn esouwäit duerch. Ech soe villmools Merci.

P58m

I: Wat fir Sproochen hutt Dir an Ärer Kandheet doheem mat Ären Eltere geschwat?

P58m: Flammännesch. [...]

I: Dir sidd awer zu Lëtzebuerg gebuer?

P58m: Ech sinn hei gebuer an ech sinn och hei an d'Schoul gaangen. [...] Am Fong hunn ech Lëtzebuergesch an der Spillschoul geléiert. [...] A fir Chrëschtdag hunn ech geschwat. Mee natierlech, dat war zu Hollerech, an do ware mer zu zwee Net-Lëtzebuerger. [...]

I: An an der Schoul? Wat fir Sproochen hutt der do geschwat a geléiert?

P58m: Jo, dee klassesche Curriculum. An der Primärschoul Däitsch a Franséisch. An op 6^{e} Englesch.

I: A mat de Kollegen am Schoulhaff?

P58m: Ëmmer Lëtzebuergesch. [...]

I: A wéi hutt Der d'Sproocheléieren an der Schoul empfonnt?

P58m: [...] Ech mengen, heiansdo ass e bëssen auswenneg léiere guer net schlecht. Vokabele knuppen. [...] Wat ech awer fonnt hunn, souwuel Däitsch wéi Franséisch am Secondaire war ze vill akademesch. [...] Mee soss, de Fong ass natierlech gutt, dee mer hei hunn. Ech fannen och net, dass mer net ze vill dorunner solle wackele goen. Well de Moment ass e bëssen den Trend, all Minister mécht eppes anescht an da gëtt nees alles ëmgekrempelt.

I: Dat heescht, Dir fannt de Sproochesystem an der Schoul scho gutt? Fannt Der scho gutt, datt mer sou vill Sprooche schlussendlech léieren?

P58m: Jo. Dat ass absolutt en Atout. [...] Bon, ech géing et schued fannen, wa Franséisch lo op eemol géing e bëssen an den Abseits kommen. Well dat ass awer eisen Atout. [...] 't ass bal ëmmer de Lëtzebuerger, dee kuckt, datt de Fransous an den Däitsche kënne matenee schwätzen. [...]

I: Wat schwätzt Dir dann aktuell doheem?

P58m: Lëtzebuergesch. Just Lëtzebuergesch. [...] Ech hunn e bësse Schwieregkeete mat där Mammesproochsgeschicht. Also Lëtzebuergesch ass awer meng Wuerzelsprooch, ech si verwuerzelt am Lëtzebuergeschen. [...]

I: Wéi gesitt Der dnn d'Roll vun der Lëtzebuerger Sprooch an der Schoul?

P58m: Also ech hu gewësse Sympathie fir déi ganz Debatt do mat der Identitéit mam Lëtzebuergeschen. Quitte datt se lo rekuperéiert gëtt vu sou rietsextreme Mouvementer, déi dat dann e bësse verhonzen, di ganz Debatt. Mee also ech fannen et scho gutt, datt wa mir hei wëllen eis Eegestännegkeet behalen, datt mer di Sprooch behalen, well 't ass jo awer eis Identitéit, wéi ee sou schéi seet. [...] Also mir sollen eis scho bewosst sinn, datt een op Lëtzebuergesch net onbedingt alles ka man, zumools an technesche Beräicher. Dann ass et jo awer scho gutt, dat Däitscht oder Franséischt kënnen ze benotzen. Mee sou fir den Alldag, fir e Kaffi ze bestellen, fannen ech et scho gutt.

I: Wann Dir elo un Ären Alldag denkt: Wou benotzt Dir iwwerall Lëtzebuergesch a wou benotzt Dir et net? Vläicht och konsequent net?

P58m: Jo, am Frëndeskrees, also doheem natierlech, mat der Famill. Am Bekanntekrees, Frëndeskrees schwätzt all Mënsch Lëtzebuergesch. Wann ech elo drun denken, wou ech et net benotzen, ass ganz kloer am Service-Beräich, wi elo hei, fir e Kaffi ze bestellen. Et mierkt een, datt déi Leit, och wa se a Lëtzebuergeschcoursë waren, si sinn net à l'aise, si ginn ni à l'aise mat deem Lëtzebuergeschen. Mee ech hunn awer och kee Problem, dee Kaffi dann op Franséisch ze bestellen. Oder och am Cactus. De Mueren nach sot d'Caissière [...] Also si hat sech jo Méi ginn, mee et mierkt een.. Also et soll ee se luewen, se ënnerstëtzen, mee ech fannen dat elo net essentiel. Also et ass elo net, well op eemol all Mënsch am Cactus Lëtzebuergesch schwätzt oder am Auchan, datt dofir elo eis national Identitéit soll

gestäerkt ginn. Ech war gëschter Owend op enger Konferenz an der Spuerkeess. Déi war op Lëtzebuergesch. Si organiséieren se jo da bewosst eng Kéier op Lëtzebuergesch, eng Kéier op Franséisch. [...]

I: An allgemeng: Wou spillt d'Lëtzebuerger Sprooch eng wichteg Roll an der Gesellschaft?

P58m: Jo, ech géing soen am Veräinsliewen. [...]

I: Wär dat dann net méi einfach, wa mer ee Land - eng Sprooch hunn?

P58m: Oh, dat wär schappeg.

I: Firwat?

P58m: Ech kennen e puer sou Länner. England, USA. [...] Déi soen, dat ass eisen Handicap. [...] Ech fanne schonn, datt d'Sprooch en Deel ass vun enger nationaler Identitéit, mee ech mengen net, datt Eesproochegkeet, éischter de Konträr. Ech fannen, wat ee méi Sprooche kann, wat ee besser drun ass, egal ob een elo Camionschauffeur ass oder medezineschen Dokter.

I: Wéi gifft Der dann d'Lëtzebuerger Gesellschaft definéieren? An deem Zesummenhang?

P58m: Net anescht wéi déi Gesellschaften, déi ech an anere Länner gesinn hunn. [...] Mir hunn natierlech en immense Wuelstand. [...] Dat ass vläicht déi eenzeg lëtzebuergesch Specificitéit, datt déi Leit, déi net erauskommen, net wëssen, wéi gutt se et hei hunn. [...]

I: Mir hu jo hei vill Nationalitéiten a vill Sproochen. Denkt Dir, datt dee Wuelstand, datt deen dat am Equiliber hält? Oder kéint dat Méisproochegt an dat Multikulturellt och gutt funktionéieren ouni de Wuelstand?

P58m: Do hunn ech nach ni sou driwwer nogeduecht. Wat ech denken, datt dat hei nach ëmmer gutt geklappt huet, well all Mënsch sech konnt eropschaffen. [...] D'Kanner integréiere sech séier iwwer d'Sproochen.

I: Ass Lëtzebuergesch da kloer en Integratiounsfacteur?

P58m: Jo, et muss jo eng gemeinsam Sprooch do sinn. [...] Ech fannen awer och den Dokter, dee jo da Bac+8 huet, dee kéint och ee klengen Effort maachen a Lëtzebuergesch léieren. [...]

I: Wëllen d'Auslänner sech dann integréieren? A wa jo: wéi kënne se dat man?

P58m: Da misst ee Statistike kucken. Mee ech mengen, datt de Gros scho gewëllt ass. [...] D'Caissière am Cactus, déi hu jo awer all d'Méiglechkeet, Lëtzebuergesch ze léieren. Ech denken, datt déi scho gewëllt sinn. [...]

I: Ass dann allgemeng déi Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg ass dat schwiereg? Bréngt dat Problemer mat sech?

P58m: Et verlaangt ganz kloer en Effort. Fir méi Sproochen ze kënnen, muss ee gewëllt sinn. [...] Also e puer Prozent vun de Kanner si bestëmmt iwwerfuerdert mat der Méisproochegkeet. Ech denken z.B. u Kanner mat enger Dyslexie. [...]

I: Denkt Dir dann, datt mir den Auslänner entgéintkommen, en hëllefen, oder datt mer en et schwéier maachen, fir Lëtzebuergesch ze léieren?

P58m: Nee, also ech géing soen, d'Majoritéit wier den Auslänner awer gutt gesënnt. [...] Also 9 vun 10, wann d'Vendeuse beim Bäcker Franséisch schwätzt, äntwere mir jo op Franséisch. Dat nennen ech Entgéintkommen. Wobei mir heiansdo vläicht ebëssen ze vill entgéintkommen. Soubal mer héieren, datt deen aneren eppes anescht schwätzt, da probéiere mer, a senger Sprooch ze äntweren. Mee dat ass jo och net einfach.

I: Wéi maacht Dir et dann?

P58m: Also ech passe méi drop op a leschter Zäit, fir jo awer hinnen eng Chance ze ginn, fir op Lëtzebuergesch weiderzefueren. [...] Fir eben de Leit eng Chance ze ginn, Lëtzebuergesch ze léieren. [...]

I: Wéi gesitt Dir dann d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Sprooch? [*Commenatirë gelies*] Sidd Dir domat averstan? Oder wéi gesitt Dir d'Zukunft?

P58m: Also mat där éischter Ausso sinn ech averstanen, datt Lëtzebuergesch ouni dat anert derbäi, datt dat net geet. [...] Dat ass scho wouer, datt een eng aner Sprooch brauch, fir z'iwwerliewen hei am Land. Mee dat eent schléisst dat anert net aus. [...]

I: An d'Lëtzebuergescht? Verschwënnt dat?

P58m: Nee. Dat bleift och hei sou en Idiom, deen hei an dëser Géigend praktizéiert gëtt vun deenen, déi hei ansässeg sinn. [...]

I: Denkt Der, datt et sech an den Domainer ausweit?

P58m: Also ech mengen, 't bleift ëmmer eng langue véhiculaire. Dat gesäit ee jo elo, well 't gesäit een am Fong dass Lëtzebuergesch jo elo, [...] wann ech an der Zäit engem Kolleg eng Postkaart geschriwwen hunn aus der Vakanz, dann hunn ech op Däitsch geschriwwen. Haut schreiwen ech scho mol op Lëtzebuergesch. Dat ass et fréier net ginn. [...] 't sinn am Fong déi sozial Medien, [...] Ech mengen, wat mer méi de *global village* ginn, wat de Planéit méi e klenge Planéit gëtt, wat och dee Besoin do ass, fir e lokalen Idiom, mat deem mir ons hei lokal identifizéieren, och wäert bleiwen.

[...]

I: A wann Dir iech un eng Administratioun wennt? Wéi schreift Dir do?

P58m: Franséisch. Also fir lo d'Lëtzebuerger Verwaltungen. Well Franséisch nach ëmmer meng schnell Sprooch ass. [...] Ech hunn dräimol d'Carrière gewiesselt. Ech sinn eigentlech Informatiker. [...]

I: Gutt. Ech iwwerfléien nach eng Kéier meng Notizen. Just nach eng lescht Fro: Wat ass dann Är Motivatioun, fir den ZLSK ze maachen?

P58m: [...][Fir eng Beschäftegung an der Pensioun ze hunn.]

I: Majo. Da soen ech villmools Merci.